

Lëtzebuergesch ...Ei wéi flott !

Ma sécher ! Ech hunn dat gär !



«D' Sprooch ass d'Kleedung vun de Gedanken »

Samuel Johnson, engl. Schrëftsteller

« D'Sprooch ass d'Quell vun alle Mëssverständnesser »

Antoine se St-Exupéry, fr Schrëftsteller

**« D'Sprooch ass nom Këssen dat erreegendst
Kommunikatiounsmëttel, dat d'Mënschheet entwéckelt huet »,**

onbekannt

« Eng frëndlech Zong ass e Magnéit fir d'Häerz vun Mënsch. »

Bahá'u'lláh



Pädagogesch - didaktescht Handbuch fir de Lëtzebuergeschenseignant an de Student



<i>I. Aféierung</i>	<i>10</i>
<i>II. Wuertschaz</i>	<i>30</i>
<i>III. Verben</i>	<i>112</i>
<i>IV. Grammatik</i>	<i>134</i>
<i>V. Phonetik</i>	<i>162</i>
<i>VI. Biller beschreiwen – Mëndlechen a schrëftlechen Ausdrock</i>	<i>183</i>
<i>VII. Literatur</i>	<i>186</i>
<i>VIII. Lidder - Sangen ass flott</i>	<i>215</i>
<i>IX. Visiten a Muséeën, Theateren, Bibliothéiken a Fester</i>	<i>261</i>
<i>X. Exercicer</i>	<i>264</i>
<i>XI. Geschirkëscht</i>	<i>270</i>
<i>XII. Glossar</i>	<i>271</i>
<i>XIII. Quellenangaben</i>	<i>274</i>

Bonusmaterial: Ech kann ...Ech si kapabel ... I am able to1-14



Zesumme liewen ass méiglech!

I. Aféierung	10
A. De Gemeinsamen europäesche Referenzkader fir Sproochen	11
B. Referenzen aus der Friemsproochendidaktik	15
1. Theorien zum Zweetsproocherwerb	15
2. Grondlage vun engem professionnelle Friemsproochenunterricht	16
3. Wuertschaz- Vocabulaire- aarbecht: aktiv, individuell an interaktiv	17
4. Neie Vocabulaire aféieren	18
5. Aussproochschoulung	19
6. Korrektiv Phonetik	19
7. Rezeptiv: E Rezept fir de Grammatikunterricht?	20
C. Dem Schülere Wëssen iwwer d'Léiere vermëttelen.	20
1. Léierstrategien: Pläng (vu mentalem) Handeln	20
2. Mussen d'Schüler d'Léiere léieren?	22
3. Üben an Übungsformen	23
D. Lëtzebuergesch um Internet an an de Medien	25
E. Klasseregelen am Lëtzebuergeschcours	26
F. Äisbriecher - Spiller	26
II. Wuertschaz	30
A. Den Enseignant stellt sech vir	30
B. ABC	32
C. De Contraire – Wat passt ?	42
D. Themen aus dem Alldag	45
1. E schéine Gebuertsdag	45
2. Wéi gëtt d' Wieder muer?	46
3. Wat sinn är Fäegkeeten, är Kompetenzen ? Wat kënnst dir maachen ?	49
4. D'Liewe vun enger Koppel, mat e puer Méiglechkeeten	51
5. Mäi Beruff – Meng Aktivitéit	52
6. D'Faarwen	54
7. D'Auer an d'Zäit	55
8. D'Kardinalzuelen	57
9. D'Uerdnungszuelen	58
10. D'Zauberzuel 1089	59
11. D'Deeg vun der Woch	60
12. 1 Dag, 24 Stonnen a keng Zäit fir Lëtzebuergesch ze schwätzen ?	61
13. D'Kleeder	62
14. Wat ass dat ? Dat ass ...	63
15. Liewensdevisen	64
E. Wat ass weiblech / féminin?	65
1. Exercice: meng/deng	66
2. Eng ... - Am Kllassesall	67
3. Eng ... - Am Duerf	68
F. Kleng Wierder	69
G. Reklammen	71
H. Annoncen	72
1. Loscht méi ze verdéngen?	72
2. Eng Doudesannonce	73
I. Evaluatioun, Ech kann, ...	74
J. Liesverständnes a Schreiwen	75


K. Froen	80
1. Wéini ?	80
2. Firwat ?	81
3. Wat ?	82
4. Wou ? Vu wou.. ?	83
5. Wien ?	84
6. Wiem ... ?	85
7. Wéivill = Wivill ?	86
8. Wéi... ?	87
9. Wéini ... ? – Wann ...	88
10. Wéini ass d'Mme X frou?	89
11. Wat hu mir gemeinsam ?	90
12. Schwéier Froen ?	91
13. Flott an ongewinnt Froen	93
L. Wéi ... – Wann ... (awer keng Fro)	94
M. Fester, Traditiounen a Vakanzten zu Lëtzebuerg	95
N. News, Fakten an Hannergrënn	97
O. Weltproblemer an aner Saachen	100
P. Eis Welt – E puer Fakten – E puer Zuelen	101
Q. Wat mir ewechginn: 1998, a Milliarden Dollar	102
R. Schéin Dreem – Schéi Wënsch !	103
S. Grondregele fir den Ëmgang mat eelere Mënschen am Fleegeheim	105
T. D'Iwwerliewensspill	106
U. Ech appreciëieren – Ech schätzen – Ech hu gär	108
V. Gefiller:	109
W. E Gebiet: De „Vater unser“	110
III. Verben	112
A. Regelméisseg Verben	112
B. Verbe mam Prefix: be-, ent-, ëm-, em-, er-, ge-, ver-, zer-, trenne sech net.	113
C. Trennbar Verben (Verbe mat engem Präfix)	113
D. maachen - gemaach	116
E. brauchen - gebraucht	117
F. Modalverben	118
G. Verben, déi een am Franséischen an och am Englesche fënnt	119
H. Verben, déi een am Engleschen an am Däitsche fënnt	120
I. kennen – kënnen – kommen	121
J. ginn	122
K. goen	123
L. ➔ Verben, déi en Déplacement hunn, also gi se mat “sinn” conjugéiert	124
M. Reflexiv Verben am Franséischen a Lëtzebuergesch	126
N. D'Vergaangenheet vun de Verben	127
O. Ech ginn an de Lëtzebuergeschcours	128

P.	Wie mécht wat doheem ?	130
IV.	Grammatik	134
A.	Wat ass Grammatik ?	134
B.	Pronomen : Ech – Du - [Hien – Hatt – Si – Et] Mir – Dir - Si	135
C.	Den Artikel	135
D.	D’Cristina ass net hei. Den Mike ass och net do.	135
E.	Regelméisseg Verben « wunnen, drénken »	135
F.	D’Hëllefverben « sinn an hunn »	135
G.	Froen	136
H.	Neen an net	136
I.	An Amerika, zu New York	136
J.	Onregelméisseg Verben fueren, kommen an iessen	136
K.	N-Regel	136
L.	Vu wou kommt Dir?	137
M.	Äre Beruff	137
N.	Männlech, weiblech	137
O.	Onregelméisseg Verben goen - maachen	137
P.	Zwee Verben an engem Saz	137
Q.	Wéivill? Wéini?	137
R.	An Italien, op Roum ➔	137
S.	Fir Iech, fir dech	138
T.	Onregelméisseg Verben « kafen – kréien »	138
U.	De Plural	138
V.	Keen (männlech, neutral) – Keng (weiblech, plural)	139
W.	Op – Bei – An - No + Dativ ☺	139
X.	Vergläichen	139
Y.	Trennbar Verben – ufänken, erakommen, opstoen	140
Z.	Verben – sech wäschen	140
AA.	Reflexiv Verben - sech freeën	141
BB.	Op – Bei – An + Akkusativ ☺	141
CC.	D’Zäitwierder + Inversioun	142
DD.	Wiesselpräpositiounen	143
EE.	Trennbar Verben – undoen ≠ ausdoen	143
FF.	D’Adjektiv	143
GG.	De Possessiv	144
HH.	Preferenzen – gär – léiwer – am léifsten	144
II.	Eppes, näischt + Adjektiv	144

JJ.	Modalverben: kënnen – mussen – sollen - däerfen	144
KK.	De Futur	145
LL.	Mat + Dativ	145
MM.	Fir ze + Verb	145
NN.	De Possessiv vun der 3. (drëtter) Persoun & Datif	146
OO.	Vun + Dativ	146
PP.	Den Imparfait vun de Verben: sinn, hunn	146
QQ.	De Passé composé	147
RR.	E Wee beschreiwen	147
SS.	De Passé Composé mat „hunn“	147
TT.	De Passé Composé mat „sinn“	148
UU.	Den Imparfait vun 13 Verben	148
VV.	An der Vergaangenheet erzielen	148
WW.	Niewesätz: de Relativsaz	149
XX.	De Relativpronomen	149
YY.	Ëmschreiwen	149
ZZ.	Niewesätz: well	149
AAA.	Lokalisatioun	150
BBB.	Den Imperativ	150
CCC.	Den Imperativ: Ausnamen	150
DDD.	De Conditionnel	151
EEE.	Verbe mat engem eegene Conditionnel	152
FFF.	Niewesätz: dass, wéini, ob	152
GGG.	Niewesätz: Den Zäitsaz mat wann	152
HHH.	Mussen – net däerfen	152
III.	Et + Verb + een – Verb + een ?	153
JJJ.	Sazkonstruktiounen	153
KKK.	Präpositiounen mam Akkusativ	154
LLL.	De Superlativ	154
MMM.	Niewesätz: dofir – soss	155
NNN.	De betounten Artikel	155
OOO.	D’Personalpronomen am Dativ	155
PPP.	Präpositiounen mam Dativ: mat,aus,vun,no,wéinst,zënter,virun	156
QQQ.	Verbe mat Dativ, engem vertrauen, ...	156
RRR.	Den Adjektiv	156
SSS.	De Possessivpronomen	157
TTT.	Wéi, ..., dunn – Wann, ... dann	157

UUU. De Passiv	157
VVV. Passiv + Modalverben	158
WWW. Den Konditiounssaz	158
XXX. De Conditionnel Passé	158
YYY. Modalverben	158
ZZZ. De Konditiounssaz am Passé	159
AAAA. D'Indirekt Ried	159
BBBB. Froen	159
CCCC. Den Diminutiv	160
V. <i>Phonetik</i>	162
A. <i>vergläichen</i>	162
1. éi [əi] & ei [ɑi]	163
2. e [æ] / e [e:] / é [e] / ë [ø]	164
3. ou [ou] / o [o]	165
4. ue [uə] / ie [iə]	166
5. äi [æːi]	167
6. ch / [əç] –eg [əç] / sch [ʃ]	168
7. au [ɑʊ]	169
8. -ng [ŋ] / nk [ŋk] / mm [m]	170
9. s [z] / z [ts]	171
10. h [h]	172
11. K [k]	173
12. D'Phonetik am DaLass	174
B. <i>W.e.g. net verwiesselen!</i>	176
C. <i>Zongebriecher</i>	182
VI. <i>Biller beschreiwen – Mëndlechen a schréftlechen Ausdrock</i>	183
VII. <i>Literatur</i>	186
A. <i>Texter, Spréchwierder</i>	186
1. Roger Manderscheid, En Tour op d'Musel	186
2. Roger Manderscheid, Vakanz	187
3. Verluer	188
4. Eng schrecklech Migraine	189
5. Déi golde Regel	190
6. Discours de Noël de S.A.R. le Grand-Duc 12. 2006	191
7. Discours de Noel de S.A.R. le Grand-Duc 12.07	193
8. Wat d'Kanner an der Schoul alles schreiwen.	195
9. Huel der Zäit, eng persesch Wäisheet	197
10. Spréchwierder	199
B. <i>Witzer, Humor, droleg Geschichten</i>	203
VIII. <i>Lidder - Sangen ass flott</i>	215
A. <i>Wat d'Musik alles bewierkt</i>	215
B. <i>CD-Lëscht vu lëtzebuerger Musik</i>	216
1. Made in Luxembourg Artist: Gentle MC's	217
2. Firwat? Artist: Gentle MC's	218
3. Walert	219
4. D'Joffer M.	220
5. Hopp-hopp, Kënnercher	221
6. Leschte Gesank	222

7.	Faarweblann	223
8.	Mir sinn um Härebiereg	224
9.	Johnny & Mary	225
10.	Hey Du	226
11.	Weila Weiler-La-Tour	227
12.	Dacks huet de Nikei eng gestiicht	228
13.	An de Siwwenten Himmel	229
14.	Ouni Su	230
15.	Léidikiller	231
16.	Bei mir ass et schéin	232
17.	Schwaarze Kaffi	233
18.	Meng Hunnegbei	234
19.	Äddi Freddi	235
20.	Wa mir mol al sinn	236
21.	Mamma Danz Mambo	237
22.	Ka mech einfach net entscheeden	238
23.	Do uewen op der Kopp	239
24.	Et ass Vakanz	240
25.	Op der Plage	241
26.	Et ass ze deier op der Playa	242
27.	Feier am Stréi	243
28.	He Hejo	244
29.	Am Mo	245
30.	Natasha	246
31.	Ech verlaangeren – Noémie	247
32.	Haut an der Nuecht	248
33.	Sidd frou	249
34.	Lues schneit et an et ass Chrëschttag	250
35.	Ons Heemecht – Nationalhymm	251
36.	Léi- wen Klee-schen, gu-dde Klee-schen	255
37.	E klengt Chrëschtlied	256
38.	Den Kueb an den Fuuss – eng al franséish Weis	257
39.	Schlof, Kéindchen schlof – Volléksweis	258
40.	D’Margréitchen	259
41.	Am Uewen potert d’Feier – Nikloslied –	260
IX.	<i>Visiten a Muséeën, Theateren, Bibliothéiken a Fester</i>	261
X.	<i>Exercicer</i>	264
A.	Lëtzebuergesch am Alldag - Verben	264
B.	Direktiounen	265
C.	Wann dir	266
D.	Eng universal Vakanzepostkaartemaschinn	267
E.	Eng Neiegkeet : D’Regierung freet elo TVA op Wieder.	268
XI.	<i>Geschirkëscht</i>	270
XII.	<i>Glossar</i>	271
XIII.	<i>Quellenangaben</i>	274



Bei enger Méckefamill doheem. Seet d’Kand zur Mamma.
„Mamma duerf ech muer op de Concert goen? Jo, mee pass awer op wann d’Leit klappen.“

Den Detektiv aus dem Supermarché: “Firwat hutt Dir d’Saachen dann geholl ouni ze bezuelen?” ...dorops d’Fra: “Do stoung dach drop : Kee Kaafzwang!”



Zwou Frëndinnen ënnerhale sech (schwätze mateneen). F1: „Sief elo éierlech. Wat ass eigentlech tëschent dir a mengem Frënd?“ F2: „Eigentlech just du!“

„Ech sinn elo mengem Chef seng riets (rechts) Hand! Dann hues du bestëmmt vill ze dinn ? Neen, eigentlech net, hien ass Gottseidank Lénkshänner!“



virdrun

duerno



“Ech hat mir virgeholl am neie Joer Regime ze maachen, hunn awer du geduecht ... ech wëll net vun Honger stierwen, just fir e puer Joer méi laang ze liewen !”

I. Aféierung

„Et muss ee mat deene Meedercher danzen, déi um Bal sinn“

Net onbedéngt! Wéi ech virun e puer Joer ugefaangen hu Lëtzebuergeschcoursen ze ginn, war de Choix vum Material net besonnesch grouss. Ech hat d'Chance an de leschte Joren, u munch Formatioune matzemaachen an esou Iddie fir e bessere Cours ze sammelen. Et ass schéin ze gesinn, dass elo ëmmer méi interessant Material um Marché ass, fir kënne Lëtzebuergeschcoursen ze ginn.

Hoffentlech ginn dës Säiten dem Enseignant e puer Unhaltspunkten, fir e flotte Cours ze halen, an dat mat Schüler, déi dacks e ganzen Dag geschafft hunn, an déi dann e bësse Spaass a Freed wëllen hunn, an zu gläich eppes wëlle léieren.

Wichtig schéngt mir, de Schüler sou vill wéi méiglech an de Léierprozess mat anzebezéien, him Léierstrategien offréieren, an dat an enger flotter, lëschtger awer respektvoller Ambiance.

Sou e Cours steet jo net an engem Vakuum do. Wat mécht de Schüler virum Cours, nom Cours, wat si seng Interessen a wat si seng Kompetenzen. Wann een et fäerdegbréngt, e puer vun deenen Elementer an de Cours z'integréieren, kritt de Schüler och e richtegt Gefill, dass d'Sprooch him hëlleft, sech besser verständlech ze maachen. Nëmmen am Kontakt mat aneren, déi Lëtzebuergesch schwätzen, wäert de Schüler vun deene puer Stonnen am Cours profitéieren.

All Dag gétt et eppes neies z'entdecken. Virwëtzeg sinn ass entscheidend fir eng flott Kommunikatioun.

E grouse Merci all de Kolleginnen a Kollegen, déi gehollef hunn, d'Schreiffeeler gréisstendeels ze verbesseren a mech encouragéiert hunn, fir déi gemachten Aarbecht.

Vill Spaass beim Duerchbliederem!

jean-marie nau

Mann: Sot w.e.g. , sinn dës Blumme kënschtlech?

Fra: Natierlech.

Mann: Natierlech?

Fra: Neen, kënschtlech.

Mann: Jo, wat dann elo, sinn se kënschtlech oder natierlech?

Fra: Natierlech kënschtlech.



A. De Gemeinsamen europäesche Referenzkader fir Sproochen

Hei en Extrait vum Internetsite vum Erziehungsministère:

Élaboré par le Conseil de l'Europe, le Cadre est un ouvrage de référence pour permettre aux apprenants, aux enseignants, aux concepteurs de programmes et aux évaluateurs d'orienter leur démarche pour définir des objectifs d'enseignement, des paliers d'apprentissage ou élaborer des critères d'évaluation. En prenant appui sur le Cadre européen pour fixer ses socles de compétences et déterminer les programmes scolaires, l'école luxembourgeoise adhère à une démarche européenne qui a pour but de rendre transparent et comparable les niveaux de compétence en langues d'un pays à l'autre, d'une école à l'autre, d'une classe à l'autre, d'une année de promotion à l'autre.¹

Hei e puer Zitater aus dem Buch : Gemeinsamer europäischer Referenzrahmen für Sprachen : lernen, lehren, beurteilen, Niveau A1-A2-B1-B2-C1-C2, Langenscheidt, 2001. Um Internet:

<http://www.goethe.de/z/50/commeuro/deindex.htm>

Jiddereen, dee mat Sproochen ze dinn huet, soll encouragéiert ginn iwwer Froe wéi déi hei nozedenken:

- Wat maache mir eigentlech, wa mir matenee schwätzen (oder eis schreiwen)?
- Wat befäegt eis dozou, op dës Manéier ze handeln?
- Wéi vill dovou musse mir léieren, wa mir probéieren, eng nei Sprooch ze benotzen?
- Wéi setze mir eis Zieler a wéi stelle mir Léierprogrès fest um Wee vun totaler Onwëssenheet bis zur effektiver Sproochbeherrschung?
- Wéi leeft de Sproochléierprozess of?
- Wat kënne mir maachen, fir dass mir selwer an anerer Sprooche besser léiere kënnen?

Den Europarat huet sech zur Aufgab geemaach, d'Qualitéit vun der Kommunikatioun tëschent Europäer mat ënnerschiddlechem sproochlechen a kulturellem Hannergrond ze verbessern.

Kommunikatioun hëlt de Mënsch als Ganzt an Usprooch.

Et solle Sproochléiersystemer ausgeschafft an ugewannt ginn déi ... sënnvoll a realistesch Léierzieler formuléieren an déi méiglechst genau beschriwwe ginn.

De Usaz vum Referenzkader: Allgemeng Kompetenzen

D'Kenntniss vu gemeinsame Wäerter an Iwwerzeegungen, déi gesellschaftlech Gruppen an anere Länner oder Regiounen hunn – wéi z.B. reliéis Iwwerzeegungen, Tabus, eng gemeinsam erliefte Geschicht asw.,- , sinn essentiel fir interkulturell Kommunikatioun. Déi verschidde Wëssensberäicher si vu Mënsch zu Mënsch ënnerschiddlech. Si kënnen zwar kulturspezifesch sinn, stinn awer trotzdem och mat universelle Parameteren a Konstanten a Vebindung.

¹ http://www.men.public.lu/priorites/enseignement_langues/cecr/index.html

Echelle globale d'un portfolio en langue

Détermination du niveau. <http://culture2.coe.int/portfolio>

UTILISATEUR EXPÉRIMENTÉ	C2	Peut comprendre sans effort pratiquement tout ce qu'il/elle lit ou entend. Peut restituer faits et arguments de diverses sources écrites et orales en les résumant de façon cohérente. Peut s'exprimer spontanément, très couramment et de façon précise et peut rendre distinctes de fines nuances de sens en rapport avec des sujets complexes.
UTILISATEUR EXPÉRIMENTÉ	C1	Peut comprendre une grande gamme de textes longs et exigeants, ainsi que saisir des significations implicites. Peut s'exprimer spontanément et couramment sans trop apparemment devoir chercher ses mots. Peut utiliser la langue de façon efficace et souple dans sa vie sociale, professionnelle ou académique. Peut s'exprimer sur des sujets complexes de façon claire et bien structurée et manifester son contrôle des outils d'organisation, d'articulation et de cohésion du discours.
UTILISATEUR INDÉPENDANT	B2	Peut comprendre le contenu essentiel de sujets concrets ou abstraits dans un texte complexe, y compris une discussion technique dans sa spécialité. Peut communiquer avec un degré de spontanéité et d'aisance tel qu'une conversation avec un locuteur natif ne comportant de tension ni pour l'un ni pour l'autre. Peut s'exprimer de façon claire et détaillée sur une grande gamme de sujets, émettre un avis sur un sujet d'actualité et exposer les avantages et les inconvénients de différentes possibilités.
UTILISATEUR INDÉPENDANT	B1	Peut comprendre les points essentiels quand un langage clair et standard est utilisé et s'il s'agit de choses familières dans le travail, à l'école, dans les loisirs, etc. Peut se débrouiller dans la plupart des situations rencontrées en voyage dans une région où la langue cible est parlée. Peut produire un discours simple et cohérent sur des sujets familiers et dans ses domaines d'intérêt. Peut raconter un événement, une expérience ou un rêve, décrire un espoir ou un but et exposer brièvement des raisons ou explications pour un projet ou une idée.
UTILISATEUR ÉLÉMENTAIRE	A2	Peut comprendre des phrases isolées et des expressions fréquemment utilisées en relation avec des domaines immédiats de priorité (par exemple, informations personnelles et familiales simples, achats, environnement proche, travail). Peut communiquer lors de tâches simples et habituelles ne demandant qu'un échange d'informations simple et direct sur des sujets familiers et habituels. Peut décrire avec des moyens simples sa formation, son environnement immédiat et évoquer des sujets qui correspondent à des besoins immédiats.
UTILISATEUR ÉLÉMENTAIRE	A1	Peut comprendre et utiliser des expressions familières et quotidiennes ainsi que des énoncés très simples qui visent à satisfaire des besoins concrets. Peut se présenter ou présenter quelqu'un et poser à une personne des questions la concernant - par exemple, sur son lieu d'habitation, ses relations, ce qui lui appartient, etc. - et peut répondre au même type de questions. Peut communiquer de façon simple si l'interlocuteur parle lentement et distinctement et se montre coopératif.

Global Scale

Proficient	C2	Can understand with ease virtually everything heard or read. Can summarise information from different spoken and written sources, reconstructing arguments and accounts in a coherent presentation. Can express him/herself spontaneously, very fluently and precisely, differentiating finer shades of meaning even in more complex situations.
User	C1	Can understand a wide range of demanding, longer texts, and recognise implicit meaning. Can express him/herself fluently and spontaneously without much obvious searching for expressions. Can use language flexibly and effectively for social, academic and professional purposes. Can produce clear, well-structured, detailed text on complex subjects, showing controlled use of organisational patterns, connectors and cohesive devices.
Independent	B2	Can understand the main ideas of complex text on both concrete and abstract topics, including technical discussions in his/her field of specialisation. Can interact with a degree of fluency and spontaneity that makes regular interaction with native speakers quite possible without strain for either party. Can produce clear, detailed text on a wide range of subjects and explain a viewpoint on a topical issue giving the advantages and disadvantages of various options.
User	B1	Can understand the main points of clear standard input on familiar matters regularly encountered in work, school, leisure, etc. Can deal with most situations likely to arise whilst travelling in an area where the language is spoken. Can produce simple connected text on topics which are familiar or of personal interest. Can describe experiences and events, dreams, hopes & ambitions and briefly give reasons and explanations for opinions and plans.
Basic	A2	Can understand sentences and frequently used expressions related to areas of most immediate relevance (e.g. very basic personal and family information, shopping, local geography, employment). Can communicate in simple and routine tasks requiring a simple and direct exchange of information on familiar and routine matters. Can describe in simple terms aspects of his/her background, immediate environment and matters in areas of immediate need.
User	A1	Can understand and use familiar everyday expressions and very basic phrases aimed at the satisfaction of needs of a concrete type. Can introduce him/herself and others and can ask and answer questions about personal details such as where he/she lives, people he/she knows and things he/she has. Can interact in a simple way provided the other person talks slowly and clearly and is prepared to help.

De Gemeinsamen europäesche Referenzkader huet keng genau Léiertheorien an Unterechtsprinzipier definéiert. De GER seet just dat hei:²

- et solle bestëmmte Kompetenze geléiert ginn,
- et soll ee fäeg sinn, dës Kompetenze an d'Aktioun ëmzesetzen,
- et soll ee fäeg sinn, déi néideg Strategien ze hunn, fir d'Kompetenzen an d'Aktioun ëmzesetzen.

Et gött zur Zäit keen allgemenge Konsensus doriwwer wéi Schüler léieren, déi op Fuerschungresultater baséiert. Aus deem Grond, kann de Referenzkader sech net op eng bestëmmte Léiertheorie stützen.

...

Dacks ginn eklektesch Praktike benotzt. Et kann een eng Kombinatioun vu bewosstem Léieren a genuch Übunge benotzen.

...

Wann een de Referenzkader benotzt, soll ee wa méiglech uginn, mat wéi enge Suppositiounen een iwwert d'Sproocheléieren schafft a wéi eng methodesch Konsequenzen dat huet.³

² Gemeinsamer europäischer Referenzrahmen für Sprachen, Kapitel 6.1 Was genau müssen Lernende lernen oder erwerben ? Langenscheidt, S.133

³ ibid, Kapitel 6.2.2 S.138-139

B. Referenzen aus der Friemsproochendidaktik

Dës Zesummestellung vu Material fir de Lëtzebuergeschcours ass eng Hëllef fir déi, déi Lëtzebuergesch ënnerrichten a fir d'Schüler. Et ass d'Resultat vun enger Rei vu Joren Erfahrung mat Erwuessenen, déi d'Sprooch léieren. Fir d'éischt hunn ech dës Zesummestellung am Cours 2007-2008 benotzt, an dat fir all Niveau. Integréiert sinn hei och wichteg Punkten, déi d'Formatioun continu op der UNI Lëtzebuerg, Laf dëst Joer ugebueden huet. Op dëser Plaz schonn e grouse Merci fir de Professor Peter Gilles a seng Equipe fir d'Engagement an d'Kompetenz déi si gewisen hunn.

Et ass guer net sou einfach wëssenschaftlech ze beschreiwen, wéi een eng Sprooch léiert. Hei elo Iwwerleeungen dozou, déi en Deel vum Programm vun der Formation Laf waren. Ganz vill Artikele koumen aus dem Buch vum Udo O.H.Jung (Hrsg.) Praktische Handreichung für Fremdsprachenlehrer. Verlag Peter Lang, Frankfurt 2006. ISBN 3-631-54251-8 Hei e puer Punkten, déi mir besonnesch interessant a wichteg schéngen.

1. Theorien zum Zweetsproocherwerb

Huneke-Steinig

Neigebuere Kanner, jo souguer d'Föten am Mammelaif reagéiere mat grousser Opmierksamkeet op sproochlech Äusserungen. D'Intonationsmuster vun enger Sprooch schénge virgebuertlech verankert ze sinn.

D'zentral Froestellung vun der Zweetsproocherwerbsforschung ass: Wa sech d'L1 no festen, ugebuerene Gesetzmässegkeeten entwéckelt, firwat sollt et dann net och sou fir d'L2 sinn? An: Verleeft den (zäitlech versetzen) Erwerb vun enger zweeter Sprooch ähnlechen oder gläichen Entwécklungsgesetzer wéi den Erwerb vun der Éischtsprooch?

War Friemsproochenunterricht dowéinst so wéineg befriedegent, well sech ënnert de spezifesche Bedingungen d'Enseignant-Schüler-Interaktiounen einfach de biologesch ugeluechten Erwerbsmechanismen nëmme këmmerlech oder guer net entwéckle konnten?

Fir den Zweetsproocherwerbsfuercher Stephen Krashen (1981) geet et eenzeg an aleng drëm: Dass deen dee léiert en Input kritt, dee fir hie verständlech ass. Alles anescht wier onnëtz didaktesch „Liebesmüh“. Den natierlechen L2 Erwerb (acquisition of language) wier also dem schouleschen L2 Erwerb (language learning) qualitativ iwwerleeën. Déi eenzeg Chance fir de Friemsproochenunterricht bestéing doran, dat wat am Cours geschitt, den „natierlechen“ ausserschouleschen Erwerbsbedingungen so ähnlech wéi méiglech ze gestalten. En Enseignant misst drop oppassen, dass d'Schüler stänneg en L2 Input kréien, dee se kënne verstoen an deen Elementer huet, déi se nach net geléiert hunn, déi se awer aus dem Kontext erschlësse kënnen (Input-Hypothese). Ausserdeem wier et wichteg, dass deen dee léiert, net duerch Stress, Ängstlechkeet, Roserei, Langweil an Aversioun géint den Enseignant oder aner negativ Gefiller oder Astellungen en *affektive Filter* aktivéiert, dee verhënnert, dass den Input, deen ugebuede gëtt, méiglechst ongehënnert opgeholl an zum Intake ëmfunktionéiert ka ginn. Krashen huet zesumme mat Terrel, seng Hypothesen an d'Praxis am Cours ëmgesat an d'*Natural Approach* entwéckelt. D'Method fir een dee léiert, net – wéi am kommunikative Friemsproochenunterricht üblech – méiglechst fréi zum fräie Schwätzen ze bréngen, mee hien, virun allem am Ufängerstadium, engem verstéibare sproochlechen Input auszesetzen, hien also aktiv nolauschteren ze loossen, schéngt sech gut ze bewähren.

Friemsproochenunterricht muss een enner der léiersproochlecher Prämissen als e méigleche Léierkontext enner villen anere gesinn, allerdéngs mat engem héchst spezifeschem Input, deem „häppcheresweis“ portionéiert an opbereet dem Schüler offeréiert gëtt an zwar an der Hoffnung, dass sou den Erwerbsprozess an der nëmme begrenzten Zäit déi zur Verfügung steet, méi séier a méi effektiv verlaf kann. ... Fir d'Progressioun am Cours mat den natierlechen Erwerbsverleef, souwäit déi bekannt sinn, ze harmoniséieren, ass eng komplex Aufgab, déi didaktesch bis elo nach net geléist gouf.

Konnektionismus a Konstruktivismus. Nach ëmmer ass de Sträit net entscheed, op onst Gehier sproochspezifesch Prozesser grondsätzlech anescht verschafft wéi generell kognitiv Prozesser. Ongekläert ass och, ob et fir d'Entwécklung, d'Späicherung an d'Verschaffung vu Sprooch tatsächlech Symboliséierungen, universalgrammatisch Regeln an eenzelsproochlech Ofleedunge gi muss, déi iergendwou an onserem neuronalen Apparat repräsentéiert a verortet sinn an d'Sproochproduktioun steieren, oder ob ee méiglecherweis op d'Virstellung vun engem hierarchesch organiséierte System vu sproochlechem Wësse verzichten kann.

D'mënschlech Fäegkeet, stänneg wiesselnd situativ Bedingungen, sproochlech Varianten a kommunikativ Ufuerderunge funktional adäquat a flexibel ze bewältegen an dobei stänneg ze léieren, gëtt vum Competitiounsmodell domat erkläert, dass sproochlech Handeln net eesäiteg entweder op onbewosstem Erwerb oder bewosstem Léiere festgeluecht gëtt, mee dass béid Méiglechkeeten zum Zuch komme kënnen. Dëst Modell ass fir d'Friemsproochendidaktik interessant, well et net vun Erwerbsstufen ausgeet, déi am viraus ze gesi sinn, mee déi op sinn fir aussersproochlech Aflëss a gesteuert Léierprozesser.

2. Grondlage vun engem professionnelle Friemsproochenunterricht

Eynar Leupold, Pädagogesch Héichschoul Freiburg

D'Roll vum Léierwierk

Freudenstein (2001) plädéiert fir en „onageschränkten, dat heescht didaktesch net méi gegängelt Authentizitéit“ als „Leitprinzip vun engem effektiven Unterricht.“

Gießing (2004) gesäit an „enger Orientéierung un der sproochlecher Realitéit“ de wierkleche Virdeel am Gebrauch vun authentischen Texter.

Illustratiounen a Schülerbicher stinn an enkem Zesammenhang mat der Vermëttlung oder dem Übe vu sproochleche Strukturen.

Wéi eng Méiglechkeete gëtt et, u Wëssensstrukturen an Interessfelder vum Schüler unzeknäppen?

Léiermaterialie sinn d'Transportband fir Inhalter, Themen, Aufgabestellungen a soss nach Aktivitéiten.

Et geet drëm, dem Schüler op mannst phaseweis d'Chance fir e selbststännegen an individuelle Léierprozes mam Léierwierk opzemaachen. Inhaltlech sollten am Léierwierk Elementer do sinn, déi d'interkulturellt Léiere stäerken.



3. Wuertschaz- Vocabulaire- aarbecht: aktiv, individuell an interaktiv

Déi, déi Friemsprooch léieren zu Wuert komme loossen

Prof. Dr. *Inez De Florio-Hansen, Uni Kassel*



Et gëtt de Moment keng kohärent *Modelléierung* vum friemsproochege Wuertschazléieren. Wuertschazléieren ass en individuelle Virgang. Eng Schlësselroll spillt awer d'Interaktioun am sozialen Ëmfeld vum Klassenzëmmer *and beyond*.

Vocabulaireauswiel sollt och no der Heefegkeet geschéien. Beim Sproocheléieren sinn onbewusst Prozesser a bewusst Strategien interessant. Wuertschazaarbecht ass och wann ee Kontakter mat *native speakers* knüpft.

Déi ënnerschiddlech Komponente vun engem Wuert - seng graphesch Form, säi Klang, seng Bedeitungen, d'Verbindungen déi et agoe kann an d'Assoziatiounen, déi et ervirriff, schéngen ganz ënnerschiddlech am Gediechtnes präsent ze sinn.

Et kann een tëschent engem reproduktiven a produktive Wuertschaz ënnerscheiden. D'Gediechtnes ass e Prozess, dat duerch ënnerschiddlech Impulser ausgeléist a gefërdert ka ginn. Bei der Wuertschazaarbecht hëlleft d'Computermetapher: Input, Intake an Output. De Mënsch ass e System, deen Date verschafft, déi erakommen. Dobei ass d'Interaktioun mat aneren Individuen wichteg.

Et ass empiresch nogewisen, dass Léieren, *skill acquisition* an dräi Phase verleeft: *cognitive, associative an autonomous stage*. D'Sproochopnam, d'Sproochverschaffung, an d'Sproochwendung (déi dacks ze kuerz kënt).

Wéi kommen d'Wierder an de Kapp?

Eegesemantiséierungen: Net all Wierder vun der Zielsprooch brauchen erkläert oder nogesicht ze ginn, well de Schüler jo schonn eng Sprooch beherrscht. Do ginn et Internationalismen, wéi *Sport, Informatioun, Demokratie*. Wien *glécklech* kennt, versteeft *onglécklech* oder *Gléck*. Hei gräifen d'Schüler och op hiert Kontext a Weltwëssen zréck. Dofir hëlleft et am Ufängercours, "intelligent Roden" ze üben. D'Schüler kënnen besser selbstänneg nei Wierder fannen, wa si déi wichtegst Wuertbildungsregele kennen. Zum Beispill kënnen Analogie gemaach ginn:

informéieren – Informatioun: importéieren - ?

méiglech – onméiglech – Méiglechkeet: verständlech - ?

schéin - Schéinheet: frech - ?, gutt - ?, vergaangen - ?

ignorant – Ignoranz: intelligent - ?, arrogant - ?, elegant - ?

Wéi bleiwen d'Wierder am Kapp? Wéi gi se am Gediechtnis integréiert?

Déi geleefegst Manéier besteet am Auswennegléiere vun zweesproochege Wuertlëschten. Dës Manéier huet genuch bekannt Nodeeler. Wéi kënnen Vokabele méi effektiv geléiert ginn?

D'Vokabele vun engem Text kënnen no verschidde Prinzippien zortéiert ginn, z.B. no Wuertaarten, Wuertfamilien, oder no perséinleche Kritere wéi Saachen, déi ee gär mécht, net gär mécht. Mnemotechniken an Ieselsbrécke kënnen hëlleften, Wierder ze verhalen.

Assoziogramme oder *mind maps* si méi einfach ze verhale wéi sproochlech Kategorien. Et soll een de Schüler iwwerloossen, wéi eng Technique si wëlle benotzen. E Léiertagebuch ass eng aner Méiglechkeet fir Wierder a Wuertverbindungen opzeschreiwen, an och

“Motivatiounswierder” an Assoziogramme. Vun Zäit zu Zäit schreiwen d’Schüler op, wéi si selwer hire Progrès aschätzen a wéi eng Méiglechkeete si fir eng Verbesserung uviséieren. D’Roll vum Enseignant ass et, de Schüler mat sengem individuelle Léierprozess ze begleeden an him passend Strategie fir d’Wuertschazléiere mat op de Wee ze ginn.

4. Neie Vokabulaire aféieren

NAU Jean-Marie

Wéi gëtt neie Vokabular an der Klass agefouert ? Wéi e Vokabular gëtt an der Klass agefouert?

Um Terrain, an der Klass mat Studente mat ënnerschiddlechen Niveauen, mat Däitsch-, Franséisch- an Engleschkenntnisser, hunn ech dëst geléiert: D’Studente versti méi wéi ee mengt.

Am Ufank vun all Cours a fir all Niveau fänken ech un, e bëssen iwwert mech ze schwätzen. Ech stelle mech vir mat den Informatiounen, déi een op engem Niveau 1 fënnt.

Ech probéieren awer net den Text ze vereinfachen, mee ech soen en esou wéi wann ech géif mat Mammesproochler schwätzen. Ech passe just op, kloer an däitlech ze schwätzen, an net ze séier. No dëser Aféierung kucken d’Studenten déi éischt Säit vun deem wat ech gesot hunn. A Gruppe vun zwee oder dräi liesen si den Text eng Kéier duerch. No ongeféier 10 Minutte proposéieren ech hinnen, Schrëtt fir Schrëtt, déi wesentlech Informatiounen, déi si léiere sollen: z.B.: *Mäin Numm ass – bestuet – net bestuet – wunnen – Kanner.*

Dat sollen si wa méiglech och direkt mam Noper probéieren, auszeschwätzen. Esou hunn ech an enger éischer Lektioon wichtege Vokabular agefouert, op eng Manéier, déi jidderengem gerecht gëtt. D’Lektioon hält domat op, dass d’Studenten opstinn, an d’Mëtt zesummekommen, fir den Tour ze maachen, a sech bei jidderengem virstellen. Zum Schluss widderhuelen ech nach eng Kéier dee Vokabular, dee soll bekannt sinn.

Domat ass scho mam éischte Punkt um Niveau 1 ugefaangen:

<i>Je suis capable de/d’ (en expression orale et/ou en compréhension orale et écrite) :</i>		
NIVEAU 1	OUI	NON
me présenter (nom, origine, langue, état civil, profession, domicile,...)		
présenter une autre personne		

Um Enn vun der zweeter Lektioon kann ech schonn ufänken, eng aner Persoun virzustellen. Et ass de Moment wou et néideg gëtt, déi drëtt Persoun an d’Verben anzeféieren.

1. **Beispill 2.1:** Meng éischt Säit fir d’Studenten, wou ech mech virstellen.

2. Scho gaz am Ufank orientéieren ech mech dacks un de Besoine vun de Studenten. Deemno wéi eng Fro am Ufank vun der Klass gestallt gëtt, gëtt dësen oder dee Vokabular agefouert: d’Kleeder, d’Auer an Zäit, d’Deeg vun der Woch, d’Faarwen, Froe stellen, asw.

Wichtig ass virun allem, dass dës Thema gutt dokumentéiert sinn, an dass d’Studenten eppes an der Hand hunn, wat hinnen hëlleft den neie Vokabular ze léieren.

Beispiller: Kleeder, ABC Beispill Buschtaf A, De Contraire – Wat passt? Beispill Keng Zäit fir Lëtzebuergesch ze léieren Beispill Grammatik.

De Cours ass net nëmme Kommunikatioun, mee relationnel. Dofir déi Approche, dass eng Relatioun besteet tëschent dem Schüler an dem Enseignant an tëschent de Schüler ënnereneen. Äisbriecher a Spiller hëllef bei dëser Approche.

5. Aussproochschoulung

Burkhard Dretzke, Frei UNI Berlin

Eng gutt phonetesch Ausbildung ass wichteg wann de Schüler wëllt verstane ginn. D'Schüler sollte sech verschidde Schwiereregkeete bewusst sinn: d'Problemer an der Aussprooch kënnen kognitiver, perzeptoresch-psychomotorescher a psychologescher Natur sinn.

„Erfahrungen ... a kommunikative Situatiounen am Ausland wisen, dass d'Akzeptabilitéit vun Ausländer, déi sech d'Aussproochnorme vun der Friemsprooch bei net genügender Grammatik gréisstendeels uneegnen, gréisser ass, wéi am ëmgedréite Fall.“ Soulaang d'Aussprooch gutt ass, si –grammatesch Feeler – net sou wichteg. D'Wichtigkeet vun enger gudder Aussprooch ass jo ... Ausdrock vum Respekt, vun deem, deem d'Zielsprooch léiert, vis-à-vis vun der Zielsprooch an der Zielkultur.

Richteg Héieren ass d'Viraussetzung fir eng gutt Aussprooch. D'visuelt Erfasse vum Spriecher duerf net vergiess ginn. De Schüler soll den Enseignant kloer gesinn.

6. Korrektiv Phonetik

Angela Hahn, Ludwig-Maximilians-UNI München

Systemateschen Phonetiktraining gehéiert zum feste Bestanddeel vum Cours. De Cours geet méi wäit wéi déi behavioristesche Vir- an Noschwätzen an integréiert an enger kognitiv-kontrastiver Perspektiv och d'Problematik vu verschidde Mammesproochler.

Lautdiskriminatiounsübungen hëllef den Aussprooch. Déi didaktesch an technologesch Weiderentwécklung vum „elektroneschen Ouer“ vum Tomatis huet bei verschidden erwuessenen Testpersounen festgestallt, dass si nëmme dat stëmmlech reproduzéieren, wat si och auditiv héieren. Mat engem méi einfachen Apparat, dem SPT (Sound Perception Trainer) war en effektiv Gruppenunterricht méiglech. En europawäiten ALA-Projet huet gewisen, dass d'Zäit eng Friemsprooch ze léieren, hallef sou laang gedauert huet (an de Beräicher vun der Rezeptioun, Reproduktioun a Produktioun vun der mëndlecher Sprooch).

E puer aner Methoden, d'Aussprooch ze trainéieren:

- Minimalpöppchen zesummestellen, z.B. *Dësch – Fësch, Kaz – Saz*, asw..
- Spaass mat der Aussprooch hunn; déi geschwate Sprooch vum Schüler ophuelen; d'Sprooch analyséieren; de Spriecher mat de Problemer konfrontéieren; d'Mammesprooch kontrastiv matderbeihuelen fir sech de Feeler bewusst ze ginn; Übung realiséieren, fir d'Aussprooch ze verbessern.
- Texter sängen oder/an rhythmesch schwätzen, zum Deel ënnerstëtzt mat Kierperbeweegungen, fir sou e Gefill fir de Sprooch- a Betounungsrhythmus ze ënnerstëtzen. Hei ass d'Méiglechkeet fir mam Musikscours zesammenzeschaffen. (Iddi: Visite am Conservatoire, *chant, Artikulatioun*)
- Als Aféierung gëtt d'Artikulatiounsgeschicht vum Schüler labber gemaach, andeem si all zesammen haart liesen.



Ausproochtraining war, ass a bleift ganz komplex. Aussprooch muss awer fest am Cours integréiert ginn. Héierméiglechkeeten a Geleeënheete fir ze schwätze musse multiplizéiert ginn, méi *input* a méi *output*. D'Sënner vum Schüler müssen ugeschwat ginn, mat enger Mëschung vu *fun*, Bewosstmaachung, an aktivem Schwätzen a kommunikative Kontexter. Déi nei Medie kënnen do vill hëllefen.

7. Rezeptiv: E Rezept fir de Grammatikunterrecht?

Herwig Wulf, Pädagogische Hochschule Freiburg

Grammatikunterrecht ass dacks identesch mat Frustratioun bei de Schüler a beim Enseignant. D'Grammatik preparéiert de Schüler net op de Kontakt mat der Originalsprooch. De Grammatikunterrecht soll net vereinfacht ginn, awer entlaascht. De Schüler brauch net all sproochlech Erscheinung als Grammatik z'erkennen an net all grammatesche Stoff muss onbedingt produktiv beherrscht ginn. Nei Vermëttlungsméiglechkeete gi proposéiert. Si berouen drop, dass verschidde Kapitel vun der Grammatik als Lexik traitéiert ginn, aner einfach rezeptiv vermëttelt ginn.

Grammatikregelen bréngen eng ganz limitéiert Hëllef beim Léieren a Festege vu Strukturen. Regele sinn dacks ze rigid a ginn e falscht Bild vun der Sprooch. Wéivill méiglech Kreativitéit geet verluer, déi linguistesche aberrant, kommunikativ awer vill Succès kann hunn. Umformübungen hunn näischt mat Kommunikatioun ze doen. „*The task for teachers is to make language realistic for learners so that they can engage with it, make it their own. It has to be appropriate language that learners can appropriate, rather than authentic language that they can't.*“

C. Dem Schüler Wëssen iwwer d'Léiere vermëttelen.

Et gëtt zur Zäit keen allgemengen, op Fuerschungsergebnisser baséierende Konsens doriwwer, wéi Schüler léieren.⁴

1. Léierstrategien: Pläng (vu mentalem) Handlen

Peter Bimmel, Universität Amsterdam

Léierstrategie ginn als Pläng vum mentalen Handlen definéiert, fir e Léierziel z'erreechen. Et ënnerscheid een zwee Niveauen: e metakogniven Niveau vun der Steuerung vum Léieren an en Niveau vun der Ausféierung vun de strategesche Léierhandlungen. Léierstrategie kënnen nëmmen da Succès vermëttelt ginn wann de Cours op déi zwee Niveauen zielt. Dofir brauch een 3 Deeler:



- Orientéierung (Informatioun iwwer Léierstrategien)
- Ausféierung oder Übung (Léieren, strategesch Léierhandlungen adäquat auszuféieren)
- Bewosstmaachung vun de Léierhandlungen, déi zur erfollegräicher Erledigung vun enger Aufgab geféiert hunn.

Déi westeuropäesch Traditioun vun der Friemsproochendidaktik (*Self Directed Language Learning*), virun allem mat Projeten, initiéiert vum Europarat, huet als Ziel d'Förderung vum selbstverantwortlechen, selwergesteierte Léieren. Stéchwierder sinn e.a. Autonomie vun deem dee léiert, *éducation permanente* a lievenslaangt Léieren. Den Enseignant huet an dësem Kader d'Roll vumm *facilitator*. D'Vermëttlung vu Léierstrategien huet hei primär eng

⁴ Gemeinsamer europäischer Referenzrahmen, Kapitel 6.2.2.1

Funktioun als Baustee vun der Autonomie vun deem, dee léiert. Hei kommen nach aner Bausteng wéi Selbstmotivatioun an d'Fäegkeet zur Zesummenaarbecht.

Wéi eng Léierstrategie benotzen déi, déi eng Friemsprooch mat Succès an Erfahrung léieren? Kann an déi am Friemsproochenunterricht vermëttelen a wa jo: wéi?

Léierstrategien a strategesch Léierhandlungen: Ëmstridden ass besonnesch d'Fro, op Strategie grondsätzlech bewusst applizéiert ginn. Eng Strategie ass e Plang vu mentalem Handeln, fir e Léierziel z'erreechen. Dës Definitioun implizéiert, dass tëscht engem Léierziel, enger Léierstrategie (en Handlungsplang fir d'Léierziel z'erreechen) an der Ausféierung vum Handlungsplang (d'strategesch Léierhandlung) z'ënnerscheeden ass.

Hei e Beispill:

Müi Léierziel ass: ech wëll léiere mech kënnen op Lëtzebuergesch presentéieren.

D'Léierstrategie ass: den Handlungsplang, fir dëst Ziel z'erreechen. Zum Beispill: Ech lauschten no, wéi aner sech presentéieren, ech liesen en Text, wou aner sech presentéieren, ech schreiwen op, wéi ech mech presentéieren, ech léieren den néidege Vokabular, asw.

D'strategesch Léierhandlung ass dann d'Ausféierung vum Handlungsplang.

Deen, dee léiert huet zwou ënnerschiddlech Rollen:

- de Manager vu kognitiver Prozesser (d'Léiere plangen, ariichten, iwwerwaachen, auswäerten a reflektéieren)
- den Exécutant vu strategesche Léierhandlungen (z.B. Wuertbedeutungen aus dem Kontext ofleeden, Notizen huelen, en Assoziogramm maachen, Regelméissegkeeten erausfannen).

Wéi eng strategesch Léierhandlung si méiglech a wéi kann ee se kategoriséieren?

Folgend Tabell weist strategesch Léierhandlungen, vun deenen an empiresche Studie nogewise gouf, dass déi, déi Succès an Erfahrung beim Léiere vun enger Friemsprooch hunn, se beim Sproochléieren asetzen.

Kognitiv Zieler		
Sech direkt mat Léierstoff ausernanersetzen		
<i>Gediechtnes</i>	<i>Sproochverschaffung</i>	<i>Sproochgebrauch</i>
Wuertgruppe bilden (kategoriséieren)	Notizen huelen markéieren	Textinhalter virausgesinn-Hypothese maachen an iwwerpräiwen
Kontexter erfannen	Wieder an Ausdréck analyséieren	Bedeutungen opgrond vu sproochlechen Hiweiser eroden
Nei Kombinatioune maachen	Sprooche matenee vergläichen	Bedeutungen aus dem Kontext ofleeden
Visualiséieren	Kenntnisser vun der Mammesprooch transferéieren	Sech mat alle Mëttele débrouilléieren (z.B. ëm Hëllef froen, Mimik-Gestik, Thema wiesselen, eppes ëmschreiwen, ...)
Rhythmus gebrauchen	Regelméissegkeeten erausfannen	Formelhaft Wendunge gebrauchen
Reim gebrauchen	Regelen uwenden	
Assoziogramm-Semenatescht Netz	Sazmuster gebrauchen	
Ieselsbrécke gebrauchen	Hëllefsmëttele gebrauchen	
Widderhuelen	...	
Vokabelkartei		
...		

		...
Selwersteiernd Ziel Mentaalt Management vu kognitiver Prozesser	Affektiv Ziel Dës Léierhandlungen hëllef, sech emotional op d'Léieren anzustellen, sech fir d'Léieren ze motivéieren, z'errechen, dass ee sech beim Léiere gutt spiert.	Sozial Ziel Mat aneren zesummen ze léieren oder bei aneren Hëllef sichen
Konzentratioun Aufgaben analyséieren- Zieler bestëmmen Säin eegent Léiere plangen an ariichten Säin eegent Léieren auswäerten-évaluéieren Léiererfarhungen reflektéieren	Stress reduzéieren Sech Mutt maachen Gefiller registréieren a soen ...	Froe stellen Zesummeschaffen sech an aner eraversetzen

Strategievermittlung: Et ass wichtig, dem Schüler eng breet Palette vun ënnerschiddleche Léierstrategien ze weisen. Liewensecht Aufgabestellungen offréieren an der Regel vill Anknüpfungspunkte fir sou Strategieofferen.

Bei der Strategiewendung sinn dës Froen nützlich:

- Wéi en Ziel wollst du errechen?
- Wat hues du gemaach, fir däin Ziel z'errechen?
- Wéi erkläers du dir deng Resultater?
- Wat léiers du dorauer fir eng nächste Kéier?

Fir de léierstrategesche Repertoire z'erweideren, si verschidde Léiererfarhungen a Kombinatioun mateneen z'organiséieren. Fir metakognitivt Wëssen z'entwécklen, ginn déi, déi léieren, iwwer Léierstrategien a strategesch Léierhandlungen informéiert.

2. Mussen d'Schüler d'Léiere léieren?

Manfred Raupauch, UNI Kassel

Zesumme mat anere vergläichbare Léierforme wéi dem „selwergesteierte Léieren“ an dem „autonome Léieren“ soll „d'Léiereléieren“ de Schüler op e liewenslaangt Léiere virbereeden. Den theoretische Kader offréiert am Moment eng konstruktivistesch konzipéiert Friemsproochendidaktik.



Léiere wéi ee léiert gëtt als Schlüsselkompetenz fir dat 3. Jortausend, d'Léierform vun der Zukunft. Ee Begrënnungsargument ass dee staarken Drock, dee Gesellschaft, Politik a Wirtschaft op dat allgemengt Bildungssystem ausübt. De gréisste prakteschen Notze gëtt dann erwaart, wann een d'Léiereléieren als Erwerb allgemenger Regeln a Routine vum Léieren an Denke versteet, déi an enker Verbindung mat

inhaltsspezifischem Wëssen geléiert, ageübt a genotzt ginn an dobei zur Verbesserung vun de kognitive Kompetenz fir d'Léisung verwandter Aufgabe bäidroen.

Konstruktivisten akzeptéiere generell, dass mir d'Welt, an där mir liewen, duerch eist Zesumme-Liewen „konstruieren“. D'Wahrnehmung vun der Welt als demno keen Ofbildungs-, mee e Konstruktionsprozess, dee sech sujetbezunn an individuelle Wierklechkeetskonstruktioune ofspilt.

D'Léiere kann net méi linear geplangt, gesteuert a virausbestëmmt ginn, meet et muss zirkulär verstane ginn. Et berout virun allem op dem Wiesselspill téschent Erfahrung an Ausprobéieren (*trial-and-error-Léieren*).

Ganz op bleift d'Fro wéi eng Strategie gefërdert solle ginn a wéi dat geschéie soll.

E Léiertagebuch ass e Beispill vu reflexivem Léieren.

Et ass gutt méiglech, dass d'Studenten ganz einfach Angscht hunn, hir Léierstrategien z'änneren.

Gruppenunterricht, Partneraarbecht an Tandem-Léieren ass eng Form vum kooperativem Léieren.

All dës Léierforme verlaangen no enger Neidefinitiou vun der Roll vum Enseignant. Den Enseignant ass manner e Vermëttler a Präsentatro vu Wëssen, mee éischer Matgestalter vu Léierëmgingende an Ënnerstëtzer vu Léierprozesser.

3. Üben an Übungsformen

Werner Beile Bergische UNI Wuppertal

Enseignante sollen encouragéiert ginn, sech neien Übungsformen opzemaachen an dem Schüler de Wee an eng friemsproocheg Eegestännegkeet fräizemaachen.

Friemsproochlech Räifheet ass e laangen a komplexe Wee. An der Sproochlehr- a -léierfuerschung läit keng zuverlässeg Ausso iwwer d'Ëmsetzung vu wëssenschaftlechen Erkenntnisser op dat tatsächlecht Unterrichtsgeschéie vir.

Üben ass de Versuch duerch d'Plangen an d'Verschaffe vu Sproochmaterial Jore vu potentiell natierlech Sproochkontakt z'ersetzen. Geübt gi kann alles, wat am wäiteste Sënn, der realer, ausserschoulescher friemsproochlecher Situtioun déngt.

De Begrëff „Kommunikationsfäegkeet“ verbënnt dee grammateschen a lexikalesche Niveau vun der Sprooch mat der pragmatescher, verbënnt d'Sproochfäegkeet mat de Sproochintentiounen. D'Erléiere vun enger friemer Sprooch geschitt net *in a culture-free zone*. Et geet ëm eng graduell Internaliséierung vum ganze Regelsystem.

Et soll ee verdeelt anstatt masséiert Léieren erméiglechen. D'Léierpsychologie weist ëmmer nees, dass e grëndlecht Üben, dat an ëmmer méi laangen Ofstänn widderhuel an ergänzt gëtt (Spiralcurriculum) op länger Siicht vill méi effektiv ass wéi e masséiert Üben, dat zu Iwwerdross an Iwwerforderung, zum Verfall vun der gespäicherter Informatioun an zum Vergiesse féiert.

Übungsprinzipier an hir Relevanz

	Übungsprinzip	Relevanz (NAU, Jean-Marie)
1.	lues a lues méi schwéier – Léierwuesstum, keng Iwwerforderung – en Erfolgerlieferung	jo, wann d'Übungssequenz sou wäit wéi méiglech authentesch ass.



2.	Ënnerfuerderung (Langeweil) an Iwwerfuerderung (Frustratioun) vermeiden	jo, do komme Léierstrategie sécher zum Zuch. Och bei engem schwéieren Text kann en Ufänger e puer Informatiounen verstoen.
3.	fir ze konsolidéieren, Plateau- a Widderhuelungsphasen ubidden	jo, well eigentlech gëtt et am Alldag jo och dacks Widderhuelung.
4.	Duerch eng Vielfalt an der Gestaltung vun den Übungen (Héierverständnes, Textauswärtung) ass och fir all Léiertyp eppes derbei.	ganz wichteg fir de Rythmus an der Grupp.
5.	Eng positiv Astellung zum Sproocheléieren opbauen: D'Schüler virwëtzig maachen; duerch Spiller, Rätselen, Witzer, Lidder. opfuerdernd an dowéinst méi en héigen Übungs- a Léiereffekt.	natierlech, 100%
6.	D'Léieren ass verdeelt. Spiralcurriculum. Übunge gi widderhuelen an Ofstänn, déi ëmmer méi wäit ausernee leien.	Wichtige Punkt! Soss gëtt dat meescht vergiess.
7.	D'Leeschtung wüerdgen an Erfollegserlebnisse erméiglechen.	am allgemengen an och gezielt drun denken, ganz relevant.
8.	Asiicht an de Sënn vun enger Übung erméiglechen an d'Relevanz fir deen dee léiert, erlaben. D'Form vun der Übung an den Inhalt ass wichteg.	jo, dat gehéiert zum Bewosstsinn, wat ee léiert.
9.	Méiglechkeete schafen, fir selwer sproochlech z'agéieren. Authentizitéit vun der Sproochhandlung erhéicht de Léiererfolleg.	
10.	Méiglechkeete fir eng Individualiséierung vu Léierwee schafen am Sënn vun der Lernerautonomie, also deelweis selbstgesteuert Léiere schafen.	scho richtig, geschitt awer gréisstendeels ausserhalb vum Cours. - wichteg dass de Schüler e „Coach“ huet.
11.	D'Léierrepertoire un d'Aarbechtstechniken a Léierstrategien berücksichtegen a weiderentwécklen.	Jo, am Sënn vun engem Classeur mat variéiertem Material.
12.	Asiicht an d'Sprooch a Reflexioun iwwert d'Sprooch fërderen an erliichteren. (Language awareness)	dat ass gutt, an doséiertem Mooss.
13.	Verschiede Sozial- an Aarbechtsforme berücksichtegen. Partner- a Gruppenaarbecht; Parallelklassen oder déi avancéiert Klassen hëllefen den Ufänger.	jo, kann nëmmen hëllefen.

14. Weeër zur Eegenevaluatioun ubidden	jo, andeem een de Schüler vill iwwert säi Progrès freet.
--	--

Eng vill méi grouss Opgeschlossenheet géintwuer méi neie Léiersätz wéi Léierautonomie, Léierstrategie, entdeckt Léiere weist sech a Länner, an deene keng strikt Anengung duerch Richtlinien an detailléiert Curricula existéiert.

E Cours, deen an e puer routinéierte methodeschen Unterrechtshandlung verharret, veraarmt. Och am Übungsberäich sollten d'Schüler de Sënn an Zweck vun enger Übung gewuer ginn.

D. Lëtzebuergesch um Internet an an de Medien

Wéi a wou dir kënnt Lëtzebuergesch léieren? Wann dir gär mat dem Computer schafft oder wann dir gär op den Internet gitt, kënnt dir Lëtzebuergesch léieren. Hei e puer flott Iddien :

Lauschtert Lëtzebuergesch um Radio :

- www.100komma7.lu Do ass de Programm op Lëtz. **Tel: 440044 - 1**
- www.rtl.lu Do hutt dir Neiegkeeten op Lëtz. Do fannt dir och Witzer.
- Aner Internetsiten fir d'Land a Leit besser kennenzeléieren :
 - <http://www.elearning.lu/lb/intro/index.php> Ganz flott fir Lëtz. ze lauschten an en Test ze maachen.
 - www.mobiliteit.lu Fir mam Bus a mam Zuch vun A op B ze fueren.
 - www.gouvernement.lu Onbedéngt dës Site kucken : www.lod.lu
 - www.luxdico.com E flotten online Dictionnaire, franséisch-lëtz. Lëtz-franséisch.
 - <http://www.igd-leo.lu/> Den Institut Grand-Ducal
 - <http://www.jeromelulling.com/> Hien huet en Doctorat am Lëtz. an interesséiert sech vill fir déi Lëtz. Sprooch
 - www.spellchecker.lu
 - www.tripticon.lu Si offrèiere vill Formatiounen, am Norden !
 - <http://lb.wikipedia.org> Alles op Lëtz., an dir kënnt Saachen dabei maachen.
 - www.al.lu/yuppi Mir léiere Lëtzebuergesch schreiwen.
 - www.eis-sprooch.lu De Website iwwer d'Lëtzebuenger Sprooch.
 - www.moienasbl.lu Infoen iwwer Lëtzebuergeschcoursen.
 - http://www.archive.org/details/BahaiRadioEmissionenLetzebuerg_40
9 Radio ARA, Radiosendungen, mp3
 - <http://bonjour.news352.lu/> Neiegkeeten a 5 Sproochen



Et kann och ganz spannend sinn, no verschidde lëtzebuergesche Wierder ze googlen, z.B: *lëtzebuergesch, schwätzen, iessen, asw.*

E. Klasseregelen am Lëtzebuergeschcours

Am éischte Cours huet een eng wonnerbar Méiglechkeet e puer Grondregelen opzestellen, fir dass an der Klass eng gutt Stëmmung an Ambiance ass. Domat hunn

d'Schüler déi beschte Viraussetzungen, d'Sprooch ze léieren.

Sproochegruppe vu 4 Leit kënnen eng Lëscht mat Regelen an der Klass opstellen. Déi kann een da regroupéieren, un d'Tafel schreiwen an deelweis iwwersetzen. Aner Regelen, déi vläicht vergiess goufen, kënnen derbeigesat ginn. Flott ass dann d'Méiglechkeet, d'Regelen der Wichtigkeet no ze uerdnen an doriwwer ze diskutéieren.



Beispill: - Wann ech net kann an de Cours kommen, soen ech dem Enseignant Bescheed; email, SMS, Message.

- Wann ech net méi an de Cours kommen, soen ech dem Enseignant firwat ech net méi kommen; keng Zäit méi, keng Loscht méi, plënnere an d'Ausland, asw.

Jidderee sollt fir den nächste Cours e Blat mat de Regele kréien an den Enseignant sollt ee Blat behalen, wou jidderee symbolesch ënnerschreift. Wann ee kann eng Klassefoto maachen, kann een déi och derbeisetzen.

F. Äisbriecher - Spiller

Hei eng Rei vu Spiller an Äisbriecher si bal fir all Niveau méiglech an hoffentlech interessant. Si sinn interessant fir interkulturell Kompetenz a Weltwëssen a fërderen d'Memorisation.

NA1-C2 :Mol dech !




Eng flott Manéier fir eng gutt Ambiance an der Klass ze schafen, ass déi, dass een de Schüler en A4 Blat gëtt a se freet, sech selwer ze molen, ouni dem Noper d'Bild ze weisen. Méi wéi 3-4 Minutte sollen se net brauchen. Da sammelt een d'Biller an, an et hänkt een se un d'Mauer.

D'Schüler sollen dann opstoen a probéieren erauszefannen, wien de Kënschtler vun all Bild ass.

Ufänger kënnen froen: „Bass du dat? Sidd dir dat? Hutt dir dat gemolt? Ass dat ärt Bild?“

NA1-C2: Gudde Moien Här X!




Dëst Spill ass eng flott Manéier fir dass d'Studenten d'Nimm vu jidderengem an der Klass kenneléieren. D'Schüler stinn oder sëtzen an engem Krees. Ech fänken zum Beispill un a soen: „Ech sinn de Jean-Marie“ Den nächste Schüler seet: „Gudde Moien, (Gudde Mëtteg, asw) Jean-Marie, ech sinn d'Maria. A sou geet dat da weider.

Variatioun 1: Fir dat e bësse méi spannend ze maachen, kënnen d'Schüler e Wuert virum Numm soen. „Gudden Owend, Ech heeschen –Box- Jean-Marie“

Variatioun 2: Nodeem d'Schüler z.b. nei Wieder geléiert hunn, maachen si den Tour. Den éischte seet: „Ech hunn eng Fläsch.“ Den zweete seet: „Ech hunn eng Fläsch an eng Box.“ Sou geet dat da weider, bis den Tour gemaach ass. Duerno kann een da soen. Wou sinn dann elo déi weiblech Wieder?

NA1-C2: Quizz: Dir sidd eng international Perséinlechkeet

Den Enseignant ka mam Spill ufänken a seet: ech sinn eng weltbekannte Perséinlechkeet an dir musst duerch är Froen erausfannen, wien ech sinn. Ech ka jo an neen soen, oder e bëssen hëllef. Beispiller: (De Poopst, Beethoven, Tom Cruise, Kleeschen, Schnéiwittchen) Déi Persoun, déi richteg réit, duerf da spillen a sech eng Perséinlechkeet aussichen. Beim Spill kommen ëmmer nees eng Rei vu Froen, déi hëllef, de Quiz ze léisen. Beispiller: Sidd dir eng Fra? Lieft dir nach? Sidd dir an der Politik? Sidd dir Kënschtler? Wunnt dir an Europa? ...



NA1-C2: Wann dir – eng Fra – sidd, changéiert (wiesselt) är Plaz!

E flott Spill, wou jidderen am Krees sëtzt, wat ee ka schonn no e puer Lektione spillen. Am beschten ass et awer, e puer Saz un d'Tafel ze schreiwen. Ech fänken normalerweis un. Ech stinn an der Mëtt a soen: „Wann dir eng Fra sidd, wiesselt är Plaz“ Heiansdo loosse ech si mäi Saz och widderhuelen. An dann, wann si hir Plaze wiesselen, sëtzen ech mech, an da bleift eng Persoun an der Mëtt. Et ass dann un hir fir e Saz ze maachen. Do ginn et natierlech vill Variatiounen:

- Wann dir eng Kaz hutt, wiesselt är Plaz.
- Wann dir Lëtzebuergesch léiert, wiesselt är Plaz.

Dëst Spill fonktionéiert op all Niveau, well dës Sazstruktur net ganz einfach ass.



NA1-C2: Post-it eng weltbekannt Perséinlechkeet

Zu zwee an zwee gespillt. Ech pechen enger Persoun eng Post-it Note mat enger bekannter Perséinlechkeet op de Réck, an duerch Froen, muss si erausfannen, wien si ass. Déi aner Persoun soll nëmmen Jo oder Neen soen.

Variatioun 1: Fir unzufänken, kann een och selwer eng Perséinlechkeet wielen, an op e Blat schreiwen. D'Studente sollen dann duerch Froen erausfannen, wien d'Perséinlechkeet ass.

Des Variatioun hëlleft der Grupp, eng méi lëschtég Atmosphär ze schafen.


NA2-C2: Spill mat Zuelen

D'Schüler, nodeem si d'Zuele geléiert hunn, kënnen mat dese Spiller eng flott Widderhuelung maachen. Si stinn all an enger Rei. Si sollen hiren Noper froen: „Wéini sidd dir gebuer?“ „Den éischte Februar.“ Si sollen dann hir Plaz wiesselen, no riets wou de Januar ass, an no léns wou den Dezember ass. Zum Schluss vum Spill, seet jidderen an der Rei säi Gebuertsdag. Dat sollt da an der richteger Reiefolleg sinn.



Variatiounen: Dat Spill maachen ech och mat:

- Wéi grouss sidd dir? 1m86
- Wat ass är Schonggréisst? 43
- Wéini sidd dir gebuer? Am September
- Wou sidd dir gebuer? An der Kannerklinnik. (Do kënnen d'Schüler sech no der Gréisst vun der Stad opstellen.
- Wat ass är Stroossennummer? 1.



NA2-C2: Soziogramm

D'Schüler stinn am Sall an ech froen si :

„All déi Leit mat Kanner, stelle sech bei d'Dir.“

„All déi Leit mat engem Brëll komme bei mech.“

„All déi Leit déi Englesch schwätzen stelle sech bei d'Tafel.“

Et ass en interessant Spill, wou een de Schüler soll Zäit loossen, sech selwer ze situéieren, eventuell mat aneren ze schwätzen an och vläicht selwer Froen ze stellen. Et muss een oppassen, net zevill indiskret ze sinn. (All déi Leit, déi fir zweet bestuet sinn, ... déi gescheet sinn. ...) Dës Froen sinn net gutt.

NA2-C2: Molen a Kommunikatioun

An dësem Spill geet et drëm, nozelauschten, an dat ze molen, wat eng Persoun, (am beschten de Proff fir d'éischt) op e Flipchart molt. De Flipchart ass esou gedréint, dass d'Schüler en net gesinn. Jidderee kritt e Blad an e Bic. Hei e Beispill: „An d'Mëtt vum Blat, molt e Krees mat engem Duerchmeesser vun ongeféier 4 cm. Riets a lénks vum Krees, molt en Hallefkrees mat engem Duerchmeesser vun 2 cm. asw. Zum Schluss huet een dann iergend e Bild, eng Zeechnung. Dës Zeechnunge ginn dann ënnerenee verglach.

Bei dëser Aktivitéit soll een och iwwer de Sënn vu Kommunikatioun schwätzen, wéi wichtig et ass fir kënnen ze froen, wat ee gesot huet, also Feedback.

Variatioun 1: Ganz schwéier ass et, wann d'Schüler net kënnen zréckfroen, wat d'Uweisung war.

Variatioun 2: Am plaz dass de Proff eppes op de Flipchart molt, stellen d'Schüler sech an eng Rei, an eng Persoun fänkt un, der anerer Persoun eng Figur op de Réck mam Fanger ze zeechnen. Keng schwéier Figur. Do kann een dann och vergläichen, wat gemolt gouf.

Op Englesch: Behind My Back

This game is a metaphor for how the pictures we share of others get distorted as they are passed around, and that usually we are not getting the "whole picture" in gossip. It's helpful to have a board you can draw the original on, but a piece of paper and marker will suffice.

Players all sit down in a line. Just using her finger pressure, the leader draws a picture on the back of the last person in line, and then that person draws what they interpreted on the back of the person in front of them and so on up the line. The last person to get drawn on then draws on a dry erase or chalk board or piece of paper what they felt was drawn on their back. Then the leader draws the original picture for all to see and it is compared. It is always very different. This is a sensorial version of the classic game "telephone" in which a message is privately sent through and repeated by many players and then compared at the end to the original. A good design is a square filled with an "x" and a dot in two of the quadrants formed by the "x." If the design is too hard, kids won't enjoy it and will be frustrated and irritated.

But if its too easy, and the end product is identical to the original, then the lesson will not be conveyed and it will be anti-climatic. Obviously, the fewer players there are, the harder the drawing should be.

Variatioun 3: Dës Kéier gëtt net gemolt, mee et gëtt mat Holz oder Plastikstécker geschafft. Hei déi englesch Versioun.

Blocked Communication

This is very challenging. Give teams of 2, two sets of 6 identical blocks. The person being the builder/communicator would sit behind the receiver/builder and build a simple 6 block structure. Then using very precise language, he/she would try to describe the position of the blocks so accurately that the receiver/builder could re-create the same exact building without the receiver seeing the structure. Also, the builder/communicator could not see what the receiver was actually doing with the information. At first I said that the receiver could not ask questions, and this was the hardest. Then they would switch roles. We all learned that asking questions makes it easier, and that communicating one's perceptions accurately is very difficult indeed!

NA1-C2: Froe stellen – E Schüler freet d'ganz Klass

All Schüler schreift op e Stéck Pabeir – eng Saach an – eng bekannte Perséinlechkeet. D'Ziedele gi gefalt an agesammelt. All Schüler kritt dann d'Méiglechkeet, en Ziedel ze zéien an eng Fro ze stellen, entweder fir d'Saach oder d'bekannte Perséinlechkeet erauszefannen.

Beispill: Um Ziedel steet: eng Orange – Maria Theresa. De Schüler ka wíelen. Hie freet z.b. Wat ass dat? et ass roud an eng Frucht? Wéi heescht d'Fra vum Grand-Duc?

Variatioun 1: Et kann een zwou Gruppen an der Klass maachen, fir ze kucken, wie gewénnt.

NA1-C2: Spill zu zwee: Schéier, Steen, Pabeier

E flott Spill, dat ee mat enger Hand an engem Partner spillt. D'Hand huet d'Form vun der Schéier, dem Steen oder dem Pabeier. D'Schéier schneit de Pabeier awer d'Schéier brécht mam Steen. De Pabeier wéckelt de Steen an. Et kritt een also all Kéiers e Punkt.

II. Wuertschaz

A. Den Enseignant stellt sech vir




Déi éischt Lektioun

E schéine gudde Moien! Gudde Moien ! Gudde Mëtteg ! Gudden Owend ! Bonjour! Bonsoir!

1. Mäin Numm ass Jean-Marie NAU. Zënter 1998 ginn ech

Lëtzebuergeschcourse fir Erwuessener. Ech maache meng Aarbecht gär. Ech sinn zënter Dezember 2001 mam Esther bestuet. Si ass eng ganz léif Franséisin, déi an Tunesie gebuer ass. Mir wunnen an engem Appartement zu Steesel. Mäi Jong heescht Golshan. Hien ass den 23ste September 1990 gebuer a geet zu Belfast an Nordirland an d'Schoul.



2. Meng Fräizäit, meng Hobbyen, mäi Glawen, meng Iwwerzeegungen:

Ech fueren zënter dem Abrëll 2007 véier mol an der Woch mam Vëlo op d'Aarbecht. Domat maachen ech eppes fir d'Ëmwelt, fir meng Gesondheet a mäi Bauch. Ech gi gär an de Kino an ech sinn a mengem Glawen aktiv. Ech hunn

Däitsch, Franséisch an Englesch an der Schoul geléiert. Meng Mammesprooch ass Lëtzebuergesch. Ech hunn iwver zwee Joer zu Haifa an Israel gewunnt, an néng Joer an Nordirland. Doheem schwätzen ech mat menger Fra meeschtens Franséisch. Ech sinn iwverzeegt, dass all Mënsch d'Potential huet, fir Guddes ze maachen. Hei sinn zwee Zitater, déi mir gutt gefallen:

Betruecht de Mënsch als e Biergwierk, räich un Edelsteng vun onschätzbarem Wäert.

Voyez en l'homme une mine riche en gemmes d'une inestimable valeur.

Loosst all Moie besser si wéi den Owend virdrun an all neien Dag méi räich wéi de viregen.

Let each morn be better than its eve and each morrow richer than its yesterday..⁵

Que chaque matin soit meilleur que la veille et chaque lendemain plus riche que le jour précédent!

⁵ aus de Bahai Schrëften, www.bahai.lu

3. Ech si frou dass dir wëllt Lëtzebuergesch schwätzen. Bravo! Ech hoffen, dass mir eng gutt Zäit matenee verbréngen. Ech probéieren de Cours sou interessant a lieweg wéi méiglech ze maachen. *La langue n'est jamais étudiée pour « elle-même ».*⁶

4. Ech erwaarde vun iech, dass dir motivéiert sidd, an dass dir all Efforte maacht fir Lëtzebuergesch ze schwätzen. Dir wësst jo:

Mat fale léieren d'Kanner goen! +

Wien näischt mécht, deen näischt brécht!

Et ass ganz nätzlech,

- wann dir en Dictionnaire hutt.
- wann dir e Buch hutt fir Lëtzebuergesch ze léieren an Exercicer ze maachen.
- wann dir Internetaccès hutt: www.lod.lu – www.elearning.lu – www.luxdico.com – www.rtl.lu
- wann dir äre Progrès opschreift a wann dir Frënn hutt, déi Lëtzebuergesch schwätzen.
- wann dir de Radio an d'Tëlee lauschtert a kuckt.
- **wann dir eng oder méi Persoune kennt, déi iech kënnen hëllefen!**

*Mir schwätze Lëtzebuergesch, mir schwätze mateneen, mir léieren eis kennen,
mir maachen e Projet zesummen, mir iessen an drénken zesummen, mir sängen an danzen, ...*



Erwuessener kënnen net wéi Kanner behandelt ginn; si hunn aner Besoinen; si léiere méi liicht an engem informellen an entspaante Kontext.

⁶ L'enseignement/apprentissage des langues aux adultes, Pédagogie convergente, M.Wambach 1999


B. ABC

Wat ass hei extra ?

A Brasilien chatten dräi Engländer. Fënnef Griichen hunn indesch Joffere kennegeléiert. Lëtzebuurger molen nëmmen owes. Pirate quäle russesch Stéieren. Tonnen Usträicher verdeele wäiss X-Been. Yachten zerfalen.

A

en Aarm	akafen	aarm	an	Amerika
eng Apdikt-en	arrangéieren	al	anescht	Albanien
en Auto-en	ameséieren	aktiv	all	Australien
eng Autobunn-en	apaken	agreabel		Afrika/Asien
eng Arméi-en	alueden (invitéieren)	akzeptabel	Afghanistan	Andorra
eng Aarbecht	ausdoen (≠ undoen)	arrogant		Algerien
Andéiwen	ausmaachen (≠ umaachen)			Angola
A-en	en Alarm			Armenien
Associé-en	en Apel			Argentinien



An Amerika ass alles anescht, awer an Afrika ass all Af al an all aarmen an arroganten Affekot arrangéiert alles.

B

e Bauer				
e Bauch	brauchen ⁷	blo	bei	Bulgarien
e Buttik	bréngen	brong	bal	Belsch
e Bus	bludden	beige	bëssen	Bréissel
Bëbee-en	sech bestueden	bëlleg		Brasilien
e Bild – Biller	bieden			Bissen
e Brudder – Bridder	bestellen			
eng Bir fir z'iessen,	bauen	en Äisbier		eng elektresch Bir
e Béier ouni Alkohol		eng Bei		enb Bidden
eng Blumm-en	e Bijoux-en	e Brëll		
e Bam, e Bësch, Bambësch	e Bréifdréier	eng Bank		
e Blat – Blieder	e Bréif - Bréiwer	e Büro-en		eng Bom, Bomi




A Brasilien brauche belsch buddhistesch Bridder brong Biller. Beim Bereldénger Bauer baue brasilianesch Bréifdréier bëlleg Bungalowen.

⁷ avoir besoin de, to need

C

calméieren	connectéieren	e Cadeau	e Camion	en CD
campéieren	consoméieren	e Caddy	e Canapé	en Cello
certifiéieren	convoquéieren	eng Cafeteria	e Camambert	d'Chamber
changéieren	cooperéieren	eng Caissière	eng Capacitéit	e Champignon
coifféieren	culpabiliséieren	e Croissant	eng Carrière	
		e Charisma	e Chauffer	e Chantier
chic	Chips	e Charme	e Charakter	e Chirurg
eng Crevette	eng Crèche	eng Chrëschtvakanz	e Classeur	e Client
eng Conclusioun	e Concours	eng Clinique	eng Commande	e Computer

Chic certifiéiert coifféiert Chômeure condamnéieren cicatriséiert Chinesen.





Eng chic coifféiert Caissière.

D

en Daum(en)	drénken	duuschtereg	dann	Dänemark
en Dokter(en)	dérangéieren	duuss	dobaussen ≠ dobannen	Däitschland
en Dag (Deeg)	danzen		den	Dippach
eng Drauf (Drauwen)	dynamiséieren	deier	Dir	Dijon
eng Dier(en)	däerfen	donkel	dënn	Diddeleng
en Déier(en)	dréchnen	dréchen		Déifferdeng
en Duerf (Dierfer)				Dënschdeg Donneschdeg
en Dinosaurier				

Donneschdes däerfen dräi déck duuschtereg Déieren doheem dräizéng deier
Drauwejusen drénken.





en Elefant

en Enkelkand		eelef	eng	England
en Enkel(en)	enervéieren	eent	eppes	Estonien
	erkennen	Ech		
en Elektriker(en)	erwächen	ëmmer		Estland
en Eemer(en)	examinéieren	Entschëllegt !		Éisträich
				Esch




Een engagéierten Englänner ënnersicht en eeleren Elefant. En eleganten éisträicheschen Eisebunner ësst ëmmer eelef Eeër ënnert engem eekelegen Eemer.



e Fräsch

D'Fritten an d'Fenster si fetteg am Fréijoer. Eng Frell ass e Fësch. A menger Famill fëmmt keen.


Freides fanne fënnef franséisch Fëscher fofzeg flott finnesch Fraen.



eng Giraff

Op mengem Gebuertsdag ginn ech an d'Garage. Geméis ass gutt, gesond a gratis. E Gummi an e Bläistëft passe beieneen.

Ganz Griicheland gewënnt ganz gär grouss gréng Gromperen.



en Hippopotamus (Nilpäerd)

Fir meng Hochzäit hunn ech himmelblot Hiem ugedoen. Ech huelen en Hummer fir en Nol anzeschloen. Huet hatt e schéinen Hënner?

Hien huet honnert Hoer. Hien huet hatt houschten héieren. Hien héiert honnert Hënn houschten. Hatt hëlleft him. Hien hënnert heiansdo. Hatt heet Holz hannert hirem héigen Haus.



en Igel

Island ass eng Insel. Sizilien ass eng italienesch Insel. Iwwerall ginn et Iwwersetzer. Iwwermuer iessen ech Inten.


Intelligent irlännesch Infirmiëren iessen iwwerall immens interessant israelesch Ierzen.



e Jaguar

Jüddesch Jonge, Joffere an Jonggeselle ginn zu Jersusalem an d'Schoul. Jidderee muss stierwen.

Jalous japanesch Jaguarbesëtzer jäizen a jéimere jorelaang : Justiz !



e Kangerou

Kee Kallef ka kéipweis Kachkéis kachen. Kënne kapverdianesch Kanner kräischen ? Keng Kou ka Kuddelfleck⁸ kachen.



e Léiw

Liddereg Leit liese léiwer lues lëschtteg lëtzebuergesch Lidder. Lëtzebuenger liewe luxuriéis.



Eng Maus, 5 Mäis

⁸ gras double, tripes

Méindes moies muss meng Mamm mat mir mazedonesche Moschtert maachen.
Modern Musik mécht mech mëttwochs mueres midd.



en Nilpäerd

Neng nei näischnotzeg Noperen naschelen nuets noeneen net nëmmen nonzég
norwegesch Nëss.



En Ochs

Owes organiséieren ons ongedëlleg onsympatesch Orthopeden oft onméiglech
oniwwerluechten Owescoursen ouni Onkäschten.



zwee Päerd


Pedantesch protestantesch Polizisten penaliséieren pechschwaarz Policeautoen.



Q

Quasi quiitschvergnügt quatsche Quetschen. Quesch Quizmastere quatsche
quiitschvergnügt.

Eng gutt Questschentaart!



e Rinozeros

Rammeldenger Radiosreportere raschte roueg rondrëm richtig rout Reitpäerd.



e Schof an eng Spann

Schéi schei Steeseler Sänger schlofe scho Sonndes.




en Tiger

Tibetanesch Trampolisten tréischten traureg Tunesier.



Ungaresch Uergelbauer üben uerdnungsgeméiss um U-Boot.




eng Vas

Véierzéng verantwortungsvoll vietnamesesch Vegetarier verléiere vill Vëloscourssen.



W e Waasserbett

Wéi wëlle waakreg waarmhärzeg Walfer Wieler warscheinlech wackeleg
Waasserbetter wäschen ? Wéini wëlle witzeg Walfer weiderlafen ? Wéi wiiisst
wat wou wéini ? Wie wëllt wonnerbare wäisse Wäin ?



en Xylofon

x-mol – X-Been



Y

Yoga – Yogurt – Yen - Yacht



en Zebra

Zéng Zéiwen zabbelen.

Zwee Zaldoten zéien zesummen zéng Zenner Zocker.



50 kg

c. De Contraire – Wat passt ?

Eng Persoun – Eng Saach – Eng Situatioun – E Land

1. eng Fro
2. e Problem
3. d’Léift
4. d’Liewen
5. de Fridden
6. de Mann
7. de Jong
8. de Brudder
9. de Papp
10. de Cousin
11. moies
12. muer
13. iwermuer
14. d’nächst Woch
15. déi éischte Kéier
16. vill Gedold
17. richteg
18. gutt
19. schéin
20. couragéis
21. intelligent
22. frou
23. räich
24. interessant




- langweileg
- traureg
- aarm
- eng Äntwert
- eng Léisung
- ignorant, domm
- ängschtlech
- den Haass
- de Krich
- ellen
- schlecht
- falsch
- keng Gedold
- d’Fra
- d’Meedchen
- d’Schwëster
- d’Mamm
- den Doud
- owes
- gëschter
- virgëschter
- d’lescht Woch
- déi leschte Kéier
- d’Cousine

Eng Persoun – Eng Saach – Eng Situatioun – E Land



- 25. grouss
- 26. schwéier
- 27. déck
- 28. séier
- 29. gesond
- 30. waarm
- 31. un
- 32. op
- 33. deier
- 34. voll
- 35. schwaarz
- 36. dréchen
- 37. eppes
- 38. ëmmer
- 39. iwwerall
- 40. jonk



- néierens
- ni
- kleng
- liicht
- dënn
- näischt
- naass
- wäiss
- eidel
- lues
- krank
- kal
- al
- aus
- zou
- bëlleg

不分年龄人人共享的社会

1999年国际老年人年

Verben

41. sichen

42. ginn

43. liewen

44. schwätzen

45. gewannen

46. schreiwen

47. iessen

48. falen – sech setzen

49. kafen

50. laachen

51. mam Auto fueren

52. eropgoen

53. Sue verdéngen

54. sech undoen

55. bleiwen

56. kréien

57. jäizen



- pësperen

- goen

- huelen

- sech ausdoen

- Suen ewechginn

- fannen

- kréien

- stierwen

- lauschteren

- erofgoen

- zu Fouss goen

- kräischen

- verkafen

- opstoen

- drénken

- roueg sinn

- verléieren

- liesen

D. Themen aus dem Alldag

1. E schéine Gebuertsdag

E schéine Gebuertsdag

fir dech, e schéine Gebuertsdag fir dech, e schéine Gebuertsdag

- léif Mamm, (fém.)
- léift Esther, (neut.)⁹
- léiwen Arthur, (masc.)



e schéine Gebuertsdag fir dech

Wéini ass äre Gebuertsdag? Mäi Gebuertsdag ass de 7te September 19..

Ech	iessen	E Kaffi	fir mech.
Du	drénks	En Téi	fir dech.
Hien	hëlleft	E Stéck Kuch	fir hien.
Hatt	...	Eng Tass Kaffi	fir hatt.
Si	...	E Glas Waasser	fir si.
Mir	...	Eng Portioun T..	fir eis /ons.
Dir		Eng Glace	fir iech.
Si		Näischt	fir si.

N-Regel : -n bleibt wann duerno *i,u,e,o,a,y,- n,d,t,h,z* kënnt.

gebuer : Ech si gebuer : Ech **sinn** den 8ten Oktober **gebuer**.

Dag : 1 **Een** Dag, 2 **Zwee** Deeg



Ee Mann	Zwee Männer	<i>masc.</i>
Een Appartement	Zwee Appartementer	<i>neut.</i>
Eng Fra	Zwou Fraen	<i>fém.</i>

⁹ ici, le prénom féminin est considéré comme étant neutre

2. Wéi gött d' Wieder muer?



Dialog:

A: A wéi gött d'Wieder muer?


B: Gutt, vill Sonn, 25 Grad, e bloen Himmel, einfach herrlech.

A: Dat héiert ee gär! Typescht Wieder zu Lëtzebuerg.

Wéi gött d'Wieder d'nächst Woch? Wéi gött d'Wieder de Weekend?
 de Reen - Et reent - Et gött Reen - de Prabbeli -Et reent, ech brauch de
 Prabbeli de Blëtz - de Wand - den Niwwel - Et ass niwweleg - de
 Schnéi - Et schneit - d'Sonn - D'Sonn schéngt - Et ass sonnég - Et gött
 Sonn - d'Wollécken - Am Himmel si Wollécken – Et ass bedeckt - de
 Frascht - Et gött Frascht - en Donnerwierder - schéi Wieder – Sonn -
 schlecht Wieder – Reen - Et gött Sonn - Et gött méi kal - Et bleift
 fiicht – Et ass frësch dobaussen – Et ass vill Wand – De Wand bléist

D' Joreszäiten: d'Fréijor - de Summer - den Hierscht - de Wanter

Meteos Kaart



Uertschaft	Situatioun	Temp. [°C]	Wand [km/h]	Sonn [m/h]	Reen [mm/h]
Elwen	heiter	16.2	0 15	60	0.0
Eschduerf	heiter	16.2	0 9	60	0.0
Ettelbreck	heiter	17.7	NO 6	60	0.0
Eesbech	heiter	15.1	0 2	60	0.0
Waasserbelleg	heiter	18.7	0 2	60	0.0
Stengefort	heiter	17.2	NO 7	60	0.0
Bartreng	heiter	17.8	0 11	60	-
Peiteng	heiter	16.9	0 13	60	0.0
Betebuerg-Obele	heiter	17.1	SO 9	60	0.0

Méiglechkeeten fir d'Thema Wieder ze verschaffen: Assoziogramm, zouerdnen, kal-waarm, gutt-slecht.

Aner Referenzen: Ech kann iwwer d'Wieder schwätzen.



<http://news.rtl.lu/meteo/>

Meteo Links



Donnerwieder um Internet!

An, wéi ass d'Wieder bei Iech? Gutt, et geet, gësch huet et e bësse gereent... Ob Wanter, ob Summer, d'Wieder ass a bleift Gesprächsthema Nummer 1 ënnert de Leit. Wien iwwerall wëll matschwätze kënnen, soll sech déi Links hei eranzéien!



[MSN Wetter](#)

Meteomedia fiddert MSN mat Donneeë vun alle Wiederstatiounen an Europa, an dat heescht Qualitéit, souwuel wat aktuell Analysen, wéi Previsiounen ugeet. Exzellent!



[Yahoo Weather](#)

Yahoo ass meeschtens net ze toppen. Och an der Meteo net. Déi ganz Welt am Iwwerbléck, an esou guer Lëtzebuerg gouf net vergiess. 4 Statiounen, Diddeleng, Miersch, Lëtzebuerg an Esch.



[Météo France](#)

A jo, do war jo och nach de Site vu Météo France. Tiens, d'Fransouse beschränken sech net aleng op den Hexagon, mee informéieren iwwert d'ganz Welt. Eenzeg negativ Note, dee Site ass esou eppes vun oniwwersiichtlech.



[BBC Weather](#)

Et gëtt näischt, wat d'BBC net huet, och net komplett Wiederprevisiounen. A wie sech ameséiert, fënnt esou guer Informatiounen iwwert Lëtzebuerg an... iwwert Iechternach!



[Wetter.de](#)

Eis RTL Kollegen an Däitschland hunn ee komplette Wieder Site, mat alle méigleche Features, Schiwieder, Plage Meteo etc. Wie méi wëll wësse, muss an de Premium Beräich an do gëtt geblecht!



[Web.de Wetter](#)

Fréier dat gréisste Portal aus Däitschland, ass net méi grad um Top, mee d'Meteo kann een awer kucke goen. Fir Lëtzebuerg si Statioune vun Esch, der Stad, Remeleng, Woltz, Kayl, Hollerech an dem Lampertsbiërg. Ah bon?



[Wieder zu Rued-Sir](#)

Dat Aktuellt Wieder vu Rued-Sir direkt vun der Wiederstatioun vum Änder Loos. All Detailer iwwer d'Loftfiichtegkeet, d'Wandgeschwindegkeeten, Grafiken de Réckbléck vum ganze Joer fannt dir op dësem Site.



[Wieder zu Diddeleng](#)

Dat Aktuellt Wieder vun Diddeleng direkt vun der Wiederstatioun vum Sylvain Cottong. All Detailer iwwer d'Loftfiichtegkeet, d'Wandgeschwindegkeeten, Grafiken de Réckbléck vum ganze Joer fannt dir op dësem Site.



[La Chaîne Météo](#)

Fir all déi die a Frankreich fueren ass dësen Site eng kleng Referenz zum Thema Wieder: Prévisounen op 7 Deeg, Webcams, La météo des plages, spezial Dossier'en,... Obwuel Frankräich am Méttelpunkt steet, kann een awer och d'Wiedersituatioun op der ganzer Welt kréien.



[Wetter Online](#)



E komplette Site iwwert d'Wieder mat Satellitkarten, Temperaturen, Statistiken... Wann en net esou elle wier, kéint de Wetter Online bal de Maximum u Punkte maachen.



[Meteo 123](#)

Meteo 123, de franséischen Ofleeër vum Weather Channel, ass kuerz gebonnen, mee prezis. Links och op aner europäesch Länner, mee net op Lëtzebuerg. Um amerikanesche Site fënnt ee Gesondheetstipps.



[Wetter.com](#)

Grillwieder, Agrarwieder, Reeswieder, jo souguer Bundesligawieder gëtt op dësem Site gebueden. Witzeg an informativ ass en de wetter.com, mee net ganz schéin. Et sief, en Détour ass e wäert.

3. Wat sinn är Fäegkeeten, är Kompetenzen ? Wat kënnt dir maachen ?

Wat ass eng Kompetenz ?¹⁰

D'Fäegkeet, bestëmmten Aufgabe selbststänneg ze maachen.

D'Birgit kann usträichen.

Den Erich kann alles am Haus maachen, tapezéieren, usträichen, asw. Hie kann d'Steiererklärung maachen. Hien huet och de Camionsführerschäin.

D'Mariola ka gutt kachen a Franséisch schreiwen. Hatt (Et) huet Sënn fir Faarwen. Hatt kann och sängen.

De Bernd kann Dëschtentnis spillen, kennt sech mat Geographie aus, kann Englesch schwätzen. Hie kann och gutt mam Auto fueren.

D'Anette ka Russesch schreiwen a schwätzen, hatt kann e Gaart uleeën. Hatt kann AIKIDO, (Harmonie, Energie, de Wee)

Meng Fäegkeeten a Kompetenzen :


Ech ka(nn):

- vun däitsch op spuenesch iwwersetzen.
- Fester organiséieren.
- Miwwel restauréieren, gutt schläifen
- gutt nolauschteren
- no klenge Kaze kucken.
- gutt mam Computer schaffen,
- den Daach decken.
- Nohëlfsstonnen an der Mathematik ginn.
- gutt Keele spillen
- Querflöt an Duddelsak spillen, sängen,
- Fotoe maachen. Stroossekaarte liesen
- Dësch-Tennis spillen




tanzen

¹⁰ Kompetenz (v. lat. competere - zusammentreffen) bezeichnet die Fähigkeit (psychologisch) oder die Zuständigkeit (juristisch) eines Menschen, bestimmte Aufgaben selbständig durchzuführen. de.wikipedia.org/wiki/Kompetenzen



Coaching-Kompetenzen



4. D'Liewe vun enger Koppel, mat e puer Méiglechkeeten

- Kanner kréien - sech bestueden
- sech kenneléieren
- sech kussen, mat him (hir) schlofen
- sech nees verdroen
- sech scheede loossen



- sech streiden - sech trennen
- sech verléiwen - sech verloben
- sech an der Kierch bestueden
- sech op der Gemeng bestueden
- sech fir säi Partner interesséieren
- sech mam Partner beschäftegen
- sech fir säi Partner freeën
- d'Zukunft zesumme plangen
- sech u säi Partner gewinnen
- sech ëm säi Partner këmmere
- op säi Partner waarden




.....
Exercice: Schreift eng kleng Geschicht. Zwou Persoune léiere sech kennen. **Variatioun:** Mir erzielen d'Geschicht an der Klass. Jidderee setzt e Saz dabei.

5. Mäi Beruff – Meng Aktivitéit

Wat ech a mengem Beruff alles brauch.



Wat ass déi wichtegst Qualitéit fir all Beruff ?



	Eng Bauerefra	
Eng Hausfra		soll alles kënnen.
	E Lëtzebuergeschproff	
	E Buschauffer	
	En Hausdokter	
Eng Sekretärin		
	E Journalist	
Eng Aide-soignante		
	E Kënschtler	
Eng Usträicherin		
	E Comptable	
Eng Ministesch		
	En Elektriker	
Eng Affekotin		
	En Installateur-sanitär	
Eng Psychologin		
	E Schräiner	
Eng Serveuse	E Garçon	
	E Kach	
	E Bréifdréier	
Eng Informatikerin		

Eng Richterin, eng Modistin, eng Vendeuse, eng Gärtnerin, ...
Eng Kardiologin, ...

1. soll Gedold hunn.
2. soll exakt a präzis sinn.
3. soll gutt kënne rechnen.
4. soll gutt mat Zuele sinn.
5. soll gutt mat Leit kënnen ëmgoen.
6. soll gutt mat Leit eens ginn.
7. soll gutt schreiwe kënnen.
8. soll gutt an dättelech schwätze kënnen.
9. soll Initativ huelen.
10. soll kreativ sinn.
11. soll Décisiounen (Entscheidungen) huelen.
12. soll sech kënne laang konzentréieren.
13. soll nolauschtere kënnen.
14. soll gutt mat Maschinne sinn.
15. soll frëndlech a léif sinn.
16. soll organiséiert sinn.
17. soll d'Leit gutt kennen.
18. soll kompetent sinn.
19. soll neutral sinn.
20. soll gutt mole kënnen.
21. soll flexibel sinn.
22. soll gutt kache kënnen.
23. soll gutt oppassen.
24. soll hëllefsbereet sinn.
25. soll gutt mat den Hänn schaffe kënnen.
26. soll logesch denke kënnen.
27. soll e gudde Verhalt hunn.



6. D'Faarwen



Wéi eng Faarf hues du gär? - Wat fir eng Faarf hues du gär ?

Wéi eng Faarf ass däin Auto ?

Mäi Classeur ass ... Mäin Auto ass ...

Ech hu gär ...



- **gréng**, hellgréng, donkelgréng
- **blo**, hellblo, donkelblo, himmelblo
- **brong**, hellbrong, donkelbrong, **beige**
- rout, bordeaurout, orange
- **giel**, **goldeg**
- **gro**, schwaarz
- wäiss, sëlwereg
- mof, rosa



D'Fassade ass giel, awer ganz grell. D'Blat ass néonblo.

Mäin Hiem ass net karéiert, **awer**¹¹ däin Hiem ass karéiert.

Mäin Hiem ass gesträift, **mee** däin Hiem ass net gesträift.

Säin T-Shirt ass faarweg.



¹¹ awer = mee (mä)

7. D'Auer an d'Zäit

Ech hu keng Zäit. Du hues vill Zäit.


Hien huet net vill Zäit. Mir hunn e bëssen Zäit.



Dialog: Salut Rose, hues du elo Zäit? Jo, firwat ? Komm, mir schwätzen e bësse Lëtzebuergesch. D'accord, awer net ze laang. Neen, just 10 Minutten.

D'Auer

1. De Ricardo huet eng schéin Auer.
2. Wéivill Auer ass et? Et ass bal 8 Auer.



De Richard huet ëmmer Verspéidung. D'Loubna huet ni Verspéidung.

D'Angélique huet e bësse Verspéidung. Den Usama huet heiansdo Verspéidung. De Vasco huet dacks Verspéidung.

Ech kommen ni spéit. Ech sinn ëmmer mat Zäit do.

☺ ni - bal ni - heiansdo - dacks (oft) – meeschtens – bal ëmmer - ëmmer ☺

<i>Ech + Verb</i>	<i>Zäit + Verb</i>
Ech stinn um 8 Auer op.	Um 8 Auer stinn ech op. (opstoen)
Ech ...	Um halwer 9 drénken ech Kaffi. Ech iessen eng Schmier mat Kéis, an de Weekend e Croissant. Ech drénken eng grouss Tas Kaffi mat engem Stéck Zocker.
Ech ...	Um 10 Auer fueren ech op d'Aarbecht.
Ech ...	Um 11 Auer maachen ech eng Kaffispaus.
Ech ...	Um 12 Auer ginn ech eppes iessen.
Ech ...	Um 1 Auer maachen ech eng kleng Sieste.
Ech ...	Vun 2 bis 5 Auer schaffen ech e bëssen.



d'lescht Joer – d'lescht Woch – virun e puer Deeg – virun 3 Deeg

virgëschter – gëschter ☺ – **haut** - ☺ muer – iwweermuer – an 3 Deeg

Wéivill Auer ass et ?



Et ass eng Auer.



Et ass zéng Auer.



Et ass 5 op 5.



Et ass zéng op 3.



Et ass véirel op 6.



Et ass zwanzeg op 2.



Et ass 5 vir halwer 8.



Et ass zwanzeg vir 2.

Vun 8 bis 9 Auer : Et ass 8 Auer, 5 op 8, 10 op 8, véirel op aacht, 20 op 8, 5 vir halwer 9, halwer 9, 5 op halwer 9, 20 vir 9, véirel vir 9, 10 vir 9, 5 vir 9, 9 Auer.

- ☼ Moies iessen ech näischt. **Awer** den Owend ginn ech an de Restaurant.
- ☼ Mëttes ginn ech an d'Cantine iessen. **Awer** de Mëtteg ginn ech bei meng Mamm iessen.
- ☼ Owes iessen ech doheem. **Awer** den Owend iessen ech an engem chice Restaurant.

Gëschter Moien – Gëschter Mëtteg – Gëschter Owend

Haut de Moien – Haut de Mëtteg – Haut den Owend

Muer de Moien – Muer de Mëtteg – Muer den Owend

Aktivitéit :

Ex. Lätz fir all Dag : 3.7 an 3.8

Zu zwee an zwee sech austauschen, wat jiddereen den Dag iwwer mécht. Dat selwecht mat deenen anere maachen.



8. D'Kardinalzuelen



0	null	10	zég	100	honnert	1000	dausend
1	eent	11	eelef	111	honnerteelef		
2	zwee	12	zwielef				
3	dräi	13	dräizég	30	drësseg		
4	véier	14	véierzég	40	véierzeg		
5	fënnef	15	fofzég	50	fofzeg		
6	sechs	16	siechzég	60	siechzeg	sechzeg	
7	siwen	17	siwwenzég	70	siwwenzeg		
8	aacht	18	uechtzég	80	uechtzeg	achtzeg	
9	nég	19	nonzég	90	nonzeg		

Eng Fra – **Zwou** Fraen (fém) E Buch – **Zwee** Bicher (neutr) E Mann – **Zwee** Männer (masc)

20			zwanzeg	1 000 000	eng Millioun
21	een	an	zwanzeg	1 000 000 000	eng Milliard
22	zwee	an	zwanzeg	1 650 429	...
23	dräi	an	zwanzeg	...	dräi honnert dausend véier honnert siwwen zég
24	véier	an	zwanzeg	<ul style="list-style-type: none"> ▪ Ech hätt gär 6 Tranchen Ham w.e.g. ▪ Gitt mir 300 gr Gehacktes w.e.g. ▪ Meng Telefonsnummer ass 691 33 42 10 ▪ Kann ech fir de 5ten Oktober um 10 Auer e RDV kréie w.e.g. ? ▪ Wat ass är Schonggréisst? 44 ▪ Wat ass är Hausnummer? 1 ▪ Wéi grouss sidd dir? 1 Meter 86 	
25	fënnef	an	zwanzeg		
26	sechs	an	zwanzeg		
27	siwen	an	zwanzeg		
28	aacht	an	zwanzeg		
29	nég	an	zwanzeg		



9. D'Uerdnungszuelen




- | | |
|---------------------|--------------------------|
| 1. den éischen | 14. de |
| 2. den zweeten | véierzéngten |
| 3. den drëtten | 15. |
| 4. de véierten | 16. |
| 5. de fënneften | 17. |
| 6. de sechsten | 18. |
| 7. de siwenten | 19. |
| 8. den aachten | 20. den zwanzegsten |
| 9. den néngten | 21. den eenanzwanzegsten |
| 10. den zéngten | 22. |
| 11. den eeleften | 30. den drëssegsten |
| 12. den zwieleften | 44. |
| 13. den dräizéngten | 100. den honnertsten |
- De leschten (ass de beschten !)

Mir rechnen e bëssen :

néng	plus (an)	fënnef	ass :	
zéng	minus (wéiniger)	dräi	ass :	
véier	mol	sechs	ass :	
aacht	gedeelt (dividéiert) duerch	zwee	ass :	

Bréch : Ech hätt gär w.e.g. :

- e ganz Stéck Taart
- en halleft Stéck (eng Halschent, d'Halschent vun der Banann)
- en Drëttel vun de Leit sinn net Lëtzebuerger.
- e Véirel
- e Fënneftel
- 1/6




Déi éischt Kéier (1.) Déi lescht Kéier (?)

10. D'Zauberzuel 1089

Dësen Trick ass super a ganz einfach ze maachen. Am Ufank musst du dir eng dräistellig Zuel ausdenken. Et gëtt just eng Bedingung fir dës Zuel. Déi éischt Ziffer muss op mannst ëm 2 méi grouss si wéi déi lescht Ziffer. D'Zuel 381 ass also gutt, 382 awer net, well 3-2 nëmmen 1 ass.

Zuel	561	321	210
- Spigelzuel	165	123	12
Differenz =	396	198	198
+Spigelzuel	693	891	891
Zauberzuel =	1089	1089	1089



11. D'Deeg vun der Woch

Eng Woch huet 7 Deeg !



<i>All Méindeg = Méindes</i>	
Méindeg	Méindes
Dënschdeg	Dënschdes
Mëttwoch	Mëttwochs
Donneschdeg	Donneschdes
Freideg	Freides
Samschdeg	Samschdes
Sonndeg	Sonndes

1 **Een** Dag – 2 **Zwee** Deeg



Méindeg	méien	Ech méien de Wuess.
Dënschdeg	dënn	Ech sinn dënn.
Mëttwoch	eng Mëtt	Ech sinn an der Mëtt.
Donneschdeg	den Donner	Donner a Blëtz
Freideg	eis	eise Proff ass net sympathesch.
Samschdeg	sammelen	Ech sammelen Timberen.
Sonndeg	1 Sonn	D'Sonn schéngt vill.



1 Dag, 24 Stonnen a keng Zäit fir Lëtzebuergesch ze schwätzen ?



Mir rechnen. Bei mir ass et normalerweis esou :

Stonn(en) Minutten	Wat maacht dir?	Et bleiwen:	Bei iech?
8	schaffen	16 Minutten	
8	schlofen, dreemen, ...	8	
1	iessen an drénken	7	
15 Min	bieden a meditéieren 	6.45	
45 Min	Wäschen, duschen, Toilette, asw.	6	
1.5	zesumme mam Partner Tëlee kucken a schwätzen	4.5	
1	op d'Aarbecht fueren	3.5	
15 Min.	Sport maachen	3.35	
35 Min.	E-mail an Internet	3	
10 Min.	telefonéieren 	2.5	
15 Min.	opraumen, spullen , strecken, d'Haus propper halen	2.35	
35 Min.	kachen, Kaffi maachen	2 Stonnen	
20 Min.	d'Wäsch maachen, d'Fënster botzen		
30 Min.	mat de Kanner spillen, akafe goen		
10 Min.	mam Noper schwätzen, ...	1 Stonn	



A wéivill Zäit bleift dann nach fir Lëtzebuergesch ze schwätzen?
Vill, vill Zäit!



12. D’Kleeder

Wat ech unhunn

Sächlech: (neut.) - Ech hunn en Hiem. Dat ass mäin Hiem.

- en Hiem (er)
- e Kleed, e laangt Kleed



Männlech: (masc.)- Ech hunn e Rimm. Dat ass mäi Rimm.

- e Rimm, e Paltong
- e Kostüm (e Paltong, eng Box, e Gilet)
- en Tailleur
- e Mantel (e Reemantel), e Buedmantel



Weiblech: (fém.) – Ech hunn eng Box. Dat ass meng Box.

- eng Box, eng Cravatte
- eng Jackett, eng Blouse
- eng laang Jupe, eng kuerz Jupe
- eng Robe-de-Chamber



Plural : - Ech hu Strämp. Dat si meng

Strämp.

- Strämp
- Schong
- Stiwvelen
- Knäpp (1 Knapp)
- Stréckelen



Aner Saachen déi ech unhunn. - Wat ass dat ? – Dat ass ... Dat si ...

- e Brëll
- e Rank, en Ouerrank
- e Bracelet
- eng Ketten, eng Auer




13. Wat ass dat ? Dat ass ...



		<i>neut.</i>	<i>masc.</i>	<i>fém.</i>	<i>pl.</i>
		<i>Hiem</i>	<i>Rimm</i>	<i>Box</i>	<i>Kleeder</i>
<i>Ech</i>	wäschen	mäin	mäin	meng	meng
<i>Du</i>	sichs	däin	däin	deng	deng
<i>Hien, hatt</i>	hätt gär	säin	säin	seng	seng
<i>D'Mme X, si</i>	verkeeft	hiert	hiren	hir	hir
<i>Mir</i>	verkafen	eist	eisen	eis	eis
<i>Dir</i>	sicht	äert	ären	är	är
<i>Si</i>	wäschen	hiert	hiren	hir	hir

14. Liewensdevisen

- Déi golde Regel : Et sollt ee fir aner dat Gléck sichen, dat ee sech selwer wënscht. (*Buddha ca 450 v.Chr*)
- Liewen a liewe loossen.
- Eemol ass keemol.
- Schaffe fir ze liewen an net liewe fir ze schaffen.
- Vill klotere so séier, dass se guer net mierken, dass se op de falsche Bierg geklomme sinn.
- D'Liewen ass wéi molen, just ouni Gummi.
- Pass op däi Kierper op, et ass déi eenzeg Plaz, wou s du liewe kanns.
- Wéi een an de Bësch rifft, sou kënnt et nees zréck.
- An der Rou läit d'Kraaft.
- Et gött e Liicht an der gréisster Däischtert.
- Gött dir d'Liewen eng Zitroun, maach dir doraus eng Limonade.
- Wa mir dat schlëmmst erwaarden, si mir ni enttäuscht.
- Et gött kee Wee fir glécklech ze sinn. D'Gléck ass de Wee.
- Et leeft een nëmmen eemol.



E. Wat ass weiblech / féminin?

Eng Fra – D'Fra

An eiser Klass

Ass dat eng Luucht ? – Jo dat ass eng Luucht. – Neen, dat ass keng Luucht.

Wou ass d'Fenster ? – Do ass d'Fenster.

☼ eng Bier, eng Fläsch Waasser, eng Fëenster, eng Planz, eng Dreckschëscht, eng Tapéit, eng Tafel, eng Steckdous



D'Leit an eiser Klass

☼ eng Fra, eng Nues, eng Zéif, eng Broscht

Wat mir unhunn

☼ eng Box, eng Jupe, eng Cravatte, eng Ketten, eng Parréck, eng Jackett

An der Gemeng


☼ eng Biischt (Hoerbiischt, Zännbiischt), eng Trap, eng Skulptur, eng Fotokopéiermaschinn, eng Männertoilette – eng Fraentoilette, eng Kichen

☼ eng Botzfra

Am Duerf

Zu Steesel ass eng Kierch. Zu Steesel ass keng Tankstell.

Zu Steesel sinn **zwou** Pizzeria**en**.



☼ eng Kierchplaz, eng Gemeng, eng Pizzeria, eng Autobunn, eng Tankstell, eng Schoul, eng Spillschoul, eng Spillplaz, eng Sportshall, eng Vëlospiste, eng Strooss, eng Firma, eng Industriezone, eng Bushaltestell, eng Frittebud, eng Apdikt, eng Telefonskabinn, eng Bäckerei, eng Bréck, eng Kräizung, eng Parkplaz, eng Stroosseluucht, eng Wiertschaft, ...

1. Exercice: meng/deng

Ech hunn eng Planz	Dat ass meng Planz	Dat sin meng Planzen
Ech ...	Dat meng	
Du ...	Dat deng	
Hien, hatt ...	Dat seng	
Si ...	Dat hir	
Mir ...	Dat eis (ons)	
Dir ...	Dat är	
Si ...	Dat hir	

1. Wat ass dat ? Dat ass eng Box.
2. Wou ass d’Fënster? Do ass d’Fënster.
3. Ass dat eng Planz? Jo, dat ass **eng** Planz.
4. Ass dat eng Planz? Neen, dat ass **keng** Planz
5. Ass dat eng Jupe? Neen, dat ass eng Box.
6. Ass dat eng Cravatte? Neen, dat ass keng Cravatte, dat ass eng Jupe.
7. **Wéi** ass d’Planz? D’Planz ass schéin.
8. Ass dat deng Planz? Neen, dat ass net meng Planz.
9. Ass dat är Jupe? Jo, dat ass meng Jupe.
10. Ass dat seng Box? Jo, dat ass seng Box.
11. Ass dat eis Planz? Neen, dat ass net eis Planz.
12.



2. Eng ... - Am Klasesall

1. eng Fënster

2. eng Tafel

3. eng Luucht

4. eng Käerz

5. eng Tëlee

6. eng Bir

7. eng Planz

8. eng Dier

9. eng Tapéit

10. eng Mauer

11. eng Fläsch Waasser


12. eng Tas

13. eng Studentin

14. eng Botzfra

15. eng Posch

16. eng Fotokopiesmaschinn



Hutt dir **eng Planz** an der Klass ?

Ass bei iech **eng Planz** (an der Klass)?

Gëtt et an ärer Klass **eng Planz**?

3. Eng ... - Am Duerf

1. eng Kierch

2. eng Gemeng

3. eng Botzfra

4. eng Fra

5. eng Duechter

6. eng Buergermeeschtesch

7. eng Post

8. eng Bréifkëscht

9. eng Pizzeria

10. eng Strooss

11. eng Musik

12. eng Bank

13. eng Autobunn

14. eng Tankstell

15. eng Industriezone



16. eng Sportshal


17. eng Schoul

18. eng Spillschoul

19. eng Apdikt

20. eng Firma

21. eng Fussballséquipe



Hutt dir **eng Apdikt** am Duerf ?

Ass bei iech **eng Apdikt**?

Gëtt et zu Walfer **eng Apdikt**?





F. Kleng Wierder

an	à		Ech war laang an der Schoul.
an	dans/au	<i>prp</i>	Ech muss nach an de Cactus.
an	et	<i>cnj</i>	De Max an d'Betty sinn net do
bal	presque	<i>adv</i>	Et ass bal fënnef Auer
bei	chez	<i>prp</i>	Ech gi bei de Coiffer.
bei	près de	<i>prp</i>	Ech wunne bei der Post
bis	Jusqu'à	<i>adv</i>	Ech schaffe bis sechs Auer
bis gläich	à bientôt	<i>exp</i>	Bis gläich!
bis herno	à tout à l'heure	<i>exp</i>	Bis herno! Bis geschwënn!
dat	cela	<i>pro</i>	Dat ass schéin.
direkt	tout de suite	<i>adv</i>	Ech kommen direkt
dohannen	là-bas	<i>adv</i>	Kuck emol dohannen!
duerno	après/ensuite	<i>adv</i>	Ech kommen duerno.
elo	maintenant/ tout de suite	<i>adv</i>	Ech ginn elo heem.
eppes	quelque chose	<i>pro</i>	Wells du eppes iessen ?
ganz	très	<i>adv</i>	Ech si ganz frou.
ganz	entier	<i>adj</i>	Ech hunn d'Buch ganz gelies.
gär	volontiers	<i>adv</i>	Wëllt dir nach Kuch? Jo gär!
genuch	assez	<i>adv</i>	Ech hunn es genuch ! Ech hu genuch gedronk.
gläich/geschwënn	bientôt/ tout de suite	<i>adv</i>	Ech komme gläich.
hei	ici	<i>adv</i>	Ech sinn hei.
keng	pas de/aucun	<i>art</i>	Ech hu keng Kanner.
leider	malheureusement	<i>adv</i>	Ech hu leider keng Zäit.

nach	encore	<i>adv</i>	Ech muss nach schaffen.
nëmmen	seulement/uniquelement	<i>adv</i>	Ech hunn nëmmen nach zéng Euro an der Täsch.
net	ne pas	<i>adv</i>	D'Katty ass net do !
no	après	<i>adv/prp</i>	No der Aarbecht ginn ech heem.
oder	ou bien	<i>cjn</i>	Téi oder Kaffi ?
schonn	déjà	<i>adv</i>	Ass et schonn sou spéit?
vill	beaucoup	<i>dét</i>	Ech hu vill geschafft.
virun	devant	<i>prp</i>	Den Auto ass virun der Garagendier.
vun	de		Ech komme vun doheem.
well	parce que	<i>cjn</i>	Ech si midd well ech ze vill schaffen.
ze wéineg	trop peu	<i>exp</i>	Ech hunn ze wéineg geschlof.
zënter	depuis	<i>prp</i>	Ech schaffen zënter sechs Méint.
ze vill	trop	<i>exp</i>	Ech schaffen ze vill.
zréck	retour	<i>adv</i>	Ech kommen an zéng Minutten zréck.

O

X

Deckt äert rietst A mat ärer rietser Hand zou. (zoudecken)

Gitt no bei d'Blat a kuckt op de Buchstaf X.

Huelt d'Blat da lues a lues ewech.

Am Ufank gesitt dir den X an och den O, awer op eemol gesitt dir nëmmen den O.

G. Reklammen



Relax

10 EUR/Mount** → d'Zuel vun de Verbindunge vu LUXGSM op LUXGSM ass **ONBEGRENZT***

+ 10 EUR/Mount → d'Zuel vun den SMSen ass **ONBEGRENZT***

+ 5 EUR/Mount → d'Zuel vun de Verbindungen an all Festnetzer ass **ONBEGRENZT***

+ 5 EUR/Mount → d'Zuel vun de Verbindungen an de VOX- an an den Tango-Reseau ass **ONBEGRENZT***

Dir schafft bei LUXGSM an dir probéiert nei Clienten ze gewinnen. Wat ass är Strategie a wat sot dir?

Gruppendiskussioun, Strategie entwécklen, Text virbereeden an Inszenéierung. En neie Client kënnt an d'Geschäft.




cool fueren
Sprit spueren

écoconduite

H. Annoncen

104



VIVIUM ASSURANCES, une marque du Groupe P&V.

P&V ASSURANCES S.c.r.l.

<< LOSCHT MÉI ZE VERDÉNGEN? >>

Mir siche jonk Fraen a Männer déi Freed um Émgang mat Leit hunn a sech wëllen en interessanten Nieweverdéngscht opbauen. Si sollen op mannst 18 Joer al sinn a Lëtzebuergesch schwätzen.

Mir bidden:

- eng Ausbildung am Versécherungswiesen, bis hin zum Examen als staatlech agrééierte Versécherungsagent;
- e Verdéngscht déi de Leeschtungen entsprécht;
- d'Méiglechkeet spéider als professionellen Agent eng nei Carrière ze mëchen;
- d'Ënnerstëtzung vun enger Gesellschaft déi a voller Expansioun ass.

Schéckt är Demande w.e.g. un:

P&V ASSURANCES S.c.r.l.

7-9, avenue Victor Hugo

B.P. 1722

L-1017 Luxembourg

Email: patrick.siebenaler@vivium.lu

L.W.
Januar 07

1. Loscht méi ze verdéngen?

E puer Froen

Wéivill Leit brauch d'Assurance ?

Wéi al muss ee sinn ?

Ass et eng ganz Aarbecht, en Haaptverdéngscht?

Ass et eng Aarbecht um Büro?

Gëtt eng Formatioun offréiert?

Bis wéini muss een d'Demande schécken?

Kann een d'Demande per Email schécken?

Muss ee Lëtzebuergesch schwätzen?

2. Eng Doudesannonce

AVIS MORTUAIRES

D'Wort, 2te Januar 2007 - Avis
Mortuaires



*Herr schenke mir die Gelassenheit,
Dinge hinzunehmen, die ich nicht ändern
kann, den MUT, Dinge zu ändern,
die ich ändern kann und die WEISHEIT,
das Eine vom Anderen zu unterscheiden.*

Mat schwéierem Häerzen deele mir den
Doud vun eisem léiwen an onvergless-
leche Bouf, Brudder a Cousin mat, dem

Michel Ficker

Hien ass ganz onerwaart den 21. Dezember 2006, am bléienden
Alter vun nëmmen 18 Joer vun eis gaang. Hien huet dat Liewen an
eiser Mëtt net méi erdroen a wollt an eng besser Zukunft goen.
D'Begriefnis ass am engste Familljekrees.

Eng Mass gëtt gehalen haut Dënschden, den 2. Januar 2007, um
16 Auer an der Porkierch vun Hautcharage.

An déiwer Trauer:

seng Mamm: Diane Pastoret;
säi Papp: Peter Ficker;
säi Brudder: Sacha Ficker;
seng Grousselteren: H. an A. Ficker;
säi Pätter a seng 2 Giedelen;
seng Cousinen a Cousinnen aus der Schwäiz;
all seng Frënn a Bekannten.

Monnerech, CH-Worb, CH-Steffisburg a CH-Bern, den 2. Januar
2007.

Déi Leit, déi un eise léiwe Michel besonnesch denke wëllen, kënnen
dat maache mat engem Don un „MSF“, Drogesektioun, CCPL IBAN
LU75 1111 0000 4848 0000, mam Vermierk „Don Michel Ficker“.

996228.2

Här, schenk mir d'Rou,
Saachen z'akeptéieren,
déi ech net ännere kann,
de Mutt, Saachen z'änneren,
déi ech ännere kann,
an d'Wäisheet,
dat Eent vun deem Aneren z'ënnerscheiden.

Froen zu der Annonce vum Jong

Wéini war d'Mass?

Konnt jiddereen op d'Begriefnis goen?

Wat kann ee maachen, wann ee wëll besonnesch un de Michel denken?

Wie war alles an Trauer?


Wat ass geschitt? = Wat ass warscheinlech geschitt? = Wat soll mat deem jonke
Mënsch geschitt sinn?

I. Evaluatioun, Ech kann, ...

An der Geschirkëscht fënnt een d'Dokument *Ech kann*. Do si Beispiller vun Alldagssituatiounen.

<i>Je suis capable de/d' (en expression orale et/ou en compréhension orale et écrite) :</i>		
NIVEAU 1	OUI	NON
me présenter (nom, origine, langue, état civil, profession, domicile,...)		
présenter une autre personne		
compter, indiquer des numéros (tél. p.ex.)		
indiquer l'heure		
utiliser quelques formules de politesse		
m'excuser		
commander qch. (à boire ou à manger)		
exprimer ce que j'aime ou ce que je n'aime pas (choses ou activités)		
poser des questions (qui, où, pourquoi, quand, ...)		
mener une petite conversation sur la météo		
décrire mes activités (ce que je fais quand et où)		
NIVEAU 2		
exprimer mes souhaits quand je fais mes courses (voc : magasins, produits)		
laisser un bref message au téléphone		
rédigier de courts messages (e-mail, carte postale, ...)		
décrire une personne (vêtements, apparence)		
faire des comparaisons		
indiquer mes préférences		
mener une brève conversation au téléphone		
NIVEAU 3		
parler de mon environnement (famille, maison, travail, ...)		
raconter des événements au passé (sujets différents, p.ex. vacances, enfance)		
répondre/réagir à une annonce (offre d'emploi, location, ...)		
manifester mon intérêt pour une chose, un événement et en indiquer la cause		
m'exprimer en utilisant des formules de politesse plus élaborées		
répondre à des questions et suivre une conversation : chez le médecin/ aux différentes administrations,...		
parler de la santé, de l'alimentation, du bien-être		
NIVEAU AVANCE (Conversation)		
participer à des conversations parlant de sujets d'actualité		
comprendre l'essentiel du journal télévisé ou des nouvelles à la radio		
lire/comprendre des petits textes littéraires simples		
faire un exposé sur un sujet qui m'intéresse (avec notes écrites et préparation)		
justifier mes opinions, argumenter, donner mon avis		

J. Liesverständnes a Schreiwen

<p>Evaluation – Exercice - Test</p>	<p>Réservé à la correction</p>
<p style="text-align: right;"></p> <p>1. Fëllt Är Coordonnéeën aus, wéi wann Dir géift eng Hotelfiche ausfëllen.</p> <p>Numm :</p> <p>Virnumm :</p> <p>Alter :</p> <p>Adress :</p> <p>Duerf/Stad :</p> <p>Land : Nationalitéit:</p> <p>Telefonsnummer : email:</p>	<p>A1</p>
<p>2. Vervollstännegt mat der richteger Fro oder mat der richteger Äntwert:</p> <p>1. – Mäin Numm ass Jean Schmit. -</p> <p>2. - - Ech hunn 23 Joer.</p> <p>3. – Wou wunnt Dir ? -</p> <p>4. – Wat fir eng Nationalitéit hutt Dir ? -</p>	
<p>3. Vervollstännegt d’Lëscht oder wielt tëschent de Propositioniounen:</p> <p>1. Null, fënnef, zéng,,</p> <p>2. Siwwenzeg,, fofzeg,, drësseg.</p> <p>3. Nonzeg, eenannonzeg,,</p> <p>4. Ass dat (deng / däin / ären) Hond ?</p> <p>5. Wéi ass (deng / däin / är) Adress, wann ech glift ?</p> <p>6. Gees du mat (dengem / ärem / dengen) Hond spadséieren ?</p> <p>7. Si franséisch op der Universitét.</p> <p>8. Hues..... 15 Joer ?</p> <p>9. Wunnt.....zu Lyon ?</p>	

4. Wielt tëschent de verschiddene Propositionen :



1. Wëllt Dir (ze vill / e Glas / e Stéck) Jus ?
2. Ech hu (keng / bëssen / e bëssen) Sue bei mir.
3. Hm... Dat ass gutt, mee fir mech, ass et (ze vill / ze genuch / wéinig) Salz.
4. Kanns du (d' / den / -) Ueleg kafen, w.e.g. ?
5. Kafe mir (- / d' / eng) Postkaarte fir eis Frënn?
6. Ech kennen (den / d') Avenue Gaston Diderech net. Wou ass déi?
7. De Pierre fiert de Samschdeg op Tahiti, an hien huet mir proposéiert mat (hinnen / him / hir) ze fueren.
8. Mir ginn de Samschdeg bei d'Lucie an de Bruno. Si invitéieren (iech / eis / si) fir Chrëschttag.
9. An d'Foto vum Jean-Philippe, wëlls du (se / en / et) ?

5. Déi richtig Sätz matenee verbannen :

- | | |
|---|---|
| 1. Ginn et Hotellen an Ärer Strooss ? | A. Ma sécher. Kuck am Frigo. |
| 2. Kann ech e bësse Waasser drénken ? | B. Jo, hien huet mech fir e Samschdeg invitéiert. |
| 3. Gesäis du de Paul dëse Week-end ? | C. Jo, ech gesinn hatt am Lëtzebuergeschcours. |
| 4. Gees de mat eis nächste Samschdeg an de Kino ? | D. Neen, ech hu kee Miel. |
| 5. Maache mir Paangercher ? | E. Neen, et gi keng Hotellen. |
| 6. Kenns du d'Linda? | F. Merci, awer ech hu schon eppes geplangt. |

1	2	3	4	5	6
<i>Exemple : E</i>					

6. Wielt tëschent de verschiddene Propositionen :

1. Schlooft Dir (am / an der / an d') Hotel ?
2. Hues du e Film (am / an der) Kino gesinn ?
3. Ech sinn net (an / op / aus) Indien gaang, mee ech ginn de Juni (an den / op den / aus dem) Nepal.
4. De Paul an d'Julie fuere muer (an / op / aus) Ägypten.
5. Hues du gëschter d'Fanny an de Louis gesinn ? Neen, ech hunn (him / hir / hinnen) telefonéiert.
6. Gitt Dir den Owend an de Kino? Neen, mir ware gëschter Owend (do / hei).

7. Déi richteg Sätz matenee verbannen :

A2

- | | |
|------------------------------|------------------------|
| 1. Si huet 89 Joer. | A. Si ass gebilt. |
| 2. Si ass net déck. | B. Si ass glécklech. |
| 3. Si kennt vill Saachen. | C. Si ass dënn. |
| 4. Si huet schéi Kleeder un. | D. Si huet e Brëll un. |
| 5. Si gesäit net ganz gutt. | E. Si ass al. |
| 6. Si laacht vill. | F. Si ass elegant. |



1	2	3	4	5	6
<i>Exemple : E</i>					

8. Wielt tëschent de verschiddene Propositionen:

1. D'Aurélië wëll (op, aus, vu) Paräis fortplënnere an an eng méi roueg Stad goen.
2. Gutt ! Ech (elo goen / fortgoen). Bis den Owend !
3. Dir sidd säit engem Joer hei. Wéini (verloossen / zrëckgoen) dir an äert Land?
4. D'Sophie kennt de Professor (deen / déi / dat) a senger Noperschaft wunnt.
5. Mir gefällt déi kleng Insel (wat / wou / wien) ech d'Vakanz verbruecht hunn.
6. Hei ass dee Büro (wou / wat / wien) ech all Dag schaffen.
7. (Kann / Kanns / Kënnt) du d'Fro widderhuelen, wann ech glift?
8. (Wéi / Wou / Wat) al sinn dem Paul seng Kanner?
9. Mir ginn an de Kino. (Gees / Gitt / Ginn) dir mat eis?



9. Vervollstännegt oder wielt tëschent de verschiddene Propositionen:

1. Gëschter Moien d'Sylvie (net waakreg ginn), an hatt ass ze spéit komm.
2. Kommt eran, Madame Martin a (sech setzen).
3. De Julien ass d'lescht Woch net komm an dir (sollt / musst / kënnt) iech net opreegen.
4. Muer (has / hues) du vill Problemer, wann s du net kënns.
5. Nächste Samschdeg (geet / ginn / si mir gaangen) mat mengen Elteren an de Kino.
6. Fir hir nächst Vakanz (hu si gemaach / maachen) si eng Weltrees.
7. Ech hätt gär dass du muer (kënns / kéims).
8. Hatt hätt gär datt ech mat him bei den Dokter (géif goen / géing goen / soll goen).
9. Ech telefonéieren dem Marie, datt hatt dem Lucien (soen / soll soen) fir bei eis ze kommen.



10. Vervollständigt oder wielt téschent de verschiddene Propositionen:

1. Deng Pâtisserie ass ganz gutt, mee déi vum Marc ass (gutt / besser / am beschten).
2. De Jean huet iwwerhaupt kee Goal geschoss. Hien ass dee (beschten / de schlechsten) Spiller a senger Equipe.
3. Ech reservéieren (fir sécher ze sinn / fir) datt mir en Dësch kréien.
4. D'Fabienne kontaktéiert hien, fir datt hien éischer heihinner (kommen / komme sollen).
5. Wa mir (kënnen / kéinten), géife mir méi dacks an den Theater goen.
6. Ech huelen den Zuch vun 18 Auer 5; et sief dann, ech (kommen / wier komm / géif kommen) éischer aus dem Büro.

B1

11. Vervollständigt oder wielt téschent de verschiddene Propositionen :

1. Mir maachen et och (wann / am plaz vun / trotzdem) den Direkter net domat averstan ass.
2. Hien huet net gesot datt hien de Projet net gär hätt, (am Géigendeel, wéi och ëmmer / ob jidde Fall), en huet dëse Projet immens gär.
3. Hien ass fortgaang (souguer / obschonn) ech hie gefrot hat fir op mech ze waarden.
4. Hatt fäert, datt dat schlecht (ausgoen) an datt si forcéiert (sinn / ass), d'Haus ze verkafen.
5. Gutt, ech hoffen datt muer alles gutt (goen).
6. Neen, wierklech, ech sinn enttäuscht, datt hatt (decidéieren hunn) déi lescht Woch net ze kommen.
7. De Plateau läit op enger (Héicht / Déift / Breet) vun 1 200 Meter.
8. Den Terrain ass 100 Meter (laang / breet / héich) a 25 Meter (laang / breet / héich).
9. Am Indischen Ozean kënnen etlech Riffer op enger (Héicht / Déift / Längt) vun 250 Meter sinn.

12. Wielt :

1. Ech hätt net sollen (a)
Et wier net néideg gewiescht (b) ... mam Direkter doriwwer schwätzen.
Ech bedauern (c)
2. Wann ech gewosst hätt (a)
Et ass domm, dass ech (b) ... op dësen Dokter ze lauschten.
Ech hätt besser gehat (c)
3. Et ass schued (a)
Du bedauers (b) ... dass du de Goran net erëm gesinn hues.
Du häss sollen (c)

13. Wielt tëschent de Propositionen :

1. Hien ass zwou Wochen an d’Vakanz gaangen (obwuel / ouni / leider) sengem Personal et ze soen.
2. Am Géigesaz (zu / ouni / leider) senger Schwëster, déi éischer schei ass, ass de Jean ganz witzeg.
3. Obwuel den Euro vis-à-vis vum Dollar staark bleift, hëlleft dat (awer / trotzdem / am Géigendeel) der EU net vill.
4. Op jidde Fall, bei him ass et egal (wat ee / wat / wien / wéi) mécht, et ass ni gutt.
5. Et deet mir Leed, mee, (wien / wou / wat) Dir och sidd, Dir kënt net erakommen.
6. Dësen Tableau vum Monet, egal (wou / wien / wat) en ass, a wéi de Präis ass, ech si sécher datt ech e fannen a kafen.
7. Ech verlosse Paräis soubal ech eng Aarbecht (fannen/ fonnt hat / fonnt hunn).
8. Wa mir e bësse Waasser gedronk hunn, (kënne / kéinte / konnte) mir erëm goen.
9. Ech sinn net sécher, ob hie mech gläich urift, soubal hien d’Nouvelle (kritt / kritt hat / kritt huet).

14. Déi richteg Sätz matenee verbannen :

- | | |
|------------------------------------|--|
| 1. Ech schléissen of | A. engem leschten Aspekt, dem ekonomeschen Aspekt. |
| 2. Ech schléissen of mat | B. wéi et méiglech ass d’Qualitéit ze verbessern. |
| 3. Ech schwätze fir d’éischt iwwer | C. stellen ech iech eis Etude vum Marché vir. |
| 4. Mir gesi fir d’éischt | D. d’Evolutioun vum ekonomesche Contexte. |
| 5. Schlussendlech | E. mat deene wahrscheinlechste Léisungen. |

1	2	3	4	5
<i>Exemple : E</i>				

15. Wielt tëschent de Propositionen :

1. Gutt, fir de Fall wou et net (klappt / klappe géif / geklappt hätt), loosse ech dir meng Nummer do.
2. Et ass méiglech, am Fall wou dir 1 000.- Euros (matbréngt / matbruecht huet / géift matbréngen).
3. Elo stellt iech fir, de Buergermeeschter (misst / hätt missen / muss) zrécktrieden, wie kéint seng Plaz anhuelen?
4. Ech kann iech dat preparéieren ënnert der Bedingung (Conditoun), dass ech et 2 Deeg virdru (weess / wouss / géif wëssen).
5. Ugeholl, et (kéint / kann / konnt) een et reparéieren, wou géif een déi néideg Sue fannen?
6. De Fabien huet mir ugeruff : Hie (wëllt / wollt / huet wëllen) dech muer gesinn.

Bravo! Gutt geschafft! Elo hutt dir eng kleng Paus verdéngt!

K. Froen

1. Wéini ?

1. Wéini ass de Lëtzebuergeschcours ?
2. Wéini hutt dir Gebuertsdag ?
3. Wéini ass Vakanz ?
4. Wéini léiert dir ?
5. Wéini sidd dir fräi ?
6. Wéini maacht dir Sport ?
7. Wéini meditéiert dir ?
8. Wéini kann ech kommen ?
9. Zënter wéini schwätz du Lëtzebuergesch?
10. Wéini sinn är Kanner gebuer?
11. Wéini ...



All owes.
Enn Dezember.
Méindes owes.
De 7te September.
Um 5 Auer.
E Mëttwoch de Moien.
Zënter 2 Joer.
Ni
Haut den Owend

Exercicer: Lëtzebuergesch fir all Dag: 2.19

2. Firwat ?

1. Firwat léiert Dir Lëtzebuergesch?
2. Firwat sidd Dir traureg?
3. Firwat laacht Dir?
4. Firwat ass den Himmel blo?
5. Firwat sidd Dir zu Lëtzebuerg?
6. Firwat kommt dir ëmmer spéit?
7. Firwat drénkt dir keen Alkohol?
8. Firwat wunnt dir zu Walfer?
9. Firwat fëmmt dir net?
10. Firwat kommt dir net mam Bus an de Lëtzebuergeschcours?



Ech weess et net.

Wéinst menge Kanner.

Well ech hei zu Lëtzebuerg wunnen.

Wéinst mengem Mann. Hie schafft hei.

Aus Prinzipp.

Wéinst menger Fra. Si schafft hei.

Well mir hei eppes fonnt hunn.

Et ass no bei der Aarbecht.

Et ass net praktesch.

Et ass net gutt fir d'Gesondheet.

Wéinst menger Aarbecht / Relioun.

Wéinst dem ville Verkéier (Traffic).

Ech si spéit opgestan.

Well + (**Verb**): Well ech hei **wunnen**.

Wéinst + (**Numm**) Wéinst mengem **Partner**.

Exercices: Lëtzebuergesch fir all Dag: 6.21 – 7.14

3. Wat ?

1. Wat ass dat ?
2. Wat ass rout a geet erop an erof ?
3. Wat drénkt dir moies?
4. Wat iesst dir mëttes?
5. Wat maacht dir de Weekend?
6. Wat fir eng Faarf ass dat?¹²
7. Wat liest dir gär?
8. Wat ass lass?
9. Wat ass geschitt?
10. Wat ass är Aarbecht? (Wat schafft Dir?)



Kaffi. - Näischt. - Net vill.
gréng – Romaner - Krimien
Bande-Dessinéeën
En Akzident mat enger Kou.
Ech weess et net.
E Sandwich.
Eng Zalot.
Eppes klenges.
Eng Tomat an engem Lift.
Ech si Clown.

Exercicer: Lëtzebuergesch fir all Dag: 1.8-1.12-1.19-1.20-2.10-2.11-2.12-2.14-2.19-3.8-3.9-3.11-3.16-4.3-4.16-5.4-5.9-5.16-6.2-6.4-6.6-6.11-7.11-7.21-7.22-8.19

¹² Wéi eng Faarf ass dat ?

4. Wou ? Vu wou.. ?

1. Wou léiert dir Lëtzebuergesch ?
2. Wou wunnt dir ?
3. Wou (Wuer) ➔ ginn är Kanner an d'Schoul?
4. Wou wunnen är Elteren?
5. Wou wunnt är Famill?
6. Wou schafft dir?
7. Wou (Wuer) ➔ gitt dir akafen?
8. Wou (Wuer) ➔ gitt dir bei de Coiffer?
9. Wou (Wuer) ➔ gitt dir an d'Vakanz?
10. Wou ass d'Häll a wou ass d'Paradis?
11. **Vu wou** kommt dir elo?



An Italien – An Irland
zu Walfer

vum Büro - **vun** doheem – **vun** der Aarbecht

● an der Stad (sinn)

➔ an d'Stad (ginn)

an de Match - an den Auchan - an de Cactus - an d'Belle Etoile
bei de Francisco

doheem – heem (Ech ginn ➔ heem – Ech sinn ● doheem)

Exercicer: Lëtzebuergesch fir all Dag: 1.2, 1.3, 1.4, 1.19, 2.19, 3.3, 3.4, 4.14, 5.11 (Wuer), 5.17 (Wou oder Wuer?), 5.21, 6.3, 6.21 (All Froen),

5. Wien ?

1. Wien ass Italiener ?
2. Wie léiert Lëtzebuergesch?
3. Wien huet Kanner?
4. Wien ass mat engem Lëtzebuerger bestuet?
5. Wie wunnt scho laang zu Lëtzebuerg?
6. Wie schafft doheem?
7. Wien ass schwanger?
8. Wie kennt dir am Lëtzebuergeschcours?
9. Wien drénkt keen Alkohol?
10. Wien ass Vegetarier?
11. Wie spillt en Instrument?
12. Wie séngt gär?



D'Maria ass Italienerin.

D'Madame Santos ...

De Michel ...

Den Här Bertrand ...

...



Exercicer: Lëtzebuergesch fir all Dag: 1.3 – 1.19 – 3.2 – 4.1 – 4.4 – 5.3 – 5.13

6. Wiem ... ?

1. Wiem säi Mann ass Italiener ?
2. Wiem säi Partner léiert Lëtzebuergesch?
3. Wiem säi Partner ass Lëtzebuerger?
4. Wiem gehéiert dës Auer – dësse Bic – dëst Buch?
5. Wiem gehéieren d'Suen?
6. Wiem säin Apel ass dat?



Dem Ann-Maria *säi Mann* ass Italiener.

Dem Jean-Marie *seng Fra* ass Tunesierin a Fransousin.

Der Madame Santos *hire Mann* ...

Dem Michel ...

Dem Maryse ...

Dem Här Bertrand ...

Mir.

Mäin.



Exercicer: Lëtzebuergesch fir all Dag: 8.4

7. Wéivill = Wivill ?

1. Wéivill Leit sinn am Cours?
2. Wéivill Awunner huet Walfer?
3. Wéivill Joer wunnt dir schonn hei?
4. Wéivill kascht dat w.e.g.?
5. Wéivill Joer huet ären Auto?
6. Wéivill m2 huet är Wunneng?
7. Wéivill Kanner hutt dir?
8. Wéivill Frënn hutt dir?



ongeféier 100.

bal 6 Joer.

Et ass net deier.

Schonn dräi Joer.

ëm déi 7000.

Ech weess et net.



Exercicer: Lëtzebuergesch fir all Dag: 4.6, 6.21

8. Wéi... ?

1. Wéi geet et ?
2. Wéi geet et Madame Müller? Wéi geet et Här Nau?
3. Wéi heescht dir ? Wéi ass ären Numm?
4. Wéi heescht de Grand-Duc mam Virnumm?
5. Wéi laang wunnt dir schonn hei?
6. Wéi laang sinn är Hoer?
7. Wéi laang ass är Vakanz?
8. Wéi dacks schwätzt dir Lëtzebuergesch?
9. Wéi gutt kennt dir d'Studenten am Lëtzebuergeschcours? (Ech kennen)
10. Wéi gutt kënt dir kachen a baken? (Ech kann)



Gutt, merci.

Net extra.

Alt esou.

Schonn dräi Joer.

all Dag.

Mäin Numm ass ...

Ech sinn de Jean-Marie.

Et geet.

Bis iwwer d'Schëller. Bis bei d'Schëller.

Exercicer: Lëtzebuergesch fir all Dag: 1.1, 1.19, 1.20, 2.19, 3.17, 3.18, 5.2, 5.8, 6.21, 6.23, 8.9, 8.13, 8.17

9. Wéini ... ? – Wann ...



1.	Wéini sidd dir frou?	Ech si frou wann ...	meng Wunneng propper ass.
2.	Wéini sidd dir midd?	Ech si midd wann ...	ech Lëtzebuergesch schwätzen
3.	Wéini sidd dir rosen?	Ech si rosen ...	ech gesond sinn.
4.	Wéini sidd dir traureg?	Ech sinn traureg ...	ech krank sinn.
5.	Wéini sidd dir besuergt?	Ech si besuergt ...	vill geschafft hunn.
6.	Wéini sidd dir enttäuscht?	Ech sinn enttäuscht ...	meng Eltere krank sinn.
7.	Wéini sidd dir zefridden?	Ech sinn zefridden ...	gutt geschafft hunn.
8.	Wéini hutt dir Angscht?	Ech hunn Angscht ...	
9.	Wéini sidd dir erliichtert?	Ech sinn ...	beim Zäandokter sinn.
10.			

10. Wéini ass d'Mme X frou?

Wann d'Enkelkanner bei si kommen.

- a) Den Här Y ass frou _____.
- b) D'Mme X iergert sech _____.
- c) Den Här Y ass enttäuscht _____.
- d) D'Mme X gëtt rosen _____.
- e) Den Här Y ass zefridden _____.
- f) Den Här Y mécht sech Suergen _____.
- g) D'Mme X huet Angscht _____.
- h) Den Här Y ass stolz _____.
- i) Et ass mir penibel wann _____.
- j) D'Mme X schummt sech _____.
- k) Den Här Y ass gestresst _____.
- l) D'Mme X langweilt sech _____.
- m) Den Här Y ass onsécher, _____.
- n) D'Mme X ameséiert sech _____.
- o) Den Här Y ass traureg _____.



Alternativ:

Meng Mamm ass frou wann ...
Mäi Mann ass frou wann ...
Meng Fra ass frou wann ...
Mäi Meedchen ass gestresst wann ...
...


11. Wat hu mir gemeinsam ?

Fro	Wat mir gemeinsam hunn ? 		Ech	P 1	P 2	P 3	P4	P5
1.	Maacht dir déi meeschten Aarbecht am Stot ?	jo/nee						
2.	Hutt dir eng bezuelten Aarbecht ?	jo/nee						
3.	Hutt dir Hausdéieren?	jo/nee						
4.	Huelt dir den Auto fir op d'Aarbecht ?	jo/nee						
5.	Sidd dir bestuet, a wa jo wéivill Joer?	0/1/2/etc						
6.	Probéiert dir vill ze laachen?	jo/nee						
7.	Schwätzt dir och Lëtzebuergesch doheem ?	jo/nee						
8.	Liewen är Elteren nach ?	0/M/P/MP						
9.	Kacht dir gär ?	jo/nee						
10.	Wunnt dir hei am Land ?	jo/nee						
11.	Drénkt dir moies léiwer Kaffi oder Téi ?	K/T						
12.	Sidd dir éischer spilleresch?	jo/nee						
13.	Maacht dir op d'mannst eemol d'Woch Sport ?	jo/nee						
14.	Hutt dir Frënn déi vill Lëtzebuergesch schwätzen?	jo/nee						
15.	Gitt dir op d'mannst eemol am Mount an de Kino?	jo/nee						
16.	Léiert dir de Moment eng Sprooch ?	jo/nee						
17.	Liest dir virum aschlofen ?	jo/nee						
18.	Danzt dir gär ?	jo/nee						
19.	Hutt dir e perséinleche Plang ?	jo/nee						
20.	Hutt dir e Glawen?	jo/nee						
21.	Gleeft dir un e Liewen nom Doud ?	jo/nee						
22.	Mengt dir dass dir d'Welt verbessere kënn?	jo/nee						
23.	Meditéiert dir regelméisseg ?	jo/nee						
24.	Ass är Handysnummer 621,691 oder 661 ?	21/91/61						
	Gemeinsam Punkten : Total							
25.	Wat maacht dir fir iech ze relaxéieren?	...						


....

12. Schwéier Froen ?

Interessant Froen – Wichtig Froen? – Schwéier Froen –
Philosophesch Froen – Froen ouni Äntwert? – Wat mengt dir?




1. Wat ass Schéinheet, Fräiheet, Gerechtegkeet?	
2. Wat ass Konscht?	
3. Wat ass Relioun?	
4. Wat ass Gesondheet?	
5. Wat ass d'Léift? Wat heescht et, sech verléiwen?	
6. Wat ass Freed? Wat ass Gléck?	
7. Wat ass Frëndschaft? Ass de Partner de beschte Frënd?	
8. Wat ass Fridden?	
9. Wat ass e Wonner?	



Symbols of the faiths of the manifestations



10. Firwat schwätze mir?	
11. Wéi grouss ass den Universum?	
12. Gëtt et e Liewen nom Doud?	
13. Gëtt et eng Häll? Gëtt et e Paradis?	
14. Wéini ass een al? Wat heescht et al ze sinn? Wat ass Alter?	
15. Wat ass Aarmut?	
16. Wéini ass ee gesond?	
17. Firwat lieve mir? Huet een d'Recht sech d'Liewen ze huelen?	
18. Wat ass Intelligenz? Wéini ass ee gescheit?	
19. Brauch all Gedanken eng Sprooch ? ¹³	
20. Wéi ass d'Sprooch entstan? ¹⁴	



¹³ Does all thought, ..., require language ? (Cambridge Encyclopedia of Language, David Crystal, 4, p.13)

¹⁴ Study of language, George Yule

13. Flott an ongewinnt Froen

1. Kënnt Dir mat den Ouere wackelen ?
2. Gleeft Dir u Geeschter a Gespenster?
3. Wat fäert Dir ?
4. Wëllt Dir eng Kéier Kanner kréien ?
5. Wat mécht Iech rosen ? Wat mécht Iech traureg ?
6. Ass d'Liewen ongerecht?
7. Wat fir extra Saache kënnt Dir mat Ären Hänn maachen ?
8. Kënnt Dir jongléieren ?
9. Wéi bréngt Dir Anerer zum Laachen ?
10. Wat richt Dir gär ?
11. Wat sammelt Dir ?
12. Mat wat sidd Dir frou ?
13. ...



L. Wéi ... – Wann ... (awer keng Fro)



Wéi ech kleng war, **war** ech vill méi schlank.

Wéi ech héieren hunn, **léiers** du Lëtzebuergesch.

Wéi dir wësst, **hu** mir elo zu Lëtzebuerg eng Uni.

Wann dir Lëtzebuergesch **schwätzt**, sinn ech immens frou.

Wann ech nach laang **waarde** muss, ginn ech.

Wann d'Wieder besser **ass**, gi mir Fussball spillen.

Wann ech gëschter éischer am Bett **gewiescht wier**, **wier** ech elo net sou midd.

1.	Wann de Mëtteg gutt Wieder ass,	ginn ech an de Kino.
2.	Wéi ech an der Stad geschafft hunn,	sinn ech mam Zuch an d'Stad gefuer.
3.	Wéi ech zu Steesel gewunnt hunn,	gi mir de Mëtteg spadséieren.
4.	Wann ech Zäit hunn,	fueren ech mam Vëlo.
5.	Ech ka mech erënneren,	hätt ech den Exame gepackt.
6.	Wann s du wëlls,	hunn ech ëmmer de Bus geholl.
7.	Wann ech méi geléiert hätt,	wéi mäi Papp nach gelieft huet.






M. Fester, Traditiounen a Vakanzen zu Lëtzebuerg



Fest – Traditioun - Vakanz	Wat?	Wéini? Wéi laang?
D'Schoul fänkt un	D'Schouljoer fänkt Mëtt September un an hält Mëtt Juli op.	Mëtt September
Pappendag	D'Pappe gi verwinnt. Si kréien e Cadeau.	éischte Sonndeg am Oktober
Allerhellge Vakanz		1 Woch
Allerhellgen/Allerséilen	Mir ginn op de Kierfecht. Mir denken un eis Verstuerwen.	1ten November
Kleeschen– den Housécker	De Kleesche bréngt Spillsaachen an den Housécker bréngt eng Rutt/Nëss.	
Chrëschtvakanz		2 Wochen
Chrëschttag	Advent – Chrëschtbeemchen – mir ginn an d'Metten.	25ten Dezember
Sylvester	Vill Leit feieren.	31.12
Neijooschdag	Mir gi wënschen.	éischte Januar
Dräikinneksdag	Mir iessen e Kuch.	
Liichtmëssdag	D'Kanner gi liichten.	
Chinesescht Neit Joer ¹⁵	Am gregorianesche Kalenner ass dat tëschent dem 21ste Januar an dem 20ste Februar.	tëschent dem 21te Januar an dem 20te Februar
Valentinsdag / Vältesdag	D'Männer schenken de Frae Blummen.	14te Februar
Fuesvakanz	am Februar	1 Woch
Fuesend	Mir verkleeden eis – Fuesbok – Fuesbal. Beim Bäcker kritt ee Fuesendskichelcher	

¹⁵ In the [Gregorian calendar](#), the Chinese New Year falls on different dates each year, on a date between January 21 and February 20

Buergbrennen	D'Jugend an d'Pompjeeën aus dem Duerf maachen e grousst Feier.	
Den Ufank vum Fréijor	Persëscht Neit Joer a Bahai Neit Joer	21ste Mäerz
Bretzelsonndeg	D'Männer schenken de Fraen eng Bretzel.	
Éischten Abrëll	Mir schmieren d'Leit un – Abrëllsgeck. Mir maache Spaass.	
	D'Massendénger ginn klibberen	
Ouschtervakanz	Normalerweis am Abrëll	2 Wochen
Ouschteren	Mir sichen Ouschtereeër – Ouschterhues – Schocklaseeër.	
Éischten Mee	Aarbechterdag! Mir maachen en Meekranz.	éischte Mee
Christi Himmelfahrt	Feierdag fir d'Ascension, Donneschdeg	am Mee
Octave	D'Leit pilgeren zu Fouss an d'Stad – mir ginn op de Mäertchen.	2 Wochen
Éimäischen	Um Fëschmaart gi Péckvillercher verkaf.	
Péngschtvakanz	(Päischtvakanz) normalerweis am Juni	1 Woch
Péngschten (Päischten) (gr. <i>pentekoste</i> = „ <i>de fofzegsten Dag</i> “)	D'Fest um fofzegsten Dag no Ouschteren (10ten Dag no Christi Himmelfahrt) No antiker Praxis gouf Ouschtersonndeg als éischten Dag gezielt. Als chrëschtlecht Fest gëtt Päischte fir d'éischt am Joer 130 ernimmt. D'Kierch erënnert un d'Evenement, wou d'Jünger (Apostelen) vu Jesus no sengem Doud a senger Opersteung den Heelege Geescht op sech erofkomme gespuert hunn. Vun deem Dag aus un hu si vun den Dote vum Jesus geschwat. Si hunn d'Evangelium an d'Welt gedroen. Dofir gëtt gesot dass Päischten de Geburtsdag vun der Kierch ass. www.theology.de	
Iechternacher Sprangprëssessioun	Dat ass Päischtënschdeg zu Iechternach.	
Mammendag	D'Mamme gi verwinnt. Si kréien e Cadeau.	zweete Sonndeg am Juni
Nationalfeierdag	Mir kucken d'Freedefier	23te Juni
Schueberfouer	D'Schueberfouer ass déi gréissten a schéinste Kiermes vu Lëtzebuerg an ass all Joer vun ...	Enn August bis Ufank September.

N. News, Fakten an Hannergrënn

Eng flott Internetsäit! E grouse Merci fir den RTL www.rtl.lu



News, Fakten an Hannergrënn.

News Siten ginn et der wéi Sand um Mier. Wie gutt a séier informéiert wëll sinn, muss virsiichteg bleiwen. Et ass net alles News, och wann et als dat ugekënnegt gëtt. Den Irak Krich huet et gewisen: den Traitement vun der Aktualitéit ass net iwerall dee selwechten.

Fir Iech zesumme gesicht: déi wichtegst News Siten aus aller Welt.

BBC



Et ass schonn eng Erausfuerderung fir um BBC Site e Search ze starten wou als Resultat '0 entries' géif eraus kommen. Hei ass all News ze fannen, all politescht Evenement an der Welt gëtt referencéiert a kontextuell verlinkt, an dat net nëmmen op Englesch, nee, an 43 verschidde Sproochen, vun Arabesch, Azerbaidjanesch, iwwert Persesch bis Vietnamesesch! Dee Site ass einfach genial, eng Top Referenz.

Der Spiegel



A Punkto News ass de Spiegel am Kiosk just all Méindeg aktuell, Awer hir Internetsäit ass gutt. Hannergrënn, Analysen, e komplett Archiv, einfach strukturéiert, iwersiichtlech, precis... Fir eis déi beschten däitsch News-Säiten iwerhaapt.

CNN



CNN bleiwt d'Referenz fir worldwide news am Internet. CNN hält och am Web wat versprach gëtt, dee séiersten ze sinn a Punkto News am Bild an am Text. Hei kann ee liesen, wat méi spéit eréischt an den Télé News leeft.

Focus



Fakten, Fakten, Fakten : d'Pub fir de Focus Magazin kennt jiddereen, de Site sollt een op jidde Fall kenneléieren. Focus ass zwar e Krack manner 'sérieux' wéi de Spiegel, spriech provokativ, dofir ass d'Internet-Prezenz awer absolutt gelongen an nëmmen ze recommandéieren.

MSNBC



NBC steet fir de News Site Nummer 2 an de States. Manner iwersiichtlech wéi CNN, dofir awer grad esou vill Contenu, permanent an der Course fir d'Informatioun als éischten um Site ze publizéieren. Gestreamt gëtt alles, wat relevant ass, e risegen Archive mat *related articles*, en aggressive Look, kuerz onemgänglech.

Financial Times (D)



De Sérieux vun enger Financial Times léisst sech net bestreiden, um Internet ass den Optrëtt vun der Referenz fir Banker a Finanzleit ëmmer aktuell, bréngt Hannergrënn an Erklärungen. Net nëmme fir Spezialisten !

Le Monde



De Monde ass am Frankräich negativ an d'Schlagzeile geroden. Online ass awer näscht vum Skandal ze spieren. Ween sech e bëssen am Site ëmkuckt an eng Recherche start, dee mierkt séier dass de Monde ee vun de komplettesten News-Siten iwerhaapt ass. Waow!

RTL World



Stark wat eis däitsch Kollegen als Contenu am News Beräich ubidden. An dem leschte Joer gouf en immensen Effort gemaach, fir dem User en exklusive

Content unzëbbiden. Vun SMS Serviss iwwert Streaming feelt einfach näischt. Cool!

N-TV



D'Kollaboratioun mat CNN um Internet huet sech gelount. De Site vun n-tv ass zwar net esou komplett wéi dee vun der amerikanescher News-Chaîne, dofir awer méi iwersiichtlech an agreabel um Niveau vum Opbau. Vill Video, Bourse-Info, hot news, kuerz e Site, deen ëmmer aktuell ass an a kenger Bookmark-Lëscht feele sollt.



RTL France

De franséische Site vun RTL, eise grouse Brudder, huet e super gemachten News-Deel. Am Radio-Beräich ginn et net vill Siten, déi sou e präzisen, detaillierten an aktuelle Contenu och an Artikel-Form ubidden. Natierlech ass all News Contenu och als Audio-Fichier disponibel a gëtt archivéiert.



National Geographic

De National Geographic beliicht d'Aktualitéit op eng aner Aart a Weis : detailléiert Kaarte vun de Länner, d'Mënschen, d'Reliounen, Portraite vun den Haaptacteuren, Photoen asw. En absolute Must fir jiddereen deen méi wéi just News wëll hunn, mee och wëllt de Kontext verstoen.



Time Magazine

Wat de Spiegel an Däitschland ass, ass den Time Magazine an den USA. Manner Internet orientéiert wéi de Spiegel, mee méi op déi eenzel Print-Editionen axéiert. An der US-Politik wéi vill amerikanesch Medien relativ 'orientéiert', mee trotzdem en Détour wäert.



ABC

ABC, den amerikanesche Réseau vun de lokale Chaînen, bréngt an éischter Linn amerikanesch Aktualitéit, no bei de Leit, mee soignéiert och seng worldwide news. Wann, wéi beim Irak Krich, dat internationaalt an dat nationaalt zesummeginn, dann ass och ABC e Site deen ee roueg därf uklicken.



Frankfurter Allgemeine

Déi gréisst däitsch politesch Dageszeitung um Netz, sérioux ewéi am Print, mat recherchierter Informatioun, net esou séier wéi aner News-Siten, dofir awer bei wäitem déi kredibelst Informatioun. De Look gläicht deem vun der Zeitung, d'Struktur ass onkomplizéiert an iwersiichtlech.



Sky News

D'Konkurrenz mat der BBC verléiert Sky News kloer um Internet. Vill manner Contenu, méi verspillt vum Look hir, manner Servicer... E puer Featuren sinn awer net schlecht, wéi zum Beispill hir Presserevue. Alles an allem e Site, deen net en typeschen News Look huet, deen awer trotzdem kann eng Partie Leit usprieche, déi keng Zäit hunn, fir sech detailléiert ze informéieren.



Netzeitung

D'Netzeitung ass opgemaach wéi e Quotidien, vum Look, vun der Struktur, mam Ennerscheid dass d'Netzeitung ronderëm d'Auer up to date ass, an d'Informatioun webgerecht presentéiert. D'Netzeitung sammelt um Internet all interessant Informatiounen, analyséiert si a publizéiert si quasi als Presserevue.



TF1

L'information continue 24 heures sur 24 sur tf1.fr, heescht et no all 'grande messe' owes op der éischter franséischer Chaîne. De Site bitt live stream, on

demand Extrait'en, Artikelen asw., mee huet awer keen exzeptionnelle Contenu, deen sech vun aneren differenzéiert. Den Opbau ass e bésse konfus, trotzdeem e Bléck wäert.



Fox News

We report, you decide, sou steet um Site vu Fox News ganz grouss als Header. Spéitestens zënter de leschte Méint war d'Devise awer éischer eng aner : We decide what you believe... oder sou ähnlech. E Site fir sech Stonne laang opzereegen, wann et keng Connectioun gëif kaschten.



PBS

D'News Hour mam Jim Lehrer op PBS ass fir vill Amerikaner den Haaptrendez-vous mat der Aktualitéit. All Sujeten sinn um Site erëmfannen. Näscht ze doe mat CNN oder mat NBC, mee trotzdeem e Bléck wäert, zemols dann, wann aner News-Siten iwwerlaascht sinn.



Al Jazeera

A priori kann ee mat deem Site hei näscht ufänken. Al Jazeera.net ass nämmelech ganz op arabesch geschriwwen. Wann een sech de Site allerdéngs iwwersetze léisst um tarjim.ajeel.com, dann ass och Al Jazeera eng wichteg Informatiounsquell an dësen Zäiten, déi een sech op jidde Fall bookmarken sollt.

O. Weltproblemer an aner Saachen

Wat sinn déi grousse Problemer vun eiser Welt haut?

- 1.
- 2.
- 3.

Wat brauche mir fir gutt op dëser Welt ze liewen?

- 1.
- 2.
- 3.

Wat brauch ech fir wierklech glécklech ze sinn?

- 1.
- 2.
- 3.

Wat kann ech konkret maachen? Jidderee kann eppes maachen.¹⁶

- 1.
- 2.
- 3.



Sinn dat hei fir iech och déi grousse Theme vum Liewen?				
Wat kënnt dir do draschreiwen?				
D'Ëmwelt, D'Natur	Kierper. Gesondheet	Beruff. Aarbecht. Fräizäit	Famill. Kollegen Frënn	Visiounen. Dreem. Glawen. Zieler. Ambitiounen

Waasser – Honger – Rassismus - Deséquilibré tëschent Räichtum an Aarmut
– Naturkatastrophen, ...

¹⁶ Ech ka méi bewusst liewen.

P. Eis Welt – E puer Fakten – E puer Zuelen¹⁷

1. D'Halschent vun der Welt – bal 3 Milliarde Leit – liewe mat manner wéi 2 Dollar den Dag.¹⁸



2. Bal 1 Milliard Leit kënnen kee Buch liesen oder hiren Numm schreiwen.¹⁹

3. 20 % vun der Bevëlkerung an den entwéckelten Natiounen, konsuméiere 86% vun deem wat d'Welt huet.²⁰

4. D'Zuel vun de Kanner an der Welt: 2,2 Milliarden.



○ Kanner an der Aarmutt: 1 Milliard. (all zweet Kand)

○ Kanner ouni Erzéiung: 121 Milliounen

5. D'UNICEF seet, dass all Dag 30.000 Kanner stierwen, well si aarm sinn. Dat sinn 210 000 Kanner all Woch, oder just ënner 11 Milliounen Kanner ënner 5 Joer, all Joer. Pro Minutt sinn dat bal 21 Kanner, déi stierwen.²¹

6. Waasser: Just 12% vun der Weltbevëlkerung benotzt 85% vum Waasser, an dës 12% liewen net an der Drëtter Welt.²²



¹⁷ <http://www.globalissues.org/>

¹⁸ Half the world — nearly three billion people — live on less than two dollars a day. source 1

¹⁹ Nearly a billion people entered the 21st century unable to read a book or sign their names. source 3

²⁰ 20% of the population in the developed nations, consume 86% of the world's goods. source 8

²¹ According to UNICEF, 30,000 children die each day due to poverty. That is about 210,000 children each week, or just under 11 million children under five years of age, each year. source 19

²² A mere 12 percent of the world's population uses 85 percent of its water, and these 12 percent do not live in the Third World. source 24



Q. Wat mir ewechginn: 1998, a Milliarden Dollar

Kosmetik an der USA	8 000 000 000
Glassen an Europa	11 000 000 000
Parfum an Europa an den USA	12 000 000 000
Fudder fir d'Hausdéieren an Europa an den USA	17 000 000 000
Ënnerhaltung a Japan	35 000 000 000
Zigaretten an Europa	50 000 000 000
Alkoholesch Gedrénks an Europa	105 000 000 000
Narkotesch Drogen an der Welt	400 000 000 000
Militärausgaben an der Welt	780 000 000 000



An elo vergläicht déi zousätzlech estiméiert Käschte fir weltwäiten Zougang zu sozialen Déngschtleeschungen an all sech entwéckelnde Länner z'erreechen:

Gronderzéiung fir jiddereen	6 000 000 000
Waasser a Sanitär fir jiddereen	9 000 000 000
Gesondheet an Ernährung	13 000 000 000



R. Schéin Dreem – Schéi Wünsch !

Hat dir schon esou Wünsch ?²³



1. E Gefill vu Fräiheet.
2. D’Erfahrung vu Fridden.
3. Eenheet mat der Natur.
4. Entdecken, wien ech sinn.
5. Aventure – Abenteuer.
6. Eng spirituuell Rees.
7. Gerechtegkeet.
8. Eier.
9. Eenheet mat menger Vergaangenheet.
10. Heelung.
11. Meng Famill kennen.
12. Mech realiséieren.
13. E Gefill vu Muecht – Pouvoir hunn.
14. Mam Al ginn eens ginn.
15. Déi kreativ Sait vu mir erfuerschen.
16. Méi mächtig – staark ginn.
17. Iwwer vergaange Blessuren ewechkommen.
18. Méi kompetent ginn.
19. Gott em Verzeieung froen.
20. E Stéck vu mir erfuerschen, dat ech verluer hat.
21. Iwwer eng perséinlech Schwieregkeet ewech kommen.
22. Eng gewëssen Uerdnung hunn.
23. Kapabel sinn, produktiv ze sinn.
24. Eng Plaz an eng Zäit fir einfach ze „sinn“.



²³ 7Principles for making marriage work, John Gottman and Nan Silver, New York Times Bestseller


25. Mech einfach kënne relaxéieren.
26. Iwwert mäi Liewe nodenken – refletéieren.
27. Meng Prioritéiten an Uerdnung bréngen.
28. Eppes Wichtiges fäerdeg maachen.
29. Mäi Kierper erfuerschen.
30. Kënnen a Kompetitioun sinn a gewannen.
31. Reesen.
32. Stëll – Rou.
33. Atonement – Expiation – Bouss
34. Eppes Wichtige bauen.
35. Mat engem Kapitel vu mengem Liewe fäerdeg sinn – Eppes Äddi soen.




1. Etapp: Den Text verstoen, doheem oder an der Klass mam Dictionnaire schaffen.
2. Etapp: Doriwwer an der Klass schwätzen.

S. Grondregele fir den Ëmgang mat eelere Mënschen am Fleegeheim

1. Respekt
2. nolauschteren
3. eescht huelen
4. Informatiounen weiderginn
5. frëndlech sinn
6. Zäit
7. Präsenz
8. Begleitung
9. mat jonke Mënschen zesumme sinn
10. Stabilitéit
11. gläiche Rhythmus
12. Lëtzebuergesch schwätzen
13. Privatsphere an Intimsphere respektéieren
14. Sortiën, erausgoen
15. neit Personal virstellen
16. Autonomie a Selbstännegkeet fördern
17. léif sinn
18. d'Leit no hirer Meenung froen
19. net traatschen
20. net souvill Kaméidi maachen, (jäizen)
21. keen Duerchbruch
22. tolerant sinn
23. Verständniss (Versteedsdemech) hunn



T. D'Iwwerliewensspill²⁴



Stellt iech vir !

D' Croisière an der Karibik huet en Akzident. D' Schëff geet ënner. Dir erwächt um Strand vun enger tropescher Insel. Dir sidd déi zwee eenzeg déi iwwerliewen. Ee vun iech ass blesséiert. Dir wësst net wou dir sidd. Dir sidd net sécher, op Leit wësse, wou d' Schëff ënnergaang ass a wou dir kéint sinn. E Stuem ass wahrscheinlech ënnerwee. Dir decidéiert dass dir iech musst preparéieren fir eng Zäit laang op der Insel ze liewen. Dir musst och kucken, dass dir gesi gitt, wann Hëllef ënnerwee ass an no iech sicht. Um Strand leien e ganze Koup Saache vum Schëff. Dir kënt awer nëmmen 10 Saache mathuelen.

Är Aufgab

Jiddere vun iech schreift separat op e Blat Pabeier déi Saachen, déi iech am wichtigste schéngen. Dat sinn d' Saache vun der Inventaireslëscht. Dat baséiert op ärem Iwwerliewensplang. Duerno gitt dir de Saachen eng Nummer. Déi wichtigst Saach ass 1, duerno 2, asw. Et gi keng richtig oder falsch Äntwerten.



²⁴ The seven principles for making marriage work, S122, Gottmann-Silver

Den Inventarie vum Schëff

Kleeder fir 2 Deeg	en Uewen an eng Lanter
E Radio	e laangt Seel
30 Liter Waasser	2 Walkie-Talkien
Dëppen a Panen	Iesse fir eng Woch, dréchen a gefruer
Fixfeier	Kleeder fir 1 Dag
Eng Schëpp	1/5 vun enger Fläsch Whisky
E Rucksack	Eng Leuchtrakéit
Toilettepabeier	e Kompass
2 Zelter	regional Kaarten
2 Schlofsäck	e Gewier / eng Pistol mat 6 Patrounen
e Messer	50 Kondomer (Gummien)
e klengt Rettungsboot, mat Segel	Éischt Hëllef Këscht mat Penecillin
Sonnecrème	Sauerstoff Fläschen

An elo

Weist ärem Partner är Lëscht. Probéiert zesummen e Konsensus ze fannen fir ze kucken, wat dann déi 10 wichtigst Saache sinn, déi dir sollt mathuelen. Dat heescht, dir huet iech Zäit fir nach eng Kéier iwwert alles ze schwätzen, an dat als en Team, fir dass dir de Problem zesumme léise kënnt. Dir sollt allen zwee aktiv matmaachen fir de Problem ze diskutéieren a fir zum Schluss eng Décisioun ze huelen.



Wann dir fäerdeg sidd, ass et Zäit fir eng Evaluatioun vum Spill ze maachen. ...

U. Ech appreciieren – Ech schätzen – Ech hu gär25



Mäi Jong – Mäi Meedchen – Meng Fra – Mäi Mann – Mäi Partner – Mäi Kolleg –
Mäin Aarbechtskolleg – Meng Kollegin – Meng Aarbechtskollegin – Mäi Frënd –
Meng Frëndin

Wann dir un dës Persounen denkt, u wat denkt dir da spontan ? Hien – Si :

1. weist vill Léift	2. ass spilleresch
3. ass sensibel – emfindlech	4. huet vill Pläng a Projeten
5. ass couragéis	6. huet vill Iddien
7. ass intelligent	8. ass e gudde Kolleg
9. ass behëlleflech ²⁶	10.ass schei
11.ass generéis	12.ass vulnerabel
13.ass loyal	14.ass expressiv
15.ass éierlech	16.ass aktiv
17.ass staark	18.ass zréckhalend, reservéiert
19.ass energesch	20.ass receptiv
21.ass sexy	22.ass responsabel
23.ass décidéiert - entschloss	24.ass waarm
25.ass kreativ	26.ass léif
27.ass imaginativ	28.ass douss
29.ass lëschtég – huet gär Spaass	30.denkt praktesch
31.ass attraktiv	32.ass relax
33.ass interessant	34.ass schéin
35.ënnerstëtzend ²⁷	36.ass flott
37.ass droleg - witzeg	38.ass räich
39.rücksichtsvoll ²⁸	40.ass roueg
41.weist seng Gefiller	42.ass lieweg
43.ass organiséiert	44.ass a super Partner
45.weess sech ze hëllefen ²⁹	46.ass e super Papp – eng super Mamm
47.ass athletesch	48.ass séiss
49.ass koordinéiert	50.ass staark
51.ass elegant	52.ass flexibel
53.ass total geckeg	54.ass verständnisvoll

²⁵ The seven principles for making marriage work, p.68

²⁶ serviable

²⁷ eng : supportive

²⁸ eng : considerate

²⁹ ingénieux, eng: resourceful

v. Gefiller:

Jidderee spiert iergendwann

Gléck, Erstaunen, Angscht, Trauer, Degoût, a Roserei.



Dat sinn déi sechs Basisgefiller. Et ginn am Engleschen iwver 600

Wierder fir d’Gefiller ze beschreiwen. Mir benotzen 42 Muskelen an eisem Gesiicht fir d’Gefiller auszedrécken.³⁰

Kënnt dir dës Gefiller klasséieren?

1 = Gléck 2 = Erstaunen 3 = Angscht 4= Trauer 5 = Dégoût 6 = Roserei

<i>1 - 6</i>	<i>Wéi e Gefill ass dat?</i>	<i>1-6</i>	<i>Wéi e Gefill ass dat?</i>
	Bei mir ass alles paletti.		Ech si glécklech.
	Bei mir ass alles picco bello.		Ech si rosen.
	Ech fäerten.		Ech si schwäiwëll.
	Ech hunn Angscht.		Ech sinn enttäuscht.
	Ech hunn den Ekel.		Ech sinn erféiert
	Ech maache mer Suergen.		Ech sinn erstaunt.
	Ech si frou.		Ech sinn happy.
	Ech si ganz zefridden.		Ech sinn immens frou.
	Ech sinn immens rosen.		Ech traue mech net.
	Ech sinn iwverglécklech.		Ech wëll eleng sinn.
	Ech sinn opgereegt.		Ech wonnere mech.
	Ech sinn traureg.		Ech spiere mech tipp topp

Iddien:

Wéi spiert dir iech am Moment?

Weist dir är Gefiller?

Wéi eng Gefiller, Qualitéiten kënnt dir miméieren?

Wat passt gutt bei iech?

Wat si fir iech d’Top 10?



³⁰ www.sciencemuseum.org.uk

W. E Gebiet: De „Vater unser“

Froen iwwert den Text



Wien ass de Papp?	
Wat soll kommen?	
Wat soll geschéien?	
Wat soll Hien eis ginn?	
Wou soll Hien eis net féieren?	
Vu wat soll Hien eis fräi maachen?	
Wou gëtt dëst Gebiet gesot?	

Eise Papp am Himmel, däin Numm sief gehellegt.

Däi Räich soll kommen, däi Wëll soll geschéien,

wéi am Himmel sou op der Äerd.

Gëff eis haut eist deeglecht Brout, verzei eis eis Schold,

wéi mir och deene verzeien, déi an eiser Schold sinn.


Féier eis net an d'Versuchung, mä maach eis fräi vum Béisen.

Well dir gehéiert d'Räich an d'Kraaft an d'Herrlechkeet an Éiwegkeet.

Amen.



E Gebiet ! De „Vater unser“



<p>Eise Papp am Himmel, däin Numm sief gehellegt. Däi Räich soll kommen, däi Wëll soll geschéien wéi am Himmel sou op der Äerd. Gëff eis haut eist deeglecht Brout, verzei ons eis Schold, wéi mir och deene verzeien, déi an eiser Schold sinn. Féier eis net an d'Versuchung, mee maach eis fräi vum Béisen. well däint ass d'Räich an d'Muecht an d'Herrlechkeet an Eiwegkeet. Amen.</p>	<p>Notre Père qui est aux cieux que ton nom soit sanctifié, que ton règne vienne, que ta volonté soit faite sur la terre comme au ciel. Donne-nous aujourd'hui notre pain de ce jour. Pardonne-nous nos offenses, comme nous pardonnons aussi à ceux qui nous ont offensés. Et ne nous soumetts pas à la tentation, mais délivre-nous du Mal. Car c'est à toi qu'appartiennent, dans tous les siècles, le règne, la puissance et la gloire. Amen!</p>
<p>Vater Unser im Himmel, Geheiligt werde dein Name, Dein Reich komme, Dein Wille geschehe, wie im Himmel so auf Erden. Unser tägliches Brot gib uns heute. Und vergib uns unsere Schuld, wie auch wir vergeben unseren Schuldigern. Und führe uns nicht in Versuchung, sondern erlöse uns von dem Bösen. Denn dein ist das Reich und die Kraft und die Herrlichkeit in Ewigkeit. Amen</p>	<p>Our Father which art in heaven, Hallowed be thy name. Thy kingdom come. Thy will be done in earth, as it is in heaven. Give us this day our daily bread. And forgive us our debts, as we forgive our debtors. And lead us not into temptation, but deliver us from evil: For thine is the kingdom, and the power, and the glory, for ever. Amen.</p>
<p>Padre Nosso que estais no céu, santificado seja o Vosso nome, Venha a nós, ao Vosso reino, seja feita a Vossa vontade assim na terra como no céu. O pão nosso de cada dia nos dai hoje. Perdoai ass nossas dívidas assim como nós perdoamos os nossos devedores, e não nos deixeis cair em tentação, mas livrai-nos do mal. Amém. <i>(Portugiesesch)</i></p>	<p>Padre nostro, che sei nei cieli, sia santificato il tuo nome venga il tuo regno, sia fatta la tua volontà, come in cielo così in terra. Dacci oggi il nostro pane quotidiano, e rimetti a noi i nostri debiti come noi li rimettiamo ai nostri debitori, e non ci indurre in tentazione, ma liberaci dal male. Amen.</p>
<p>Tatăl nostru carele esti în ceruri! Sfintească-se Numele Tău; vie împărăția Ta; făcă-se voia Ta, precum în cer așa și pre pământ. Pâinea noastră cea de toate zilele dăne-o nouă astăzi; și ne iartă nouă greselile noastre, precum și noi iertăm gresitilor nostri; și nu ne duce în ispita, ci izbaveste-ne de cel rau. Caci a Ta este împăratia și puterea și slava în veci. Amin! <i>(Rumănesch)</i></p>	<p>Vor Fader, du, som er i Himlene! Helliget vorde dit navn; komme dit rige; ske din vilje på jorden, som den sker i Himmelen; giv os i dag vort daglige brød; og vorlad os vor skyld, som også vi forlader vore skyldnere; og led os ikke ind i fristelse; men fri os fra det onde; thi dit er riget og magten og æren i evighed! <i>(Dănesch)</i> Amen</p>

III. Verben

A. Regelméisseg Verben



	<i>Ech</i>	<i>Du</i>	<i>Hien, hatt, si, et</i>	<i>Mir</i>	<i>Dir</i>	<i>Si</i>	<i>Participe passé</i>
							<i>net regelméisseg</i>
							<i>hunn +</i>
bueden	-en	-s	-t	-en	-t	-en	gebuet
denken	-en	-s	-t	-en	-t	-en	geduecht
drénken	-en	-s	-t	-en	-t	-en	gedronk
duschen	-en	-s	-t	-en	-t	-en	geduscht
schwätzen		schwätz					geschwat
wäschen	wäschen	wäschs	wäscht	wäschen	wäscht	wäschen	gewäsch
schaffen	schaffen	schaffs	schafft	schaffen	schafft	schaffen	geschafft
molen	-en	-s	-t	-en	-t	-en	gemoolt
fëmmen	-en	-s	-t	-en	-t	-en	gefëmmt





B. Verbe mam Prefix: be-, ent-, ëm-, em-, er-, ge-, ver-, zer-, trenne sech net. 31


besichen	Ech besiche mäi Kolleg haut den Owend.
ëmfroen, sech	Ech ëmfroe mech, wou een am beschte ka Lëtzebuergesch léieren.
empfeelen (rekommandéieren)	Ech empfeelen iech, all Dag e bësse Lëtzebuergesch ze schwätzen.
entféieren	
erféieren	Ech erféiere wann ...
geroden	
verkafen	Ech verkafe mäi Vëlo.
zerrappen	

C. Trennbar Verben (Verbe mat engem Präfix)

an-	androen	ech droe mech hei an
bäi-	bäilafen	ech lafe bäi
	bäidroen	ech droe bäi
dran-, dra	drandrécken	ech drécken dran
	drafueren	ech fueren dran
drop-	dropleeën	ech leeën den Deckel drop

³¹ Henri Rinnen, Dictionnaire Fr-Lu, Editions St Paul 1996

dru-	drumaachen	ech maachen drun
duerch-	duerchdrécken duerchkommen	ech drécken duerch ech kommen duerch
eran-, era-	eragoen erakommen	ech ginn eran ech kommen eran
eraus-	erauskommen erausginn erausfannen	ech kommen eraus ech ginn eraus ech fannen eraus
erëm-	erëmkommen erëmgesinn	ech kommen erëm ech gesinn erëm
erof-	erofgoen erofkommen erofloossen	ech ginn erof ech kommen erof ech loossen erof
erop-	eropgoen eropkommen	ech ginn erop ech kommen erop
ewech-	ewechlafen	ech lafen ewech
fort-	fortgoen	ech gi fort
hannescht- zréck	hanneschtgoen zréckgoen	ech ginn hannescht ech ginn zréck
mat-	matmaachen matkommen	ech maache mat ech komme mat



no-	noginn nokommen	ech ginn no ech kommen no
of-	ofbotzen	ech botzen of
op-	opdréien	ech dréien op
un-, u	undoen ufänken	ech doen un ech fänken un
vir-	virkommen	et kënnt vir
weider-	weidermaachen weiderfueren weidergoen	ech maache weider ech fuere weider ech gi weider
zesummen-	zesummekommen	mir kommen zesummen
zréck-	zréckschloen zréckkommen zréckgoen	ech schloen zréck ech kommen zréck ech ginn zréck



D. maachen - gemaach

Ech *maachen* haut d'Essen.

Du *méchs* muer d'Spull.

Hien – hatt – si *mécht* näischt.

Mir *maachen* eng Vakanz zesummen.

Dir *maacht* eng Paus.

Si *maachen* hir Aarbecht.

opmaachen - zoumaachen:
Ech *maachen* d'Fenster *op*.

Ech *hunn* d'Fenster *opgemaach*.

futtimaachen

fäerdegmaachen

umaachen

ausmaachen



E. brauchen - gebraucht



Ech	brauch	
Du	brauchs	
Hie	brauch	
Hatt		
Si		
Mir	brauchen	
Dir	braucht	
Si	brauchen	

Wie brauch wat?

1.	De Lëtzebuergesch Proff			Waasser fir ze wuessen.
2.	E Student			Frënn.
3.	Lëtzebuerg			vill Gedold mat de Schüler.
4.	Vill Planze			Motivatioun an Encouragement.
5.	Jidderee			Reformen. Den Defizit ass grouss.
6.	E Chirurg			Energie.
7.	Dir			eng roueg Hand.
8.	En Af			net ëmmer an de Cours ze kommen.
9.	En Auto			e gutt Ouer.
10.	E Musiker			Banannen.
11.	Eng Kaz			4 Rieder.
12.				Konzentratioun.
13.				Mëllech.

Ech hunn dech **gebraucht**! Ech **brauch net ze waarden**.

F. Modalverben

***Ech muss (mussen) – Ech soll (sollen) – Ech däerf (däerfen) –
Ech wëll (wëllen) – Ech kann (kënnen)***



Ech soll Lëtzebuergesch schwätzen.
Ech soll am Lëtzebuergeschcours Lëtzebuergesch schwätzen.
Ech soll am Lëtzebuergeschcours mam Professor Lëtzebuergesch schwätzen.

Ech kann.
Ech ka kachen, spullen, strecken, botzen a staubsaugen.
Ech kann alles maachen. An du ? ...

Ech muss.
Ech muss schaffen.
Ech muss op der Aarbecht schaffen. Op der Aarbecht muss ech schaffen.
Ech muss op der Aarbecht um Computer schaffen. Op der Aarbecht muss ech um Computer schaffen. An dir ? ...

Am Lëtzebuergeschcours	soll ech			
An der Stad	kann ech		vill	
Am Restaurant	soll ech			
Am Kino	däerf ech	net		
Doheem	däerf ech	net	alles	
Am Bus	däerf ech		net	
An der Vakanz	kann ech		laang	
Op der Aarbecht	muss ech		vun 9 bis 5	
De Weekend	wëll ech		an den Theater	

*Tëlee kucken – gutt oppassen – gutt lauschteren – Popcorn iessen – spillen - matschaffen - goen
Lëtzebuergesch schwätzen – akafen - telefonéieren - maachen – fëmmen – schlofen - schaffen*



Et muss een iessen an drénken. Et muss ee schaffen. Et muss een op der Aarbecht schaffen. Op der Aarbecht muss ee schaffen.



G. Verben, déi een am Franséischen an och am Englesche fënnt




additionéieren	manipuléieren	<i>Ech hunn additionéiert.</i>
adresséieren	motivéieren	
amenagéieren	notéieren	
annuléieren	placéieren	
appreciéieren	positionéieren	
arrangéieren	proposéieren	
blesséieren	provozéieren	
blockéieren	rangéieren	
branchéieren	recommandéieren	
campéieren	reformuléieren	
changéieren	refuséieren	
demissionéieren	rejetéieren	
diskutéieren	renovéieren	
dividéieren	reprochéieren	
encouragéieren	respektéieren	
félicitéieren	rafistoléieren	
fixéieren	responsabiliséieren	
forcéieren	reviséieren	
formuléieren	riskéieren	Fritéieren
gratuléieren	simuléieren	gratinéieren
interpretéieren	sech spezialiséieren	
investéieren	stimuléieren	
jongléieren	suggestéieren	
kapituléieren	tapisséieren	
kopéieren	zerwéieren (servéieren)	
	zitéieren	

H. Verben, déi een am Engleschen an am Däitsche fënnt

<i>Infinitiv</i>		<i>Ech</i>	<i>Englesch</i>	
abriechen		hunn agebrach	to break in	An der Stad ass agebrach ginn.
bäissen		hu gebass	to bite	
bréngen		hu bruecht	to bring	
briechen		hu gebrach	to break	
drénken		hu gedronk	to drink	
fäerten		hu gefaart	to fear	
fléien		si geflunn	to fly	
goen		si gaang	to go	
iessen		hu giess	to eat	
kommen		si komm	to come	
kräischen		hu gekrasch	to cry	
kussen		hu gekusst	to kiss	
maachen		hu gemaach	to make	
opstoen		sinn opgestanen	to stand up	Ech stoung fréi op.
sangen		hu gesongen	to sing	
späitzen		hu gespaut	to spit	
stoen		stoung (past)	to stand	
zortéieren		hunn zortéiert	to sort	





I. kennen – kënnen – kommen

	<i>kënnen</i>	<i>kennen</i>	<i>kommen</i>
<i>Ech</i>	<i>kann</i> Däitsch schwätzen	<i>kennen</i> de Patrick ganz gutt	<i>komme(n)</i> muer an de Lëtzebuergeschcours.
<i>Du</i>	kanns	kenns	kënns
<i>Hien, hatt, si, et</i>	kann	kennt	kënnt
<i>Mir</i>	kënnen	kennen	kommen
<i>Dir</i>	kënnt	kennt	kommt
<i>Si ☆☆☆</i>	kënnen	kennen	kommen
			Kommt mat mir w.e.g !
<i>Passé</i>		Ech hunn de Jos kannt .	Hien ass net komm .
<i>Imparfait</i>	Ech konnt Schi fueren.		Hie koum net.

*Ech **ka** Lëtzebuergesch schwätze well ech an de Cours **kommen** a vill Lëtzebuenger **kennen**.*



Wat passt zesummen?

1.	Kennt dir ...	näischt méi iessen.
2.	Ech kann ...	de Wee fir an d'Stad.
3.	Ech kommen ...	d'Madame Müller?
4.	Mir kënnen ...	haut an de Kino goen.
5.	Mir kennen ...	gär an de Lëtzebuergeschcours.



Wat wëllt dat Bild soen?

J. ginn

			➔
	<i>goen</i> ³²	<i>ginn</i> ³³	<i>ginn</i> ³⁴
<i>Ech</i>	<i>ginn</i> an d'Schoul. .. op d'Aarbecht	<i>ginn</i> dir e Cadeau.	<i>ginn</i> duuschtereg wann ech näischt drénken
<i>Du</i>	gees an d'Vakanz.	gëss	gëss
<i>Hien, hatt, si, et</i>	geet	gëtt	gëtt
<i>Mir</i>	ginn	ginn	ginn
<i>Dir</i>	gitt	gitt	gitt
<i>Si</i>	ginn	ginn	ginn
	Géi!	Gëff!	Gëff!
	Gitt!	Gitt!	Gitt!
<i>Ech</i>	sinn an d'Schoul gaang.	hunn dir e Cadeau ginn.	sinn duuschtereg ginn , well ech näischt gedronk hunn.
Imparfait			Ech gouf midd, well ech vill geschafft hunn.



D'Meedche gëtt eng Fra an d'Fra gëtt al.

Wat passt ?

1.	Ech gi gär		geet et mir.
2.	Kann ech iech		eemol am Mount an de Kino.
3.	Wann ech al ginn,		eppes ze drénke ginn?
4.	Haut de Mëtteg		schreiwen ech meng Mémoires.

³² aller
³³ donner
³⁴ devenir et auxiliaire

K. goen

D'Verb **goen** gëtt mat « *sinn* » conjugéiert.

Ech **ginn** an d'Schoul.

Du **gees** mir op d'Nerven.



Hien – hatt – si – et **geet**

Mir **ginn** an d'Paus.

Dir **gitt** op eng Party.

Si **ginn** zesummen heem.

Géi w.e.g.! – **Gitt** w.e.g.!



L. ☞ Verben, déi en Déplacement hunn, also gi se mat “sinn” conjugéiert

1. goen	ech ginn
---------	----------

ech si gaang

2. eropgoen	ech ginn erop
-------------	---------------

ech sinn eropgaang

3. eragoen	ech ginn eran
------------	---------------

ech sinn eragaang

4. fortgoen	ech gi fort
-------------	-------------

ech si fortgaang

5. erausgoen	ech ginn eraus
--------------	----------------

ech sinn erausgaang

6. erofgoen	ech ginn erof
-------------	---------------

ech sinn erofgaang





7. falen	ech, mir, si <i>falen</i> , du <i>fäls</i> , hien-si-hatt <i>fält</i> , dir <i>faalt</i> .
----------	--

ech si gefall

8. klammen	ech, mir, si <i>klammen</i> , du <i>klëmms</i> , hien-si-hatt <i>klëmmt</i> , dir <i>klammt</i> .
------------	---

ech si geklommen

9. trëppelen	ech trëppelen
--------------	---------------

ech si getrëppelt

10. spadséieren	ech spadséieren
-----------------	-----------------

ech si spadséiert

11. sprangen	ech, mir, si <i>sprangen</i> , du <i>spréngs</i> , hien-si-hatt <i>spréngt</i> , dir <i>sprangt</i> .
--------------	---

ech si gesprongen

12. kommen	ech, mir, si <i>kommen</i> , du <i>kënns</i> , hien-si-hatt <i>kënnt</i> , dir <i>kommt</i> .
------------	---

ech si komm

13. bleiwen	ech, mir, si <i>bleiwen</i> , du <i>bleifs</i> , hien-si-hatt <i>bleift</i> , dir <i>bleift</i> .
-------------	---

ech si bliwwen

M. Reflexiv Verben am Franséischen a Lëtzebuergesch



Aner Expressiounen

se coucher – schlofe goen (aller dormir)

Je me couche tard.	Ech gi spéit schlofen.

se reposer – raschten



C'est bien de se reposer un peu après le repas.	Et ass gutt nom Iessen e bëssen ze raschten.
Je vais me reposer un peu.	Ech raschten e bëssen

se battre – kämpfen

Je me bats pour la paix.	Ech kämpfe fir de Fridden.

battre quelqu'un – ee schloen



Les parents ne devraient jamais battre leurs enfants.	D'Eltere sollen hir Kanner net schloen.
Est-ce-qu'il t'a battu ? (frappé)	Huet hien dech geschloen ?

N. D'Vergaangenheet vun de Verben

De Passé Composé

sinn, ech ~~si~~~~n~~ gewiescht, du bass gewiescht, hien ass ...

hunn, ech ~~hu~~~~n~~ gehat, du hues gehat, hien huet ...

iessen, ech ~~hu~~~~n~~ giess, du hues ...

héieren, ech ~~hu~~~~n~~ héieren, du hues héieren, hien huet ...

changéieren, ech ~~hu~~~~n~~ changéiert, du hues changéiert, hien huet ...

bréngen, ech ~~hu~~~~n~~ bruecht, du ... (matbréngen)

ge + radical + t

léieren, ech ~~hu~~ geléiert, du hues geléiert, hien huet ...

wunnen, schaffen, kachen, mengen, soen

brauchen,

ge + radical

schlofen, ech ~~hu~~~~n~~ geschlof, du hues ...

liesen, fueren, maachen, lafen

ge + radical + en

schreiwen, ech ~~hu~~~~n~~ geschriwwen, du hues ...

bleiwen, ech ~~si~~~~n~~ bliwwen, du bass ...

radical

kommen, ech ~~si~~~~n~~ komm, du bass ...

radical + t

besichen, ech ~~hu~~~~n~~ besicht, du ...

verkafen, ech ~~hu~~~~n~~ verkaaft, du ...

erféieren, ech ~~si~~~~n~~ erféiert, du ...

drénken, gedronk

huelen, geholl

schwätzen, geschwat

...





O. Ech ginn an de Lëtzebuergeschcours 1/2

Den Här Nau **mécht** d'Luucht **un.** / **aus.**

Den Här Nau **späert** d'Dier **op.** / **zou.**

Ech **doen** de Mantel **aus.** / **un.**

Ech fannen eng Parkplaz.

Ech **ginn** an d'Klass **eran.**

Ech **ginn** d'Trapen **erop.** / **erof.**

Ech **ginn** **eran.**

Ech ginn iwwert de Parking.

Ech ginn iwwert de Schoulhaff.

Ech ginn op d'Toilette.

Ech **hänken** de Mantel **op.**

Ech **huele** meng Saachen **eraus.**

Ech klammen aus dem Auto. / Zuch.

Ech komme mam Auto. / Bus. / Moto. / Vëlo. / Zuch.

Ech kommen zu Fouss.

Ech **lauschteren** **no.**

Ech leeë meng Bicher op den Dësch.

Ech **maachen** d'Dier **op.** / **zou.**

Ech **maachen** de Motor **aus.** / **un.**

Ech parken den Auto.

Ech partizipéieren um Cours.

Ech **schaffen** aktiv **mat** am Cours.

Ech schwätze sou vill wéi méiglech Lëtzebuergesch.

Ech sëtze mech.

Ech si ganz motivéiert.

Ech si gutt gelaunt.

Ech sichen eng Parkplaz.

Ech soen dem Här Nau: „Gudden Owend“

Ech vergiesse meng Problemer a Suergen.

Ech ginn an de Lëtzebuergeschcours 2/2

Ech komme mam Auto.
Ech komme mam Bus.
Ech kommen zu Fouss.
Ech komme mam Zuch.
Ech komme mam Moto.
Ech komme mam Vëlo.

Ech sichen eng Parkplaz.
Ech fannen eng Parkplaz.
Ech parken den Auto.
Ech maachen de Motor aus.
Ech klammen aus dem Auto.
Ech spären d'Dier zou.
Ech klammen aus dem Bus.

Ech ginn iwwert de Schoulhaff.
Ech ginn iwwert de Parking.
Ech ginn d'Trapen erop.
Ech maachen d'Dier op.
Ech ginn eran.
Ech ginn op d'Toilette.
Ech ginn d'Trapen erof.

Ech soen dem Här Nau: „Gudden Owend“
Den Här Nau späert d'Dier op.
Ech ginn an d'Klass eran.

Den Här Nau mécht d'Luucht un.
Ech maachen d'Dier zou.

Ech doen de Mantel aus.
Ech hänken de Mantel op.
Ech sëtze mech.
Ech huele meng Saachen eraus.
Ech leeë meng Bicher op den Dësch.

Ech si ganz motivéiert.
Ech partizipéieren am Cours.
Ech si gutt gelaunt.
Ech vergiesse meng Problemer a Suergen.
Ech schaffen aktiv mat am Cours.
Ech lauschteren no.
Ech schwätze sou vill wéi méiglech. (Lëtzebuergesch natierlech)



P. Wie mécht wat doheem ?


Wie mécht d’Hausarbecht ? Wie mécht de Stot ? Wie schafft doheem ?³⁵


Ech maachen dat. *Hien / hatt* mécht dat. Mir maachen dat zesummen. Eng Kéier maachen ech dat, an déi aner Kéier mécht *hien / hatt* dat.



	<i>jo</i>	<i>nee</i>	<i>zu zwee</i>	<i>net ëmmer</i>
Ech maachen d’Kommissiounen.				
Ech droen d’Kleeder an d’Botzerei.				
Ech wäschen d’Fënsteren.				
Ech plangen de Menu fir z’iessen.				
Ech ginn akafen.				
Ech kachen.				
Ech decken den Dësch.				
Ech raumen of nom Iessen.				

³⁵ Coping with typical solvable problems, The 7 principles for making marriage work, John Gottman and Nan Silver.

	<i>jo</i>	<i>nee</i>	<i>zu zwee</i>	<i>net ëmmer</i>
Ech botzen d’Kichen.				
Ech botzen d’Buedzëmmer.				
Ech leeë propper Dicher eraus.				
Ech halen den Dësch propper.				
Ech kucken dass alles propper ass.				
Ech ginn den Auto an d’Revisioun.				
Ech maache Bensin an den Auto.				
Ech ginn d’Post sichen.				
Ech bezuelen d’Rechnungen.				
Ech ginn op den Telefon wann e schellt.				
Ech spueren.				
Ech huelen den Dreck an d’Drecks-këscht.				
Ech setzen d’Drecks-këscht eraus.				
Ech bekëmmere mech ëm de Recycling.				
Ech maachen d’Wäsch.				
Ech falen d’Kleeder.				
Ech strecken.				
Ech leeën déi propper Kleeder an de Schaf.				
Ech botzen d’Kichen an d’Plaz wou giess gött.				
Ech staubsaugen.				
Ech wäschen de Buedem.				
Ech changéieren d’Biren.				
Ech flécken d’Saachen am Haus.				
Ech maachen d’Better.				
Ech botzen de Frigo an den Tiefkühler.				
Ech gi Kleeder akafen.				
Ech plangen d’Reesen.				



			<i>jo</i>	<i>nee</i>	<i>zu zwee</i>	<i>net ëmmer</i>
Ech kafe Miwwelen.						
Ech dekoréieren d’Haus.						
Ech kafe Saache fir d’Haus.						
Ech flécken a bitzen d’Kleeder.						
Ech maachen d’Gaardenaarbecht.						
Ech méien de Wues.						
Ech ginn op d’Bank.						
Ech bekëmmere mech ëm d’Planzen.						
Ech preparéieren d’Haus wa Besuch kënnt.						
Ech preparéieren alles wa mir eng Party hunn.						
Ech kafen de Kanner Geschenker.						
Ech féieren d’Kanner an d’Schoul.						
Ech ginn d’Kanner an d’Schoul sichen.						
Ech kucken no de Kanner no der Schoul.						
Ech preparéieren d’Iesse fir d’Kanner.						
Ech gi mat de Kanner bei den Dokter.						
Ech hëllefen de Kanner mat den Hausaufgaben.						
Ech wäschen d’Kanner.						
Ech passen op, dass d’Kanner sech schécken.						
Ech kucken, dass d’Kanner mat Zäit an d’Bett ginn.						
Ech kucken no de Kanner, wa si krank sinn.						
Ech kucken no de Kanner, wa si schlecht gelaunt sinn. (mat hiren Emotiounen)						
Ech ginn an d’Eltereversammlungen. (d’Eltereréuniounen)						
Ech bekëmmere mech ëm d’Schoul vun de Kanner.						
Ech bekëmmere mech ëm d’Gebuertsdeeg an aner Partie vun de Kanner.						
Ech ginn d’Saache fir d’Kanner akafen.						

		jo	nee	zu zwee	net ëmmer
Ech kafe Geschenker.					
Ech halen de Kontakt mat der Famill.					
Ech organiséieren d'Vakanz.					
Ech plange romantesch RDV'en.					
Ech plange rouege Owenter doheem.					
Ech plangen d'Weekender.					
Ech organiséieren d'Essen am Restaurant.					
Ech plange fir mat der Famill eraus ze goen.					
Ech plangen eis Finanzen.					
Ech kafen déi grouss Saachen. (Auto asw.)					
Ech managen eis Investissementer.					
Ech organiséieren dass Frënn op Besuch kommen.					
Ech fëllen d'Steiererklärung aus.					
Ech bekëmmere mech ëm d'Gesondheet vun der Famill. (D'Dokteren, d'Zänn dokteren, asw.)					
Ech kucken no der Internetverbindung.					

...

Aner Saachen, déi dir doheem maacht:

-
-
-



iv. Grammatik

A. Wat ass Grammatik ?

Grammatik ass en Deel vun der Sprochwëssenschaft. Eng Grammatik, algräichesch „d’Konscht vum Liesen a Schreiwen“ ass an der Linguistik a Sproochfuerschung all Form vu systematescher Sproochbeschreiwung.³⁶



Pateren hunn déi grammatesch
Traditioun vum Altertum
iwwerholl.

a) E puer Iwwersetzungen

- | | |
|---|--|
| <ul style="list-style-type: none"> • afrikaans : grammatika ^(af) • allemand : Grammatik ^(de),
Sprachlehre ^(de) • englesch : grammar ^(en) • aragonais : gramatica ^(an) • bosniaque : gramatika ^(bs) • catalan : gramàtica ^(ca) • chinesis : 语法 ^(zh) • croate : gramatika ^(hr) • danois : grammatik ^(da) • espagnol : gramática ^(es) • esperanto : gramatiko ^(eo) • féroien : mállæra ^(fo) • galicien : gramática ^(gl) | <ul style="list-style-type: none"> • hongrois : nyelvtan ^(hu) • kurde : rêziman ^(ku) <i>féminin</i> • latin : grammatica ^(la) • néerlandais : spraakkunst ^(nl), grammatica ^(nl),
spraakleer ^(nl) • papiamentu : gramátika ^(pap) • portugais : gramática ^(pt) • romanche : grammatica ^(rm) • roumain : gramatică ^(ro) • russe : грамматика ^(ru) • serbe : граматика ^(sr) (gramatika) • suédois : grammatik ^(sv), grammatika ^(sv),
språklära ^(sv) • turc : dilbilgisi ^(tr) • jersiais : granmaithe <i>féminin</i> |
|---|--|

D’Grammatik ass d’Studium vun de Regeln déi eng Spooch « regéieren ». Dës Regeln erlaben et, Aussoen ze maachen, déi vun de Leit, déi eng Sprooch schwätzen, als richteg erkannt ginn.

Et gi verschidden Disziplinen :

- **D’Phonetik** studéiert d’Lauter³⁷ vun enger Sprooch.
- **D’Phonologie** studéiert wéi d’Lauter sech an enger Sprooch organiséieren.
- **D’Morphologie** erfuerscht déi klengst bedeitungs- oder funktiounsdroend Elementer vun enger Sprooch, d’Morpheme.
- **D’Syntax** studéiert d’Manéier, wéi d’Wierder sech kombinéieren.
- **D’Semantik** befaasst sech mat der Bedeitung vun de sproochlechen Zeechen.






³⁶ (wikipedia) Eine **Grammatik** (altgriechisch [τέχνη] γραμματική, [technē] *grammatikē* „Kunst des Lesens und Schreibens“, von γράμμα, *gramma*, „Geschriebenes, Buchstabe“; lat. [ars] *grammatica*) bezeichnet in der [Linguistik](#) und [Sprachforschung](#) jede Form einer systematischen Sprachbeschreibung. Dabei steht der Begriff der Grammatik einmal für das Regelwerk selbst, auf der anderen Seite wird Grammatik auch für die Theorie über eine bestimmte [Sprache](#) oder [Sprachfamilie](#) verwendet. Teile der neueren grammatischen Forschung bestehen in der Frage wie weit sich vor allem [natürliche Sprachen](#) auf [formale Sprachen](#) reduzieren lassen (siehe [Noam Chomsky](#)). Mit dem Ausgang des 18. Jahrhunderts hat mit den Arbeiten von [Franz Bopp](#) eine Analyse der Sprachverwandtschaften anhand der Grammatiken begonnen, die bis heute den zentralen Forschungsgegenstand darstellt. Bei den alten Griechen (z.B. [Aristoteles](#)), die diese Begriffsbildung eingeleitet haben, diente die Grammatik u. a. in der Diskussion, ob die Sprache Menschenwerk sei.

³⁷ fr, les sons



B. Pronomen : Ech – Du - [Hien – Hatt – Si – Et] Mir – Dir - Si
 C. Den Artikel 38

Den Här Schmit ass Däitsch. Den Tom ass Amerikaner. Den Claude ass Turnproff.	En däitsche n Mann.	Deen däitsche n Mann.	
D' Madame Da Silva ass bestuet. D' Claudine ass net bestuet.	Eng schéi n Fra.	Déi schéi n Fra.	
D' Buch ass déck.	En déckt Buch.	Dat déckt Buch.	neutral
D' Studente n léiere n Lëtzebuergesch.		Déi Studenten.	

D. **D'Cristina ass net hei. Den Mike ass och net do.**

E. **Regelméisseg Verben « wunnen, drénken »**

Ech **wunnen** hei. Du **wunns** net hei. Hien, hatt, si **wunnt** elo hei. Mir **wunnen** net méi hei. Dir **wunnt** schonn dräi Joer hei. Si **wunnen** a Frankräich.

{ech hunn an Israel **gewunnt**} Ech **géing gär** zu Esch **wunnen**.

Ech **drénken** näischt. Du **drénks** och näischt. Hien, hatt, si **drénkt** Mëllech. Mir **drénken** dräi Liter Waasser. Dir **drénkt** gär Kaffi. Si **drénken** net vill.

{ech hu~~n~~ gär **gedronk**} Ech **géing gär** en Téi **drénken**.

F. **D'Hëllefverben « sinn an hunn »**

Ech **sinn** de Ronny, du **bass** d'Maria, hien – hatt – si **ass** hei, mir **sinn** am Lëtzebuergeschcours, dir **sidd** léif, si **sinn** zu Walfer.

Passé composé: {ech **sinn** midd **gewiescht**} *Imparfait:* {ech **war** midd}

Conditionnel: Ech **wier** gär glécklech. Ech **géing gär** glécklech **sinn**.

Ech **hunn** de Kapp wéi, du **hues** de Kapp net wéi, hien – hatt – si **huet** zwee Kanner, mir **hunn** e gudde Lëtzebuergeschproff, dir **hutt** e RDV beim Dokter, si **hunn** dräi Kazen.

Passé composé: {ech **hunn** de Kapp wéi **gehat**} *Imparfait:* {ech **hat** de Kapp wéi}

Conditionnel: Ech **hätt** gär Fridden. Ech **géif** gär Fridden **hunn**.

³⁸ Lëtzebuergesch fir all Dag, L1

G. Froen

Wien ass net do? **Wat** ass dat? **Wou** ass de Ricardo? **Wéi** geet et?

H. Neen an net

Ass de Richard do ? **Neen**, hien ass **net** do.



I. An Amerika, zu New York

Ech wunnen **zu** Lëtzebuerg, **zu** Steesel. D'Tadeja wunnt **zu** Bäreleng. D'Eugénie wunnt **zu** Mëlleref.

De Stephane wunnt **a** Frankräich, **zu** Metz. Den Heinz wunnt **an** Däitschland, **zu** Tréier.

Den Ali wunnt **an** der Stad. De Jean-Luc wunnt **an** der Belsch, **zu** Bréissel.

De Muhamed wunnt **an** der Tiirkei, **zu** Istanbul. De Fritz wunnt **an** der Schwäiz.

De Poopst wunnt **am** (**an** dem) Vatikan. Ech géing gär **am** (**an** dem) Maroc wunnen.

J. Onregelméisseg Verben ³⁹ fueren, kommen an iessen

Ech fueren, du **fiers**, hien-hatt-si **fiert**, mir fueren, dir fuert, si fueren: *heem*.

- *an de Lëtzebuergeschcours*. {ech **siinn** vill *an de Lëtzebuergeschcours* **gefuer**}

Ech kommen, du **kënns**, hien-hatt-si **kënnt**, mir kommen, dir kommt, si kommen

- *vun doheem, vun der Aarbecht*. {ech **siinn** vun doheem **komm**} {ech **koum** vun doheem}

Ech iessen, du **ëss**, hien-hatt-si **ësst**, mir iessen, dir iesst, si iessen

- *haut näischt*. {ech **hunn** haut näischt **giess**}



K. N-Regel

N virun a, e, i, o, u, y an d, h, n, t, z, an,



Ech **heeschen** Annabelle, Eric, Ingrid, Yves, Olivier, Uta. Ech **heeschen** Denise, Tom Henri, Nicole.

Astuce: Den Thierry huet zwee Noperen. (**d,t,h,z,n**) Oppassen: Ech heesche Zoé (prononcé s)

Ausnamen – Exceptiounen: Mäi Mann schafft gutt! An enger Stonn kommen ech.

Exercice: n oder net n? De.. Henri ass de.. Grand-Duc. Hie.. wunnt scho.... fënnef Joer zu Colmar-Berg a.. engem schéine.. Schlass. Hie.. huet fënnef Kanner a.. eng Fra, d'Maria Teresa. Si si.. bestuet. Si hu.... vill Suen.

³⁹ Lëtzebuergesch fir all Dag, L2

L. Vu wou kommt Dir?

Ech kommen vu Steesel. Ech kommen aus Frankräich, vun Dijon. Ech kommen aus Albanien, vun Tirana. Ech kommen aus der Stad. Ech kommen aus der Belsch, vun Namur.

M. Äre Beruff

Wat schafft Dir? Ech sinn Hausfra. Wat ass äre Beruff? Ech sinn Zänndokter.

An dir? (Coiffeuse, Coiffer, Kach, Kächin, Metzler, Bäcker)

N. Männlech, weiblech

E Botzmann, eng Botzfra - E Sekretär, eng Sekretärin – en Dokter, eng Doktesch – e Minister, eng Ministesch – E Comptabel, eng Comptabel – E Proff, eng Proff - E Schoulmeeschter, eng Joffer, eng Léierin.

O. Onregelméisseg Verben⁴⁰ goen - maachen

Ech **ginn** heem. Du **gees** schaffen. Hien, hatt, si **geet** an de Lëtzebuergeschcours. Mir **ginn** an de Kino. Dir **gitt** an d' Stad. Si **ginn** an de Restaurant.

{ech **sinn** heem **gaang**} Ech **géif** **gär** heemgoen.

Ech **maachen** d'essen. Du **méchs** näischt. Hien, hatt, si **mécht** d'Spull. Mir **maachen** de Kaffi. Dir **maacht** eng gutt Aktioun. Si **maachen** net vill.

{ech **hunn** d'esse **gemaach**} Ech **géif** **gär** d'Spull **maachen**.



P. Zweek Verben an engem Saz

Ech fuere schaffen. Ech ginn iessen. Mir ginn trainéieren. Ech gi spadséieren. Ech gi lafen.

Q. Wéivill? Wéini?

Wéivill Auer ass et wann ech gelift? Et ass aacht Auer. Wéini hutt dir Lëtzebuergeschcours? Dëschdes owes. Wéivill Kanner hutt dir? Ech hunn ee Jong.

R. An Italien, op Roum →

Ech fueren **an** Frankräich, **op** Paräis. Du fiers **an** Däitschland, **op** Tréier.

Hien fiert **an** d'Belsch, **op** Bréissel. Mir fueren **an** d' Stad.

Dir fuert **op** de Lampertsbiërg, **op** de Kierchbiërg, **op** Steesel, **op** d' Gare, **op** Walfer.

⁴⁰ Lëtzebuergesch fir all Dag, L3

S. Fir Iech, fir dech

Madame Biwer, hei ass e~~n~~ Kaffi **fir Iech**. **Här** Fernandes, hei ass e~~n~~ Kaffi **fir Iech**.
Claudine, hei ass en Téi **fir dech**. **Claude**, hei ass en Téi **fir dech**.

T. Onregelméisseg Verben⁴¹ « kafen – kréien »

Ech kafen, du keefs, hien-hatt-si keeft, mir kafen, dir kaaft, si kafen.

{ech **hunn** vill **kaaft**} Ech war akafen.

Ech kréien, du kriss, hien-hatt-si kritt, mir kréien, dir kritt, si kréien.

{ech **hunn** e~~n~~ Cadeau kritt} {Ech **krut** e~~n~~ Cadeau}

U. De Plural

Regelméisseg:

eng Luucht – zwou Luuchten, eng Säit – zwou Säiten



eng Dier – zwou Dieren, eng Fra – zwou Fraen

eng Fënster – zwou Fënsteren, eng Gromper – zwou Gromperen

Onregelméisseg:

e~~n~~ Mann – zwee Männer, en Dësch – zwee Dëscher,



e~~n~~ Glas – zwee Glieser, eng Kou, zwou Kéi

e~~n~~ Stull – zwee Still, e~~n~~ Schaf – zwee Schief, e~~n~~ Bic – zwee Bicken

e~~n~~ Bréitchen – zwee Bréidercher, e~~n~~ Meedchen – zwee Meedercher

e~~n~~ Kichelchen – zwee Kichelcher




Kee Changement:

eng Dosen – zwou Dosen, e~~n~~ Schong – zwee Schong, e~~n~~ Joer – zwee Joer

e~~n~~ Päerd – zwee Päerd, e~~n~~ Schof – zwee Schof, en Hoer – zwee Hoer

⁴¹ Lëtzebuergesch fir all Dag, L4

v. Keen (männlech, neutral) – Keng (weiblech, plural)

♂	eñ	Mann	keen	Mann	<i>Hutt Dir en décke Mann?</i>
♀	eng	Fra	keng	Fra	<i>Hutt Dir eng elle Fra?</i>
s 	en	Appartement	keen	Appartement	<i>Ech hunn e Buch. Du hues keent.</i>
pl	/	Kanner	keng	Kanner	<i>Hutt dir 10 Kanner?</i>

Hutt Dir keng Problemer? Hutt Dir ganz vill Suen? Hutt Dir Helikopteren?

w. Op – Bei – An - No + Dativ ☺

Op dem → *Um*. *Bei dem* → *Beim*. *An dem* → *Am*. *No dem* → *Nom* (männlech, neutral)

Op der, bei der, an der, no der, (weiblech)

Op der Gare ass keng Foussgängerzone. **Um Maart** ass et méi deier wéi am Cactus.

Bei der Coiffeuse kréien ech ëmmer e Kaffi. **Beim Bäcker** kafen ech Croissanten.

An der Stad sinn elo d'Solden. **Am** chinesesche **Restaurant** ass keng Plaz.

No der Aarbecht ginn ech an den Lëtzebuergeschcours. **Nom Lëtzebuergeschcours** ginn ech heem.

x. Vergläichen

> *méi ...wéi;*

= (grad) *sou ... wéi ;*

< *net sou ... wéi;*

< *manner ... wéi.*

Richtig oder falsch?

Zu Lëtzebuerg wunnen **méi** Leit **wéi** an der Belsch. Männer sinn **sou** intelligent **wéi** Fraen. Eng Villa ass **manner** **deier** **wéi** en Appartement.

Y. Trennbar Verben – ufänken, erakommen, opstoen⁴²


	ufänken		<i>hunn</i> ugefaangen
ech	fänken	un	
du	fänks	un	
hien, hatt, si	fänkt	un	
mir	fänken	un	
dir	fänkt	un	Fänk un!
si	fänken	un	Fänkt un!

De Lëtzebuergeschcours fänkt um 8 Auer un.



Ech muss eng Kéier ufänken an eng Kéier ophalen.

	opstoen		<i>sinn</i> opgestanen	<i>Ech stoung op</i>
ech	stinn	op		
du	stees	op		
hien, hatt, si	steet	op		
mir	stinn	op		
dir	stitt	op	Stéi op!	
si	stinn	op	Stitt op!	



Ech stinn um 7 Auer op.

	erakommen		<i>sinn</i> erakomm	<i>Ech koum eran</i>
ech	kommen	eran		
du	kënns	eran		
hien, hatt, si	kënnt	eran		
mir	kommen	eran		
dir	kommt	eran	Komm eran!	
si	kommen	eran	Kommt eran!	



Z. Verben – sech wäschen

sech wäschen, sech duschen, sech kämmen

ech	wäsche..	mech	ech <i>hu</i> mech gewäsch.
du	wäschs	dech	
hien, hatt, si	wäscht	sech	
mir	wäschen	eis/ons	
dir	wäscht	iech	Wäsch dech!
si	wäsche..	sech	Wäscht ie ch!

Haut hunn ech mech gewäsch, geduscht, gekämmt a geschminkt.



⁴² Lëtzebuergesch fir all Dag, L5

AA. Reflexiv Verben - sech freeën

(*sech freeën*) Ech freeën mech op d'Vakanz. (Ech hu mech **gefreet**.)

(*sech opreegen*) Ech reegen mech op wann ech ongedëlleg sinn. (Ech hu mech **opgereegt**.)



(*sech tommelen*) Ech muss mech tommelen, soss verpassen ech de

Bus. (Ech hu mech **getommelt**.)



(*sech iren*) Et kann een sech mol iren, sot den Igel, duñ souz hien um

Schruppert. (Ech hu mech **geiert**.)

(*sech schummen*) Ech schummeñ mech. Ech huññ meng Hausaufgab net
gemaach. (Ech hu mech **geschummt**.)

(*sech erhuelen*) Am Lëtzebuergeschcours kann ech mech
sou richteg erhuelen. (Ech hu mech **erholl**.)



BB. Op – Bei – An + Akkusativ ➔

fueren, ginn, lafen, klammen, ...

	op	bei	an
 fém.	d'Aarbecht d'Toilette	d'Coiffeuse d'Frëndin d'Mamm	d'Belle Etoile d'Apdikt d'Piscine (Schwämm) d'Phiharmonie
 neutre	d'Päerd		d'Haus d'Appartement
 masc.	den Vëlo den Bal den Concert den Bam	den Dokter den Frënd den Coiffeur den Bäcker	den Studio den Auchan den Lëtzebuergeschcours den Cactus den Restaurant den Auto
●●● pluriel		d'Elteren	

DD. Wiesselpräpositiounen

(akk.) ➔ Ech ginn
heem.

Ech ginn an d' Stad.

Ech ginn op d' Aarbecht.

Du fiers bei de Bäcker.

Si geet an de Concert.

(dat.) ☯ Ech sinn
doheem.

Ech sinn an der Stad.

Ech sinn op der Aarbecht.

Du bass beim Bäcker.

Du bass am Concert.



EE. Trennbar Verben – undoen⁴³ ≠ ausdoen

sech undoen {ugedoen}

ech	doen	mech	un
du	dees	dech	un
hien, hatt, si	deet	sech	un
mir	doen	eis/ons	un
dir	dot	iech	un
si	doen	sech	un



"NEXT TRIP WE SHOULD JUST GET DRESSED AT THE AIRPORT."

Do dech un! Dot iech un!

Ech hu mech séier **ugedoen**. Ech doen mech sportlech un. Ech doen mech elegant un.

FF. D'Adjektiv

♂	Den Dag ass interessant .	En interessanten Dag.
♀	D' Ambiance ass gutt .	Eng gutt Ambiance.
neutral	D' Appartement ass kleng .	E klengt Appartement.
★★★	D' Kanner si grouss.	Grouss Kanner.

⁴³ Lëtzebuergesch fir all Dag, L6

GG. De Possessiv

	<i>männlech</i> ♂	<i>sächlech</i>	<i>weiblich</i> ♀	<i>plural</i> ★★★	
	<i>Mann</i>	<i>Kand</i>	<i>Fra</i>	<i>Kanner</i>	
ech	mäin	mäin	meng	meng	
du	däin	däin	deng	deng	
hien	säin	säin	seng	seng	
si ★	hiren	hiert	hir	hir	
hatt	säin	säin	seng	seng	
mir	eisen/onsen	eist/onst	eis/ons	eis/ons	
dir	ären	äert	är	är	
si ★★★	hiren	hiert	hir	hir	

HH. Preferenzen – (net sou gär) – gär – (ganz gär) – léiwer – am léifsten

Ech iesse **gär** Cordon Bleu.

Ëss du gär Äppel oder Orangen?

Ech iesse **léiwer** Chicken Tikka.

Ëss du léiwer Fësch oder Flesch?

Ech iessen am **léifsten** Tagliatelle.

Wat ëss du am léifsten?

II. Eppes, näischt + Adjektiv

Ech wëll **eppes** Waarmes drénken. Ech wëll **näischt** Kales iessen.

Ech wëll **eppes** Klenges iessen. Alles Guddes fir däi Gebuertsdag!



JJ. Modalverben: kënnen – müssen – sollen – däerfen 44

	<i>kënnen</i>	<i>müssen</i>	<i>sollen</i>	<i>däerfen</i>	<i>wëllen</i>	<i>net brauchen</i>
<i>ech</i>	kann	muss	soll	däerf	wëll	brauch net ze
<i>du</i>	kanns	muss	solls	däerfs	wëlls	brauchs net ze
<i>hien, hatt, si</i>	kann	muss	soll	däerf	wëll	brauch net ze
<i>mir</i>	kënnen	müssen	sollen	däerfen	wëllen	brauchen net ze
<i>dir</i>	kënnt	musst	sollt	däerft	wëllt	braucht net ze
<i>si</i>	kënnen	müssen	sollen	däerfen	wëllen	brauchen net ze
<i>ech</i>	konnt	hu missen	sollt	hunn däerfen	ech wollt	ech hunn net bräichten ze

⁴⁴ Lëtzebuergesch fir all Dag, L7

KK. De Futur

De Futur mat Zäitwierder:

Ech ginn *haut* an de Lëtzebuergeschcours. Ech ginn *haut den Owend* an de Kino.

E Méindeg hunn ech Congé. *Den nächste Méindeg* ass Schoulvakanz.

Den 1. Mee ass Feierdag. *Am August* ass Sommervakanz.

De Futur mam Verb **wäerten**:

Ech **wäert** *haut* an de Lëtzebuergeschcours **goen**.

.....

LL. Mat + Dativ

m Ech schwätzen gär **mam** Här Müller.

w Ech schwätzen gär **mat der** Madame Quetsch.

n Ech ginn gär **mam** Claudine an de Kino.

pl Ech spille **mat den** Kanner.



MM. Fir ze + Verb

Wat passt?

Eñ Bic ass do		fir ze kucken.
Aeñ sinn do		fir z'iessen, fir ze kussen,
D'Nues ass do		fir ze schreiwen.
Deñ Mond ass do		fir ze lauschteren.
En Auto ass do		fir ze liewen.
Oueren sinn do		fir ze richen.
D'Vakanz ass do		fir ze fueren.
D'Zong ass do		fir ze goen.
De Mënsch ass do		fir sech z'entspanen, sech ze relaxéieren.
D'Been sinn do		fir ze schwätzen, fir ze schmaachen.

NN.De Possessiv vun der 3. (drëtter) Persoun & Datif

männlech ♂

Dem **Här Nau**
säiñ Jong.
Dem **Tom**
seng Cousine.

weiblich ♀

Der **Madame Nau**
hiren Neveu.
Der **Mamm**
hir Schwëster.

sächlech

Dem **Juliette**
säiñ Monni.
Dem **Nathalie**
seng Tatta.

plural ★★★

Deñ **Kanner**
hireñ Bopa.
Den **Elteren**
hir Geschwëster.

Wiem säiñ Jong ass dat?

OO. Vun + Dativ⁴⁵

Vu wou kommt dir elo ?

Ech kommeñ vun der Aarbecht.

Ech kommeñ vun do**heem**. ☺ Ech ginn **heem**.

Ech kommeñ vum Zänn Dokter

Wat ass d'Adress vun der Schoul?

Wat ass den Titel vum Buch?

Wéi ass den Niveau vun deñ Couren?



Hutt dir Fotoe vun ärer Famill?

Jo,

- hei ass eng Foto vu mengem Mann.
- hei ass eng Foto vu mengem Meedchen.
- hei ass eng Foto vu menger Fra.
- hei ass eng Foto vu mengeñ Kanner.



PP. Den Imparfait vun de Verben: sinn, hunn

	<i>sinn</i>	<i>hunn</i>	<i>war</i> <i>hat</i>	
<i>ech</i>	war	hat		an der Stad.
<i>du</i>	waars	has		hongreg.
<i>hien, hatt, si</i>	war	hat		keng Zäit.
<i>mir</i>	waren	haten		eng schéi Fra ☺ eñ schéinen Mann.

⁴⁵ Lëtzebuergesch fir all Dag, L8



<i>dir</i>	waart	hat		d'lescht Woch net am Cours.
<i>si</i>	waren	haten		eñ Cadeau fir mech.

QQ. De Passé composé

<i>ech</i>	hunn de RDV annuléiert.	hu vill geléiert.	hunn e Kuch gemaach.	si gaang.
<i>du</i>	hues dech ugedoen.	hues laang gesicht.	hues verstan.	bass komm.
<i>hatt</i>	huet sech gewäsch.	huet geschafft.	huet e Kuss kritt.	ass gefuer.

RR.E Wee beschreiwen

Dir gitt:

riichtaus	↔↔↔↔	laanscht d'Kierch	
no riets	➡	iwwert d'Bréck	
no lénks	⬅	duerch deñ Park	
erop	⬆	erof	⬇
zréck			

SS. De Passé Composé mat „hunn“⁴⁶

Ech ~~hunn~~ mäin RDV net **changéiert**, mee **annuléiert**.

Wéi war äre Weekend ? Wat **hutt** dir **gemaach** ?

Ech **hunn** deñ Weekend net vill **giess** an ech ~~hunn~~ vill Sport **gemaach**.

Ech ~~hunn~~ gëschter net vill **geschlof**.

Ech ~~hunn~~ mech gutt **ameséiert**.

⁴⁶ Lëtzebuergesch fir all Dag, L9

TT. De Passé Composé mat „sinn“

Wéi war de Weekend ? Mir **sinn** an de Kino **gaang**.

Mir ~~sinn~~ spéit **opgestan**. Mir **sinn** doheem **bliwwen**.

UU. Den Imparfait vun 13 Verben

		<i>Infinitiv</i>			Wat passt?
	Ech	sinn	war		um Buedem.
	Ech	hunn	hat		frou.
	Ech	kommen	koum		vill Zäit.
	Ech	leien	louch		aus der Stad.
	Ech	stinn	stoung		op enger gudder Plaz.
	Ech	sätzen	souz		haut net kommen.
	Ech	kann	konnt		haut näischt iessen.
	Ech	soll	sollt		wéi dat geet.
	Ech	wëll	wollt		net dacks vun der Police ugehall
	Ech	weess	wosst		de Mëtteg akafen goen.
	Ech	ginn	gouf		
	Ech	kréien	krut		
	Ech	soen	sot		haut 45 Joer.

VV. An der Vergaangenheet erzielen

Gëschter waren mir am Kino. **Virgëschter** war ech doheem.

D'lescht Woch hunn ech geschafft. **Virun dräi Wochen** hat ech Gebuertsdag.



eng Sekonn	eng Minutt	eng Stonn	
zwou Sekonnen	zwou Minutten	zwou Stonnen	
en Dag	eng Woch	e Mount	e Joer

zwee Deeg	zwou Wochen	zwee Méint	zwee Joer
-----------	-------------	------------	-----------

Am Ufank war den Film spannend. **Zum Schluss** war en langweileg.
Ech war mat der Famill en **puer Deeg** zu Budapest.

WW. Niewesätz: de Relativsatz⁴⁷

En Bréifdréier ass en **Mann, deen** d'Post heem bréngt. ♂


Eng Infirmière ass **eng Fra, déi** an enger Klinik schafft. ♀

En Léiermeedchen ass en **Meedchen, dat** en Beruff léiert. 

Staatsbeamte sinn **Leit, déi** fir den Stat schaffen. ★★★



XX. De Relativpronomen

♂		♀	★★★
en Mann, deen ..	en Meedchen, dat ..	eng Fra, déi ..	Leit, déi ..

Dat ass en Mann, deen alles kann. Dat ass en Meedchen, dat vill léiert. ...

YY. Ëmschreiw

Wéi seet een fir een, deen d'Leit operéiert?		En Bäcker
Wéi nennt een een, deen d'Bréiwer ausdeelt?		En Garçon
Wéi heescht een, deen zerwéiert?		En Chirurg
Wéi seet ee fir eppes, wou een drop sëtzt?		Eng Tomat an engem Lift
Wéi nennt een eppes, dat näischt kascht?		Loft
Wéi heescht eppes, mat deem een schreift?		en Stull
Wat ass rout a geet erop an erof?		eng Füllfieder, en Stëft, en Bic, en Bläistëft

ZZ. Niewesätz: well

⁴⁷ Lëtzebuergesch fir all Dag, L10

Mir léiere Lëtzebuergesch, *well* mir hei schaffen.

Dir sollt net fëmmen, *well* dat net gutt fir d'Gesondheet ass.

AAA. Lokalisatioun

Den Ball läit: am Schaf. um Schaf. ënnert dem Schaf. hannert dem Schaf. ⊙

♂

Ech geheien den Ball. ♂ an den Schaf. op den Schaf. ënnert den Schaf. hannert den Schaf. ⇒

BBB. Den Imperativ⁴⁸

<i>maachen</i>	Béa, maach d'Dier zou w.e.g! Madame Dumont, maacht d'Dier zou w.e.g! Léif Studenten, maacht är Hausaufgab w.e.g!	maach maacht maacht
<i>kommen</i>	Julien, komm emol heihin w.e.g! Här Florin, kommt bei mech w.e.g! Studenten, kommt emol heihi w.e.g!	komm kommt kommt



CCC. Den Imperativ: Ausnamen

<i>Infinitiv</i>			
<i>goen</i>	Géi elo w.e.g.!	Gitt elo w.e.g.!	
<i>sinn</i>	Sief léif mat jidderengem!	Sidd frëndlech mat all Mënsch!	
<i>opstoen</i>	Stéi elo op w.e.g.!	Stitt elo op w.e.g.!	
<i>ginn</i>	Gëff mir 5 Euro w.e.g.!	Gitt mir en frëndlecht Gesiicht w.e.g.!	

⁴⁸ Lëtzebuergesch fir all Dag, L11

DDD. De Conditionnel

			<i>géing gär = géif gär</i>		
	<i>hunn</i>	<i>sinn</i>	<i>goen</i>	<i>ginn</i>	
<i>ech</i>	hätt	wier/wär	géing	géif	
<i>du</i>	häss	wiers	géings	géifs	
<i>hien, hatt, si, et</i>	hätt	wier	géing	géif	
<i>mir</i>	hätten	wieren	géingen	géifen	
<i>dir</i>	hätt	wiert	géingt	géift	
<i>si</i>	hätten	wieren	géingen	géifen	

Ech **hätt gär** Fridden a mir selwer, a menger Famill, op der Aarbecht an op der Welt.

Ech **wier gär** en bässe méi schlank.

Ech **géing gär** mat dir an den Kino goen. Ech **géif gär** mat dir an den Kino goen.

Ech **hätt gär** en Auto deen gutt fir d'Ëmwelt ass.

Ech **hätt léiwer** en Auto, deen mat Loft fiert.

Ech **hätt am léifsten** en Bus.



Conditionnel Passé

Ech **wier gär** danzen gaang.

Ech **wier léiwer** an d'Pizzeria gaang.

Ech **wier am léifsten** doheem bliwwen.

Conditionnel

Ech **géing (géif) gär** danzen goen.

Ech **géing (géif) léiwer** an eng Pizzeria goen.

Ech **géing (géif) am léifsten** doheem bleiwen.

EEE. Verbe mat engem eegene Conditionnel

Infinitiv *Conditionnel*

brauchen	ech bräicht	D'Solden: ech bräicht nach en puer Summerschong, eng Box, en Hiem an Ënnerwäsch.
wëllen	ech wéilt	Ech wéilt gär , dass dir méi zesumme n schwätzt.
wëssen	ech wéisst	Ech wéisst gär , wéi laang ech brauch, fir gutt Lëtzebuergesch ze schwätzen. Dat hänkt dovun of. Schwätzt dir vill? Hutt dir d'Méiglechkeet fir vill Lëtzebuergesch ze schwätzen?
däerfen	ech dierft	Ech dierft eigentlech näischt méi iessen, awer et ass ze vill gutt! Ech muss einfach nach en bësse n probéieren.
sollen	ech sollt	
kënnen	ech kéint	Ech kéint eventuell en Mëttwoch kommen.

☛ Ech **sollt** manner iessen. (Conditionnel) Hie **sollt** gëschter kommen. (Imparfait)

FFF. Niewesätz: dass, wéini, ob

Hie **seet, dass** hien net komme kann.
Hie **freet** mech, **ob** hie~~n~~ komme kann.
Hie **freet** mech, **wéini** hie~~n~~ komme kann.



GGG. Niewesätz: Den Zäitsaz⁴⁹ mat wann

Ech ginn~~n~~ bei den Dokter, **wann** ech **krank sinn**.
Wann ech **krank sinn**, da ginn ech bei den Dokter.

HHH. Mussen – net däerfen

Dir **musst** bei rout stoebleiwen. = Dir **däerft** bei rout **net** weiderfueren. ⇔ Dir sollt
Dir **musst** all Dag e bësse léieren. = Dir **däerft net** faulzen. ⇔ Dir sollt

⁴⁹ Lëtzebuergesch fir all Dag, L12

III. Et + Verb + een – Verb + een ?

Et kann een net alles maachen am Liewen. **Et léiert een** all Dag eppes.

Muss een hei bezuelen? **Däerf een** hei fëmmen? Huet **een** en Euro fir mech w.e.g.?

Wou kann **een** hei parken? Wann **een** vill ässt, gött **een** déck!

JJJ.Sazkonstruktiounen

Et ass wichtig, eng Strategie **ze** hunn, wann ee Lëtzebuergesch léiert.

Et ass wichtig, **dass een** eng Strategie huet, wann ee Lëtzebuergesch léiert.

Ech si fir Gläichberechtigung tëschent Mann a Fra.

Ech sinn dofir, **dass** Mann a Fra gläich Rechter hunn.

Ech si géint d'Aféierung vun der Doudesstrof.


Ech sinn dogéint, **dass** d'Doudesstrof agefouert gött.

Menger Meenung no ass d'Gesondheet immens wichtig.

Ech sinn der Meenung, **dass** d'Gesondheet immens wichtig ass.

D'Personalpronomen am Akkusativ⁵⁰

du	bréngs	mech		wat dat kascht.
ech	bréngen	dech		bei den Dokter.
hien	däerf	hien		kenneléieren.
hatt	wëllt	hatt		bei den Dokter.
si	musse	si		bestueden.
mir	sollen	eis/ons		konzentréieren.
dir	frot	iech		an de Kino féieren.
si	huele	si		mat an d'Stad.



Ech froen **mech**, ob dat gutt ass.


⁵⁰ Lëtzebuergesch fir all Dag, L13

KKK. Präpositiounen mam Akkusativ

Si geet ni ouni hien eraus.	Den Här Müller geet ni ouni den Hutt an d' Stad.
Hues du eppes géint mech ?	Hues du eppes géint den Kapp wéi ?
Ass näischt fir mech dobäi ?	Hues du en Cadeau fir d' Kanner ?
Maacht Iech keng Suergen ëm eis .	
Duerch si krut ech en Gratis Ticket.	Mir ginn duerch den Park fir an d' Stad.
D'Kanner sinn ëmmer ronderëm si .	Mir sëtzen ronderëm den Dësch.

LLL. De Superlativ

schéin	méi schéin	am schéinsten
kuerz	méi kuerz	am kierzsten
waarm	méi waarm	am wäermsten
aarm	méi aarm	am äermsten
staark	méi staark	am stäerksten
schaarf	méi schaarf	am schäerfsten
schwaach	méi schwaach	am schwächsten
schwéier	méi schwéier	am schwéiersten
grouss	méi grouss	am gréissten
al	méi al	am eelsten
jonk	méi jonk	am jéngsten
héich	méi héich	am héchst
gär	léiwer	am léifsten
vill	méi	am meeschten
gutt	besser	am beschten
bëssen	manner	am mannsten



MMM. Niewesäz: dofir – soss

D’Klima ass wierklech gutt hei, **dofir** si~~m~~ mir zu Lëtzebuerg.
Dir musst iech konzentréieren, **soss** kënnt dir näischt léieren.



NNN. De betounten Artikel

♂ **Deen** neien James Bond ass net schlecht.

📖 **Dat** neit lëtzebuergesch Buch ass tipp topp.

♀ **Déi** nei Studentin ass ganz sympatesch.

★★★ **Déi** gutt Kamelle si~~m~~ schonn all fort.

OOO. D’Personalpronomen am Dativ⁵¹

ech hëllef~~e~~ **mir** selwer.

ech bréngen **dir** e~~n~~ Kaffi.

ech probéieren **him** ze hëllef~~e~~n.

ech fänken **him** e~~n~~ Fësch.


ech dréchnen **hir** Kleeder.

mir wäschen **eis/ons** d’Zänn.

ech verléieren **iech** am Eurodisney.

ech verzeien **hinnen** hir⁵² Feeler.

Ech hëllef~~e~~n dir an du hëllef~~s~~ mir. Hien hëlleft him an hatt hëlleft him. Si hëlleft hir an dir hëlleft eis. Si hëllef~~e~~n iech an dir hëlleft hinnen.



⁵¹ Lëtzebuergesch fir all Dag L14

⁵² Possessiv

PPP. Präpositioun mam Dativ: mat,aus,vun,no,wéinst,zënter,virun

D’Pierrette war **mam** Pierre bestuet. Hie kënnt **aus** dem Minett. De Willi erzielt **vu** senger Jugend. **Nom** Lëtzebuergeschcours gi~~an~~ mir heem. Ech wunnen zu Lëtzebuerg **wéinst** mengem Mann ~~an~~ **wéinst** menger Aarbecht. Ech léieren **zënter** zwee Joer Lëtzebuergesch. Hutt dir Angscht **virum** Doud oder hutt dir Angscht **virun** der Krankheet?

QQQ. Verbe mat Dativ, engem vertrauen, ...


<i>engem</i>	<i>Beispill</i>	
gehéieren	Den CD gehéiert mir.	
feelen	Mäi Papp feelt mir.	
telefonéieren	...	
nolauschteren	Ech lauschteren dem Proff no.	
vertrauen	Ech vertraue n mengem Partner.	
gefallen	Gefalen ech dir?	
gratuléieren		
nogoen	Den Hond geet sengem Meeschter no.	
nolafen		
hëllefen		

RRR. Den Adjektiv

Hien huet *an engem* bekannten Orchester gespillt. Hie~~n~~ sicht erëm Kontakt *mat* enger aller Frëndin. ~~A~~n~~~~ sengem klengen Haus war de~~n~~ Metti zefridden. Hien danzt gär *mat* eeleren Dammen.



SSS. De Possessivpronomen

	♂ <i>Mann</i> +  <i>Buch</i>	♀ <i>Fra</i>	★★★ <i>Kanner</i>
ech	mengem	menger	mengen
du	dengem	denger	dengen
hien, hatt	sengem	senger	sengen
si	hirem	hirer	hiren
mir	eisem	eiser	eisen
dir	ärem	ärer	ären
si	hirem	hirer	hiren

Ech ginn **mengem** Jong vill Léift. Ech ginn mat **mengem** Kand akafen.
 Ech erzielen _____ Meedchen all owes eng Geschicht.

TTT. Wéi, ..., dunn – Wann, ... dann

Wéi ech kleng war, (dunn) *wollt* ech Astronaut ginn. (*Wéi* + *Passé*)

Wann ech grouss sinn, (dann) *wëll* ech Astronaut ginn. (*Wann* + *Présent/Futur*)

Wéi dir wësst, ass Lëtzebuergesch eng schéi Sprooch.



UUU. De Passiv⁵³

	<i>Passiv</i>
Mir maachen d' Aarbecht direkt.	D' Aarbecht gëtt direkt gemaach .
Mir hunn d' Aarbecht direkt gemaach .	D' Aarbecht ass direkt gemaach ginn .
Mir méien de Wues.	De Wues gëtt geméit .
Mir hunn de Wues geméit .	De Wues ass geméit ginn .
Vill Leit schaffen hei.	Hei gëtt vill geschafft .
Vill Leit schlofen net hei.	Hei gëtt net geschlof .

⁵³ Lëtzebuergesch fir all Dag, L15

VVV. Passiv + Modalverben

D’Haus **muss** demoléiert **ginn**. Et **kann** net méi *renovéiert ginn*.
 Hei **däerf** net *gebaut ginn*.
 Ech **wëll** elo net *gestéiert ginn*.



WWW. Den Konditiounssaz

Wann ech am Lotto gewanne géing,	(dann) géing ech eng Weltrees maachen.
Wann ech Zäit hätt,	(dann) géing ech gär de Mëtteg kommen.
Wann et méiglech wier,	(dann) géing ech de ganzen Dag léieren.

XXX. De Conditionnel Passé⁵⁴

Ech **wier** *gär* mat an de~~n~~ Kino *gaang*.
 De~~n~~ Film **hätt** dir bestëmmt gutt *gefall*.
Hätt ech dat éischer *gewosst*!
Hätt hien nëmmen éischer Lëtzebuergesch *geléiert*!

YYY. Modalverben

Ech **hätt** ~~sollen~~ besser an der Schoul *léieren*.
 D’Gemeng **hätt** *missen* de~~n~~ Problem *léisen*.
 Ech **hätt** ~~kënnen~~ *kommen*, awer ech hat keng Loscht.



⁵⁴ Lëtzebuergesch fir all Dag, L16

ZZZ. De Konditioussaz am Passé

Wann ech am Lotto gewonnen hätt ,	(dann) hätt ech eng Weltrees gemaach.
Wann ech Zäit gehat hätt ,	(dann) wär ech gär de Mëtteg komm.
Wann et méiglech gewiescht wier ,	(dann) hätt ech de ganzen Dag geléiert.
<i>méi Lëtzebuergesch léieren</i>	<i>besser schwätzen</i>
...	...

AAAA. D'Indirekt Ried

		<i>Indirekt</i>
Ech muss elo goen.	Hie seet,	hie misst elo goen.
	Hien huet gesot,	hie misst elo goen.
Haut ass Training.
Hatt war net am Cours.	De Proff seet,	hatt wier net am Cours gewiescht.
	De Proff huet gesot,	hatt wier net an der Schoul gewiescht.
Ech war krank.

BBBB. Froen

Si freet mech,

- ob d'Haus mir gefällt.
- ob d'Haus mir gefale géing.
- ob d'Haus mir gefall hätt.


Hien wëllt wëssen,

- ob haut Cours ass.
- ob hatt nach aleng ass.
- ...
- ...



CCCC. Den Diminutiv

	Diminutiv	☺☺☺	
Ø → Ø			
en Hiem	Hiemchen	Hiemercher	
en Häerz	Häerzchen	Häerzercher	♥
eñ Frënd	Frëndchen		
eng Drëbs	Drëbschen	Drëbsercher	💧
eng Drëpp	Drëppchen	Drëppercher	
au → ai			
en Haus	Haischen	Haisercher	🏠
Maus	Maischen	Maisercher	
aa → äer			
eng Kaart	Käertchen	Käertercher	
eñ Maart	Mäertchen	Mäertercher	
as → ies			
eñ Glas	Glieschen	Gliesercher	
eng Taass	Tieschen	Tiesercher	
a → ä			
en Apel	Äppelchen	Äppelcher	
eñ Patt	Pättchen	Pättercher	

eñ Kallef	Källefchen	Källefcher	
eñ Kapp	Käppchen	Käppercher	
ue → ie			
eng Nues	Nieschen	Niesercher	
u → i			
eng Schlupp	Schlippchen	Schlippercher	
eñ Mupp	Mippchen	Mippercher	
eñ Fuuss	Fiischen	Fissercher	
eñ Vull en Hutt	Villchen Hittchen	Villercher Hittercher	
eñ Buch	Bichelchen	Bichelcher	
eñ Kuch	Kichelchen	Kichelcher	
ou → éi			
eñ Brout	Bréitchen	Bréidercher	
eñ Fouss	Féisschen	Féiserscher	
En Hond	Hëndchen		
Eng Posch	Pëschelchen	Pëschelcher	
	E Meedchen	Meedercher	

En diminutive Witz : De Jempi soll an der Schoul Déieren opzielen. Hie fänkt un: " E Schwéngchen, e Päerdchen, eng Maischen, e Mippchen" - Jo, seet de Schoulmeschter, dat ass jo ganz schéin, mee kanns de mer och mol en Déier ouni -chen nennen? Prompt kënnt d'Äntwert: "Eng Kanéng!"

v. Phonetik

A. vergläichen

Bei mir an der Klass ass

de Charel vun Arel,

de François vu Messancy

an

d'Madame Tesch vun Esch !



Kennt dir den Descartes ?

De René Descartes ?

Jo, de René dee kaacht an de Jempi dee spullt !

D'Phonetik befaasst sech mat der geschwatener Sprooch an all hire Realiséierungen.

www.de.wikipedia.org/wiki/Phonetik

1. éi [əi] & ei [ai]

éi

séier – spéit – 3 Kéi – Stréi – eng Fläsch Béier – méi – fréi – en Hausdéier – schéin – e Bréif – Bréifdréier – fléien – léieren – réieren - féieren – stéieren – schéissen – zéien - eng Schéier – **wéi** geet et? – Zänn **wéi** – méi al **wéi** dir – véier – eng Taass Téi

Féier séier de Béier op Tréier. D'Déier huet wéi.

ei / ai

nei – eidel – bei – eng Bei - schreiwen - bleiwen – schneiden – schneien - deier – Leit – eis – Eisen – eng Gei – eng Scheier – e Feier – eng Feier – alles an der Rei – eng Zeitung — Fixfeier – eng Feil – e Gebai - Lais - en Haifäsch



Et si vill nei Leit hei op der Feier.

éi an ei

D’Kanner léiere schreiwen. D’Schéier schneit gutt. Et schneit lues an et ass Chrëschttag. Mir musse léieren d’Déiere respektéieren. O mei o mei, wat ass alles sou deier hei.

eng Scheier	eng Schéier
eng Leier	Léier!
dat ass deier!	en Déier
eng Chrëchtdagsfeier	Féier meng Mamm an d’Stad w.e.g.!
d’Autossteier	Stéier mech net, ech schaffen.
Alles an der Rei?	Hei am Bësch si keng Réi ⁵⁵ .
Ech sinn Zeien.	D’Kanner zéien de Schlitt.



⁵⁵ chevreuil

2. e [æ] / e [e:] / é [e] / ë [ø]

Gëff mir eng **Decke** w.e.g., ech wëll mech **zoudecken**.

Bei eis ginn et vill **déck Mécken**.

Am **Dëppen** ass vill **Mëllech**.




Decken

décken

Dëppen

<i>e</i> [æ]	<i>e</i> [e:]	<i>é</i> [e]	<i>ë</i> [ø]
en Deckel	e Meter	néng	en Dëppen
meckeren	Steesel	bréngen	Stëbs, d'Miwwele stëbsen
denken, nodenken	e Medikament	d'rout Bréck.	Ech wëll näischt iessen.
keng Zäit		glécklech, onglécklech	e schéine Brëll
Bremsen, bremsen		Et sténkt hei.	Gudde Mëtteg
en Hengscht		D'Luuchte blénken.	frësch Mëllech
			e Lëppstëft, e Stoppschëld
			lëfteg



3. ou [ou] / o [o]

Wou ? – grouss – eng Kou – rout – e Brout – frou – eng Schoul – de Mount Januar – Vollmound - Moud – kammoud – en Ouer – d'Schueberfouer – Rousen – e Fouss – eng Meloun - e Reebou


*Et ass en Akzident geschitt mat enger Kou ! Ou ! Wou? Bei der Schoul.
An d'Kou ? D'Kou ass dout.*



o

eng Fro – e gudde Rot – rosen – eng Plo – e Brot – molen – schlofen – eng Gromper – en Ochs – e Mond

eng Fro	frou
e Rot	rout
eng Dot	dout
eng Wo	wou?
eng Plo ⁵⁶	e Plou ⁵⁷
e Brot	Brout



⁵⁶ Calamité, ennui, peine, plaie, tourmente

⁵⁷ une charrue

4. ue [uə] / ie [iə]

en Duerf – e Wuert – lues – e Kuerf – fueren – Suergen – muer – *Oh, dat ass **schued*** – en Akzident mat vill Materials**chued** - e Kueder – Schueberfouer – Muerten – kuerz Hoer **ie**

zwee Dierfer – zwee Wieder - Hien – wien? – liesen – riets – iessen – giel – d’Miel – zielen – d’Kierch – de Kierfecht -d’Mier – iech – Ierzen – zwiefel – schéi Wieder – dräi Wieder – bieten – eng Schmier

ue & ie

Muer fuere mir ouni Suerge mam Kueder op d’Mier. An all Duerf ass eng Kierch.

ech schwätze lues	Lies e bëssen!
Et ass schued.	Hei ass kee Schied.
E Kuerf.	2 Kierf
eng Zuel	Ziel bis 10.
luewen	liewen
Dir fuert.	Hie fiert.



12

5. äi [æ·ɪ]

mäin – Wäin – dräi – gläich – Räis – Bläi – näischt – kräischen – jäizen – Zäit – Säit – läit
 - bäissen – wäiss – Schwäin - fräi

Ech drénke mäi wäisse Wäin an iessen e bässe wäisse Räs.

Ech hu Räis gär.	alles an der Rei	Am Bäsch si keng Réi .
Hie läit am Bett.	Hei si vill Leit .	Hien ass ganz léif .
Eng gutt Stäip .	D'Autos steier .	Wat e Stéier !
Säit 4 w.e.g.	Eng Blouse aus Seid .	Hie séit .
Ech hunn haut Zäit .	Schreif eng Zeil .	Zéi de Schlitt w.e.g.!



6. ch / [əç] –eg [əç] / sch [ʃ]

Ech – glécklech – hongereg – eng Kichen – Bicher – wichtig – dréchen – Becher –
richteg – liicht – liicht - vläicht – gläich

*Lëtzebuergesch schwätzen ass liicht. Chinesesch schwätzen ass schwéier.
100 Gramm si liicht. 1 Kilo ass schwéier.*

sch

schéin – schaffen – kräischen – Schockela – schonn – Dusch – Biischt – Wurscht –
däitsch – falsch – komesch – Këscht

*D’Sonn schéngt scho schéin zu Schëffleng, Schëtter, Schuller Stroossen a Steesel. De
Charel schafft mat schéine schwaarze schwäizer Schong.*

ch an sch

Eng duuschtereg chinesesch Sportlerin drénkt eng Fläsch Sprudde(w)asser

Wat héiert Dir?



	sch	ch/eg		sch	ch/eg
Ech denke krite...			Et ass näi...t		
Ech si musikale...			Bass du sportle...?		
D’Eva ass sympate...			Ech hunn d’Kuu...t gär		
Den Yves wunnt a Frankräi...			D’...wäiz ass schéin.		
Eng wäiss Box ass kriddele...			Ech ginn ie... eng Hausaufgab.		
			Ech sinn duu...tere...		



7. au [ɑʊ]

en Daum – eng Mauer – en Auto – eng Schrauf – eng Auer – Drauwen – e Bauer – klauen
– e Stau – sauer – faul - faulzen

Miau, Miau op enger Mauer, do sëtzt eng Kaz op der Lauer, owes spéit um eelef Auer.

au [æʊ]

eng Maus – eraus – rau – kaum – eng Haut – eng Braut – d’Brautpuer – tauschen –
lauerer

De schlaue Bauer lauert hannert der Mauer.

au an au: Sauerkraut

Wat héiert Dir? 

Eng rau Stëmm.	Hie wëllt Rou
Ech ginn eraus .	Eng rout Rous fir meng Fra.
Eng schéi Braut .	E Brout w.e.g.



8. -ng [ŋ] / nk [ŋk] / mm [m]


e Camping – eng Zeitung – eng Heizung – Schong – brong – gréng – e Living – eng Scheedung – en Tirang – néng

Bréng deng Zeitung bei d'Heizung an de Living.

Wat héiert Dir?



	ng	nk	mm
Ech sinn net schla...			
Ech fäerten all Schlaa...			
Ech hunn nei Scho...			
Ech sinn net méi jo...			
Mäi Ri... ass schwaarz.			
Ech iessen net gär Zo...			
Ech hunn en Hochzäitsra...			
Hei ass e Gesta...			
Ass d'Heizu... un?			
Dat ass do...!			
Mäi Jo... ass jo...			
E... laa.... Schlaa...			



9

9. s [z] / z [ts]



e Summer – eng Dosen – eng Sonn – soen – sätzen – sauer – versuergen

Z

en Zoo – eng Kappzichen – eng Zigarett – zesummen – en Zentrum – eng Ënnenzopp – dräizéng – eng gutt Zoossiss – eng Tomatenzalot – en Zaldot

Wat héiert Dir? 

Ech hunn de Summer gär.	Ech hunn 3 Schlof zëmmer an 1 Bued zëmmer .
Ech muss meng Schong beim Mister Minite erzielen .	Ech erzielen dir eng kleng Geschicht.
Ech brauch eng nei Suel .	D' Zuel 9 ass meng Liiblings zuel .
Ech hu kee Su .	Ech wunnen zu Steesel.
Säit 55 w.e.g.	Ech hunn elo keng Zäit .
Fëmmen ass eng Sucht .	Den TGV ass e Schnell zuch .
Seng Fra ass immens schéin.	Ech hunn zéng Studenten am Cours.



10. h[h]

eng Hand – zwou Hänn – eng Haut - eng Ham – eng Hochzäit – en Hond – en Häerz – en Himmel – en Hals – en Hoer – en Hummer – den Hierscht – heeschen – houschten – huelen – hänken – hollännesch – hongreg - hir



Den „h“ gëtt am Lëtzebuergeschen am Ufank vum Wuert ëmmer artikuléiert, dat heescht gehaucht.

Hien huet honnert Hoer. Hien huet hatt houschten héieren. Hat heet Holz hannert hirem héigen Haus. Hien héiert honnert Hënn houschten. Ech ginn heem an huele meng honnert hongreg Huesen, Hënn an Hénger aus dem Haus.



11. K [k]

Sketch : Um Telefon

Salut !	Salut !
An ! Wéi geet et ?	Et geet.
A wat schaffs du ?	Ech kachen.
Du kachs?	Jo, ech kachen.
Hm, a wat kachs du dann?	Ech kache Kabes.
Du kachs Kabes!	Jo, ech kache Kabes.
A wou kachs du de Kabes?	Wou ech de Kabes kachen ?
Jo, wou kachs du de Kabes?	Ma ech kachen de Kabes an der Kichen.
A mat wem kachs du de Kabes an der Kichen ?	Ech kachen de Kabes an der Kiche mam Claude.
Ma da kach gutt!	Merci.



12. D'Phonetik am DaLass

Lek	Säit			
1	22	<i>ei</i> -		
2	24	<i>ou</i> -		
3	40	<i>ie</i> - Wieder		
4	62	<i>äi</i> – Räis		
5	83	<i>éi</i> - Déier		
6	99	<i>ë</i> – Frënd		
7	114	<i>ä</i> – Fläsch		
8	132	<i>éi</i> - wéini	<i>äi</i> – Wäin	
9	148	<i>au</i> – Daum		
10				
11	16	<i>äe</i> – Päerd, Häerz		
12	33	<i>ue</i> – Hues, lues		
13	61	<i>-ber</i> - Member	<i>-ter</i> - Minister	<i>-bel</i> - responsabel
14	85	Z (am Ufank) - Zëmmer		
15	112	<i>z</i> – Viz, Häerz		
16	133	<i>tz</i> - Mutz, Spatz		
17	154	<i>éng</i> - bréngen	<i>eng</i> - keng	<i>énk</i> – lénks
		<i>enk</i> - denken		
18	173	<i>éck</i> - Réck	<i>eck</i> - Wecker	
19		<i>ch</i> - frech	<i>sch</i> – Fräsch	
20		H - Hond		
21		<i>au</i> - Schlauch	<i>au</i> - Drauf	
22		<i>an</i> -	<i>en</i> -	
23		<i>ie</i> -		
24		<i>sp</i> -	<i>st</i> -	
25		<i>ks</i> -	<i>cks</i> -	<i>chs</i> -
		<i>x</i> -	<i>cc</i> -	
26		<i>ch</i> -		
27	196	<i>g</i> -	<i>g</i> -	<i>g</i> -
		<i>g</i> -	<i>g</i> -	
28		<i>qu</i> -	<i>schw</i> -	
29		<i>ioun</i> -	<i>oun</i> -	
30		<i>j</i> -	<i>j</i> -	

ue-

Uebst, puer, muer,

-ber

Z-

zesummen, Zuel, zënter, Zenner, zielen, zéng

-éng

gréng, mengen

-enk

denken, schenken

-éck

déck Méck, zréck,

-ch

ech, frech, richtig, fäerdeg, knaschteg

H- Hond, Hues, Hummer

sp-

spillen, Spatz, spueren, spuenesch, spadséieren, spéit

Dreckschécht

E puer Verben, déi mat sch-, st- oder sp- ufänken. [f]

schlofen, schaffen, schreiwen,
spullen, spillen, spadséieren,
strecken,

B. W.e.g. net verwiesselen!

s = Substantiv, a = Adjektiv, v = Verb, i = Imperativ

sg. = Singular, pl. = Plural, m. = männlech, w. = weiblech, sä. = sächlech

k = Konjunctioun, prp = Präpositioun, adv = Adverb, pr = Pronomen

exp = Expressioun



Homonymer:

Wieder mat enger Aussprooch (Phonetik), awer verschidde Bedeitungen.

1. **Auer** (s,w) [aʊə]

- 1.1. Wéivill Auer ass et w.e.g.?
- 1.2. Wéini krut dir fir d'lescht eng nei Auer?
- 1.3. ...

2. **aarm** (a) – **Aarm** (s,m) [a:m]

- 2.1. Ginn et vill aarm Leit hei am Land?
- 2.2. ...
- 2.3. Hat dir schonn eng Kéier ären Aarm gebrach?
- 2.4. ...



3. **bei** (prp) – **Bei** (s,w) [baɪ]

- 3.1. Wéi dacks gitt dir bei de Coiffer?
- 3.2. ...
- 3.3. Gouf dir scho vun enger Bei gepickt?
- 3.4. ...



4. **Bir** (s,w) – **Bier** (s,m) [bi:ə]

- 4.1. Wëllt dir eng Bir iessen?
- 4.2. ...
- 4.3. Braucht dir eng nei Bir fir an de Living?
- 4.4. ...
- 4.5. Hutt dir schonn e Bier am Zoo gesinn?
- 4.6. ...



5. **bal** (adv) – **Bal** (s,m) [ba:l]

5.1. Et ass bal halwer aacht. Bleift dir nach?

5.2. ...

5.3. Mir ginn op de Bal. Gitt dir mat?

5.4. ...



6. **boxen** (v) – **Boxen** (s,pl) ['boksən]

6.1. Boxen ass e Sport dee mir net gefällt. An iech?

6.2. Wéivill Boxen hutt dir doheem?

6.3. ...



7. **buch** (v,i,sg.) – **Buch** (s,sä) [bux]

7.1. Buch deng Vakanz mat Zäit!

7.2. ...

7.3. Hutt dir dat neit Buch vum Jean-Marie scho gelies?

7.4. ...



8. **Dier** (s,w) – **dir** (pr)

8.1. Quiitscht är Hausdier och?


8.2. ...

8.3. Schwätzt dir scho laang Lëtzebuergesch?

8.4. ...

8.5. Kann ech dir mat eppes hëllefen?

8.6. ...



9. **ënnen** (adv) – **Ënnen** (s,pl) ['ənən]

9.1. Kuck emol do ënnen am Schaf w.e.g.!

9.2. ...

9.3. Maacht dir och Ënnen an d'Zalot?

9.4. ...



10. **Feier** (s,w) – **Feier** (s,sä) ['faiə]

10.1. Ech hunn eng Gebuertsdaysfeier. Du bass invitéiert. Wëlls du kommen?

10.2. ...

10.3. D'Feier am Kamäin ass bal aus. Kuck duerno w.e.g.!



10.4. ...

11. **gees** (v,2t sg.) – **Geess** (s,w) [ge:s]

11.1. Gees du eng Kéier mat mir an de Lëtzebuergeschours?

11.2. ...

11.3. Hues du schonn eng Geess gesinn?

11.4. ...



12. **halen** (v) – **Halen** (s,pl) ['halən]

12.1. Ech hunn dat gutt gepecht. Dat muss halen.

12.2. ...

12.3. D'nächst Woch ass en Halen-Turnéier vum FC Blo-Wäiss Izeg.

12.4. ...



13. **hënner** (v,i,sg.) – **Hënner** (s,m) ['høne]

13.1. Hënner mech net w.e.g.! Ech schaffen hei.

13.2. ...

13.3. Wann ee laang sëtzt, kann een den Hënner wéi kréien.

13.4. ...



14. **hunn** (v) – **Hunn** (s,m) [hun]

14.1. Ech hunn en Hunn. An dir?

14.2. ...

14.3. ...



15. **hunn** (v) **ech** (pr) – **Hunneg** (s,m) ['hunəœ]

15.1. Hunn ech dir mäi gudden Hunneg ze schmaache ginn?

15.2. ...

15.3. Wat ass méi séiss? Hunneg oder Zocker?

15.4. ...



16. **hu** (v,1p.pl) **mer** (pr) – **Hummer** (s,m) ['humə]

16.1. Hu mer en Hummer hei fir ze schaffen?

16.2. ...



17. **hutt** (v,2p.pl.) – **Hutt** (s,m) [hut]

17.1. Hutt dir en Hutt?

17.2. ...

17.3. ...



18. **Käschten** (s,pl) ['kɛʃtən]

18.1. Am Wanter kann een an der Groussgaass Käschten iessen.

18.2. Geheit iech net zevill an d’Käschten. Mir kënnen och an en einfache Restaurant goen.

19. **léif** (a) – **Léiw** (s,m) [leif]

19.1. Kann e Léiw léif sinn?

19.2. ...

19.3. Sidd dir ëmmer léif mat ärem Partner?



20. **leit** (v,3p.pl) – **Leit** (s,pl) [leit]

20.1. Leit dir gutt an ärem Bett?

20.2. ...

20.3. Kennt dir vill Leit am Cours?

20.4. ...



26.2. ...

26.3. Bei Iwwersetzungen ass d'Zuel vun de Wierder wichteg.

26.4. ...



27. **wëll** (adj) – **wëll** (v.3p) [vøɫ]

27.1. D'Déier ass wëll ginn.

27.2. ...

27.3. Ech wëll haut an de Kino goen. Gitt dir mat?

27.4. ...



28. **well** (k) – **Well** (s.w) [væɫ]

28.1. Ech konnt d'lescht leider net komme well ech krank war.

28.2. ...

28.3. Eng grouss an héich Well ass super fir ze surfen.



29. **waart** (v,i,pl.; 3p.pl) – **waart** (v, 3p, Prät) [va:xt]

29.1. Waart hei w.e.g.! Ech ruffen iech.

29.2. ...


29.3. Firwart waart dir déi leschte Kéier net am Cours?

30. **Weis** (s,w) – **weis** (v,i,sing) [va:is]

30.1. Kennt dir eng schei Weis fir ze sangen?

30.2. Weis mir deng Verbesserung w.e.g.!

30.3. ...



31. **wëllen** (v) – **Wëllen** (s,m) [vøɫən]

31.1. Dat geet schonn, awer dir musst et och wëllen.

31.2. E bësse gudde Wëllen, da klappt dat schon.

32. **Léier** (s,w) – **léier** (v,i,sg.) [le:ɪə]

32.1. Kann ee mat 16 Joer schonn eng Léier maachen?

32.2. Léier all Dag e bësse, an da wäerts de gesinn, dass de vill besser
Lëtzebuergesch schwätzt?

C. Zongebriecher

Wann ären Décken eisen Décken nach eng Kéier décke vernennt, da vernennt eisen Décken ären Décken esou laang Décken, bis ären Décken eisen Décken neméi Décke vernennt.



☺

Zwanzeg zerquetschte Quetschen an zwou zerquetschte Quetschen, dat mécht zweeanzwanzeg zerquetschte Quetschen.

☺

So, lit déi nei Lut elo ? Jo, déi nei Lut lit elo.

☺

Dënschdes deckt den décken Daachdecker dir dän Daach. Dofir so dem décken Daachdecker merci, dass hien dän Daach deckt.

☺

Zwee Schwäizer schweessen a schwätze beim Schweessen.



☺

Ech hu schéin nei schwaarz Schlittschong fir dech.

☺

E chinesisches Chirurg schenkt tschechesche Schifrënn frëschgebacke Fësch.

☺

Zéng Zaldoten zéien den zéngten des zéngten zéng Zenner Zocker an zéng Heeder Zaloten an den Zoo.

☺

Hien huet honnert Hoer. Hien huet hatt houschten héieren. Hatt heet Holz hannert hirem héigen Haus. Hien héiert honnert Hënn houschten.

☺

Den Här Tesch mécht mir méindes mëttes meng knaschteg Wäsch zu Esch.

☺

Mäi Mann a meng Mamm wunnen net zesummen.

VI. Biller beschriewen – Mëndlechen a schrëftlechen Ausdrock

Eng flott Manéier de Cours lieweg a flott ze maachen, sinn ongewinnt, komesch oder trukéiert Biller. E puer Froe kommen hei ëmmer erëm:





1.t Bild



2t Bild

3t Bild: _____

Mir léieren e Bild liesen, e Bild beschreiwien.

Wat gesitt dir? Firwat ...?

Wou ass dat? Wat mécht? Wat maachen ...?

Wien ass dat? Wat ass dat?



1. Déi zwee Autoe si futti. E Bam läit op den 2 Autoen.
 Et ass am Bësch. Do stinn 3 Autoen. Do sinn 2 grouss
 Autoen an e klengen Auto. De Bam ass gefall. Dee
 klengen Auto huet vill Chance.

2. Hie weess net, wat hie maache soll.

Hien ass verluer. Hie sëtzt um Stull. Hie kratzt sech de Kapp. Hien huet eng laang Nues.

3. De Baxter. D'Béierfläsch. D'Colasfläsch.
D'Fläsch. Sinn dat déi 4 Etappe vum Liewen?



1. D'Zentrum vum Bild. Wat ass d'Thema? Wat wëllt d'Bild soen? Wat soll d'Bild duerstellen?

Wéi ass de Gesichtsausdrock? Ass e frëndlech, rosen, traureg, frou, ängschtlech

2. Wat ass rondrëm d'Bild?

3. Sidd kreativ: wat denkt d'Persoun um Bild?

VII. Literatur

Hei elo eng Opstellung vu verschidden Zorte vun Texter:

Lieserbréif, Zeitungsannonce, Doudesannonce, Gebuert, Hochzäit, Kannerbuch, Roman, sachlechen Text, nei Medien, Witzer, Gebrauchsanweisung, Schoulbuch, SMS, Chat, Lidd, Rezept, Theaterstéck, Liebesbréif, Bibel, reliéisen, hellegen Text, Filmkritik...

A. Texter, Spréchwierder

Lies a fléi, Education nationale, Luxembourg 2003

Wäisheeten aus aller Welt, NAU Jean-Marie 2008

1. Roger Manderscheid, En Tour op d'Musel

eraklammen

fuere fuere fueren

erausklammen

KLICK

eraklammen

fuere fueren

erausklammen

KLICK

eraklammen

fueren

erausklammen

PROST

eraklammen

fueren

erausklammen

PROST PROST

eran

eraus

PROST PROST PROST

eraklammen

fueren

BOUFDEG



2. Roger Manderscheid, Vakanz

Hie knipst seng Fra.

Seng Fra knipst hien.

Hie knipst seng Fra mat de Kanner

Seng Fra knipst hie mat de Kanner

D’Kanner knipsen hien

mat senger Fra

E frëndlechen Här knipst

d’ganz Famill

Hie knipst de frëndlechen Här

mat der Famill

vum frëndlechen Här

Hie knipst och d’Mier

Si schreiwen eng Kaart:

E schéine Bonjour vu Pomposa

dann ass

glécklecherweis

och déi Vakanz nees eriwwer.



Aus: Mam Vélo bei d’gëlle Fra. Lëtzebuerg 1986 (Lëtzebuergesch Texter 1990, MEN, fir 7e a 8e)

3. Verluer

E Mann geet ronderëm eng Lanter; hie sicht a sicht a sicht ...

Meedchen: Gudden Owend! A wat maacht Dir dann do?

Mann: 'n Owend! Du gesäis dach! Ech sichen eppes.

Meedchen: A wat sicht Dir?

Mann: Ma mäi Portmonni.

Meedchen: Hutt Dir dee verluer?

Mann: Natierlech! Soss géif ech e jo net sichen!

Meedchen: Wou hutt Dir en da verluer?

Mann: Dohannen.

Meedchen: A firwat sicht Dir en dann hei?

Mann: Ma well et hei vill méi hell ass!



4. Eng schrecklech Migraine

Ech hunn eng Migraine! Schrecklech!

Et ass wéi wann, wéi wann do en Zuch wier
deen duerch mäi Kapp fiert.

Ech géif jo eng Aspro huelen... awer...

wann ech se huelen,

dann hält d'Migraine op...mee den Zuch...och...

An dann, ginn et Leit déi erausklammen.

An dat mécht vill Kaméidi dobannen!

An ech hunn d'Oueren déi päifen!

An dann, sou bal d'Ouere päifen...

da ginn d'Dieren zou, den Zuch fiert nees fort.

An d'Migraine kënnt ërem!

Schrecklech!

Raymond Devos, Migraine infernale, Matière à rire, 1993




Op enger Mauer am Metro zu Paräis

E Mann liest op enger Mauer am Metro zu Paräis:

« GOTT ASS DOUD », ënnerschriwwen: *Nietzsche*

No zwou Woche liest de Mann ënnert dem Zitat dat hei:

« NIETZSCHE ASS DOUD », ënnerschriwwen: *Gott*



5. Déi golde Regel



Wat s du net wünschst, wat dir däin Nächsten undeet, dat do du him net un.

(Moses ca 1500 v.Chr)

Déi golde Regel ass an Ugeleeënheeten anerer dat ze maachen, wat s du fir dech méchs.

(Krishna ca 1000 v.Chr)

Wéi s du et méchs, sou gött et dir gemaach.

(Zarathustra ca 550 v.Chr)

Et sollt ee fir aner dat Gléck sichen, dat ee sech selwer wünsch.

(Buddha ca 450 v.Chr)

Alles elo, wat dir wëllt, dass iech d'Leit undoe sollen, dat dot hinnen och un.

(Jesus Christus, Matthäus 7 :12)

Loosst kee vun iech e Brudder esou behandelen, wéi hie selwer net gär behandelt gött.

(Mohammed 633 n.Chr)

Wann s du géifs Gerechtegkeet üben, da géifs du fir aner nëmmen dat wielen, wat s du och fir dech selwer wéi géifs.

(Bahá'u'lláh (1817-1892)

6. Discours de Noël de S.A.R. le Grand-Duc 12. 2006



Meng léif Matbierger,

D'Feierdeg, déi elo virun der Dier stinn, sinn eng Zäit vu Freed a vun Zesummensinn.

Wann d'Hektik vum Alldag sech leet, wann erëm Rou an d'Haiser kënn, ass et och méi einfach, iwwert dat nozedenken, wat dëst Joer war a wou mir stinn. Ech well dofir vun dësem traditionelle Rendez-vous profitéieren fir e Gedanken, dee mech besonnesch beschäftegt, mat Iech ze deelen. **Ech si besuergt iwwert déi ëmmer méi grouss Distanz een zum aneren an eiser Gesellschaft.** Doduerch verschwënnt leider lues a lues deen esou néidegen Solidaritéitsgeescht.

Mir hunn hei zu Lëtzebuerg Gesetzer a Strukturen, wéi Kranken- an Pensiounskeesen, Fleegeversécherung, déi den Ausdrock vun der nationaler Solidaritéit duerstellen an op déi mir, an enger gewësser Hisiicht, houfreg kënnen sinn.

Och hu mir vill Organisatiounen, déi sech an den Déngscht vun de méi Schwaachen setzen. Et ass fir mech hei d'Geleeënheet, fir deene villen Benévolen, déi do matmaachen, een häerzleche Merci ze soen.

Et bleift nun awer, datt am alldeegleche Liewen den Egoismus sech ëmmer méi bemierkbar mécht. Leit, déi Affer vum Schicksal sinn oder Leit mat uerge Problemer, fannen net ëmmer déi néideg Ënnerstëtzung. Solle mer net an dëser Feststëmmung deene betraffene Mënsche méi Opmierksamkeet a Respekt entgéint bréngen?

Virun allem fir Lëtzebuerg, mat 40% Auslänner, läit mir dat Striewen no méi Solidaritéit besonnesch um Häerz. Dëse Wee vun engem gelongenem Zesammenliewen tëschent verschiddene Communautéiten hu mir scho virgezechent.

An dësem esou eemolege Moment vum Joer loosse mir ons, meng léif Matbierger, zesumme fannen an déi Problemer upaken déi virun ons stinn, ewéi:

D'Angscht vun onse jonke Leit, besonnesch wat hir Zukunft betrëfft;

D'Erhale vun onser Liéwensqualitéit an enger gesonder Emwält mat enger kompetitiver Economie;

Déi vill préoccupant Feststellungen, déi de Rapport vun der Ombudsfra fir ons Kanner opwerft;

D'sozial Ofsécherung vun deenen, deenen et net gutt geet an eiser Gesellschaft;

Sinn dat net elauter Sujeten, déi ons besonnesch um Häerz misste leien?

Je ne voudrais pas omettre de rendre ce soir un hommage particulier à nos résidents étrangers ainsi qu'à tous ceux qui habitent nos régions proches dans la mesure où ils contribuent, au quotidien, ensemble avec mes compatriotes par leur zèle à la prospérité de notre pays.

Vous êtes chaque année toujours plus nombreux à apporter la preuve de votre savoir-faire. Nous savons apprécier votre engagement.

L'année culturelle 2007 constitue une opportunité de choix pour faire rayonner dans toute l'Europe ce „laboratoire luxembourgeois“ si emblématique à plus d'un titre, en particulier durant

les douze prochains mois consacrés par l'Union Européenne à « l'égalité des chances pour tous »?.

Meng léif Matbierger,

An dësem Moment feiere mir mat deenen, déi eis no stinn. Loosse mer awer och un all déi denken, déi eleng sinn. Vergiesse mer net eis Leit, déi uechtert d'Welt u Friddensmissiounen deelhuelen an duerfir an dësen Deeg net kënnen doheem sinn.

Mat Courage an Iwwerzeegung solle mer all zesummen d'Erausfuerderungen vun den nächste Méint ugoen. Ech mengersäits wäert alles dru setzen, fir meng enk Verbonnenheet mat Iech virunzeféieren.

Chrëschttag ass an eiser Traditioun e Fest vun Hoffnung a Fridden. An dësem Geescht wënschen ech Iech all am Numm vun der Grande-Duchesse, mengem Papp an onse Kanner e schéine Chrëschttag an e glécklecht neit Joer.

Froen zum Text

1. Iwwert wat ass de Grand-Duc besuergt?
2. Op wat kënnen mir houfreg sinn?
3. Wiem seet de Grand-Duc en häerzleche Merci?
4. Wéi eng Leit solle méi Opmierksamkeet a Respekt kréien?
5. U wie solle mir an dësem Moment denken?
6. Wat sinn d'Erausfuerderunge vun den nächste Méint ?

7. Discours de Noel de S.A.R. le Grand-Duc 12.07

24-12-2007

Léif Matbierger,

Wéi all Joer bidden déi kommend Chrëscht- a Feierdeeg eng gutt Geleeënheet fir jiddereen vun eis sech Gedanken ze maachen iwwert sech selwer, saïn Emfeld an déi Gesellschaft, an där mir liewen.

Wa mer - um Enn vum Joer vun der Kultur, vum Bénévolat an vun der Chancëgläichheet - op eist Land kucken, hu mir eigentlech vill Grënn zefridden ze sinn. D'Hektik (d'Oprouer) vum Alldag erlabt eis leider net ëmmer d'Realiteit richteg anzeshätzen. Am grouse Ganzen kënnen mer houfreg sinn, hei zu Lëtzebuerg ze liewen oder ze schaffen.

Eist Land ass international respektéiert an unerkannt. Meng Gespräicher am Ausland an heiheem bestätegen dat emmer erem.

Loosse mer dobäi awer net vergiessen, datt virun e puer Joerzénge eis Elteren, an déi Generatiounen virdrun, ëm d'Existenz vum Land hun misse baangen. D'Geschicht vu Lëtzebuerg huet sech fréier, vill ze dacks, virun engem däschteren Hannergrond ofgespillt. Haut liewe mer als vollwäertegen an unerkannten Partner an engem friddlechen Emfeld.

Mir all hunn zesummen Villes erreecht. Ganz laang war eist Land aarm: méi ewei e Véirel vun der Populatioun ass am 19. Joerhonnert ausgewandert fir op der anerer Säit vum Atlantik noo enger besserer Zukunft ze sichen. Haut zéien mer zéngtausenden Leit aus der Groussregioun un, déi um Succès vun der nationaler Economie matschaffen an deelhuefen.

Lëtzebuerg huet eng ganz Rei Trëmp: en harmonescht Zesummenliewen tëschent verschiddeenen Nationalitéiten a Kulturen, eng grouss Upassungsfäegkeet un nei Erausfuerungen, an eng Natur, déi zum engem groussen Deel nach ganz gesond ass.

Dat alles, meng léif Matbierger, sinn dach aussergewöhnlech Viraussetzungen, fir d'Zukunft vun eise Kanner virzubereeden. Et ass eis Pflicht deenen Generatiounen, déi noo eis kommen, d'Chance ze loossen op dësem Wee weiderzefueren a weider ze verhënneren zwou Gesellschaften an eisem Land zou zeloossen.

Och si hu Recht op eng Liewensqualitéit, déi fir eis haut normal ass. Och si hu Recht op e Land an deem et sech gutt liewe léist.

Näischt as awer garantéiert, viles bleiwt ze iwwerdenken. Den Enjeu vun enger nohalteger Entwécklung ass eng kruzial Erausfuerung fir eise Planéit, fir eist Land a fir jiddereen vun eis.

Eng nohalteger Entwécklung berout och op engem Wuestum, den équilibréiert ass, deen net op Käschten vun aneren Leit geet oder d'Zukunft verbaut. Dat ass d'Upake vun Problemer, déi een net einfach virun sech wälzen däerf. Et ass zum Beispill och d'Afrostellen vum emmer méi a vum emmer méi séier.



Den sougenannten „développement durable“ ass also an éischer Linn d’Suerg vum Erhalen vun eisem natierlechen Emfeld, mä et bedeit nach vill méi.

Egal wou mer stin, an den Entreprises, an den Institutiounen, an den Schoulen, an der Famill, an den Associatiounen: et ass ganz bestëmmt ubruecht iwwert eis alldieglech Decisiounen nozedenken an eis ze froen, ob déi och am Intérêt vun deenen sinn, déi no eis kommen.

Dat verlaangt sécher en Effort, souguer en Ëmdenken. Ech sinn awer iwwerzeegt, datt all déi Léit, déi hei schaffen a wunnen, op Lëtzebuerger oder Net-Lëtzebuerger, bereet sinn sech dësem Défi ze stellen an domat dat Gefill vun zesummen gehéieren, vun zesummen liewen a vun zesummen schaffen ëmmer erëm nees ze stärken.

Léif Matbierger,

Wann et dem Land gutt geet, sollte mer d’Leed an de Misär, déi Einzelner aus eiser Mëtt treffen, nët aus den Aen verléieren. Ech denken dobaï zum Beispill un déi uerg Verkéiers- an Arbechtsaccidenter, déi all Woch nei Affer fuerderen. Ech denken och un d’Suiciden, besonnesch vun jonke Leit, an déi vill Froen un eis Gesellschaft, dei domat opgeworf ginn. Mir kënnen net einfach opginn an dat alles als Fatalitéit hin huelen.

Sécher kann net einfach dekretéiert oder légiféiert ginn, fir dësen Iwwel en Enn ze setzen. Duerch Solidaritéit an duerch ee méi déift Bewosstsinn kann awer Villes besser ginn. Och eng volontaristesche Politik kann hiert dozou bäidroen.

Ech wëll awer, mat der Grand-Duchesse, besonnesch haut och déi Menschen nët vergiessen, deenen et den Ablack net esou gutt geet, déi a Schwierigkeeten stiechen oder denen Onrecht geschitt. Sie sollen d’Hoffnung nët verléieren, nees Gléck, Zefriddenheet an Zouversicht ze fannen. Dat wënschen mir hinnen vu ganzem Häerzen.

Chers concitoyens, chers amis étrangers,


En cette veillée de Noël, je tiens à vous remercier pour l’enrichissement social et culturel que vous apportez au pays. L’année qui s’achève a montré que la culture implique une affirmation forte de l’identité de soi en même temps que l’ouverture aux autres. Je formule le vœu que l’exemple luxembourgeois continue d’être un modèle et que par-delà les performances économiques, nous sachions garder les recettes d’une cohésion sociale et d’un vivre-ensemble qui nous rendent fiers de ce que nous sommes.

Léif Matbierger,

Ech wënschen Iech all am Numm vun der Grande-Duchesse, vum mengem Papp dem Grand-Duc Jean, an vun onse Kanner, e schéinen a friddlechen Chrëschttag an dat allerbescht am neie Joer.


8. Wat d’Kanner an der Schoul alles schreiwen.

1. A Frankräich huet ee fréier d’Verbriecher mat der Gelatine higeriicht.
2. De Poopst leeft am Vakuum.
3. Mäi Papp ass e Spekulator. Hie verdéngt ganz vill Geld op der Bourse.
4. Bei eis duerfen d’Männer nëmmen eng Fra bestueden. Dat heescht Monotonie.
5. Bei eis huet jidderee säin eegent Zëmmer. Just de Papp net, hie muss ëmmer bei der Mamm schlofen.
6. Eng Liewensversécherung ass d’Geld dat ee kritt, wann een en déidlecht Akzident iwwerlieft.
7. Eigentlech ass adoptéiere besser. Da kënnen d’Eltere sech hir Kanner aussichen a mussen net huelen, wat se kréien.
8. Adam an Eve liewen zu Paräis.
9. Mäi Brudder ass vum Bam gefall an hat eng Gehirverschëddung.



- Schéi wier et!
- Frustréierend, wann d’Kanner dat schonn denken.
- Dat deet net sou wéi!
- Do ass et jo och ganz ganz schéin.
- Bei Hausdéiere geet dat jo och.
- Ass dat esou schlëmm?
 - Geet dat?
 - Dat soll och vill besser hëllefen.
- Virun allem Chrëschttag!
 - .
 - Dach, am Fett.

Wat d'Kanner nach alles an der Schoul schreiwen.



1. Reewerm kënnen net bäissen, well se vir an hanne nëmme Schwanz hunn.
2. Eng Piisch ass wéi en Apel mat engem Teppech drop.
3. Fëschstäbercher si scho laang doud. Si kënnen net méi schwammen.
4. Ech sinn zwar net gedeeft, dofir sinn ech awer geimpft.
5. E Kreess ass e ronnt Quadrat.
6. Meng Schwëster ass ganz krank. Si hält all Dag eng Pëll. Awer si mécht et heemlech, fir dass meng Eltere sech keng Suerge maachen.
7. Eent vun den nützlichsten Déieren ass d'Schwäin. Vun him kann een alles gebrauchen. d'Fleesch vun hanne bis vir, d'Haut fir d'Lieder, d'Hoer fir Biischen an den Numm vir déi aner ze vernennen.
8. Déiertheorien: Vill Hënn gi gär an d'Waasser. Et sinn der souguer, déi ëmmer do liewen, dat sinn d'Séihënn. All Fësch leeën Eeër. Déi russesch souguer Kaviar.
9. Den Déierepark ass super. Do kann een Déiere gesinn, déi geet et guer net.



- Sou kann een dat och soen.
- Dat ass jo awer och logesch



9. Huel der Zäit, eng persesch Wäisheet

Wat passt zesummen?

Huel dir Zäit, fir ze schaffen,		et ass d'Quell vun der Kraaft.
Huel dir Zäit, fir nozedenken,		et ass de Wee zu de Stären.
Huel dir Zäit, fir ze spillen,		et ass d'Musek vun der Séil.
Huel dir Zäit, fir ze liesen,		et ass d'Grondlag vum Wëssen.
Huel dir Zäit, fir ze dreemen,		et ass d'Geheimnis vun der Jugend.
Huel dir Zäit, fir gär ze hunn,		et ass déi wierklech Liewensfrees.
Huel dir Zäit, fir frou ze sinn,		et ass de Präis vum Erfolleg.



Sou soll et sinn!

Huel dir Zäit, fir ze schaffen,	et ass de Präis vum Erfolleg.
Huel dir Zäit, fir nozedenken,	et ass d'Quell vun der Kraaft.
Huel dir Zäit, fir ze spillen,	et ass d'Geheimnis vun der Jugend.
Huel dir Zäit, fir ze liesen,	et ass d'Grundlag vum Wëssen.
Huel dir Zäit, fir ze dreemen,	et ass de Wee zu de Stären.
Huel dir Zäit, fir gär ze hunn,	et ass déi wierklech Liewensfreed.
Huel dir Zäit, fir frou ze sinn,	et ass d'Musek vun der Séil ⁵⁸



⁵⁸ Persesch Wäisheet, Goldene Äpfel, Kambiz Poostchi, S. 177

10. Spréchwierder⁵⁹

Wat passt zesummen? (Iten Deel)




1.	j	Wann et am Häerz batter ass,	fällt net wäit vum Bam.
2.	j	Jidderee wëll al ginn,	verkierzt de Wee.
3.	j	Allzevill	awer kee wëll al sinn.
4.	j	Keng Äntwert	kache mat vill Waasser.
5.	j	Wann ee sech auskräischt	hëlleft sech selwer.
6.	j	Wie fir anerer biet,	verdierwen d'Zopp.
7.	j	Aarm Leit	ass ongesond.
8.	j	Den Apel	gëtt d'Häerz méi liicht.
9.	j	Ass de Bauch eidel,	hëlleft am Mond och keen Zocker.
10.		Zevill Käch	ass och de Kapp eidel.
11.		Gudde Wëllen	ass och eng Äntwert.



J – Jüddesch Spréchwierder



⁵⁹ Moritz, Die Sprichwörter der Welt, ANACONDA



Wat passt zesummen? (2ten Deel)

1.	Besser spéit		dat huet een an de Been.
2.	Wien näischt mécht		vum Himmel gefall.
3.	Pabeier		fir eng éischt Impressioun ⁶⁰ ze maachen.
4.	Wat een net am Kapp huet,		läit an den Ae vun deem dee kuckt.
5.	Mir sinn net nëmme responsabel fir dat wat mir maachen,		wéi ni.
6.	Et ass nach kee Meeschter		awer sécher.
7.	Wat mir wëssen ass eng Drëps,		ass gedëlleg.
8.	Lues		ass e verluerenen Dag ⁶¹
9.	Schéinheet		deen näicht brécht.
10.	Du kriss keng zweet Chance		wat mir net wëssen ass en Ozean ⁶²
11.	En Dag ouni Laachen		mee och fir dat wat mir net maachen ⁶³
12.	Ech hu gekrasch, well ech keng Schong hat,		bis ech ee getraff hunn, dee keng Féiss hat.




⁶⁰ en éischten Androck


⁶¹ Charlie Chaplin

⁶² Sir Isaac Newton

⁶³ Molière

Wat passt zesummen ? (3ten Deel)

1.	Gebieder änneren d'Welt net. Awer d'Gebieder ...		an engem ängschtlechen Häerz wunnt. ⁶⁴
2.	Och e laange Wee ...		wéi net méi do.
3.	D'Léift ass e Liicht, dat nimools ...		aus bekannten Informatiounen nei Kombinatiounen ze maachen.
4.	Mat Falen ...		fänkt mat engem éischte Schratt un. ⁶⁵
5.	Kreativitéit ass d'Fäegkeet ...		änneren d'Mënschen an d'Mënschen änneren d'Welt. ⁶⁶
6.	Alles geet, ...		awer den Akafskuerf (awer et berouegt).
7.	Et ass besser een « <i>fir dech</i> » ...		awer de Fräsch spréngt.
8.	Geld bréngt engem kee Gléck, ...		léieren d'Kanner goen.
9.	Léiwer gro		wéi zwee « <i>du kriss et gläich</i> »




⁶⁴ Bahá'u'lláh (www.bahai.org)

⁶⁵ Lao Tse

⁶⁶ Albert Schweitzer

Wat passt zesummen ?(4ten Deel)






1.	Et ass liicht d'Liewe schwéier ze huelen,	Wie mat aneren zesummeschafft, multiplizéiert ! ⁶⁷
2.	Wien eleng schaff, rechent zesummen.	an de saueren Apel bäissen.
3.	Heiansdo muss een	kénnt een duerch d'ganzt Land.
4.	Léiwer kleng a wibbeleg,	awer schwéier et liicht ze huelen. ⁶⁸
5.	Grimmel fir Grimmel	schléit souvill dass e Lach entsteet.
6.	Mamm Hutt an der Hand	wéi grouss a liddereg.
7.	Mëll Waasser géint en haarde Steen,	wat s du haut maache kanns.
8.	Looss net fir muer,	kritt een de Bauch voll.
9.	Héiflechkeet ass e Kapital,	dat dee méi räich mécht, deen et ewecheet.





⁶⁷ Positive Psychotherapie

⁶⁸ Nossrat Peseschkian

B. Witzer, Humor, droleg Geschichten

<p>1. Wat ass de Combel⁶⁹ vum Mësstrauen? Dat ass, wann een engem d'Hand gëtt an et zielt een duerno seng Fangeren no!</p>	 nozielen
<p>2. D'Fra seet zum Schéinheitschirurg : Ech hätt gär grouss Aen! ... Kee Problem ... hei ass meng Rechnung!</p>	soen 
<p>3. Sinn dat och wierklech lëtzebuenger Äppel ? Wëllt dir se iessen oder mat hinne schwätzen?</p>	
<p>4. Dat klengt Susi fiert mat sengem Dräirad duerch d'Stuff, dorops de Papp : Du solls schonn am Bett sinn. Jo Papp, awer ech fanne keng Parkplaz.</p>	fueren fannen 
<p>5. De Pitti huet eng Schildkröt geschenkt kritt a freet: So Mamm, wéi hëllt een dann hei den Deckel erof fir se ze heemelen?</p>	kréien huelen heemelen 
<p>6. Wéi nennt een ee Bumerang deen net erëm kënnt wann een e geheit? Ganz einfach. E Bengel.</p>	erëmkommen geheien
<p>7. Mueres an der Kichen: D'Fra kënnt d'Trapen erof. De Mann sëtzt schonn an der Kichen um Dësch. Hie waart op säi Kaffi. Du seet d'Fra zu him: "So Jempy, ech mengen, haut gëtt et Reen !" "A neen", seet hien zu senger Fra, „ech wëll Kaffi !"</p>	erofkommen sëtzen waarden mengen

⁶⁹ der Gipfel ... – the hight of ..

<p>8. De Mann zum Zirkusdirekter: "<i>Ech komme wéinst der Platz als Tigerdompteur !</i>" "<i>Déi ass leider säit haut de Muere verginn ... awer frot roueg an e puer Deeg nach eng Kéier no !</i>"</p>	 froen
<p>9. Eng Persoun begéint dem Jean, en ale Kolleg vun him. (sou mengt hie jiddefalls) P: Schéin, dech erëm ze gesinn. Du hues awer vill ofgeholl! Jean: Ech war nach ëmmer sou dënn! P: An du has dach soss ni e Brëll! Jean: Ma ech hat nach ëmmer e Brëll! P: A sou? Jean: Majo, an iwwregens, ech heesche guer net Jean. P: Nee ..., dat do gëtt et jo net! Du hues och nach däin Numm changéiert?</p>	begéinen ofhuelen
<p>10. Hei, sot d'Police zum Mann, <i>wësst dir net dass hei e Sens Unique ass? Hei duerf een nëmmen an eng Richtung fueren. Jo an, seet de Mann, sinn ech da vläicht an zwou Richtunge gefuer?</i></p>	däerfen
<p>11. Eng Koppel ass grad 20 Joer bestued. Owes hu si e romantischen Owend geplangt. Am Schlofzëmmer sinn d'Käerzen ugefaang, am Hannergrond ass romantesch Musik an et richt no Rousen. D'Koppel läit am Bett, alles a Seid. Du seet d'Fra: „<i>Du bass ewéi de Casanova!</i>“ „<i>Ma Stuppi</i>“, äntwert de Mann, „<i>de Casanova ass dach scho laang doud !</i>“ ... An d'Fra äntwert him : « <i>Ma ebe just Mausì... »</i></p>	 plangen ufänken richen leien

<p>12. D'Fussballnationalequipe op der Gare, bei der Police um Fundbüro. „Dir Hären, wéi kann ech iech hëllefen?“ „Majo, mir hunn e puer Matcher verluer!“</p>	<p><i>verléieren</i></p>
<p>13. Den Elektriker seet zu sengem Léierjong: „Maach de Stroum nach net un, ech schaffen nach un der Leieiiii....!“</p>	<p><i>ausmaachen</i></p>
<p>14. Et hat bal bei der rouden Luucht geknuppt, do mécht deen een Autoschauffeur d'Fenster erof a jätzt: „Idiooot!“ Dorops hin äntwert deen aneren Autoschauffeur: „Et freet mech! Mäin Numm ass Weber.“</p>	<p><i>knuppen</i> <i>erofmaachen</i></p>
<p>15. An elo e klengen Tipp fir eis Automobilisten: Eng kleng Sieste hannert dem Steierrad ass super gutt fir net al ze ginn.</p>	<p><i>al ginn</i></p>
<p>16. Mamma, wat ass Erotik? Oh, dat kann ech dir net soen. Mat 7 Kanner hat ech keng Zäit aner Sproochen ze léieren.</p>	
	

<p>17. E Schwaarzen zu engem Wäissen: Ech si schwaarz gebuer, ech wuesse schwaarz op, wann ech an der Sonn sinn, bleiwen ech schwaarz, wann ech fréieren, bleiwen ech schwaarz a wann ech stierwen, sinn ech ëmmer nach schwaarz.</p> <p>Du awer kënnst rosa op d'Welt, wiess wäiss op, wann s du krank bass, bass du gréng; an der Sonn gëss du rout, wann s du fréiers, gëss du blo a wann s du stierfs, bass du bleech.</p> <p>An du sees zu mir ech wier faarweg!</p>	 <p><i>bleiwen</i></p> <p><i>wuessen</i></p>  <p><i>stierwen</i></p>
<p>18. De Biosproff: Firwat frësst den Tiger nëmme réit Fleisch? De Pitti: Ganz einfach, well hien net kache kann.</p>	<p><i>friessen</i></p>
<p>19. Zwou Geessen op der Wiss: Geess de mat den Owend op d'Party? Neen. Ech hu kee Bock.</p> 	
<p>20. „Du bass awer lues! Du schaffs lues, du ëss lues, du geess lues, du schreifs lues. Gëtt et dann näischt wat s du séier méchs?“ Dach, ech gi ganz séier midd!</p>	
<p>21. « Pitti, firwat ass däin Teddy am Tiefkühler ? » « Majo Bomi, ech hätt och gär en Äisbier wéi d'Sandy!»</p>	




22. E Mann, schonn iwver 40 Joer, war net immens begeeschtert vum ville schaffen. Hie war iwverzeegt, et sollt ee probéieren, mat sou mann wéi méiglech Efforten, souvill wéi méiglech ze leeschten. Dat war scho bei him an der Schoul esou. D'Eltere si fréi gestuerwen, an hien huet d'Heemechtshaus **gierft**, e schéine Bungalow, am ganze 15 Ar. D'Elteren haten d'Pensioun an hu sech ëmmer ëm de Gaart bekëmmert. De Jong huet sech geduecht, elo géing hien och emol am Gaart schaffen. Well hie jo keen dommen ass, huet en sech iwverluecht an de Bicherbuttik ze goen, fir ze kucken, wat et dann alles vu gudde Gaardebicher gëtt. Beim Ernster an der Vitrinn ass him en interessant Gaardebuch opgefall mam Tittel: *Maacht äre Gaart an der halschent vun der Zäit*. Hie geet direkt an d'Geschäft bei de Verkeefer a seet zu him. Hutt dir nach esou e Buch? Jo, sécher, äntwert de Verkeefer. Wonnerbar, da gitt mir der **zwee** w.e.g.!

ierwen









23. D'Léiermeedchen (De Léierjong) wëllt beim Coiffeur eng Léier ufänken a geet sech an e Salon an der Stad virstellen. Beim Interview freet hat (hien) de Patron: „*Wat kann ech dann hei esou verdéngen?*“ De Patron: „*Oh, am Ufank kritt dir de Mindestloun, awer herno, mam Dréngeld a sou weider gëtt et vill méi.*“ „*Wonnerbar, super, da kommen ech e bësse méi spéit erëm!*“



<p>24. Den Tun an de Pitti sinn am gaang Zeitungen auszedroen, wéi et e beemol ufänkt mat reenen. Du seet den Tun zum Pitti: „<i>Mir sinn net wäit ewech vu mir doheem. Wann s du wëlls, kann s du haut bei mir schlofen. Da gëss du net naass.</i>“ De Pitti iwwerleet ee Moment a seet ganz frou: „<i>Dat ass eng gutt Iddi, super. Ech ginn nach just séier mäi Pijama heem sichen!</i>“</p>	
<p>25. An der Schoul schwätzt de Schoulmeeschter iwwert d'Waasser. „D'Waasser huet eng ongeheier⁷⁰ Kraaft.“ Seet de Schoulmeeschter. „Jo“, seet de Pitti. „Gëschter owend huet meng Mamm esou vill gekrasch bis de Papp hir en neie Pelzmantel versprach huet!“</p>	<p><i>kräischen</i></p> 
<p>26. Nach en Tipp fir all Autofuere op de Landstroossen: Drénken hannert dem Steier ass extrem geféierlech! Mat deene schlechte Stroosse riskéiert dir, äert d'Gedrénks op der Box ze hunn.</p>	
<p>27. Wéi mäi Grousspapp säin 103te Gebuertsdag gefeiert huet, gouf hie gefrot ob hien och géif plange fir säin 104te Gebuertsdag ze feieren.</p> <p><i>"Natierlech" huet hie gesot. "D'Statistike weisen ganz kloer dass ganz wéineg Leit tëschent 103 an 104 Joer stierwen."</i></p>	
<p>28. De Paschtouer an der Schoul: "Haut schwätze mir iwwert d'Entstoë vun den éischte Mënschen!" .. de Pitti: "Ech wëll léiwer wëssen wéi den 3te Mënsch entstanen ass!"</p>	
<p>29. Zwou Waasserspanne schwamme gemittlech am Floss. Op eemol seet déi eng zur anerer: Pass op, hei kënnst e Waasserfaaaaaaaal!</p>	

⁷⁰ Immens grouss

<p>30. Eng kleng Annonce an der Zeitung: Ze verkafen; e <i>Fallschirm</i>, wéi nei, just eng Kéier gebraucht; huet e kleng roude Fleck. Tél. ...</p>	
<p>31. Eng Hausspinn geet bei d'Police an de Fundbüro. Si huet hire <i>Fuedem</i>⁷¹ verluer.</p>	
<p>32. Um Dësch sëtze 4 Mécken. Si maachen dech geckeg. Du schléis eng futti mat der Méckebaatsch. Wéivill Mécke bleiwen nach um Dësch?</p>	
<p>33. E grouse Bus mat 50 Touriste kann net méi weiderfueren. E muss virun enger Bréck stoebleiwen. De Bus ass ze héich. De Buschauffer mécht d'Dier op a freet e Lëtzebuerger dee laanscht geet: W.e.g., kënt dir mir hëllefen. De Bus ass 5cm ze héich. Kennt dir en anere Wee? De Lëtzebuerger iwwerleet e bëssen a seet: Dir kënt vläicht d'Loft aus de Pneue loossen. Da geet et duer. Mee de Buschauffer ass net domat d'accord. Hie seet: Ënnen um Buedem ass kee Problem. Uewen ass et 5cm ze héich!</p>	
<p>34. Et gi Leit, déi maachen de Yoghurt an d'Mëllech schonn am Supermarché op. Firwat? Well drop steet: <i>Hier öffnen - Ouvrir ici</i></p>	
<p>35. Am Bauzenter kënt e Mann bei de Vendeur : <i>"Ech hu gëschter dësen Hummer hei kaf, a géif e gären ëmtauschen ... den heien trëfft ëmmer derlaanscht !"</i></p>	
<p>36. <i>"Säit iwwer 3000 Joer gëtt et déi modern Mathématik !"</i> ... sot de Schoulmeeschter ... dorops de Pitti: <i>"Wat e Kaabes ... mir sinn dach eréischt 2006 !"</i></p>	
<p>37. Den Klein-Ulrich hat vum Kleeschen eng nei Trommel kritt. No zwee Dee schenkt säi Papp him en Täschemesser a seet: <i>"Klein-Ulrich ... wolls du eigentlich nach ni wëssen, ewéi so eng Trommel vu bannen ausgesäit ?"</i></p>	

⁷¹ fil à coudre

38. De Schoulmeeschter erzielt de Kanner an der Primärschoul eng Geschicht fir dass si sech ëmmer solle waarm am Wanter undoen.

Et war emol e Jong, dee wollt mam Schlitt fueren. Et war vill Schnéi. Seng Mamm sot zu him: Vergiess net eng waarm Jackett unzedoen, an Händschen, a gutt waarm Strëmp, an eng Mutz. Awer hien huet senger Mamm net nogelauschtert an ass einfach esou mam Schlitt gefuer. Ouni waarm Jackett, ouni Händschen, ouni Mutz. An dunn ass hie krank ginn, ganz krank, esou krank dass hien huet missen an d'Klinik. An an der Klinik ass hien nach méi krank ginn an hie krut eng Longenentzündung an dunn ass hie gestuerwen.

D'Kanner an der Klass waren e bësse roueg an du freet de Pitti de Schoulmeeschter: Wat ass da mam Schlitt geschitt?

sech waarm undoen



39. Wann s du de ganzen Dag geschafft hues wéi eng Wissbei, an du bass staark wéi en Ochs, an du schaffs wéi e Päerd, an owes bass de freckt wéi en



Hond, da solls de bei de Veterinär goen, well da kann et sinn, dass du en Iesel bass.⁷²






40. E Mann kritt eng Aarbecht beim Usträicher. Déi éischt Woch soll hien déi wäiss Linne laanscht d'Autobunn nei usträichen. Den éischten Dag moolt en 100 Meter, den zweeten Dag 50 an den drëtten Dag nach 15 Meter. De Chef ass net zefridde mat him a seet zu him : Lauschter mol : 100 Meter ass net ganz vill, awer 50 Meter a 15 Meter, dat geet net. An den Aarbechter seet zum Chef : **Wat** ech méi wäit usträichen, **wat** d'Dëppe mat der Faarf méi wäit ewech ass !









kréien
usträichen

⁷² Déckkäpp, 4.4.07 Calté

<p>41. Et ginn Autoschaufferen, déi de Motor vun hirem Auto a Stécker schneiden, wa si musse bei enger Zuchbarrière waarden. Firwat ? Well do e Schëld ass wou dropsteet : A l'arrêt coupez votre moteur.</p>	
<p>42. "Pitti ... so mir 5 Déieren déi an Afrika wunnen" ... dorops de Pitti: " 3 Elefanten an 2 Giraffen !"</p>	
<p>43. De Vincent war ganz knéckeg. Dofir seet hien zu senger Fra: „ Wann s du mech riffs, ... da ruff w.e.g. „Vin" , da spuere mir all Kéier een Cent."</p>	
<p>44. Wéi kann een ee Lëtzebuenger douzou kréien ze billen? Et seet een: "Do hanne gëtt et Fräibéier!" An de Lëtzebuenger seet:"Wou, wou, wou ? »</p>	
<p>45. Dräi Paschtéier streide sech iwwer d'Verdeelung vum Affer. Den éischte seet: "Dat ass liicht! Ech molen e Krees op de Buedem, geheien d'Suen an d'Luucht, an all dat, wat an de Krees fällt ass mäint." Den zweeten ass averstan, seet awer, dass alles, wat aus dem Krees fällt, säint wier. Den drëtten seet: "Ech geheien d'Suen an d'Luucht, an ech soen dem Här: Huel wat s du wëlls, ech huelen de Rescht."</p>	
<p>46. Eng Tomat geet iwwert d'Strooss a passt net op. E Camion kënnt a fiert driwwer . Kënnt eng aner Tomat, geet laanscht déi éischt a seet: "Moie Ketchup!"</p>	
<p>47. E klenge grénge Mann geet an enger klenger grénger Stad op enger klenger grénger Strooss ënnert klenge grénge Beem. E geet iwwert déi kleng gréng Strooss an e klengt gréngt Haus a setzt sech op e klenge grénge Canapé an engem klenge grénge Living. Op eemol schellt et un der klenger grénger Dier. De klenge grénge Mann mécht déi kleng gréng Dier op, an e grousse roude Mann kënnt eran. „O, pardon !", seet hien. „Ech hu mech am Witz geiert!"</p>	

<p>48. Déi lescht Wieder vum Biergsteiger: „Déi Karabiner hei waren an der Reklamm, guer net deieeeeeeeeeeeeeeeee....“</p>	
<p>49. Schoulmëschter: "Fränz...du kënnst schon erëm ze spéit!"... "Dat verstinn ech net...gëschter hutt dir selwer gesot et wier ni ze spéit fir eppes ze léieren !"</p>	
<p>50. Euthanasie: Gëschter owend souz ech mat menger Fra um Dësch a mir hunn iwwer dëst an dat geschwat, bis mer op d'Thema Euthanasie koumen. Zu dësem delikate Sujet, tëscht Liewen an Dout wielen, hunn ech hir gesot :</p> <p>« Looss mech ni an dësem vegetativen Zoustand liewen, ofhängeg vun enger Maschinn an ënnerhal vun der Flëssegheet vun enger Fläsch. Wann s du mech an dësem Zoustand gesäis, schalt d'Apparater aus déi mech um Liewen halen. »</p> <p>Fro: Wat huet seng Fra gesot?</p> <p>Meng Fra ass opgestan, huet d'Telee an de Computer ausgemaach an d'Fläsch Béier ewechgehait!</p>	
<p>51. Op der Gare: Client: Entschëllegt, ass dat mäin Zuch? Kontroller: Neen, et ass der CFL hiren Zuch. Client: Haha, ganz witzeg. Kann ech deen Zuch hei huele fir op Esch? Kontroller: Neen, dat geet leider och net. En ass vill ze schwéier.</p>	
<p>52. De Jempi an de Josi sëtzen op e puer al Këschten. D'Wieder ass schéin. Si denke lues a si schwätze lues, ganz lues.</p> <p>Jempi : So, ech hunn haut eppes gelies, dat ass einfach immens.</p> <p>Josi: Ah jo, wat hues du da gelies wat sou immens ass?</p> <p>Jempi: All Kéiers wann ech ootmen, stierft e Mënsch.</p> <p>Josi: O vreck! Dat ass jo schrecklech. A wat wëlls de dogéint maachen?</p> <p>Si denke laang doriwwer no.</p>	
<p>53. De Rony a säi Brudder sëtzen op enger Bänk am Park. D'Sonn schéngt. Et reent net. Si sinn einfach Leit an denke lues, ganz lues. Si schätze lues, ganz lues.</p> <p>R: So!</p> <p>B: Wat?</p> <p>R: Weess du, du hues mir gesot dass den Dokter sot, du dierfs nëmmen 2 Tase Kaffi den Dag drénken.</p> <p>B: Richteg, firwat?</p> <p>R: Ma deng Fra seet mir, du géifs 6 Tase Kaffi den Dag drénken.</p>	

<p>B: Jo, dat ass richtig. R: <i>Wéi dann?</i> B: Ech war bei 2 Dokteren, a jidderee sot, ech kéint och 2 Tase Kaffi drénken. <i>(Si denken doriwwer no.) (Comedy Classics, The two Ronnies)</i></p>	
<p>54. Mann: Joffer, däerf ech iech erëmgesinn? Fra: <i>Jo, rufft mir einfach un, meng Nummer ass am Telefonsbuch!</i> Mann: An ären Numm? Fra: <i>Deen ass donieft!</i></p>	
<p>55. Mann: Sot w.e.g. „sinn dës Blumme kënschtlech? Fra: <i>Natierlech.</i> Mann: Natierlech? Fra: <i>Neen, kënschtlech.</i> Mann: Jo, wat dann elo, sinn se kënschtlech oder natierlech? Fra: <i>Natierlech kënschtlech.</i></p>	
<p>56. Zweek Männer am Lëtzebuergeschcours: "Ech hu festgestallt, dass Fraleit vill besser Péng verdroe wéi mir Männer. "Ah bon, sidd dir Dokter?" "Neen, Schongverkeefer!"</p>	
<p>57. 2 Zahnstocher ginn zu Fouss heem. No e puer Minutte gesinn si en Igel laanscht goen. Du seet deen een Zahnstocher zu deem aneren : « So, mir hätten awer och kënne mam Bus fueren ! »</p>	
<p>58. E Mann geet an den Hotel a freet : Hutt dir nach en Zëmmer w.e.g. ? Jo sécher, wëllt dir eent mat Douche oder Bidden ? De Mann hat net souvill Suen a freet : Wat ass den Ënnerscheid ? Jo, seet de Mann an der Rezeptioun : An der Douche muss ee stoen !</p>	
<p>59. Lisa, wees du eigentlech wou eise Papagei ass ? Ech hunn en de ganzen Dag net gesinn. Keng Ahnung, awer mir kënnen d’Kaz froen, zënter haut schwätzt déi elo !</p>	
<p>60. An der Stat um Maart : « Gitt mer w.e.g. 5Kilo Gromperen, awer kleng Grompere w.e.g., déi grouss si mer ze schwéier. »</p>	
<p>61. E lëtzebuergesche Dokter huet elo erausfonnt, dass wa béid Elterendeeler onfruchtbar sinn, et dann och ganz wahrscheinlech ass, dass d’Kanner och onfruchtbar sinn.</p>	
<p>62. E Grupp vu Belschen a lëtzebuergesche Touristen fueren a China an d’Vakanz. Natierlech maachen déi Belsch de Geck mat de Lëtzebuergesche. No der éischter Nuecht am Hotel a China, diskutéieren zwee Lëtzebuergesche: “D’Sonn schéngt awer schéin op meng nei schwaarz Schong.” Déi Belsch bekucke sech an ee seet zu deem aneren: “All Respekt! D’Lëtzebuergesche si staark. No enger Nuecht schwätzen déi scho Chinesesch!”</p>	

De Pitti kënnt aus der Schoul a seet zu senger Mamm:
"Mamm, ech hunn de Mueren dem Schoulmeeschter gesot
dass ech en Eenzelkand sinn!" "A wat sot de
Schoulmeeschter?" "Gott sei dank!"

soen, gesot, sot



VIII. Lidder - Sangen ass flott

A. Wat d'Musik alles bewierkt



D'Resultater vu gezielter Uwendung
vu Musik an der Therapie a Präventioun loosse sech
an 12 Punkte kuerz zesummeffaassen:



1. eng besser Sauerstoffopnahmefäegkeet an domat
eng besser Funktionsfäegkeet vun all Organer.
2. de Bluttdrock geet erof.
3. eng besser Widerstandsfäegkeet (Immunsystem).
4. Harmoniséierung vun der Psyche an Ofbau vu Stressfaktoren.
5. eng positiv Wierkung bei Depressiounen.
6. eng besser Gehirduerchbluddung (Gehirnjogging) an Optiméierung vun
der Kreativitéit.
7. méi Motivatioun an Animatioun
8. Entspannung, Entkrampfung, meditatif Besënnung a konzentrativ
Versenkung.
9. méi Bezéiungs- a Kontaktfäegkeet, méi sozial Sensibilitét a
Kompetenz.
10. Musik begeeschtert, befreit aus Zwängen, mécht d'Häerz a Séil op
fir dat Schéint a Positivt, erwächt d'Freed um Liewen.
11. Musik verbënnt, baut Brécken, férdert Toleranz an d'Verständnes
fir aner Mënschen a Kulturen, schaaft Fridden a Mënschlechteet.
12. Musik baut Aggressiounen, Verklemmungen a
Frustratiounen of.

<http://www.abendblatt.de/daten/2002/06/24/38997.html>
Quelle: Prof. Hermann Rauhe erschienen am 24. Juni 2002



B. CD-Lëscht vu lëtzebuenger Musik

E grouse merci fir all déi lëtzebuereger Musiker, Sänger an déi Kënschtler déi d'Texter geschriwwen hunn. Hei d'Lëscht vun den CDën, wann dir d'Musik wëllt.

- CD Made in Luxembourg, Grupp: Gentle MC's www.gentle-mcs.com
 - o Made in Luxembourg
 - o Firwat?
- Josy Braun, Lidder, queesch derduerch, 2000, Josy Braun & Balli Baldauff, Lëtzebuerg
 - o Walert, D'Joffer M, Hopp, hopp Kënnercher, Leschte Gesank
- Maach d'Kräiz 2003-4--- DVD, rol.gelhausen. 2003 ---)
 - o Faarweblann
- Cool Feet, Luxemburgänsia, Nëmme wéinst dir (Hey Du)
 - o Mir sinn um Härebierg, Johnny & Mary
- Lex Labber, Produktioun Jang Linster
 - o Weila, Dax huet de Nikei eng gestiicht, An de Siwwenten Himmel, Ouni Su, Léidikiller
- Ënnerwee, 12 Lidder op 100km, Dicksy-Lentz Band mam Fausti CIMA
 - o Bei mir ass et schéin, Schwaarze Kaffi, Meng Hunnégbei, Äddi Freddy, Wa mer mol al sinn
- Olio Galanti, Sylvester Orchester
 - o Mamma danz Mambo, Pup egal, Ka mech net entscheiden,
- Fiesta mam Fausti – Et ass Vakanz, Jang Linster Plakken
 - o Do uewen op der Kopp, Et ass Vakanz, Op der Plage, ze deier op der Playa
- Specktakel, Fausti, Puzafaba, Rich Browers, Trei Sei
 - o Feier am Stréi, He Hejo, Am Mo
- Jang Linster – Fausti, op aner Cden
 - o Natasha,
- RTL mp3 Platform, fir erofzelueden
 - o Ech verlaangeren - Noémie
- Jang Linster – Stäerennuecht
 - o Sidd frou
- Jang Linster – Chrëschtliedder
 - o Lues schneit et
- Ons Heemecht, Nationalhymm
- Pëppy Beicht

Léiwe Kleeschen, *aus: Eiser Lidder, Actioun Lëtzebuergesch, Tel: 470612*

1. Made in Luxembourg Artist: Gentle MC's

Huel der e Beispill iwwer dëst Land. Ma denk no! Eng Fro, eng Plo.
Elo fro e fir ze ploen oder plo e fir ze froen!
Hei dierfs de net versoen, Schold droen!
An oft gëtt och hei dra geschloen. Aaahhh,
Lëtzebuerg, e Fleck op der Landkaart, 80 laang 50 breet
hei komme mir a Faart an et bréngt ons och vill Freed.
A klengt Lëtzebuerg, honnertpro am Fridden,
an awer wat d'Leit man, si sinn och ni zefridden.
Banken, Geld, Bizz gëtt hei voll regéiert.
Hey, wat's du kucks man, ma bass du elo erféiert?
Hei, dégeulas de ganze Frascht,
d'Sonn gesäis de bal ni, dat ass krass!
Tja, wat wëlls de maachen? Et ass net méi fir ze laachen.
Eis Jugend hängt um Raachen, wat sinn dat da fir Saachen?
Ass et d'Wieder? Sinn et d'Leit? Alles schéngt esou nei,
alles rullt, an näischt ass an der Rei.

Chorus

Gentles can't you see? What my mind's got to be. Gimme a "Hoo". Gimme a "What?".
Say: "Made in Luxembourg, keep it on, make it hot!" (2x)

The Gentles, diplomatesch voll korrekt,
mat Costard a Cravatte flowe mir op eisen Täkt.
Béis fir bass a béis fir bass, wéi gesot krass, well hei ass eng sou richtig lass.
Lëtzebuergeschen Hip Hop rausbréngen!
Hei ass de Beat, mir wëllen de Schung zum klénge bréngen.
Di eng all Dag um Netz, di aner voller Hetz.
Wat ass dat fir e Liewen? Hei gëtt et just nach Stress. Stress?
Kolleege, vreckt vum Schaffen, de Mindestloun,
héige Loyer, näischt ze mellen. Dat ass den Toun.
All zweet Famill geet auserneen, d'Kanner leiden drënner,
di Kléng halen de Bak, soss kréien se eng op den Hënner.
Verschidde Leit hunn zevill a kënnen net domat ëmgoen,
si rappen alles erun, ma ouni emol ze froen!
Eis Chance iwwer Tatsaache laang a breet ze schwätzen,
hei zu Lëtzebuerg brénge mir dës Saach schonn un d'Fetzen.

Chorus

Oh! This is our very own story. 20 years growing in this fat fat glory.
Big, big cars, no glamour, movie stars, sit back, relax with your cuban cigars.
This is the place where you get knocked in your face.
Get up, stand up, so that we all be amazed. So gimme a "Hoo" and gimme a "What?", say
"Made in Luxembourg, keep it on, make it hot!"

2. Firwat? Artist: Gentle MC's

Alkohol um Steier gött dech deier a geheier.

Ech weess jo wat's du denks, wéi emmer di al Leier.

Yo! Gentle MC's erklären där de Flipp:

Versto! Deng Astellung mécht ons midd.

Am Kapp 2 Promill an den Auto voller Leit. Du fills
a spills och nach de Rauen, ma mengs du wärs gescheit.

Ja! Verstinn du laachs a so eis net nach: „Wat?“.

Onschëlleg Leit, a firwat, a firwat?

Dobäussen ass et däischer.

Firwat? Firwat schon nees dëss mies Geräischer?

D'Ambulancen, d'Police, di sin 'rem ënnerwee

an Elteren a Kollegen di sëtzen nees am Leed.

Ma wat ass lass a wat ass wou, wéini geschitt?

Tjo, d'Noriichten di mellen nees: Den Doud deen huet se kritt!

Jo, et hat gekraacht. Ma wéi da? Wat? Onschëlleg Leit, a firwat, a firwat?

Chorus

Pourquoi toujours les mêmes cris de toutes ces familles

à cause d'une occurrence sur les autoroutes et les routes?

Ils veulent se faire la concurrence, les voitures qui marchent mieux
et qu'à la fin se retrouvent sur les toitures à 100% mortels.

Firwat? Firwat spills du mat dengem Liewen?

Alkohol, ze schnell fuere, wëlls de wirklech stierwen?

Pourquoi? Pourquoi mets-tu ta vie en danger

à cause de l'alcool et la vitesse sans tendresse?

Warum? Warum denkst du immer nur an dich?

Bedeutet dir Familie und Freunde denn gar nichts?

In der Kneipe mit 'ner Fahne von dem Stoff der ersten Sahne,
kommst du schnell von der Saufe in die Traufe.

Und nach der letzten Runde hat der Kunde bezahlt,
mit dem Auto geprahlt und auf zur Todesfahrt.

Dieses Konzept soll eure Taubheit beheben
und zeigen wie es ist wenn es das Leben gar nicht gäbe.

(Echo 1! Echo 16! Schwéiert Accident, Collectrice Esch-Péiteng! 16! Reçu, terminé!)

Und wenn ihr glaubt in diesem Text würden wir nur Scheisse reden,
ich denk dann habt ihr euch geirrt denn wir wollen nur belehren.

Familie und Freunde die in Tränen zerfliessen,
unschuldige Opfer die ihr Leben wegen dir ließen.

Siehst du die Schlagzeilen in denen steht:

Alkohol am Steuer, das Spiel mit dem Feuer!

Siehst du wie schnell es manchmal geht? Das letzte Gebet, doch jetzt ist es zu spät!

Chorus

3. Walert ⁷³

Komm dach mat mir, mäi Meedchen, et hält eis näischt méi hei. (2mol)

Do ennen an der roudes Äerd läit eist Gléck an ass neit Liewen
Ech bauen dir do e léift klengt Haus op guddem roude Buedem.

O bleif dach bei eis Meedchen, hal dengem Buedem d'Trei! (2mol)

Do ennen an der neier Welt bass de friem, wäerts de verdierwen
Looss hien dach goen, hie bréngt kee Gléck mat sengem roude Buedem.

O Papp, léif Mamm, ech fäerten, ech muss Iech wéi haut doen. (2mol)

Ech loossen Iech är Häip, är Heed, d'Génzenhäng, de Bësch an d'Koppen.
Hien ass mäi Liewen, an dat schléit scho muer a roudem Buedem.

Dunn ass hatt mat him gaangen, fir do hiert Gléck ze man. (2mol)

Mat breedem Réck a staarker Fauscht fiert hie mueres an de Bierg.
An d'Meedche waart all Dag op d'Gléck aus dësem roude Buedem.

An enges Daags, am Summer, huet een un d'Lued geklappt; (2mol)

verschmiert d'Gesicht, den Otem kuerz: „et huet hien haut erwëscht op
Walert! Kommt mat, e läit - verschott nach déif - ënnert dem roude Buedem!“

Se lafen zou „op Walert“ se bréng'n⁷⁴ aus dem Bierg. (2mol)

Am Duerf laut d'Klack. „Dot d'Kapen of!“

D'Meedche steet mat blannen Aen.

A muer begruewen se säi Gléck - an déiwem roude Buedem.



⁷³ Josy Braun, Lidder, queesch derduerch, 1998, bretonnesch Weis

⁷⁴ si bréngen hien

4. D'Joffer M. 75

Si keeft am Duerf hiert Uebst an drénkt vill Mëllech.
Si lieft eleng, kee weess genee vu wat.
Vläicht huet s'anzwousch e Kont an d'Sue vëlleg.
Si fiert eemol de Mount mam Bus an d'Stad.

Wéi al ass d'Joffer M.? 't ass schwéier roden.
Si fierft a puddert sech, mee ganz diskret.
An hire Mantel ass aus gréngem Loden,
an heiansdo bleift se stoen, wann se geet.

Hat d'Joffer M. och fréier ni e Freier?
Stellt sech alt emol eng Nopeschfra déi Fro.
An `t ass der Nopesch dobei net geheier;
wéi si nach Kand war, war schonn d'Joffer do.

Kee Mënsch besicht si. Si schreift och keng Bréiwer.
Mee sonndes baakt si sech e Marberkuch.

Si geet och net an d'Kierch, si liest da léiwer
bei hiren ale Placken en aalt Buch.

An hirer Stuff pénkt pénktelech eng al Mënster,
an e Kanari päift am Vullenhaus.
Si huet vill Zorte Blummen an der Fënster,
a virun zéng gi bei hir d'Luuchten aus.

Rondrëm si, an de Gäert, si summesch iwwer
kleng Fester, An der Gaass gi Kanner grouss.
Si spiert, ganz lues, mee dach geet d'Liewe riwwer;
da sëtzt si roueg do, hir Hänn am Schouss.

,t gesäit een s'alt mol an de Wiesche schrécchen.
Do huet s'en ale Blummestrauch; op deem
kësst d'Sommersonn eng honnert Päiperleken.
Déi klunschen an de bloen Himmel heem.

Do sëtzt dann d'aarme Joffer Muedelínchen.
Mee kee gesäit, mol d'Päiperleken net,
wéi si do sëtzt, wéi huerteg⁷⁶ eng kleng Tréinchen
mam Spëtzendichelche gedréchent gött.



⁷⁵ CD, Josy Braun 2000, 1993, vertount vum Robert Lamboray

⁷⁶ séier

5. Hopp-hopp, Kënnercher

(CD Josy Braun, Lidder, queesch derduerch, 1988, no engem jiddesche Lidd, arrangéiert vum Gérard Bintener)

1. Spillt a freet iech, Kënnercher, ⁷⁷

well d'Fréijoer ass schonn do, (2x)

Ech kann dat net méi Kënnercher, ech kucke just nach no. (2x)

2. Spillt a freet iech, Kënnercher!

O notzt⁷⁸ all Dag a Stonn! (2x)

Huelt mech mat eran an d'Spill, dann ass meng Welt nees ronn.(2x)

Refrain:

Hopp hopp, hopp hopp hopp, Kënnercher!

Lieft, soulaang der jonk sidd!

**Well de Wanter, deen huet d'Fréijoer ëmmer séier
rëmkritt.**



3. Kuckt net op mäi groe Kapp,

dee stéiert net am Spill. (2x)

Well mäin Häerz, dat ass nach jonk, et verlaangert nach souvill. (2x)

4. Jo, mäin Häerz, dat ass nach jonk,

an et deet dobanne wéi. (2x)

Fréijoer, Hierscht – e Kazespronk!⁷⁹ An da kënnt schonn de Schnéi. (2x)

Refrain:

5. Spillt a freet iech, Kënnercher!

Kuckt vijenzeg⁸⁰, net zréck! (2x)

Äert Fréijoer ass scho bal erlaanscht⁸¹, erlaanscht äert gréisste Gléck.
(2x)

Refrain:

⁷⁷ kleng Kanner

⁷⁸ adj : nätzlech, praktesch, kammoud

⁷⁹ net wäit

⁸⁰ no vir

⁸¹ eriwwer

6. Leschte Gesank

(CD Josy Braun, Lidder, queesch derduerch, 1970, fräi Iwwersetzung vun engem Wolff-Biermann-Text; Weis vun „O Haupt voll Blut und Wunden“, J.S.Bach)

1.

Wat soll wuel nach geschéien,
op dëser rosner Welt?

Verdénkt ass, wat mir kréien
an eis op d'Schierbel⁸² fält.

Wat otemt nach dobaussen?

Dee leschten Hallem fält.

Jäizt net, d'Paus wäert gläich aus sinn,
et huet scho fir d'drëtt geschellt.



2.

Eis Äerd ass aus dem Rennen;
e grousegt⁸³, zeidegt Feld.

Kuckt, wéi eis Friichte brennen,
wa Feierreen drop fält!

Zerschloen a vergoen...?

Firwat?, Wat elo?, Wouhin?

Op aner Stäre goen?

Da wäert hei Fridde sinn.



⁸² 1. wann Glas brécht ; 2. de Kapp

⁸³ grousst

7. Faarweblann

‘t heescht mueres fréi schonn décidéieren
wat doen ech dann haut nees un
nee wat ech hei nees Zäit verléieren
an ech si schonn sou spéit drun.

Ech ka mech einfach net entscheeden
passt dee Rack do bei meng Laun
ech wäert mech haut alt nees verkleeden
mir ass alles zouzetauen.

Soll ech alles kombinéieren
sämtlech Faarwe vun der Welt
mech u kengen Norme stéieren
undoe just wat mir gefällt.

Stinn ech vrum Schaf, nach net ganz
waakreg
seet mäi Mann mir ganz apatesch
huel dach dat blo gesträifte,
rout gepierpelt, gréng getëppelt,
schwarz karéiertoder géi plakeg.

Refrain:

*Mir ass et wierklech schäissegal
mech loossen d’Faarwen total kal
et ass dach Speck a Schwéngfleesch
all Faarwe si fir mech just bleech.*

*Ech ginn net gäre mat der Moud
op schwaarz op blo, op gréng op rout
op Faarwe falen ech net eran
ech si wahrscheinlech faarweblann.*

Ech bräicht mol nees en neien Auto
ech hu mäi schonn iwwert d’Joer
sti finanziell zwar net famous do
mä et brauch een d’Sue jo net bor.

Alt nach e Prêt, dat wäert scho goen
ech mierke wéi ech kribbeleg ginn
muss mengem Noper och gläich soen
datt ech nees Auto-salonfäeg sinn.

Do vergläichen ech all Marken
no der d’Kubikzuel a Gréisst
sichen een dee sech liicht parken
an op Toure bréngé léisst
Da kënnt de Vendeur, sou e Lackaf
seet dee Modell hei gëtt dack kaf
an eiser rout vernéiert

blo metallic, schwaarz getéinter
gréng gebleechter neier Lack-Faarf.

Refrain

Mir mussen eis gläich all entscheeden
wien eis Stëmm schlussendlech kritt
wien eis kann zum Kräiz verleeden
a wien duerch de Rondel flitt

Si zielen eis déi schéinste Rieden
leider ouni vill ze soen
wéi eng Meenung Si vertrieeden
ass net einfach ze verstoen


Iwwerall gestylt Visagen
ouni iergend ee Message
bleech Gesiichter, stomm Kollagen
sou gëtt e Kapp ganz schnell zum Aarsch

Dat wat si endlech wësse missten
mir wëlle keng Parteistatisten
an och keng
rout verblatzen
schwarz verkläerten
gréng verwielten
blo verduerwenOpportunisten

*Mir ass et wierklech schäissegal
mech loossen d’Faarwen total kal
et ass dach Speck a Schwéngfleesch
all Faarwe si fir mech just bleech.*

*Ech ginn net gäre mat der Moud
op schwaarz op blo, op gréng op rout
op Faarwe faal’n ech net eran
mä si mir dowéinst faarweblann.*

*(DVD Maach d’Kräiz 2003-4---
rol.gelhausen. 2003 ---)*



8. Mir sinn um Härebiereg

(Luxemburgänsia, Cool Feet)

Eis staark Equipp kënt aus dem ganze Land

Mir stinn am Déngscht vun eisem Heeméchtsland

Mir sinn um Härebiereg, Oh, oh oh, mir sinn um Härebiereg, um Biereg

Mir sinn och ëmmer do wann een ons brauch.

Mat vollem Asaz si mir bei der Saach

Mir sinn um Härebiereg, Oh, oh oh, mir sinn um Härebiereg, um Biereg

Mir stinn zesumme wéi en eenzege Mann, a maachen alles wat ee maache kann

Mir sinn um Härebiereg, Oh, oh oh, mir sinn um Härebiereg, um Biereg

Scho mueres fréi si mir alerte um Dill, keen Exercice ass eis dobäi zevill

Mir sinn um Härebiereg, Oh, oh oh, mir sinn um Härebiereg, um Biereg

...

Mir ginn iech all d'Gefill vu Sécherheet, all Aufgab gëtt geléist mat gréisster Freed

voll am Asaz géint all Zort vu Leed

Mir sinn um Härebiereg, Oh, oh oh, mir sinn um Härebiereg, um Biereg

Trei zum Fändel, trei zu eisem Chef, de Lieutenant Colonel dee rífft:

„Vive de Grand-Duc“

Mir sinn um Härebiereg, Oh, oh oh, mir sinn um Härebiereg, um Biereg (2x)

Op eis sollt dir och ëmmer houfreg sinn, wa mir zesummen all am Gläichschrëtt ginn

Mir sinn um Härebiereg, Oh, oh oh, mir sinn um Härebiereg, um Biereg (2x)

Eis staark Equipp kënt aus dem ganze Land, mir stinn am Déngscht vun eisem

Heemechtsland.

Mir sinn um Härebiereg, Oh, oh oh, mir sinn um Härebiereg, um Biereg (x)



9. Johnny & Mary

(CD *Luxemburgänsia, Cool Feet*)

Johny du waars ëmmer de Star, bei allem wat war, ronderëm,
du hues dat och vill méi gebraucht, wéi d'Léift, a wéi d'Loft an d'Sonn
fir dech wor⁸⁴ alles klor, - fir dech wor alles an der Rei,
Mary du stoungs oft hannendrun, an hues drop gewaart, méi a méi,
du hues nimools eppes gesot, hues et ganz lues erdroen,
mee du hues gehofft, - datt hie sech ëm dech këmmere géif.



Johny du hues guer näischt gemierkt a guer net gecheckt wat wierklech leeft,
hues dat guer net wierklech bemierkt, du hues ëm vill wéi gedoen,
et wor dir net bewosst, du hues et einfach net gefillt.

Mary du hues ganz vill gekrasch, has nimools virdrun e Mënsch sou gär,
mee du wosst genee et géing net, et géing net méi sou weidergoen,
du wolls och kee Gespréich, hues dech ganz einfach zrëckgezunn.

Johny du konns näischt méi verston, an hues dech dunn och a Fro gestallt,
mee Johny et wor nu wierklech ze spéit, et konnt net méi sou weiderfueren,
däin Häerz wor ganz zerbrach, well d'Mary war fir ëmmer fort.

⁸⁴ war

10. Hey Du

Hey Du, ech muss Dir dat elo soen⁸⁵
Hey Du, ech hu laang op dech gewaart
Hey Du, looss ni déi Zäit vergoen
Hey Du, ouni dech dat wier⁸⁶ sou haart
Ech wëll ëmmer bei Dir sinn,
mat Dir man⁸⁷ ech méng Pläng
Hey Du, ech loossen dech ni eleng
Hey Du, Du an ech dat muss dach lafen
Hey Du, doraus ass nach vill ze man
Hey Du, Du däerfs Gefiller ni verkafen



Hey Du, Du an ech dat hält nach lang
Ech well ëmmer bei Dir sinn soulang d’Gefiller halen
Hey Du, ech loossen dech ni eleng
Ech well ëmmer bei Dir sinn soulang d’Gefiller halen
Hey Du, ech loossen dech ni eleng
Hey Du, sollt och dee Stär mol falen
Hey Du, dat kann net wierklech sinn
Hey Du, sollt och déi Bréck net halen
Gleef mir, dee Wee op deem mir ginn
Ech wëll ëmmer bei Dir sinn
Ech brauch déi Kraaft vun Dir
Hey Du, ech kéint dat ni verstoen

⁸⁵ Cool Feet, CD Nëmme wéinst dir, R. Bernard

⁸⁶ Conditionnel : sinn

⁸⁷ maachen

11. Weila 88 Weiler-La-Tour

Teneriffa – Ibiza – Majorca – La Gommera

Gran Canaria Jamäika

mee leider leider sinn ech hei zu Weila

Weila Weila Weila Weila Latour

all Lang weila weila fuere gär duer

weider weider weider näischt wéi Kultour

dat ass Weila Weila Lat

zu Wuermer zu Réiser

zu Éiter – an och zu Conter

iwwerall Sodom a Gomorra

mee leider leider net zu Weiler

D’Tatjana – an d’Eliana

d’Ann d’Lola an d’Jennifer

d’Fatima d’Gloria Halleluja

mee keent ass leider bei dir hei zu Weiler

Refräin

Wat soll een wéi ech hei zu Weiler



⁸⁸ (Jang Linster – Ab van Goor)

12. Dacks huet de Nikei eng gestiicht 89

Du mings bal d'Geld léich op der Strooss
an all zweeten Dag kënt den Zinnikloos⁹⁰

ma huel et dach sou wéi et kënt
well et och nees esou verschwënnt
matt derbäi sinn ass keng Sënn



Pass op am Äifer ass ee blann
stiech nëmme nimools alles drann
Setzt nimools alles op eng Kaart
trau net all Cikav déi dir laacht
soos gött et nach richtig haart

E klengen Héich e klengen Déif op an of a scho bass du nees gebüischt
E klengen Héich e klengen Déif op an of, dacks huet de Nikei eng gestiicht.

Hues du den Euro scho gekuckt
um neie Maart dech scho getuckt
da weess du wéi den Hiesche leeft
du gëss ganz kräfteg ageseeft
hei gött all Dag eng Kaz geschleeft

All muere steet en dommen op
klamm léiwer net op all Zuch dropp
soos flitts du op eemol aus dem Gleis
a fort sinn all deng gëlle Meis⁹¹
dat ass déi al bekannte Weis⁹².

⁸⁹ Donia – Fishman, CD Lex Labber, Jang Linster

⁹⁰ De Kleeschen

⁹¹ eng Maus, vill Meis, Suen

⁹² Melodie

13. An de Siwwenten Himmel 93

An de Siwwenten Himmel
wéilt ech gär mat dir, Béibi
so mir nëmme just, wéini
wéini wéils du gär mat mir



ech klamme schonn op eng Wolléck
ech waarden do op dech, Béibi
mee ech soen dir, fléi ni
fléi ni lonely ouni mech.

So mir, vu wou, bléist hei de Wand
bass waarm a kal gewinnt
komm mir gi lass
wann d'Loft propper ass
da gëss du vu mir verwinnt

Well mäi Siwwenten Himmel
dat bass du am Fong, Béibi
dofir soen ech mir, zéi di
Zéi di Lady lo op d'Long.

⁹³ CD Lex Labber – P. Anka – Text: Jang Linster

14. Ouni Su ⁹⁴

Ouni Su,

bass du fir mech Tabou

ouni Su,

gëss du kee Rendez-vous

ounli du, just du eleng

reits op dem leschte Su

mee brauchs du Léift an dees sinn ech am Coup

Ouni Su,

kann ech dech glécklech man

ganz entre-nous, et wär eng eenzeg Schan

wa souvill där Léift déi a mir schléift

net wär eleng for you

ech kann ouni Su mee nimools ouni du.



⁹⁴ (Text : Guy Bartholmé) vun der CD LEX LABBER, Keen ass esou King, Kee Kapp a kee Schwanz
www.linster.lu (Ram-Rand)

15. Léidkiller

(Jang Linster – Ab van Goor)

Ech halen näischt vun enger Aventür an da séier, séier iwwert d'Schnür ⁹⁵.

Eng kleng Nummer ass net esou mäi Stil, aner glécklech man ⁹⁶ ass mäin Ziel

Ech ginn all Saach bis op de Fong, zéi mir gär(en) alles mol op d'Long.

Ech huele mir ëmmer ganz vill Zäit -- wa mir eppes uewe läit.

Hunn och an allem souvill Gléck, -- mee bei Damme kee Geschéck,

fënns de net déi richteg Wieder, kënnt een ënnert d'Rieder.

Si kee Goethe a kee Schiller, -- kee Mozart kee Glenn Miller

kee Macho a kee Spiller, a scho guer kee Léidkiller,

just e „man“ ... mat Gefiller, dofir

Béibi so yes, wann s du méch gär häss (puer x)



Du kéins mir zéch ⁹⁷ Avance man, mech ganz déif, kucken a meng Aen,

einfach sou, mir mol laache léif, ech weess net op ech dat verstoe géif

Well e Wénk mat der Scheierpaart, ass mir bal, bal nach ze zaart.

Ech sinn esou onwahrscheinlech schei, oder einfach vill ze trei.

Refrain:

⁹⁵ eng Schnouer

⁹⁶ maachen

⁹⁷ ganz vill

16. Bei mir ass et schéin 98



Bei mir ass et schéin, bei mir fléien d'Spéin
Bei mir ass et schéin, et ass schéi bei mir
Bei mir ass et schéin, ech späitze keng grouss Téin
ech maache mir an dir näischt vir, komm géi mat mir
Well ech géing Dag fir Dag, ech géif och ëmmer nees
géing fir dech alles man⁹⁹, ginn dir souguer eng Bees.
Bei mir ass et schéin, géifs du mat mir eng dréien
Bei mir ass et schéin, bleif schéi bei mir.

Mat dir gött et schéin, mäin Häerz klappt scho fir zwéin, mat dir gött et schéin, et gött
schéi mat dir.

Mat dir gött et schéin, mir ziddren elo schonn d'Knéien
ech géif dech fir guer näischt op dëser Welt méi hir
Well et kribbelt mir am Mo, et dréint mir a menger Bir
mir krauselen all meng Hoer, mir steet de Schweess op der Stir

Mat dir gött et schéin, wa mir zwee eis mol kréien, mat dir gött et wierklech wonnerschéin

Bei mir ass et schéin, bei mir fléien d'Spéin

Bei mir ass et schéin, bleif schéi bei mir.

⁹⁸ CD Ennerwee, Traditional – Linster-Van Goor – Gesank Fausti Cima

⁹⁹ maachen

17. Schwaarze Kaffi 100

Schwaarze~~n~~ Kaffi, oder Mokka,
en Espresso, mat Mëllech an Zocker
deet gutt, ei deen deet dir sou gutt.

Schwaarze~~n~~ Kaffi, an eng Drëppchen
domat kënns de rëm iwver d'Këppchen
sou gutt, ei dee geet dir an d'Blutt

Deen hält dech schéin op Trapp
du gees dowidder gëss nimols midd
Du dréins ewéi en Dapp
Mäi Jong, dat ass wéi Dynamitt.

Schwaarze~~n~~ Kaffi, ouni Mëllech
dees ganz staarken, dees wëll ech vëlleg
ei gutt, ei deen hieft dir den Hutt.

Schwaarze~~n~~ Kaffi, eng kleng Schlippchen
dat geet duerch dech wéi en Trippchen,
deet gutt, ei deen deet dir sou gutt.

Schwaarze~~n~~ Kaffi, eng kleng Schlippchen
dat geet duerch dech wéi in Trippchen,
deet gutt, ei deen deet dir sou gutt.

Schwaarze~~n~~ Kaffi, ei gutt batter
do kritt d'Liewer an d'Häerz de Fladder
ei gutt, elo kriss de nees Sputt

Dee rappt wéi wëll um Häerz
en dreift a jauft dir duerch all Glidd
deng Ae liichte wéi eng Käerz
du fiers ewech, hues ëmmer Spritt.

Schwaarze~~n~~ Kaffi, Quetsch an Zigar
do kënns d'op Toure wéi e wëllen Tiger
deet gutt, ei do kacht dir däi Blut.



¹⁰⁰ CD Ennerwee – Traditionnell – Linster-Van Goor – Gesank: Fausti Cima

18. Meng Hunnegbei 101

Kuck mäin Häerz dat schléit fir dech eleng, Baby

Alles wat ech hunn, wéilt ech dir ginn, Baby

Meng Hunnegbei, muer hunn ech Pei,

Komm a mäin Aarm. Dréck mech léif, well ech géif

Alles fir dech man, an ech halen dech gutt waarm

Kuck ech sinn och ëmmer fir dech do, Baby

D'Liewen ass dach vill méi schéin zu zwee, Baby

Ech si frou mat dir, meng Hunnegbei, Baby

Kuck mäin Häerz, dat schléit fir dech eleng.

...

Komm elo bei mech, du bass séiss wéi Hunneg

Du méchs méch all Dag méi duercherneen, Baby

Op eng Bees vun dir géif ech mech freeën, Baby

bleifs du mir och trei, meng Hunnegbei Baby

Kuck mäin Häerz dat schléit fir dech eleng.

So mir wat s du denks, wann s du sou laachs, Baby

Feireg sinn deng Aen, wat soll ech man, Baby

wanns de wéisst, du bass sou séiss, Oh meiomei

hal mech un, soss sinn ech drun


Komm elo bei mech, du bass séiss wéi Hunneg

Hunn ech dir et scho fir haut gesot, Baby

alles wat ech hunn, wéilt ech dir ginn, Baby

Kuck meng Hunnegbei muer hunn ech Pei, Baby

o mäin Häerz dat schléit fir dech eleng



"Face it, Fred—you're lost!"

¹⁰¹ CD Ennerwee – Porter-Linster-Van Goor – Gesank: Fausti Cima


19. Äddi Freddi ¹⁰²

Ech kouw grad heem, 't¹⁰³ mécht mir eng Zeen,
et seet zu mir: mäi léiwe Freddy, ech hunn es sat,
ech botzen d'Blat, an ech soen dir elo äddi.

Ech ma'¹⁰⁴ grouss Aen, hunn näischt verstan

ech sot, ma¹⁰⁵ 't¹⁰⁶ ass dach fir ze laachen

ech si jo hei, 't geet alles an d'Rei, mee hatt péckt seng 7 Saachen.



*Komm erëm, meng léif kleng Maischen, hätt ech him nach gär gesot
mee hatt wor schonn aus dem Haischen*

an ech weess mengen zwou Hänn kee Rot

Maach et gutt, mäi léiwe Freddy, steet a sengem Telegramm

Maach et gutt, fir ëmmer äddi,

dat hei ass nees zréck bei seng Mamm

A wat elo, nee wat eng Plo, hätt hatt mir dann net kënnen zielen
wéi ee sou wäscht, an all de Rescht, wéi een d'Grompere ka schielen

Ech sinn eng Null, och an der Spull
do brieche mir d'Telleren an d'Tasen
elo brécht deen hei, vu Roserei,
och der Schwéiermamm hir Kristallvasen

¹⁰² Traditional – Linster – Van Goor, Gesang: Fausti Cima

¹⁰³ hatt

¹⁰⁴ maachen

¹⁰⁵ mee

¹⁰⁶ et

20. Wa mir mol al sinn 107

Wa mir mol al sinn, an d'Hoer si gro, et ass nach wäit bis laang¹⁰⁸. Baaks du mir dann nach all Joer en décke Kuch, oder hues du es vu mir genuch?

Kommen ech nuets eréischt Véierel vir dräi, häss du gär deng Rou. Soll et méi kal ginn, wa mir mol al sinn, späers du d'Dir dann zou?

Maache mir eis näischt vir!¹⁰⁹

Mir geet ee Wuert schonn duer. A scho sinn ech bei dir.

Geet emol deng Luucht aus, sinn ech um Dill¹¹⁰, dréinen d'Sicherung an.



Ech maachen dir e Feier, du strécks mir e Schal, gi mir danzen op de Fuesbal.

Ech rappen d'Onkraut, gruewen de Gaart, mécht dat dech net frou?

Soll et méi kal ginn, wa mir méi al sinn, späers du d'Dir dann zou?

An am Summer loune mir en Haischen, uewenaus beim Séi, mir kucken net nom Geld. Mir si ganz fir eis, mir kucken de Kanner no, ech wär fir dech do.

Gëff mir eng Käertchen, schreif mir eng Zeil, wéi s du dat gesäis. Ziel genee op, wat fir dech da wichteg ass, awer réier net ëm de Bräi. Schéck mir wa méiglech, en Telegramm. Huel mech an däin Aarm! Soll et méi kal ginn, wa mir méi al sinn.

Häls du mech nach waarm.

¹⁰⁷ CD Ennerwee John Lennon - Paul McCartney Gesank: Ab van Goor

¹⁰⁸ et ass nach wäit bis laang: et dauert nach eng Zäit

¹⁰⁹ Maache mir eis näischt vir: sech näischt virmaachen = éierlech sinn.

¹¹⁰ ech sinn direkt do

21. Mamma Danz Mambo 111

Mamma danz Mambo, mir danzen all Mambo

an de Champagner waart, haut gëtt derbäi gemaach, well lo schléit alles hei d'Rad.

Mamma danz Mambo, mir danzen all Mambo

an déi gutt Zopp gëtt kal, mee et ass elo ganz egal, mir sinn e Joer nees méi al.

Et ass eriwwer, et ass gedunn, jo dat wor et, et alles verflunn.

*Et ass eriwwer, et ass gedunn, mee well alles sou schéi wor,
fänke mir vu vir nees un*

Mamma danz Mambo, mir danzen all Mambo.

D'Welt wäert net ënner goen, dat géif elo kee verstoen,
well mir eis d'ganzt Joer hei ploen.

Mamma danz Mambo, mir danzen all Mambo

et ass alles wonnerbar, man¹¹² bëssen Tralala, fro elo net wat
ass da mar.¹¹³

...

Mamma danz Mambo, mir danzen all Mambo

hei geet elo keen an d'Bett, well jidderee gären hätt, elo gëtt dëst Joer nach gerett.

Mamma danz Mambo, mir danzen all Mambo

d'Zäite sinn all verdréit, a wann elo d'Auer schléit, ass et erëm nees ze spéit

D' Mamma danzt Mambo, de Papp danzt Mambo

sou mécht dach d'Liewe Freed, wann alles einfach geet,
nëmme vill Gléck wäit a breet,

d'Mamma danzt Mambo, mir danzen all Mambo

a well et esou schéi war, well et esou schéi war, geet et vu vir nees un.



¹¹¹ Jang Linster, Traditional, Arrangement Jürgen Wolter

¹¹² maachen

¹¹³ muer

22. Ka mech einfach net entscheiden

D'Liewen ass munchmol¹¹⁴ sou schwéier

et huet ee sech veriert ganz séier

well si all mir sou gefalen, hunn ech ni eng Wiel getraff.

Ka mech einfach net entscheiden,

wéilt mat jidderengem deelen

souvill Léift kéint ech verschenken, et ass zevill fir een eleng

Ka mech einfach net entscheiden, wéilt all traureg Häerzer heelen

well si all mir sou gefalen, sinn ech ëmmer nach eleng.

dofir wollt ech froen, géif et dir eppes soen

mat mir zesummen duerch d'Liewen ze goen

Ech muss ëmmer un dech denken

wéilt dir gär e Bijou schenken

mee well si all mir sou gefalen


hunn ech ni eng Wiel getraff.



¹¹⁴ heiansdo

23. Do uewen op der Kopp 115

Ech wor¹¹⁶ schonn do wou de Peffer wiist,
wou de Soja an de Bambus spriest,
zu Honolulu, an dem Honn hannen,
an der Republik vun de Banannen.
Eng Plaz wou mäin Häerz sech ëmmer mellt,
läit um Nuebel vun der Welt.



**Schlënnermaarnech¹¹⁷ dat ass fir mech wéi d’Copacabana
well mäin Häerz dat schléit do uewen op der Kopp.
Schlënnermaarnech ass vill méi schéi wéi d’Copacabana
kënns du mol bei mech op d’Kopp erop.**

Hei uewen um Hiwwel läit mäi Gléck.
Mir hu Rommelen wéi Football sou déck.
Vill Mëllech, déi allerschéinsten Hamen,
hei uewe steet mäin Häerz ëmmer a Flamen,
an huet den Hunn am Kuerf, seng Eeër geluegt,
ass hei den Dag méi kuerz wéi d’Nuecht.

Schlënnermaarnech ...

A wäer och d’Welt mat Brieder zougeneelt, et gëtt näischt wat ons zwee hei uewe
feelt, well hei ass Plaz fir all déi Léift déi an eisen Häerzer schléift.

¹¹⁵ Fausti-Jang Linster – Ab van Goor

¹¹⁶ war

¹¹⁷ Schlindermanderscheid

24. Et ass Vakanz 118

Gedu mäi Kand et kann een dach net ëmmer nëmme schaffen. Mir muerkse schonn d'ganzt Joer, a gënnen ons bal keng Rou, et ginn nach vill aner Saachen, wéi nëmme schaffen a baffen¹¹⁹, soss kriss de nach gro Hoer, an du bass net méi frou.

Du spiers de Frascht an d'Keelt och schonn an dénge midde Glidder. Mir missten aus dem Schiet eemol erëm an d'Sonn, mir man eis duerch d'Bascht, a mir ginn net méi all Dag derwidder, a komme mir nees heem, dréint d'Welt hei nach ëmmer ronn.

O mei wat géif ech gär mat dir eng dréien, ech wéilt mer géifen e puer Deeg Congé kréien. Komm mir zwee man eis ganz heemlech aus dem Stëbs.

Pak net vill an, eng Zännbiischt, d'Schwammbox an de Bikinni, brauchts just e bëssche Léift, da wäer schonn alles cool, mir gi wéi mir sinn, hei ass souwisou alles minni, an ass et ze hëtzeg, ma dann zappe mir eis an de Pool.

A wíem sees d¹²⁰ et, wíem sees d` et, eemol am Joer, gi mir zwee aus dem Haus.
A wíem sees d` et, wíem sees d` et, eemol am Joer, loosse mir de Batti raus. (2mol)

Well `t ass Vakanz, `t ass Vakanz, duerfir danz, mir man elo Vakanz.

Komm mat mir, komm mir no, hei bei mir ass den Himmel blo. Ech sinn deng Vitaminnen, loos dech elo mol verwinnen, mir ma Fiesta à gogo. (2mol)

Mir man eng Rees, mir man eng Rees, mir soen äddi, a ginn iech eng Bees.
Mir man eng Rees, mir man eng Rees, mir soen äddi, a botzen eis Kees.

`t ass Vakanz, `t ass Vakanz, duerfir danz, mir man elo Vakanz.

Hei op der Plage, hu mir Courage, hei ass ons alles ganz egal, wat d'Leit och denken.
Hei op der Plage, weise mir de Speck. Mir danze Samba, oui Hiemer oui Räck. (2mol)

O wat eng Freed, wat gëtt dat Freed, du wäers gesinn, wéi gutt dat dir deet.

**Komm mat an d'Sonn, da komm, ma da komm. mir ginn elo an d'Sonn.
Da komm, ma da komm, mi ginn elo an d'Sonn, da komm lo mat mir an d'Sonn.**
(2mol)

Et ass eriwwer mat der Siesta, mir maachen elo eng Fiesta, mir danze bis moies Samba, a shounen ons net Caramba, ole, hey
Well `t ass Vakanz, ...



¹¹⁸ Fausti - Jang Linster – Ab van Goor – trad.

¹¹⁹ iessen

¹²⁰ du

25. **Op der Plage** 121

On se Biitsch, mécht et quiitsch

mir leien in se sun¹²² ... am Schaukelstull hei dran

Hin an hier ...in se sun

mee de Schaukelstull ... deen ass *en Panne*.

Et ass keen deen dat héiert,

nobody¹²³ deen dat stéiert.

Nëmmen d'Palmeblieder rauschen,

et sinn d'Wellen déi hei dauschen.

Hei ass alles an der Rei

a mir zwee ... mir schauklen in se sky¹²⁴

Déi Sonn mécht een dronken,

am Stull hei fléien d'Fonken

Mir zwee mir reide bis bei d'Stäeren,

oh Baby wat hunn ech dat gär

Jo, elo drifte mir away¹²⁵

Oh Himmelsdéierche fléi.



¹²¹ Jang Linster – Fausti Cima

¹²² an der Sonn

¹²³ keen

¹²⁴ an den Himmel

¹²⁵ mir fleie fort

26. Et ass ze deier op der Playa

Dëse Summer, geet et mat Diskretionee, op Veranda oder op Balkonee¹²⁶.

Mir tesslen eis an d'Sole mio, kee callküléiers, keng regeldetrio,
kee Gedeessesems mir sinn tranquillo, dëse Summer ass alles pillo,
well ech fuere mat mengem Kläerchen¹²⁷
dëst Joer mat der Heibleifskäerchen



Refrain:

*Et ass ze deier op der Playa¹²⁸, mir leie léiwer hei beim Weier
a bleiwen am Schiet a menger Scheier a spille net mam Feier*

Hei ass alles tipp topp paletti, a mir jicken net nëmme Spaghetti.

All Dag eppes Guddes um Teller an e Vino¹²⁹ vun eiser Mosella¹³⁰.

Wunnen am allerschéinsten Hotello a mir stellen eis hei de Bello,
dofir fueren ech a mäi Kläerchen dëst Joer mat der Heibleifskäerchen.

Refrain:

Ëmmer Fiesta mat Ragazza ënnert der Luna op der Matrazza

da gëtt et gutt a fëlleg Amore, mir man näischt méi mat Furore
eng sentimental Attraktioni¹³¹ an dobei sécher ganz ouni.

Et ass sou schéin ewéi am Mäerchen, ech bleiwen heiheim mat mengem Kläerchen.

¹²⁶ Balkon

¹²⁷ Claire

¹²⁸ Plage

¹²⁹ Wäin

¹³⁰ Mousel

¹³¹ Attraktioun

27. Feier am Stréi 132

Béibi, komm dach mol bis heihin
ech sot Béibi ech hunn dech grad elo gesinn
ech sot Béibi ech wäert mech net méi ginn
well du bass esou fantastesch

Béibi, kënns du e bésse méi no?
ech sot Béibi ech hätt just nëmmen eng Fro
ech sot Béibi, häss du vläicht grad elo
bëssen Zäit well ech muss dir soen:

*Du wierks op mech wéi FEIER AM STRÉI
Du wierks op mech wéi FEIER AM STRÉI
`t¹³³ ass sou séier elo gaang, an et dauert net laang
mee ech kann einfach näischt dergéint man¹³⁴*

*Du wierks op mech ewéi FEIER AM STRÉI
Du wierks op mech ewéi FEIER AM STRÉI
kuck dat brennt ëmmer méi, an et deet richteg wéi
mee bei dir sinn ech zimmlech zéi.*

Béibi, do mer¹³⁵ dat elo net un
ech sot Béibi ech wëll dech lo gären hunn
ech sot Béibi rett mech soss sinn ech drun
du bass Fix Feier fir meng Scheier.

Béibi, et brennt scho wéi an der Häll
Ech sot Béibi, kuck dat flammt esou hell
Ech sot Béibi, ei wat liichten deng Aen
Ech weess net méi wat ech nach man

Béibi, du hues esou ugefaang
Ech sot Béibi, du bass eng hëtzeg Flamm
an ech sot Béibi, du bass sou gliddeg waarm
Ech verbrenne mir nach d'Patten

Béibi, bass du keng Katastroph
Ech sot Béibi, komm ech killen dech of
Ech sot Béibi, well dat Feier am Stréi
brennt net net bis muer de moie fréi



¹³² Jang Linster-Jacques Morali

¹³³ et

¹³⁴ maachen

¹³⁵ mir

28. He Hejo 136

Du wolls en neien Auto, däin ale wär ze lues.

E Cabrio mat Turbo, da wär keen eis gewuess.

En Tiirche mat der Frëndinn, ei wéi deen di Kéier hëllt

Dat wat si mir erëmginn, ass just nach d'Nummereschëld.

He Hejo

Dat botzen a poléieren, dat war deng gréisste Freed.

Ech wollt dobei net stéieren, well et da besser geet.

Beim raumen a klasséieren, hues du mäi Schekbuch fonnt,

ouni dech ze genéieren, botzt du mir och mäi Kont.

He Hejo

Du soos du géings gär lafen, Bewegung déing der gutt

du wéils der Fräiheet schafen, well dat léich dir am Blut.

Ech hunn dech nach trainéiert, ech sot: „komm bleif drunn“

der d'Muskle nach masséiert, an lo drécks du mir un.

He Hejo

Do soos du géifs et spieren, du häss nach sou vill Dreem.

Du wéils gär d'Welt erliewen, du bréichs elo soss guer keen.

An du bass du verschwonnen, mäin Himmel gouf rëm blo,

`t¹³⁷ waren e puer roueger Stonnen, mee `lo¹³⁸ bass du nees do

¹³⁶ Rol Girres – Peter Steinlechner

¹³⁷ et


¹³⁸ elo



29. Am Mo 139

Am Mo, am Mo, am Mo, hunn ech vun dir, ee Souvenir, un deem ech hänken.

Am Mo, am Mo, am Mo, hunn ech wéinst dir e klenge Schwier, ech muss un dech denken.



Kee Mënsch, kee Philosoph a kee Professor op der Welt,

verstinn wat eis allenzwee esou zesammen hält,

ech muss un dech denken iwverall an Dag an Nuecht,
et gött een deen andauernd dofir suergt.

Ech halen et bei dir vun Dag zu Dag scho besser aus,

ech kippen scho moies fréi e Cognac eraus, dee wiirmt mir mäin Häerz,

an ech sinn dann zefridden a frou

well nëmmen duerch hien hunn ech meng Rou.

Ech brauch vun dir keen Tablo a keng Foto a kee Bild

well d'Trennung bei ons dach souwisou kee Rullo¹⁴⁰ spillt

bass du wäit ewech, ech fillen dech nach ëmmer no


well du bass fir mech nach ëmmer do

¹³⁹ Jang Linster – Gabriel Ruiz)

¹⁴⁰ keng Roll

30. Natasha 141

Ech hu mech verléift op der Gare
Hatt wunnt net doheem, mee an enger Bar
Et wor beim Film, an et schwätzt Latäin
et ass distingéiert, et drénkt Schampagnerwäin
A senge purpur rouden Hoer dréit hat en Diadem
säit ech hatt kennen, ginn ech net méi heem.



Meng grouss Léift heescht Natasha
Natasha, aus der Bambubar Tango d'Amor,
c'est pour la vie Natasha, verlooss mech ni

Mir hunn eis gekësst op de Mond
et ass iech net ze soen wéi hatt dat konnt
Mir ass et wech ginn, a menger Bir
a schreckleg kribbleg ronderëm mäin zaart Geschir
Du hu mir eis an d'A gekuckt, an ech hunn him du gesot
Ech hu mäin Aalt op d'Schëff geschéckt, elo grënne mir e Stot

Mee elo ass et aus mat dem Spaass
et ass e Misär aller éischer Klass
Well hatt mécht näischt, et ass eng gellech Plo
ech maachen d'Aarbecht am Stot, nu kuck mol do
Well all nuets, geet d'Natasha erëm an d'Bambubar
Oh wär ech dach nees gutt bei menger aler Fra

¹⁴¹ Jang Linster – Van Goor

31. Ech verlaangere – Noémie 142

Flori, wann ech dach un dech denken, gëtt et mir rondrëm d'Häerz sou waarm.

Alles, géif ech drëm gi, verschenken, wär ech just eemol laang an dengem Aarm.

O wat géif ech dech léifdrécken, a wär nees richtig frou,

meng Gedanken wëll ech dir schécken, bass dobaussen iergendwou, mee wou.

Ech verlaangere, hei an der Keelt, keen aneren deen, mir esou feelt.



Néierens, ass et schéin an der Däischtert, do fills du dech esou kleng.

Bass du och mol traureg, da kräisch net, an dengem Häerz, bass du nimols eleng.

O wat géif ech dech léif drécken, a wär nees richtig frou,

meng Gedanke wëll ech dir schécken, bass dobaussen iergendwou, mee wou.

Ech verlaangere, hei an der Keelt, keen aneren deen, mir esou feelt.

Ech wëll op dech waarden, ech wéilt du wäers bei mir,

egal wou s du och bass, ech wéilt ech wär bei dir,

oh wat géif ech dech léifdrécken, ëmmer nees esou,

kee Moment géif ech nach zécken, wat wäre mir zwee dach frou, sou frou.



¹⁴² <http://www.rtl.lu/fun/musek/mp3plattform/>

32. Haut an der Nuecht 143

Aus der Däischtert an d'Liicht ass de Wee nach sou laang.

Vill vun eis sinn a falschen Dreem gefaang.

Loos dech leede vun deem Stär, duerch all donkel Zäit,

et ass am Gléck wou de Sënn vun Liewe läit.

Noël, Noël, Noël

Haut an der Nuecht, liichten d'Stäre sou hell.



Hues de dech eemol veriert, a weess net wuer et geet,

vun Illusioune geblennt, fënns keen Halt wäit a breet,

op däi Stär do ass Verlooss, liicht en och emol méi dréif

well du spiers en an dengem Häerz sou déif.



¹⁴³ CD Stärenuecht, The first Noel, Jang Linster, Gesank: Ab van Goor

33. Sidd frou 144

Dobaussen ass et däischer ginn, kee Wand jot iwwert d'Weed
an d'Hierde waache bei de Schof dass keent verluere geet
mee d'Ae falen hinnen zou si hu sech scho geluecht.

O Fridden a Rou an dëser Nuecht - Fridden a Rou
O Fridden a Rou an dëser Nuecht

Um Himmel dausend Stäere stinn déi liichte wäit a breet
a jidderee gesäit de Wee a weess wouhinn et geet
e gudde Stär liicht ëmmerzou hält iwwer eis all Wuecht

O Fridden a Rou an dëser Nuecht - Fridden a Rou
O Fridden a Rou an dëser Nuecht

Op eemol straalt e Liicht hell wéi eng Sonn
en Engel kënt vum Himmel rof op d'Welt
e seet: dir Hierde grad an dëser Stonn
gouf dee gebuer deen eis am Fridden hält



E schenkt eis Hoffnung a Gebuergenheet
a mir erliewen all eng grouss onendlech Freed

Sidd frou, sidd frou, an dëser helleger Nuecht

wou mir elo en neie Wee gesinn
de Fridde gouf ons all an d'Häerz geluecht
datt mir eis Léift deem anere weiderginn.



¹⁴⁴ Trad – Jang Linster – Ab Van Goor

34. Lues schneit et an et ass Chrëschttag ¹⁴⁵

Lues schneit et an et ass Chrëschttag
Sou schéi war Chrëschttag laang net méi
Sélwreg Flacke fléien an d’Kanner zéien
voll Freed - hire Schlitt am Schnéi

Lues schneit et an et ass Chrëschttag
Et ass eng stëll an heemlech Zäit

Déi wäiss Dennen wénken vu wäit
O wéi schéin d’ganz Welt am Fridde läit

Lues schneit et an et ass Chrëschttag
Et ass eng stëll an heemlech Zäit
Déi wäiss Dennen wénken vu wäit
O wéi schéin d’ganz Welt am Fridde läit



¹⁴⁵ Jang Linster Productions – Irving Berlin – Iwwerliwert

35. Ons Heemecht – Nationalhymm



Ons Heemecht

Lëtzebuergesch Nationalhymm

M. Lentz (Text)
A. Zinnen (Musik)
F. Mertens (Saz)

andantino sostenuto

(♩ = 76)

C F⁷/_A Dm7 G⁷ 7 C

Wou d'Uel - zecht du - rech d'Wi - sen zéit, duerch d'Fiel - sen d'Sau - er becht. Wou -
O Du do ue - wen, deem séng Hand, duerch d'Welt d'Na - tiou - ne leet. Be -

D6 5 G⁷/_{Bb} C G⁷/_D D⁷/₆ 7 5 G G

d'Rief laanscht d'Mu - sel dof - teg bliét, den Him - mel Wäin ons mecht. Dat as oost Land fir
hitt Du d'La - ze - buer - ger Land vru frie - mem Joch a Leed! Du hues ons all als

G⁹/₇ C⁷/_A G⁷/_{Bb} G G⁷/_{Bb} C F G⁷/_D C G C F

dat mir géif, hei - nid - den al - les won. Onst Hee - mechts - land dat mir sou déif an
Kan - ter schon de fré - e Goesch jo gin. Looss vi - ru blién - ken d'Fräi - heets - sorn, déi

p *crescendo poco a poco*

C⁷/_G G⁸/₆ 7 5 F⁷/_{C#} Am G⁷/_{Bb} C F G⁷/_D C Dm⁷/_F E Am Fis⁷/_b C⁷/_G G^{7 C}

on - sen Hier - zer dron, onst Hee - mechts - land, dat mir sou déif an on - sen Hier - zer dron,
mir sou laang ge - sin, looss vi - ru blién - ken d'Fräi - heets - sorn, déi mir sou laang ge - sin!

Largo
col 2 battenti
f
Tisch. Batterie

ONS HEEMECHT

Wou d'Uelzecht durech d'Wisén zéit,
Duerch d'Fielsen d'Sauer brécht.
Wou d'Rief laanscht d'Musel dofteg bléit,
Den Himmel Wäin ons mécht.
Dat ass onst Land, fir dat mir géif,
Heinidden alles won.
Ons Heemechtsland, dat mir sou déif
An onsen Häerzer dron..
(Texte : Michel Lentz/Musique :J.A.Zinnen)

O Du do uewen, deem séng Hand
Duurch d'Welt d'Natioune leet.
Behitt Du d'Lëtzebuerger Land
Vru friemem Joch a Leed !
Du hues ons all als Kanner schon
de fräie Geescht jo ginn.
Looss viru blénken d'Fräiheetssonn
déi mir sou laang gesinn.

OUR HOMELAND (version anglaise)

Where the Alzette slowly flows,
The Sura plays wild pranks,
Where fragrant vineyards amply grow
On the Mosella's banks ;
There lies the land for which we would
Dare everything down here,
Our own, our native land which ranks
Deeply in our hearts.
(Traduction adaptée d'une interprétation de Nicholas E.Weydert de 1929)

O Thou above whose powerful hand
Makes States or lays them low,
Protect this Luxembourger land
From foreign yoke and woe.
Your spirit of liberty bestow
On us now ass of yore.
Let Freedom's sun in glory glow
For now and evermore.

NOTRE PATRIE (version française)

Où l'Alzette arrose champs et prés
La Sûre baigne les rochers ;
Où la Moselle, riante et belle
Nous fait cadeau du vin
C'est notre pays pour lequel
Nous risquons tout sur terre,
Notr'chère et adorable patrie
Dont notr'âme est remplie
(Traduction : Jean-Claude Muller)

Ô Toi aux cieux qui nuit et jour
Diriges les nations du monde ;
Écarte du pays de Luxembourg
L'oppression étrangère
Enfants nous avons reçu de Toi
L'esprit de la liberté
Permits au soleil de liberté
De luire à tout jamais.



Sangen ass flott

Ons Heemecht

D'Lëtzebuenger Nationallidd

Moderato Jean Antoine Zinnen



1. Wou d'Uel-zecht due-rech d'Wi-sen zéit, duerch



d'Fiel-sen d'Sau-er brécht. Wou



d'Rief laanscht d'Mu-sel dof-teg bléit, den



Him-mel Wäin ons mécht. Dat



ass onst Land, fir dat mir géif hei-




nid-den al-les wo'n, onst



Hee-mechts-land, dat mir sou déif an



on-sen Hier-zer dro'n, onst



Hee-mechts-land, dat mir sou déif an



on-sen Hier-zer dro'n.

- 2 An sengem donk'le Bëscherkranz,
Vum Fridde stëll bewaacht,
Sou ouni Pronk an dei're Glanz
Gemittlech léif et laacht;
Säi Vollek frou sech soe kann,
An 't si keng eidel Dreem:
Wéi wunnt et sech sou heemlech dran,
Wéi ass 't sou gutt doheem!
Wéi wunnt et sech sou heemlech dran,
Wéi ass 't sou gutt doheem

- 3 Gesank, Gesank vu Bierg an Dall,
Der Ierd, déi ons gedro'n!
D'Léift huet en treie Widderhall
A jidder Broscht gedo'n;
Fir d'Heemecht ass keng Weis ze schéin,
All Wuert, dat vun er kléngt,
Gräift ons an d'Séil wéi Himmelstéin,
An d'A wéi Feier blénkt;
Gräift ons an d'Séil wéi Himmelstéin,
An d'A wéi Feier blénkt.

4. O du do uewen, deem seng Hand
Duerch d'Welt d'Natioune leet
Behitt Du d'Lëtzebuenger Land
Vru friemem Joch a Leed
Du hues ons all als Kanner schon
De fräie Geescht jo ginn
Looss viru blénken d'Fräiheetssonn
Déi mir sou laang gesinn
Looss viru blénken d'Fräiheetssonn
Déi mir sou laang gesinn.

Michel Lentz

NOSSA PÁTRIA (version portugaise)

Onde o Alzette atravessa ass planícies,
Onde o Sûre encontra o seu leito através da
rocha,
Onde o vinho está em flor a beira do
Mosella,
E que o céu nos faz o vinho,
É aqui a nossa terra para qual
Nos ousariamos tudo aqui em baixo,
A nossa terra natal
Que está no fundo do nosso coração.
Senhor, cuja mão dirige.
Ass nações através o mundo.
Protege o país luxemburguês
Da sujeição e da inquietação estrangeira.
Desde crianças recebemos de Ti
Um espírito livre
Deixa que continue a brilhar o sol da
liberdade

Que nós conhecemos durante tanto tempo.
(Traduction : Josée Kirps)

LA NOSTRA PATRIA (version italienne)

Dove l'Alzette fra i prati va,
La Sûre fra le rocce irrompe,
La vite alla Mosella divino don ci dà :
Là è la dolce terra
Che fedeli servirem,
La nostra Patria
Orgoglio dei nostri cuor.
Oh Dio che ai popoli
La via indichi,
Proteggi con la tua man
La nostra Patria ;
Già nella culla ci desti
Amor di libertà,
Fa che essa qual sol
Risplenda per l'eternità.
(Traduction : M. et D. Schiuma)

36. Léi- wen Klee-schen, gu-dde Klee-schen

bréng eis Saa-chen al-ler-hand.
 Fir ze ku-cken, fir ze schmaa-chen aus
 dem schéi-nen Him-mels-land.
 Bei der Dir do stinn eis Tell-ren, bei-e-
 neen an en-ger Rei,
 't läit och Hee do fir däin Ie-sel, duer-fir
 bréng äis Spill-ge-zei.! (2X)

D'Mausi:
 Léiwe Kleeschen, gudde Kleeschen
 Bréng äis Saachen allerlee
 Mir eng Pëppchen an eng Wéichen
 Eisem Charly eng nei Lee!
 Da nach eppes fir de Mëndchen

Fannt wat zesumme passt!

schmaachen	→	<i>Pour cela</i>
Himmelsland		Foin
Telleren		Pays du ciel
beieneen		dans une rangée
Iesel		Assiettes
Duerfir		goûter
Hee		Âne

Domat sinn ech extra frou
 Sou e klenge Schocklasbëndchen, géff
 mer, Kleeschen, heemlech zou (2X)

De Butzi:
 Léiwe Kleeschen, gudde Kleeschen
 Bréng äis Saache schéin a gutt!
 Bréng e Päerd mir an eng Gäissel
 Wéi dir där am Himmel hutt!
 Mat Karmellen eng kleng Tiitchen
 Äppel, Biren, Hieselnëss;
 Awer maach och, gudde Kleeschen, dass
 du d'Mamma net vergëss! (2X)



37. E klengt Chrëschtlied

vum Mathieu Lamberty

E klengt Chrëschtlied

Zimlech flott Mathieu Lamberty



1. An der grous-ser hell'-ger Nuecht,



ha - len dau - send Eng'-le wuecht. ___



Bei der Krëpp vum Je - sus - kand, ___



san - gen him a Reen a Wand. ___



Glo - - ri - a, ___



Glo - - ri - a, ___



in ex - cel - sis De - - o. ___

2. An der grousser hell'ger Nuecht
Hierden hunn hiert Häerz geluegt
Virun d'Këndchen an der Wéi,
Dat do schléift op haardem Stréi.
Gloria, gloria in excelsis Deo!

3. An der grousser hell'ger Nuecht
Huet e Kand säi Fridde bruecht,
Huet zum Seenen d'Hänn gebreet
Iwwer d'Welt an all hiert Leed.
Gloria, gloria in excelsis Deo!

Albert Elsen

38. Den Kueb an den Fuuss – eng al franséisch Weis

De Kueb an de Fuuss

Eng al franséisch Weis

1. Et war e-mol e Kueb, dee souz ze -
fridd'n a frou, e Kéis a sen-gem
Schniew'l op en-gem Bam an - zwou. Du
koum de Fuuss ge - schlach, ge -
leet vun dem Ge - roch, a ried de Kieb-chen
u mat dë - sem Schmeech - ler -

3. "Jës, Kueb, wéi fäi gefüirt, vum Kapp bis op de Stäiss,
Dir loosst gewëss är Kleeder komme vu Paräis?"
"Jo!" seet den domme Still, deen d' Spottried net versteet.
An hie gëtt him d' Adress vum Schneider, deen hie kleet.
Op d' Weis vum
4. "A wann äre Gesank wéi äre Frack gefällt,
Da stiecht dir of mat Glanz all Sänger vun der Welt;
Jee, sangt mer eppes Klengs, e Spaass, et brauch net vill,
Dir hutt vum Papp zum Sonn fir d' Musek grousst Gefill."
Op d' Weis vum
5. Den Ament schléit de Kueb, deen net vum Fléiwen ass,
De Gigot wéi en Dapp aus alle Kräfte lass;
Ma well mer beim Gesank de Schniewel op muss dun,
Du trëllt de Kéis erof dem Komper Fuuss op d' Dunn!
Op d' Weis vum

sproch: Op d' Weis vum tra - di - ra - la -
la, op d' Weis vum tra - di - ra - la -
la, op d' Weis vum tra - di - ri - di -
ra - la - - la.

2. "Bonjour, Här Komper Kueb, ma sot, wéi geet et iech?"
"Ech danke, Komper Fuuss, et geet mer gutt an iech?
Méng Kanner sinn och wuel, deem Jéngsten eppes feelt,
En huet de Schnapp erwëscht d' lescht an der grousser Keelt."

Op d' Weis vum

6. De Fuuss spréngt op de Kéis, en hat sech drop gefaast,
E laacht seng Fäischtche voll a seet: "t ass ausgespaast!
Ech hat meng Freed mat iech, dir sidd e propp'ren Hecht,
Dir sidd net schéi gebotzt, dir sangt erbäermlech schlecht."
Op d' Weis vum
7. Hei wéi de Kueb dat héiert, mécht e grouseg A'n.
"Sech klappen! Da's verbueden", seet en, "wat hei ma'n?
Ech si bestuel, bedrunn, all Ongléck op mäi Kapp,
De Dechen Kueben, ass passéiert fir eng Schlapp."
Op d' Weis vum
8. Nu lauschtert nach d' Moral vun där Geschichtchen hei,
Dir Kuebe, grouss a kleng, gëtt uecht, si ass net nei:
"E Gurmang huet gesot, datt mer net schwätze soll,
Wa mer de Kéis gär ässt a mer de Mond huet voll."
Op d' Weis vum

Michel Lentz

39. Schlof, Këndchen schlof – Volléksweis

Schlof, Këndche, schlof!

Volléksweis

Re La 7 Re Volléksweis

1. Schlof, Kënd - che, schlof! Du

La 7 Re

kriss vu mir e Schof, mat

Sol La Re

en - ger gëll' - ner Klä - ckel - chen an

Sol La Re

en - gem wäis - se Rä - ckel - chen.

La 7 Re

Schlof, Kënd - che schlof!

2. Schlof, Këndche, schlof!
 Géi fort an hitt deng Schof
 Géi fort, du schwaarze Mippelchen
 Erwäch mer net mäi Pippelchen!
 Schlof, Këndche, schlof!

40. D'Margréitchen

Laurent Menager

D'Margréitchen

Allegretto

Laurent Menager



1. T ass Fréi - jor an d'Vul - len déi —



sinn 'rém er - waacht, an d'Mar - gréit - chen



huet sech e - raus och ge - maach. Si




huet d'wäiss Koll - rett - chen 'rém fräsch u - ge -



don, sou - bal si de Pou - fank ge -



héi - ert huet schlo'n. Sou - bal si de



Pou - fank ge - héi - ert huet schlo'n.

2. A gréng ginn och d'Wise laanscht d'Weeër an d'Pied,
D'Vioule verstoppen sech heemlech am Schied;
D'Beem kréien nei Blieder, den Nuechtegall schléit,
De Wand séngt duerch d'Bëscher, wou d'Maréische bléit;
De Wand séngt duerch d'Bëscher, wou d'Maréische bléit.
3. An d'Sonn, déi rífft Blumme schnéiwäiss, rout a blo,
Wéi Stiren um Himmel sou vill sinn der do;
Si rëschten a botze mat Faarwen sech räich,
A blénken a blétzen duerch Heck a Gesträich;
A blénken a blétzen duerch Heck a Gesträich.

Michel Lentz

41. Am Uewen potert d'Feier – Nikloslidd –

Text a Musek vum Chr. Clement

Am Uewe potert d'Feier (Nikloslidd)

Text a Musek vum Chr. Clement



1. Am Ue - we po - tert d'Fei-er, de Wan - ter



jot — em d'Haus. De Fléi - wel an der



Schei - er, klappt d'Frucht an d'Hue - wer




aus. D'Schnéi - fla - cke wie - wen eng



De-cken dem Ho - ri - zont op d'Mooss. An



al - len Ue - wen - e-cke geet Rieds vum



Zin - ni - klos. An klos.

2. Dee schneit am Bësch nu Rudden
A wäisser Wanternuecht
An owes bei de Lueden
Steet hie ganz heemlech Wuecht.
Wat d'Kanner dreemen an dreiwen,
Dat mierkt hie sech ganz gutt.
Wou d'Tell'ren eidel bleiwen
Leet hien dernieft eng Rutt.
Wou d'Tell'ren eidel bleiwen
Leet hien dernieft eng Rutt.

ix. Visiten a Muséeën, Theateren, Bibliothéiken a Fester

Eng kleng Feier virun der Wantervakanz !

Léif Studenten a Studentinnen,

Virun der Wantervakanz (Chrëschtvakanz) organiséieren ech gär mat iech eng kleng Feier.

Sidd dir domat d'accord ? Geet dat ?

Hei sinn d'Datumer fir déi eenzel Klassen :

- *E Méindeg, 17ten Dezember 2007 fir d'Klassen 1 an 2 vu Walfer. RDV um 19:15*
- *En Dënschdeg, 18ten Dezember fir d'Klassen 3 a 4 vu Walfer. RDV um 19:15*
- *E Mëttwoch, 19ten Dezember fir d'Klasse vu Mamer. RDV um 19:15*
- *En Donneschdeg, 20ten Dezember fir d'Klass vu Godbrange, Jonglënster. RDV um 19:30*

Walfer: Centre Princesse Amélie (direkt bei der Gemeng)

Mamer: Kulturzentrum, Capellen, bei der Kierch, 51, route d'Arlon

Jonglënster: Godbrange, Veräinsbau, rue du village, beim Busarrêt.

Mir hunn normal RDV an der Klass. Mir sinn ëmmer mat enger anerer Klass zesummen, ausser fir d'Schüler vu Jonglënster. Wann dir awer net kënnt mat Zäit do sinn, kënnt dir och gär e bësse méi spéit kommen. Ech encouragéieren iech, och eng aner Klass ze besichen. Sou kënnt dir aner Studente kenneléieren! Vergiesst net, dës Aktivitéit hëlleft iech, Lëtzebuergesch ze schwätzen.

Hei eng Propose fir de Programm vum Owend:

- ❖ Jidderee bréngt eng Persoun mat, déi Lëtzebuergesch schwätzt.
- ❖ Jidderee bréngt eng Klengegkeet mat fir z'iessen oder ze drénken (Gedrénks ouni Alkohol).
- ❖ Mir léieren eis kennen, mir schwätze mateneen.
- ❖ Mir iessen an drénke mateneen.
- ❖ Mir lauschtere Musik a mir kënnen tanzen. Mir doen eis *chic – witzeg – extra – un*.

Dir sidd invitéiert!



Jean-Marie Nau

Hei e puer Froen :

1. Wéi kënnt dir eng Persoun invitéieren, déi Lëtzebuergesch schwätzt ?
2. Wie bréngt wat mat fir z'iessen an ze drénken?
3. Wéi kënne mir flott Musik aus de verschiddene Länner lauschteren?
4. Wéi kënne mir den Owend nach méi interessant maachen?



MAKADAMMEN



Donneschdes, 22/11/2007 um 20:00 Auer

- Uertschaft: Medernach
- Wou: Sportslokal
- Organisatioun: Kiwanis Eisléck
- Info: Tel: 35 65 97 31
E-mail: jthome@gesto.lu

Präis : Bei 12 Leit brauche just 10 Leit ze bezuelen : Also €8 pro Persoun.
D'Plaze si scho reservéiert. Ech muss nach just konfirméieren.

Méi Infoen : <http://www.makadammen.lu>
Dominas : 20 kleng sozialkritesch

Stécker iwwer d'Fra an d'Roll vun der Fra an eiser Gesellschaft. Ass d'Fra vun haut dominant ? Wéi gëtt si mat de Männer eens ?

Et spillen
Géraldine Posing
Michèle Turpel
Raymond Bertemes
Nico Dabé
Tom Kraemer

Texter
Tom Kraemer
Remy Kraus
Roland Meyer

Musek a Regie
Roland Meyer

Nationale Literaturzenter
Maison Servais zu Miersch:
17-18-22-23-24-25-29-30-31 Oktober
12-14-15-19-20-21-22 November
Ufank : 20 Auer

Mierscher Kulturhaus:
26-27-28-29 November
Ufank : 20 Auer

Kreesverkéier

AM KREESBALL FÄNKT ALLES UN... VIRDRO WAR DE VERKÉIER.
ALLES MUSS ODER BOLL RONN DRÉIEN, E LIEWE LAANG; DDRU SCHAFFE MIR DAG FIR DAG.
ALBO GINN A FUERE MIR STÄNNEG AM KREESVERKÉIER.
DACKS FANNE MIR DÉI RICHTEG AUSFAHRT NET - KEE PROBLEM, DANN DRÉIE MIR ALT NACH ENG RONN.
A WÉI DACKS DRÉIE MIR EIS AM KREES!?

Entrée:
15 € - Studenten 5 €

Reservatiounen:
luxembourgticket.lu Tel. 47 08 95 - 1
www.luxembourgticket.lu

Conception / Layout: Claude Frelstroffer

KLASSENAUSFLUCH

Wëllkomm an der Abtei Neimënster !



Als Studentin vu Walfer (2t Klass) sinn ech (Nathalie DEPOORTER) frou Iech mat menger Kollegin Florence KOCH an der Abtei Neimënster häerzlech z'empfänken.

No enger laanger Geschicht an no verschidde Funktionalitéiten (Abtei, Lazarett, Prisong) während de Jorhonnerte sinn d'Gebaier haut e

Kulturzenter.

D'Abtei Neimënster huet 2 Vokatiounen:

- eng kulturell (Konzert, Theater, ...)
- an eng kommerziell (Konferenzen, Receptiounen, Kongressen,...)

Hei sinn d'Datumer fir déi eenzel Klassen:

En Dënschdeg, 18te Mäerz 2008 sinn d'Klasse vu Walfer invitéiert. (*Méindeg, 17te Mäerz ass also kee Cours, dofir sinn déi 4 Klassen den 18te Mäerz zesummen.*)

E Mëttwoch, 30ten Abrëll 2008 sinn d'Klasse vu Capellen a Jonglënster invitéiert. Dir kënnt awer och gär zweemol kommen, oder wann et iech een Datum net geet, kënnt dir den aneren Datum kommen.

Mir hu RDV um 19 Auer an der Receptioun vun der Abtei. D'Visite dauert eng gutt annerhalef Stonn.

Sot dem Här Nau bescheed, op dir komme kënnt!

Wann Dir mam Auto kommt:

Am einfachsten ass et am Parkhaus Saint-Esprit ze parken. Dir fuert man Lift erof bis an de « Grond ». Do gitt dir iwwert déi kleng Bréck an duerno lénks (rue Münster) riichtaus bis bei d'Kierch.

Centre Culturel de Rencontre Abbaye de Neumünster
28, rue Münster, L - 2160 Luxembourg
Téléphone : +352/ 26.20.52.1 URL : www.ccrn.lu

x. Exercicer

A. Lëtzebuergesch am Alldag - Verben



1.	... dir Famill zu Lëtzebuerg?	Sidd Hues Hutt	<input type="radio"/> <input type="radio"/> <input type="radio"/>
2.	Ech haut immens midd.	sinn bass huet	<input type="radio"/> <input type="radio"/> <input type="radio"/>
3.	Añ wéi äreñ Weekend?	ass hat war	<input type="radio"/> <input type="radio"/> <input type="radio"/>
4.	Haut mir de Bus fir an d' Stad	fueren huelen huel	<input type="radio"/> <input type="radio"/> <input type="radio"/>
5.	Si mat dem Fliger an d'Vakanz	ginn fueren fuert	<input type="radio"/> <input type="radio"/> <input type="radio"/>
6.	Wann dir krank sidd, da doheim	bleiwen bleift gitt	<input type="radio"/> <input type="radio"/> <input type="radio"/>
7.	Un wien et wann ech glift?	sinn ass huet	<input type="radio"/> <input type="radio"/> <input type="radio"/>
8.	Ech kann muer net kommen.	fir ... ze	<input type="radio"/> <input type="radio"/> <input type="radio"/>
9.	Ech an der Stad, an dir?	schaffen wunnt wunnen	<input type="radio"/> <input type="radio"/> <input type="radio"/>

B. Direktiounen

D² Direktiounen

no riets



GITT ... AN DANN ...

no lénks



riichtaus



erop



erof



zréck



	a	b	c	d	e	f	g	h
1)								
2)								
3)								
4)								
5)								
6)								
7)								
8)								
9)								
10)								
11)								
12)								
13)								
14)								
15)								
16)								
17)								
18)								
19)								
20)								

Am einfachsten ass et, ëmmer an der Mëtt vum Rechteck unzufänken a weiderzefueren.

C. Wann dir



1.	Wann dir Kanner hutt,	gitt an de Restaurant.
2.	Wann dir den Hals wéi hutt,	schlooft.
3.	Wann dir Honger hutt,	drénkt eppes.
4.	Wann dir midd sidd,	hutt dir net méi vill Zäit.
5.	Wann dir frou sidd mat ärer Fra,	sinn d'Lëtzebuerger frou.
6.	Wann dir Dusch hutt,	drénkt eng Taass Téi.
7.	Wann dir Lëtzebuergesch schwätzt,	schenkt hir Blumen.
8.	Wann dir gär ofhuelst,	kann ech iech hëllef
9.	Wann dir wëllt,	iesst manner.
10.	Wann dir mengt,	kommen ech bei iech.
11.	Wann dir haut Zäit hutt,	
12.		
13.	Wann ech vill Tëlee kucken,	kommen ech.
14.	Wann ech näischt iessen,	spieren ech mech tipp topp.
15.	Wann ech fäerdeg sinn,	kréien ech de Kapp wéi.
16.	Wann ech lues schwätzen,	kënne mir de Mëtteg an de Kino goen.
17.	Wann ech regelméisseg Spoort maachen,	gëtt et mir schlecht.
18.	Wann ech elo spullen,	kanns du mech verstoen.

D. Eng universal Vakanzpostkaartemaschinn

Elo ass et einfach eng Postkaart aus der Vakanz ze schreiwen. Schreift elo eng Kaart a schéckt si ärem Kolleg.



Salut **N**,

Majo, hei si mir zu**T**....

....**W**...., a mir hunn eng**A**.... Zäit.

Ech sëtzen / leien hei**Pl**...., schreiwe Postkaarten an SMSen,

drénken**D**...., a kucken**L**....

Den/D'**N**....geet**V**.... an**PN**.... ginn....**V**....

Muer gi mir op**T**.... Ech si sécher dass et**A**.... gëtt.

Schued, dass du net do bass.

Mat léiwe Gréiss,**N**....

Postkaartendiktionär

N (Numm)	T (Uertschaft, Stad, Duerf)	W (D'Wierder)	A (Adjektiv)	Pl (Plaz)
Jean Tania Mamm Papp Michel Edith asw. ...	Roum Honolulu Paräis Bejing asw. ...	D'Sonn schéngt Et reent Et schneit Et ass e Stuerm hei	gutt wonnerbar schéin schrecklech interessant super agreabel	a mengem Zëmmer an hirem Zëmmer an der Bar um Strand am Café am Bam um Bierg etc, ...
D (Gedrénks)	L (Saachen, déi ee kucke kann)	V (Verb)	PN (Pluriel)	
Kaffi Téi Mëllech Waasser Orangejus etc, ...	d'Mier d' Bierger d'Touristen de Reen d'Shof etc, ...	akafen danzen spadséieren schlofen mam Ball spillen sech bueden	d'Kanner d'Elteren de Vasco an de Julien etc, ...	

E. Eng Neiegkeet : D'Regierung freet elo TVA op Wierder.

Dat heescht dass elo vill Wierder musse méi kleng ginn.¹⁴⁶

Hei e puer Beispiller am Alldag :

Am Superma.... De Ray Ue ... a Ge. s



1kg Tom ka zw .. €	5 kg Gro ka dr ... €
1 Ki . . . ka . . . t , sie Cent	

Beim Bä...

€ .70 fir e Cro	€ .55 fir eng Ba	€ .95 fir e Stre ...
€ 6 fir eng Qu . . . nt . . t	€ . 75 fir eng A n	€ .35 fir e Br e .

An der Zeit

Portu...: Ofdreiwungsge..... gestëmmt. Nodeems d' Vollek am Referen..... Jo zu der Refo... vum Ofdreiwungsge... gesot hat, huet d'Parla..... dat Ge..... en Donneschde gestëmmt. An Zukunft ka.... eng Fra bis zur 10ter Wo.... vun der Schwa..... ofdrei..... Sozia....., Kommu....., Déi Gré.. an d'Parteie vun der Gauche hu.. dofir gestëmmt, bei de Sozialdemok... war d'Meenung gedee.. an déi konser..... CDS-PP huet dog... gestëmmt an och un de Presi..... appeléi.... d'Gese.. net z'ënnerschre..... a mat sengem Veto ze block..... Sie dreeë souguer ma... enger Plain... virum Verfassungsgeri....



D'Äntwert ass op der nächster Säit!

¹⁴⁶ Iddi vun : Comedy Classics, The Two Ronnies

An der Zeitung: Portugal: Odfreiwungsgesetz gestëmmt

Nodeems d'Vollek am Referendum Jo zu der Reform vum Odfreiwungsgesetz gesot hat, huet d'Parlament dat Gesetz en Donneschde gestëmmt.

An Zukunft kann eng Fra bis zuer 10ter Woch vun der Schwangerschaft ofdreiwen.

Sozialisten, Kommunisten, Déi Gréng an d'Partei vum der Gauche hunn dofir gestëmmt, bei de

Sozialdemokraten war d'Meenung gedeelt an déi

konservativ CDS-PP huet dogéint gestëmmt an och un de President appelléiert d'Gesetz net z'ënnerschreiwen a mat sengem Veto ze blockéieren. Si dréee souguer mat enger Plainte virum Verfassungsggericht



XI. Geschirkëscht

Et ginn ëmmer méi Méiglechkeeten, Lëtzebuergesch ze léieren. Hei op enger CD/DVD zesummebruecht, eng hellewull vu Material, dat fir deen een oder deen anere vläicht nützlich ass.

- *Ech kann*, eng Textzesummestellung vu Studenten aus de Klasse vum Jean-Marie Nau iwwer Alldagssituatiounen. Vun Niveau A1-C2. Format: doc
- Lëtzebuenger Texter, VII secondaire, 7e, 8e, 9e secondaire technique, 40 Säiten, MENFP, 2007, Format: pdf
- Beruffer, Titelen a Fonktiounen, lëtz-fr-däitsch, 170 Säiten, Ministère d'égalité des chances, 2005, ISBN 2-919876-68-6, Format: pdf
- Lëtzebuergesch léiere mat mp3, VDL, 2007, 54 Säiten, Format : pdf
- Klengen Dictionnaire "Franséisch-Lëtzebuergesch" 6000 Wierder / 6000 Mots zesummegehallt vun der "Actioun Lëtzebuergesch Eis Sprooch" Copyright: Actioun Lëtzebuergesch, 2000 Collaboratioun: M.-Th. Kroemmer, Jang Hansen, Lex Roth ISBN: 2-87989-015-3 Drock: Saint-Paul, Lëtzebuerg Editioun. Actioun-Lëtzebuergesch 53b, Glesenerstrooss L- 1631 Lëtzebuerg 52 A4 Säiten / 52 Pages A4 Copyright Actioun Lëtzebuergesch, 2000 <http://www.eis-sprooch.lu> , Format : pdf
- Eng Klack fir eis Sprooch, Nr 123, Actioun Lëtzebuergesch, 2006, Format : pdf
- Lëtzebuergesch fir di Kléng, Integralfiche vun enger sproochlecher Aktivitéit, MENFPS, 44 Säiten, rezent, Format: pdf
- Lëtzebuergesch an der Spillschoul, Iwwerleeungen, Approchen, Methoden, Méiglechkeeten, 100 Säiten, MENFP, 2003, Format: pdf
- Dierfer, Uertschaften, 2001, lëtz-fr, jhemp biver & ALGH, Format : excel
- Universal - Deklaratioun vun de Mënscherechter, 5 Säiten, The Office of the High Commissioner for Human Rights, Format: doc (Schreifweis nach net komplett verbessert)
- à propos... d'groussherzoglech Famill, eng Brochür iwwer d'groussherzoglech Famill a 4 Sproochen, lëtz, fr, däitsch, eng, Januar 2007, gouvernement, service information et presse, info@sip.etat.lu format: pdf
- Discours (en luxembourgeois) du Trône de S.A.R. le Grand-Duc Henri - Séance solennelle de la Chambre des députés, 07-10-2000, 5 Säiten, Format. doc (Schreifweis nach net komplett verbessert)
- Abschied vu Verstuerwenen, Textzesummestellung, OMEGA90, 2006
- Lëtzebuenger Schoulsystem, en Organigramme, 2008, MEN, Format: pdf
- DVD Beschriewung: Heim ins Reich (23/03/2005), 2 Säiten, Format: doc
- Europäesche Sproochepass, fr-eng, profil linguistique, grille d'autoévaluation, résumé des expériences linguistiques et interculturelles, Niveaux A1-C2, 2000, Europarot, Format : pdf
- Audiokollektioun, Rapp mam J-C Juncker an aner witzeg Audioen, mat engem Lëtzebuenger, dee franséisch schwätzt. Format : mp3, Dossier : Audio witzeg
- Audio, Nationalhyme, instrumental, fräi um Internet, Format : mp3
- Audio, Alles rondrëm d'Stëmm, Gesonk, Jazz, Joddelen mam Guy Engels um 100,7 ; 20 Minutten, Format : mp3

- Audio, 28 Lëtzebuenger Reklammen, verschidden, Toyota, shopping asw. Format : mp3

XII. Glossar

Ofkierzungen: Gw. Géigewuert, Antonym

Assoziogramm, d': D'Notéiere vu spontanen Iddien an/oder Erënnerungen u bestëmmte Situatiounen an Evenementer zu engem bestëmmte Stéchwuert. ...

Brainstorming, de: Ongesteiert Sammlung vu Gedanken zu engem Thema, et seet een/notéiert alles, wat engem afällt, vgl. (→) Assoziogramm.

diachronesch (gr. dia = duerch; chronos = Zäit): Historesch; Eegenschaft linguistescher Aarbechtmethoden, mat deem déi geschichtlech Entwécklung vun der Sprooch ënnersicht gëtt. Gw. ↑ synchronesch.

epistemologisch : betrëfft d'Organisatioun vum Denken

Fossiléierung, d': bleift een, dee léiert, op iergendengem Stadium vu senger Sproochentwécklung stoen, schwätzt ee vun ...

Homonymie, d' (gr.homos = gläich; onoma = Numm) : nämmelech Form, ënnerschiddlech Funktioun. z.B. : *Moler*, (een,dee moolt) *Bicher*, (Plural).

Homophonie, d' (gr.homos = gläich; phone = Laut, Klang) selwechte Laut, ënnerschiddlech Schreifweis. z.B. : *Dier* – *Dir* [di:ə].

interkulturell Kompetenz, d': dese Begrëff ass mam Konzept (→) „Kommunikativ Kompetenz“ entstanen. Et ass d'Eegenschaft, sech an enger friemer Kultur z'orientéieren, d.h. kulturell Eegenheeten, déi vun der eegener Kultur ofwäichen, z'erkennen an aschätzen ze kënnen. Viraussetzung fir interkulturell Kompetenz si Kenntnisser iwwer Geschicht, Gesellschaft a Kultur vun eegenen a frieme Land an d'Fäegkeet zum (→) Perspektivewissel.

interkulturell Léieren, d': Et fërdert am Klassenzëmmer d'Formatioun vun (→) interkultureller Kompetenz, andeem et eng authentesch, handlungsorientéiert Uwendung vun der Sprooch erméiglecht an direkt Rencontré mat der Zielkultur offréiert. Wichtig ass eng kontrastiv Approche (Vergläicher mat der eegener an aner bekannte Kulturen), déi allgemeng Sensibilitéit fir kulturell Ënnerscheeder a Gemeinsamkeeten ausbilden.

kommunikativ Kompetenz, d': vum Sozialphilosoph Jürgen Habermas an enger Weiderféierung vun der chomskyschen Ënnerscheidung tëschent Kompetenz (allgemeng Sproochfäegkeet) a Performanz (Ausféierung vu konkrete Sproochhandlungen) vun engem Spriecher geprägte Begrëff. Kommunikativ Kompetenz ass also d'Fäegkeet vum Spriecher, déi allgemeng Strukture vu méigleche Sproochsituatiounen ze beherrschen an ze manifestéieren, d.h. sech als Nolauschterer a Spriecher am Gespréich ugemiess verhalten ze kënnen. Haut bezitt sech de Begrëff net nëmmen op d'Héieren a Schwätzen, mee och op d'Liesen a Schreiwen.

Kontextwëssen, d': Dorënner versteet een d'Kenntnisser iwwer de gesellschaftlechen, kulturellen an historesche Kontext, an deem en Text oder eng Handlung agebett sinn an déi d'Bedeutung vun deem Text oder Handlung matprägt. Fir en Text oder eng Handlung richteg ze deiten, ass dëst Kontextwëssen dacks genau sou wichtig wéi d'Beherrschung vun de grammatesche Strukturen a vum Wuertschaz.

konstruktivistisch Didaktik, d': versteet d'Léieren als e Prozess vun der Selbstorganisatioun vum Wëssen, dat sech op der Basis vun der Wierklechkeets- a Sënnkonstruktioun vun all Individuum dee léiert ofspillt an domat relativ, individuell net virauszegesinn ass.

kulturell Bewusstmaachung, d': *cultural awareness*, e wichtege Bestanddeel vum Friemsproochenunterricht. Gemengt ass d'Konfrontatioun mat Phänomene vun der Friemkultur a friem Point-de-Vuen op déi eege Kultur, fir dass an engem kontrastive Prozess de Studente bewosst gëtt, dass si selwer vun der eegener Klutur entscheidend geprägt sinn, dass aner Kulturen aner –net besser/schlechter – Eegeschaften weisen an aner Konventionen, Gebräicher an Institutionen an historeschen Zäitram geschaf hunn, fir ähnlich, allgemeng mënschlech Besoinen ze befriedegen. Dës Ënnerscheeder heescht et ze toleréieren a verstoen ze léieren.

Léierstrategie, d': e Plang vu mentalem Handeln, fir e Léierziel z'erreechen

Linguistik, d' (lat. lingua = Sprooch): Wëssenschaftlech Deeldisziplin, déi sech mat der Beschreibung an Erklärung vu Sprooch, Sproochen a sproochlecher Kommunikatioun befaasst. De Käer vun der Sproochwëssenschaft ass d'Erfuerschung vu sproochlechen Zeechen op ënnerschiddlechen Hierarchieebenen, an där d'Sprooch zum Zweck vun hirer Beschreibung agedeelt gëtt, nämmelech Phonetik a Phonologie, Graphematik, Morphologie, Wuertbildung, Syntax, Semantik.

Mnemotechnik, d' (gr. mnéme an téchne = Erënnerung a Konscht): zesummegeat Konschtwuert, d'Gedichtneskonscht. D'Mnemotechnik entwéckelt eng Hëllef fir sech eppes ze mierken, „leselsbréckent“.

Morphem, de (gr. morphe = Gestalt) klengst sproochlecht Element mat enger Bedeitung/Funktioun.

Morphologie, d' (gr. morphe = Gestalt): Wëssenschaft vun den Elementer, déi eng Bedeitung hunn an de Regeln, wéi dës Elementer zu méi grouss Strukture (Wierder) zesummegeat ginn.

Pädagogik, d' (v. [griech.](#): παιδεία *paideia* = [Erzéiung](#), [Bildung](#) bzw. *pais* = [Knabe](#), Kand + *agein* = féieren): ass déi tradionell Bezeechnung fir déi wëssenschaftlech Disziplin, déi sech mat Bildung an Erzéiung befaasst.

Perspektivewiessel, de: Dëse Begrëff kënnt aus der Dialoganalys, der Rollentherapie. Vu das een als Kommunikatiounspartner bestëmmt Rollen hëlt, bezeechent Perspektivewiessel d'Fäegkeet, d'Positioun vun aneren ze huelen, d.h. aus der eegener Roll an déi vun engem aneren ze wiesselen. Dat déngt dozou, aner Persoune mat hire Fäegkeeten, Kenntniser asw. aschätzen ze léieren.

Philologie, d' (gr. philos Frënd; logos = Wuert): Bezeechnung fir d'wëssenschaftlech Erfuerschung vun enger Sprooch an hirer Literatur.

Projektaarbecht, d': An der Projektaarbecht gëtt schüler- an handlungsorientéierten Unterricht praktizéiert, deen net nëmme kognitiv, mee och emotional a praktesch orientéiert ass. D'Aarbecht orientéiert sech u bestëmmte Besoinen, Frostellungen oder Problemléisungen; d'Resultater solle fir de Schüler e Gebrauchwäert hunn. Dobei gëtt e méiglechst reelle Kader offréiert, deen d'Trainéieren vu Kommunikatiounsstrategien a Problembewältigungen an Alldagssituatiounen erlaabt.

Semantiséierung, d' (gr. semantikos = zum Zeeche gehéierend): d'Ermëttlung an d'Ëmschreiwe vun der Bedeitung vu sproochlechen Eenheeten

Sprooch, d': Historesch iwierliwwert System vu konventionelle Laut-Zeechen als Mëttel tëschemënschlecher Verstännegung an och d'Späicherung vun Erfahrung a Wëssen;

Hauptkomponenten; Lexikon (Zeechebestand, Inventar), Grammatik (Konstruktions- a Kombinationsregeln) a Pragmatik (situativ Gebrauchsregeln)

synchronesch (gr. syn- = zugleich mat; chronos = Zäit): Gläichzäiteg; Eegeschaft linguistischer Aarbechtsweis, an där sproochlech Erscheinungen an engem kuerzen Zäitofschëtt (meeschtens an der Géigewaart vun deem deen ënnersicht) an hirem Zoustand (Stellwäert am Sproochsystem) ënnersicht ginn, ouni dass historesch Verännerunge berücksichtegt ginn. Gw. ↑ diachronesch.

sozial Identitéit, d': Bewosstsinn an Definitioun vun der eegener Persoun als Mëmber bestëmmter sozialer Gruppen (Famill, Schouklass, Jugendgrupp, bestëmmt sozial Schicht, reliéis Gemeinschaft asw.).

Sozialisatioun, d': Prozess vun der Erziéung an Anuerdung vun Individuum an d'Gesellschaft, an deem bestëmmt Wäertvirstellungen a Verhalensweise geprägt ginn a wou bestëmmt Wësse vermëttelt gëtt.

Spiralcurriculum, de: e grëndlecht Üben, dat an ëmmer méi laangen Ofstänn widderhuel an ergänzt gëtt.

Sproochregëster, d': Je nom soziale Kontext gi bestëmmt Variante vun der gläicher Sprooch (Regëster) benotzt, z.B. am Ëmgang mat engem Puppelchen, am eegene Frëndeskrees (virun allem am Jugendalter) oder bei engem Virtrag. A familiären, informelle Situatiounen z.B. si vill dialektal Fierwungen a grammatesch Strukturen akzeptéiert, déi a formelle Situatiounen oder an der Schrëftsprooch net passend wierken.

Stereotype: Um kognitiven Niveau si Stereotype Verallgemengerungen, déi vun Individue gemaach ginn, fir Perzeptiounen a Virstellungen a standardiséiert Raster anzeuednen. Haaptfunktioon vun dësem Uerdnungsprozess ass et, de Räichtum an d'Komplexitéit vun den opgehollenen Informatiounen ze verréngeren. Dacks gi Stereotype vu positiven oder negative Viruerteeler begleet, kënnen awer, well se Uknüpfungspunkten offréieren, am Friemsproochenunterrecht ganz nützlich sinn, sou wäit wéi se ëmmer nees duerch individuell Erfahrung oder statistesch Datematerial relativéiert ginn.

Virwëssen, d': Bei der Behandlung vun engem bestëmmten Thema am Unterrecht sollt een dovun ausgehen, dass d'Schüler aus hirer Erfahrung schonn an der Mammesprooch eppes iwwer dëst Thema wëssen. Si hunn also e Virwëssen, dat bewosst an den Unterrecht abezu sollt ginn.

Weltwëssen, d': Mat der mamesproochlecher Sozialisatioun kritt een e bestëmmt Wëssen iwwer d'Welt – wéi z.B. dass eng Lawin de Bierg erofrullt an net erop. Dëst Wësse mat eranzehuelen erméiglecht et, z.B. onbekannt Wieder a Prozesser an enger friemer Sprooch z'erosen, ouni dass een déi eenzel Wieder versteet.

XIII. Quellenangaben

Wicke, Rainer Ernst (1995). *Kontakte knüpfen*, Deutsch als Fremdsprache, Langenscheidt

Udo O.H.Jung (Hrsg.) *Praktische Handreichung für Fremdsprachenlehrer*. Verlag Peter Lang, Frankfurt 2006. ISBN 3-631-54251-8

Linguistische Grundbegriffe, Wörterbuch, Winfried Ulrich, 2002, Verlag Gebrüder Borntraeger

www.luxdico.com

Deutsch Luxemburgeisches Wörterbuch, éditions St Paul, 2003

Les verbes luxembourgeois, MENFP, 2005